

INFO °08 21 BLAT

Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng

GEMENGEROTSSÄTZUNG
VUM 27 OKTOBER 2021



ATTENTION Vous souhaitez aider des personnes en Ukraine ou venant d'Ukraine (dons en nature ou en argent, bénévolat...) ? Vous trouverez ici toutes les informations utiles sur notre site web.

Rafales:
Farmer x
67 km/h

Conseil communal du 30 mars 2022

ACCUEIL > VIE POLITIQUE > INFORMATIONSBLAT > CONSEIL COMMUNAL DU 30 MARS 2022



Conseillers présents

Christiane Brassel-Rausch (bourgmestre, déi gréng)

Tom Ulveling (1er échevin, CSV)

Robert Mangen (échevin, CSV)

Paulo Aguiar (échevin, déi gréng)

Guy Altmersch (LSAP)

Fred Bertinelli (LSAP)

Paulo De Sousa (déi gréng)

Jerry Hartung (CSV)

Pierre Hobscheid (LSAP)

Georges Liesch (déi gréng)

Fränz Meisch (DP)

Erny Muller (LSAP)

Ali Ruckert (KPL)

Christiane Saeul (DP)

Fränz Schwachtgen (déi gréng)

Guy Tempels (CSV)

Eric Weirich (déi Lénk)

Nicole Wohl (déi gréng)

L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.

INFO BLAT^{08 21}

COMPTE-RENDU DU 21 OCTOBRE 2021

5-77

ARCHIVES COMMUNALES

78

ÉDITEUR Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
Tél.: 58 77 1-01 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

RÉALISATION Service média et communication

IMPRIMEUR Imprimerie Heintz, Pétange

TIRAGE 500 exemplaires

© PHOTOS Couverture: Noé Steffenmünsberg

INFOBLAT imprimé sur du papier 100 % recyclé

L'INFOBLAT est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

ÉDITION 08/2021, ISSN: 1561-7262, titre clé: Informationsblat

F Ville de Differdange

SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 27 OCTOBRE 2021

CONSEILLERS PRÉSENTS

Christiane Brassel-Rausch, bourgmestre (déi gréng)	Georges Liesch (déi gréng)
Tom Ulveling, 1 ^{er} échevin (CSV)	François Meisch (DP)
Paulo Aguiar, échevin (déi gréng)	Erny Muller (LSAP)
Robert Mangen, échevin (CSV)	Ali Ruckert (KPL)
Laura Pregno, échevine (déi gréng),	Christiane Saeul (DP)
Guy Altmeisch (LSAP)	Fränz Schwachtgen (déi gréng)
Fred Bertinelli (LSAP)	Guy Tempels (CSV)
Paulo De Sousa (déi gréng)	Eric Weirich (déi Lénk)
Jerry Hartung (CSV)	Nicole Wohl (déi gréng)

Absents/excusés: Pierre Hobscheit (LSAP)

ORDRE DU JOUR SÉANCE PUBLIQUE

1. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
2. Projets communaux:
 - a. Rénovation et assainissement du centre sportif Oberkorn – phase 2, plans et devis, article budgétaire 4/822/22311/18020;
 - b. Réfection de chemins ruraux – devis pour le renouvellement d'un chemin forestier entre Lasauvage et Saulnes, article budgétaire 4/542/221313/19040.
3. Finances communales:
 - a. Fixation du taux de l'impôt commercial 2022;
 - b. Fixation du taux de l'impôt foncier 2022.
4. Déifferdeng eng Stad hëllef: projets et actions soutenus en 2021.
5. Enseignement fondamental et service éducation et accueil:
 - a. Demande de décharges pour les séances d'entraînement régulières 2021-2022 de la LASEP;
 - b. Décision de principe pour la fixation de l'indemnité à payer aux agents éducatifs;
6. École de musique: organisation scolaire définitive 2021-2022.
7. Gestion des eaux:
 - a. Consultation publique sur le projet du 3^e plan de gestion des parties luxembourgeoises des districts hydrographiques internationaux du Rhin et de la Meuse – avis;
 - b. Consultation publique concernant le projet du 2^e plan de gestion des risques d'inondation – avis.
8. Actes et conventions:
 - a. Acte notarié portant sur l'acquisition de terrains d'une superficie totale de 495,15 a en différents lieudits autour du Thillenbergr à Differdange;
 - b. Convention avec l'État du grand-duché de Luxembourg en relation avec la mise à disposition d'une partie d'une parcelle située au lieudit Auf der Heid à Differdange en vue de l'installation d'une station météorologique;
 - c. Convention initiale du Pacte logement 2.0 avec l'État du grand-duché de Luxembourg;
 - d. Convention avec les communes de Pétange et Differdange, et l'Association des musées et du tourisme ferroviaires (AMTF Train 1900) portant sur la prise en charge communale de frais salariaux d'un collaborateur engagé par l'association;
 - e. Contrat de bail portant sur un logement pour étudiants avec la LUNEX International University of Health, Exercise and Sports au n° 21 de la rue Adolphe-Krieps à Differdange;
 - f. Contrats de bail et avenants concernant des espaces de création ainsi qu'un contrat de bail commercial pour le Kesselbetrieb Concept Store au 1535° Creative Hub;

- g. Contrat de bail avec arcus Kanner Jugend a Famill ASBL pour les besoins de son projet *Famillenhaus* au n° 23 de la Grand-rue à Differdange;
 - h. Avenant au contrat de bail commercial concernant le Presbytère à Lasauvage.
- 9. Règlements communaux :**
- a. Modifications aux chapitres B-1 *Centre culturel régional Aalt Stadhaus*, B-2 *Structures communales à Lasauvage*, B-3 *Autres structures communales*, B-4 *Mise à disposition de matériel*, B-5 *1535° Creative Hub*, B-6 *Hall polyvalent Hall O*, B-7 *Bibliothèque et archives municipales*, E-3 *Déchets*, F-2 *Location des centres sportifs, salles de sport et terrains sportifs en plein air* et G-2 *Droits de place* du règlement des taxes, tarifs et prix;
 - b. Règlement communal ayant comme objet le subventionnement d'investissements dans le but d'une utilisation rationnelle de l'énergie et la promotion des énergies alternatives – modifications;
 - c. Règlements temporaires de circulation.
- 10. Changements au sein des commissions consultatives.**
- 11. Présentation du bilan 2021 du Klimapakt.**

1. Communications

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Schéine gudde Moien, Dir Dammen an Dir Hären, fir eise Gemengerot haut vum 27. Oktober 2021. Den Här Pierre Hobscheit léisst sech entschëllegen, deen un dësem Gemengerot elo net wäert kënnen deelhuefen.

(Ënnerbriechung duerch den Här Muller)

Här Muller.

ERNY MULLER (LSAP):

Mir mellen nach Froen un, wannechge-lift.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Den Här Muller, den Här Bertinelli an den Här Altmeisch. Et sinn dräi Froen ugemellt ginn. Ech géif virschloen, dass mer déi um Schluss vun der Séance publique huelen, wann Der domadder averstane sidd. Ech soen Iech Merci.

Da wiere mer beim éischte Punkt, de Kommunikatiounen. Do hunn ech e puer Saachen ze soen. Wéi Der wësst war hei am Aquasud dräi Deeg laang d'Méiglechkeet, sech impfen ze loossen. Souwuel d'Residente wéi d'Netresiden-ten. Dat heescht, egal wien dohinner gaangen ass, konnt eng Impfung kréien. Mir hu festgestallt, dass dat wierklech gutt ugeholl ginn ass. A well déi Imp-fung gemaach ginn ass, déi zweemol muss gemaach ginn, wësst Der, dass genau a véier Wochen erëm déi näm-melech Disponibilitäten hei am Aquasud sinn, fir déi zweet Impfung ze kréien. Do derniewent war den Impfbus an der Zone industrielle Haneboesch.

Mir si flott ënnerwee, fir ze kucken, dass de Projet weider ënner d'Leit kënnt. Ech denken, wa si bei d'Leit ginn, wéi mer hei am Aquasud gesinn hunn, gëtt et och wierklech akzeptéiert. D'Zäite goufen och esou geluecht, dass d'Leit konnte kommen. Et ass bis owes néng Auer gaangen. Et war elo net 8.00 Auer bis 17.00 Auer. A mir hunn e gudde Retour kritt.

Da wollt ech Iech nach de Resümee gi vun den Aidë fir d'Iwwerschweimmun-gen am Juli. Mir hunn am Ganzen 29 Demanden erakritt. Dovunner 26 privat Stéit an 3 Commercen. Et gouf sech un de Prinzip vun der finanzieller Hëllef vun 2018 ralléiert, dat heescht mat engem Plaffong vun 1.000 Euro pro Menage. Bei 2/3 vun den Demandë konnt mam Plaffong vun 1.000 Euro de Solde nom Remboursement vun der Assurance quasi zu 100 % couvréiert ginn. Am Bréif, dee mer de Leit geschriwwen hunn, hu mer se nach eemol op déi verschidden technesch Hëllefsmesuren opmierksam gemaach, wéi se jo och hei scho beschwat gi sinn. An dass se onbedéngt sollen drun denken, hir Assurance unzepassen.

Wann elo een d'Lëscht wëll gesinn, kënnt Der Iech op der Gemeng mellen. Da kritt Der do Abléck.

Dann ass nach eppes. Och wann d'Trennung vu Kierch a Staat méttler-weil ass, hutt Der scho vläicht d'An-nonce vun der Seenung vum Kierfecht hei zu Déifferdeng matkritt. Déi huet fir Erstaune gesuergt, well déi elo op den 31. Oktober um 14.30 Auer geluecht gëtt. Dat heescht, de Feierdag ass awer den 1. November.

Elo ass et awer esou, dass dëst Joer den 31. Oktober op sonndes fält. Wat jo dann d'Leit à la rigueur kéint arrangéieren. Mee eis Fro ass: Wat ass, wann den 31. Oktober op e Schaffdag fält? Mir fannen déi Entscheedung elo net esou ganz glécklech a froen Iech Ären Accord, fir dass mer dem Bistum e Bréif schreiwen, dass mir als Gemeng net domadder averstane sinn, dass déi Griewerseenung vun Déifferdeng op den 31. Oktober geluecht gëtt.

(Ënnerbriechung)

Ech soen Iech villmools Merci. D'Ge-meng Déifferdeng wäert an deem Sënn e Bréif un de Bistum schreiwen. Ech selwer hunn elo keng weider Kommu-nikatiounen.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech hunn der nach.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)
ouvre la séance du 27 octobre 2021 et excuse monsieur Hobscheit.
(Interruption)

ERNY MULLER (LSAP) *a des ques-tions.*

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)
répond que les questions de mon-sieur Muller, monsieur Bertinelli et monsieur Altmeisch seront traitées à la fin de la séance.

Elle passe aux communications et rappelle qu'il a été possible de se faire vacciner à Aquasud pendant trois jours. Les gens en ont profité. Dans quatre semaines, ces per-sonnes pourront obtenir leur dose de rappel au même endroit. Le bus de vaccination s'est rendu, quant à lui, dans la zone industrielle Hane-boesch. Ce type d'action semble bien fonctionner. À Aquasud, les horaires étaient flexibles puisqu'on pouvait se faire vacciner jusqu'à 21 h.

La Ville de Differdange a reçu 29 demandes d'aide contre les inonda-tions: 26 ménages et 3 commerces. Le plafond a été fixé à mille euros par ménage. Dans deux tiers des cas, cela a suffi à couvrir 100 % du solde après remboursement des as-surances. La commune a également écrit aux personnes concernées de prendre des mesures techniques et d'adapter leurs assurances le cas échéant. Les conseillers commu-naux qui le souhaitent peuvent de-mander la liste des demandeurs.

La bénédiction du cimetière de Dif-ferdange est prévue le 31 octobre. Cette année, ce jour tombe un di-manche, mais que se passerait-il si le 31 octobre était un jour ou-vrable? La Ville de Differdange va écrire une lettre à l'évêché pour lui communiquer qu'elle n'est pas d'accord avec cette date.

(Interruption)

Christiane Brassel-Rausch confirme que la commune enverra une lettre.

2a. Centre sportif Oberkorn

TOM ULVELING (CSV) explique que le conseil d'administration du CHEM doit se séparer d'un bureau d'architectes pour diverses raisons. En effet, après deux ans, les plans ne sont toujours pas prêts. Deuxièmement, le CHEM ne connaît toujours pas le prix. Enfin, le bureau d'architectes n'a pas non plus réussi à mettre en place un groupe de gestion du chantier.

Tom Ulveling précise que 80 % des plans ont été fournis. Mais ils ne sont pas complets. L'architecte n'a par exemple pas implémenté les modifications demandées par le ministère de la Santé. Au bout de deux ans, le conseil d'administration a décidé de ne plus travailler avec lui. Désormais, le CHEM doit trouver quelqu'un capable de finir les plans et mener à terme la construction.

En revanche, l'information parue dans la presse selon laquelle le CHEM aurait perdu 32 millions d'euros est fausse. Tout ce qui a été payé a aussi été livré. Cependant, le retard de deux ans risque d'engendrer des coûts supplémentaires.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) passe à la phase 2 de la rénovation et l'assainissement de la salle de sport d'Oberkorn.

TOM ULVELING (CSV) rappelle que la partie entre LUNEX et le LIPHS doit être rénovée ou refaite. Le collège échevinal a aussi décidé de rénover l'ancienne salle de sport et de construire une annexe. Une des difficultés consistait à s'assurer que toutes les bâtisses se trouvent au même niveau.

La surface va s'agrandir considérablement avec un terrain de jeu de 1140 m², 10 salles de sport de 1925 m², des vestiaires pour 108 sportifs, des vestiaires pour les arbitres et les personnes à mobilité réduite, des sanitaires, une loge pour les contrôles antidopage et une surface de stockage de 350 m². La surface totale se monte à 5346 m². Le bâtiment a une classe énergétique BBA.

De nombreuses discussions ont porté sur le remplacement du toit, qui coûterait deux millions d'euros. Le collège échevinal a demandé un avis. Il est nécessaire de remplacer le toit pour une question de ré-

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Den Här Ulveling huet eng.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Jo. Eng kleng. Wourop ech och schonn ugesprach si ginn. Et geet ëm dee Problem, dee mer am CHEM-Verwaltungsrot haten, wou mer hu mussen dem Architektbüro kënnegen aus verschiddene Grënn. Éischtens, well en zwee Joer laang déi Pläng net fäerdeg gemaach huet. Zweetens, well kee Präis konnt genannt ginn. An drëttens well och keng Leedung vum Chantier hei zu Lëtzebuerg konnt organiséiert gi vum zoustännegen Architektbüro an deem Gremium, deem dat da sollt chapeonéieren. Mir hunn dofir decidéiert, de Kontrakt mat deem Här do ze kënnegen.

Et muss ee soen, wat d'Pläng ubelaangt, dass ongeféier 80 % bis 85 % vun de Pläng awer do sinn. Mee si sinn net vollstänneg. De Ministère de la Santé hat verschidde Modifikatiounen gefrot. Déi sinn ni ëmgesat ginn, well warscheinlech den Architekt gemengt huet, et géif ee sech do a seng Fittiche wëllen amëschen. Mir hunn zwee Joer laang elo probéiert mam Mann eens ze ginn. Sinn awer finalement net eens ginn. Dofir huet de Verwaltungsrot decidéiert, de Kontrakt opzekënnegen.

Wat elo muss geschéien ass natierlech, dass mer mussen een neien Träger sichen, deem déi Pläng do fäerdegstellt, respektiv iwwerschaft, respektiv dann och bereet ass, dat Ganzt ze bauen. Wat natierlech derzou féiert, dass mer wäerten annerhalleft bis zwee Joer Retard am ganze Bau kréien.

Et ass awer net esou wéi fälschlecherweis an der Press ze liese war, dass elo 32 Milliounen Euro an de Sand gesat si ginn. Déi Saachen, déi bezuelt si ginn, si geliwwert ginn. Dat heescht, et ass am Fong keng Méiausgab komm. Dat eenzeg, wat eeben ass: Doduerch dass mer elo déi zwee Joer verléiere wäerten, wäert de Chantier warscheinlech méi deier ginn an et wäerte Méikäschen opkommen, fir déi al Struktüre wéi den HPMA Diddeleng an och d'Escher Spidol zwee Joer méi laang um Liewen

ze halen. Wat dann natierlech awer Follgekäschte wäert hunn.

Voilà, dat just als kleng Explikatioun.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci, Här Ulveling. Da géife mer zum Punkt 2 kommen. Do geet et ëm d'Renovatioun an den Assainissement vun der Sportshal zu Uewerkuer, d'Phas 2. An ech géif d'Wuert un den Här Ulveling ginn.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, mir hunn elo dann endlech den Dossier virleien. Ech wäert ganz kuerz explizéieren, ëm wat et geet. Dir wësst, dass deen Deel, deen ageklemmt ass am Fong tëschent der LU:NEX an dem LIPHS, sollt renovéiert an deelweis erneiert ginn. Mir hunn eis fir eng Renovatioun entscheet vun där aler Sportshal. Mee mir hunn eis awer och entscheet, fir d'Ofrappe vun dem Aganksberäich vun där aler Sportshal. Wou dann een Neibau, ënner Klammeren, soll kommen. Dat haapt-sächlech, well Problemer waren, fir alles op een Niveau ze setzen.

Dat Ganzt wäert renovéiert ginn an e bëssen ausgebaut ginn. D'Espace wäerten also considérablement vergréissert ginn. Et wäert entstoën: e Spillfeld vun 1.140 m², ongeféier zéng Sportssäll mat verschiddene Gréisste vun 1.925 m², Vestiäre fir 108 Athleeten, Vestiäre fir Arbitren, Vestiäre fir d'Personnes à mobilité réduite, Sanitären, eng Loge, fir Prouwen ze maache fir Antidopping, e Stockage vun 350 m². Eng Surface nette vu 5.346 m². Dat Ganzt ass an energetescher Klass BBA virgesinn.

Mir hu laang driwwer gestridden, ob mer den Daach sollten ofrappen oder net. Do hunn ech laang gestridde mat den Architekten. Well den Daach eleng kascht ongeféier 2 Milliounen. Elo si mer dann awer zu enger Konklusioun komm a mir hunn en Avis gefrot.

Ech kann Iech deen och ginn. Firwat muss een den Daach ewechhuelen? Éischtens wéinst der Résistance au feu. Do ass elo net nëmmen e Coupe-feu

2a. Centre sportif Oberkorn

vun 30 Minutte virgesinn. Déi haiteg Anlag kéint een theoreetesch zwar – dat ass jo einfach esou e Gerësch aus Metall – mat enger Protektioun usträichen, mee dat wär awer nëmme fir fënnef Joer gutt. Duerno misst een erëm alles ofmontéieren an nei maachen. Et gëtt och eng Protection Anti-feu.

Mee déi Haaptproblemer vum Daach ass éischtens d'Isolation thermique, déi net méi där haiteger Zäit ugepasst ass. Et besteet e Problem mat der akustescher Qualitéit vum Daach. Et gi statesch Problemer, well jo verschidde Saachen un den Daach gehaange ginn, respektiv Panneaux voltaïques sollen do kënnen opgeriicht ginn. Deen aktuellen Daach géif dat alles net ausgehalen.

An dann ass och déi Fassad, déi zur Hauptstrooss ass, an der rue Parc des Sports, relativ futti. Do si jo déi Glasbausteng, wou dauernd deem een oder deem aneren ewechfiert. Déi ass esou futti, dass de Metall deelweis aus dem Bëtong kënnt an amgaangen ass, ze raschten. Mir hunn decidéiert, déi viischt Front ewechhuelen an dat dann an déi Konstruktioun anzefüge vun deem neien Daach. Natierlech ass och en Desenfumage virgesi sinn, deem elo um Daach kann installéiert ginn. Dat alles huet dozou gefouert, dass mer den Daach leider mussen nei maache mat natierlech deene Käschten, déi ech Iech gesot hunn.

D'Tribün gëtt e bëssen ëmmodelléiert. Virdu waren et 800 Sëtzplazen. Elo gëtt et reduzéiert op 640. Et kënnt eng kleng mobil Tribün vis-à-vis vun där grousser Tribün op der Säit vun der Avenue Parc des Sports. Bei offiziellen internationale Matcher ass virgesinn, dass mussen zwou Tribünen do sinn. Do hu mer eis mat esou enger klenger Tribün mat 40 Spectateuren e bëssen erausgeriet.

Um groussen Terrain kënne bis zu 1.142 Persounen zougelooos ginn, wann een elo eng Kéier eppes wéilt organiséieren, wat net direkt Sport ass. Dir wësst, dass déi Hal haaptsächlech fir den Handball wäert benotzt ginn. Déi nei Konstruktioun, déi praktesch un d'LU:NEX ugebaut gëtt, ass haaptsächlech geduecht, fir den Accès fir Mobilité réduite ze verbesseren an dat ganz Gebai. An dofir hu mer, wéi

gesot, d'Decisioun geholl, dat ofzerapen.

Déi Sportshal gëtt esou konzipéiert, dass den Accès zu deene verschiddene Säll ka regléiert ginn. Dat heescht, dass een nëmme wäert an ee Sall kommen an de Rescht gëtt alles ofgespaart, wann de Besoin do wär. D'Haaptentrée wäert duerch de LIHPS goen. Herno wäert ech Iech op de Pläng kuerz erklären, wéi dat geduecht ass. Et si Säll virgesi fir Karate, Judo, Aikido, Gymnastique rythmique, ee Fitnesssall a Salle-polyvalente mat ongeféier 515 m².

Besoin fir Stockage ass do. Deen ass erhéicht ginn. D'Surface ass praktesch doubléiert ginn op 350 m². Vestiären, hat ech gesot, fir 800 Athleeten. Och Vestiäre fir d'Arbittere respektiv all déi Sanitären, déi derzou gehéieren, déi dann och mobilité réduite gerecht sinn.

Et ass e stolze Präis. Dat muss ee soen. De Moment sinn 23 Milliounen veranschlaagt, ouni, muss een och fairerweis soen, d'Bausseanlagen. Déi sinn an deem Präis net dran. An och déi Pläng, déi Der elo gesinn hutt vum Entréesberäich, sinn nach net final. Dat heescht, dee gëtt nach ëmmodelléiert, well wéi dee sech elo do presentéiert, fanne mer net flott. Mir wëllen net hunn, dass do esou ee klengen Eck ass, wat am Fong e Knaschteck ass

Mee déi Entrée, déi do war, déi fréier Haaptentrée, soll an Zukunft haaptsächlech nëmmen als Noutsortie genotzt ginn, respektiv gëtt dat Ganz esou kompartimentéiert, dass wann ee just wëll an dee grousser Sall ënnen goen, kéint een do eragoen an da kann een dat anert alles ofspären, dass een néierewou anescht hikënnt. Dass d'Leit dann net duerch déi ganz Sportshal geeschteren.

Ech mengen ech hätt elo alles gesot. Ech kann Iech dat elo um Plang weisen. Fir dat ze maachen, muss ech elo anscheinend mat mengem Mikro bis hannenhinner goen. Wou sidd Der?

Do hutt Der d'Vue vun uewe vun deem ganze Gebai mat op där anerer Säit der Schwemm. Dat do hu mer Iech alles gesot. Do ass den Entréesberäich, wat Der hei gesitt. Hei ass d'Haaptentrée, fir an de LIHPS ze kommen. Dat ass

sistance au feu. Théoriquement, on pourrait aussi enduire le toit actuel d'une protection, mais il faudrait recommencer dans cinq ans. En plus, le toit présente des problèmes d'isolation thermique et de qualité acoustique. Le toit ne supporterait pas non plus l'installation de panneaux photovoltaïques.

La façade dans la rue du Parc-des-Sports est en mauvais état. Par endroits, le métal sort du béton et est en train de rouiller. La façade sera donc remplacée en même temps que le toit.

La tribune va être transformée. Les capacités passent de 800 à 640 places assises. Une tribune mobile pour quarante spectateurs pourra être installée en face de la tribune principale. Le grand terrain peut accueillir 1142 personnes pour des événements non liés au sport.

La salle sera utilisée surtout pour le handball.

La nouvelle construction est censée améliorer l'accès aux personnes à mobilité réduite. C'est la raison pour laquelle le collège échevinal a pris la décision de démolir une partie du centre sportif actuel. L'accès aux salles sera réglé en fonction des besoins: il sera possible de ne permettre l'accès qu'à une salle et garder les autres verrouillées. L'entrée principale sera celle du LIPHS. Des salles sont prévues pour le karaté, le judo, l'aikido, la gymnastique rythmique, une salle de fitness et une salle polyvalente de 515 m².

Les travaux couteront 23 millions d'euros sans compter les aménagements extérieurs. Les plans de l'entrée ne sont pas définitifs non plus, car l'entrée telle qu'elle est prévue ne plait pas au collège échevinal. L'ancienne entrée principale ne servira, quant à elle, plus que de sortie de secours. L'ensemble du bâtiment est compartimenté de façon à ne permettre l'accès qu'à une salle et à boucler les autres. Les usagers ne pourront donc pas se promener à travers le centre sportif.

Tom Ulveling propose de montrer les plans au conseil communal. Il doit se rendre au fond de la salle avec son micro. Sur les plans, il montre le bâtiment complet avec la piscine et l'entrée principale du LIPHS, qui est compartimentée. Les personnes voulant se rendre au

2a. Centre sportif Oberkorn

premier étage ou à la tribune utiliseront l'escalier ou l'ascenseur. Les athlètes passeront par un sas pour rejoindre un couloir et des escaliers.

Le sous-sol accueille les vestiaires, le local de stockage et le local technique. L'annexe se trouve là, où il y avait l'ancienne entrée. Tom Ulveling montre un couloir permettant d'accéder à la tribune mobile, une grande salle, une salle plus petite et les sanitaires.

Il répète que l'on accède au sous-sol par l'escalier qu'il a affiché tout à l'heure. On y trouve plusieurs grandes salles pouvant être compartimentées. Une des salles comprend un rideau permettant de la subdiviser en deux parties. Une petite salle est destinée au fitness. Tom Ulveling montre aussi les sanitaires.

Il passe au LIPHS avec une poste de course de 50 m. La partie où sont effectuées les analyses n'est pas accessible à partir de cet étage. Tom Ulveling montre l'accès à la tribune, puis un couloir menant à un ascenseur et à un escalier. Il y a aussi un escalier de secours.

La tribune est reliée aux sanitaires sur le côté. La buvette est partagée avec le LIPHS.

En dessous se trouve la grande salle de conférence pouvant être subdivisée en plusieurs salles de réunion ou pour créer un espace VIP. Il y a aussi plusieurs autres salles, des sanitaires et un bureau pour les associations.

Le volet technique est décrit dans le dossier des conseillers communaux.

Le collègue échevinal voudrait aménager l'entrée de manière différente.

Pour ce qui est de la façade de la salle de sport, plusieurs solutions s'offrent à la commune: soit une façade en briques comme en face, soit un revêtement en métal. Le collègue échevinal en discutera avec l'architecte. Il ne faudrait pas que la salle ressemble à un bunker. Il est également possible d'utiliser du carrelage pour créer un motif. En tout cas, Tom Ulveling espère que ce centre sportif, qui portera le nom de John-Scheuren, sera chouette.

La commune n'a pas encore reçu de réponse écrite concernant les

kompartimentéiert bis heihinner. Dat heescht, d'Leit kommen am Prinzip heieran. Déi, déi wëllen uewen op den éischte Stack an op d'Tribüne goen, ginn hei d'Trap erop, respektiv kënnen do de Lift huelen. D'Athleeten oder d'Sportler, déi kënnen hei duerch e Sas erakommen. Déi kommen dann an dee Couloir. An duerch dee Couloir verleeft eng Trap.

Vun do kënnt een an de Sous-sol. Hei si Vestiaires, Stockage-Raum an e Raum fir d'Regie. Dat alles ass dat aalt Gebai. Hei ass deen Ubau, dee mer maachen, wou fréier am Fong d'Entrée war. Hei ass eng Entrée, fir an de Couloir ze kommen. Do kënnt een an dee Beräich, wou déi mobil Tribün stoe kënnt. Soudass ee vun där Säit hei op déi mobil Tribün kënnt. Hei ass ee grouse Sall, ee méi kleng Sall, Mobilité réduite, Sanitaires.

Nee, ech sinn elo an engem aneren Dénge. Entschëllegt. Nee, dat ass dee falschen. Et ass de Stack schonn driwwer. Nee drënner. Dat do ass am Sous-sol.

Dat heescht, an de Sous-sol kommt Der vun der Trap vun uewen, wat ech Iech virdru gewisen hunn. Vun hei kann een och an de Sous-sol kommen. Hei sinn déi grouss Säll, déi elo de Moment do sinn. Déi kann ee kompartimentéieren. Hei ass ee Sall. Do ass ee Sall. An hei ass ee ganz grouse Sall, dee mat engem Rideau an zwee gedeelt ka ginn. Hei ass nach méi ee kleng Sall fir eventuell Fitness. An do och nach zwee Säll. Hei erëm Sanitär.

Dat, wat Der do gesitt, ass alles de LIPHS. Do ass déi grouss Lafpist vu 50 m. Hei kënnen verschidden Ënnersichunge stattfannen. Dat ass net accessibel iwwert deen dote Stack. Dat heescht do ass et zou.

Hei ass den normalen Accès fir d'Leit op d'Tribün. Déi kënnen hei erakommen. Dann de Gank, fir an deen dote Sall. Dee kéint een eventuell benotzen, ouni dass ee misst déi ganz Sportshal opmaachen. An do ass dann och ee Lift an eng Trap, fir op de Stack driwwer ze kommen.

Do ass d'Nouttrap. Hei ass dann deen éischte Stack. Do hutt Der den Ufank vun der Tribün, dee jo dann esou bleift,

wéi en ass. Dat heescht, dee geet esou schif erop.

Hei kommt Der eran. Do kënnt Der vun där enger Säit an den Trakt goen vun de Sanitaires. Et gëtt awer och eng Verbindung hanner der Tribün, säitlech eriwwer. Vun do kënnt een och an d'Sanitaires. Hei hutt Der dann déi Buvette, déi mer mat dem LIHPS deelen, wou den Duerchbroch gemaach ginn ass awou een op d'Spillefeld gesäit.

Hei ënnendrënner ass dee grouse Konferenzsall, deen och kann ënnerdeelt gi fir iergendwellech Reuniounen oder VIP-Beräich, wann een dat wëll maachen. Déi aner Säit ass dann och nach ee grouse Raum, fir eng Tatami hinsetzen. Da méi ee kleng Raum an natierlech d'Sanitaires. An och hei eng Aart Büro/Konferenzraum, deen dann och vun de Veräiner ka genotzt ginn. Oder wann eng Manifestatioun ass, wou dann d'Resultater musse verschafft ginn, kann een dat do a Rou maachen. Dat ass dat wat ech Iech wollt weisen.

Dat anert ass alles Technik. Dat hutt Der alles am Dossier.

Wéi gesot, mir sinn nach amgaangen, ze kucke fir den Aganksberäich – dee gefällt eis net esou – vläicht e bëssen anescht ze gestalten. Mir kucken och wéi mer d'Amenagement ronderëm maachen.

Da musse mer nach iwwert d'Fassad diskutéieren. Do gëtt et verschidde Méiglechkeeten. Entweder et fiert ee mat där Fassad mat deenen Zillen, déi mer do vis-à-vis hunn, weider oder et mécht een et esou, dass een d'Sportshal mat enger Aart Blech géif akluede ronderëm. Jee, dat musse mer nach mat engem Architekt genau kucken, fir dass dat awer flott gëtt. An dass dat net ze vill wéi e Bunker da wierkt vu baussen. Mir sinn nach net 100 % decidéiert, wat mer als Fassad kënnen maachen. Den Architekt huet och gesot, dass ee kéint eventuell e Muster mat Plättcher maachen. Dat kucke mer nach. An dann hoffe mer, dass den Här John Scheuren eng flott Hal wäert kréien, wann déi fäerdeg ass.

Mir hunn och scho gekuckt mat de Subsiden, wat ee sech do kéint erwaarden. Mir hunn awer nach keng

2a. Centre sportif Oberkorn

schrëftlech Zouso. Do ware se eréischt virun zwee Deeg, mengen ech, um Sportsministère. Mee ech hu gesot kritt, et kéint sech esou ëm déi 7 Milliounen Euro handelen, wat ee sech do kéint erwaarde vun deenen 23 Milliounen, déi een dran investéiert.

Dat gesot, wann nach Froe sinn, stinn ech gäre bereet. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Här Muller.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot a Schäfferot, ech wëll am Numm vun der LSAP zum Projet vun där neier Sportshal, dem Centre sportif John Scheuren, Folgendes soen.

Éischstens ee Wuert zum Historique. An der Uewerkuerer Sportshal, och nach Hall omnisports genannt, hunn, nieft dem Sport, während Jore grouss Concerte stattfonnt. Ech erënneren un den Udo Jürgens, de James Last... D'Crème de la crème aus dem deemolege Showbiz ass hei zu Uewerkuer passéiert. Awer och eng Déifferdenger Harmonie Municipale, déi et ënner dem Asca Rampini fäerdeg bruecht huet, dräimol während engem Weekend d'Hal mat 1.500 Leit ze fëlle bei enger Virstellung vun deem berüümte Musical.

Dernieft eng sëllege Sportsevenementer vun internationalem Format. Den Handball Red Boys huet hei eng sëllege Coupe-d'Europes-Matcher bestridden an neierdénge och de Futsal vum FC Déifferdeng 03. Ech wëll och erënneren un déi grouss Turngalaen, déi eebenfalls do stattfonnt hunn.

Mir müssen haut unerkennen, dass déi Politiker, déi des Hal geplangt haten, echt Visionäre waren an den Numm vun Déifferdeng wäit iwwert d'Grenze bekannt gemaach hunn. Haut, 50 Joer duerno, huet sech eng Sanéierung vun där aussergewöhnlecher Sportshal fërmlech opgedrängt. Schonn am virege Schäfferot hunn den Här Fred Bertinelli als Sportschäffen an ech selwer och mat un deem Projet geschafft.

Well et gläichzäiteg drëms gaangen ass, fir de LIHPS, dat heescht d'Sportsfabrick, op Déifferdeng ze kréien, huet natierlech den Attrait vun adequaten a moderne Sportinfrastrukturen nieft der LU:NEX, fir des Decisioun eng weesentlech Roll gespillt.

Dat Éischt, wat mer virun elo scho bal sechs Joer gemaach hunn, war eng Analys, ob sech eng Sanéierung vun där aktueller Sportshal par rapport zu engem kompletten Neibau géif rentéieren. An eiser Analys vun deemools ass ee Käschtepunkt vu ronn 13 Milliounen erauskomm. Wat natierlech, vue d'Envergure a Volumen, en daitleche Virdeel vis-à-vis vun enger komplett neier Hal war an ass. Deemools, muss ech soen, war allerdénge kee kompletten Neibau am Beräich vun där fréierer Entrée geplangt gewiescht. Dee steet elo mat 7 Milliounen am Devis. An och net d'Erneuerung vum Daach, respektiv d'Ersetze vun de Pilieren an der Längsachs. Ech mengen, dat erkläert e bëssen, firwat dee Projet elo méi héich ginn ass.

Mir sinn der Meenung, dass d'Erhale vun der besteeënder Bausubstanz wierklech interessant ass an och fir déi direkt ugrenzend Sportsfabrick en absolute Virdeel ass.

Doropshin ass dann d'Decisioun geholl ginn, fir d'Gebai vum LIHPS un déi besteeënd Sportshal unzebauen. Et kann een am Avis vun der Finanzkommissioun zum Projet feststellen, dass si des Informatiounen am Dossier vermësse géifen. Wéi ech Iech elo erkläert hunn, louche se awer um Niveau vum Schäfferot an och um Niveau vum Architektbüro vir.

Zweetens kéim ech zum Bau vum LIHPS. Deem ass, an där neier Situatioun vun enger sanéierter Sportshal, scho Rechnung gedroe ginn, hunn ech gesot. Et ass eng nei Entrée, wéi den Här Ulveling erkläert huet, op där hënneschter Säit vum LIHPS geplangt ginn. Wat jo och den direkte Wee zum Parkhaus ass an eng Ubannung um kierzte Wee un deen neien Hall polyvalent, den Hall O, wou mer haut hei sinn, och duerstellt.

Drëttens ass am LIHPS d'Iddi vun enger Buvette, wou d'Spectateuren en direkte Bléck an d'Sportshal an den

subsidies. Tom Ulveling estime qu'il devrait s'agir de sept-millions d'euros.

ERNY MULLER (LSAP) va prendre position au nom des socialistes au sujet du centre sportif John-Scheuren. Il rappelle que le centre sportif n'a pas accueilli que des manifestations sportives, mais aussi des concerts d'Udo Jürgens et James Last, la crème de la crème de l'époque. L'Harmonie municipale sous la direction d'Asca Rampini a rempli la salle trois fois pendant un weekend.

Erny Muller mentionne ensuite les événements sportifs et notamment les rencontres de Coupe d'Europe des Red Boys. Plus récemment, le futsal a aussi joué dans le centre sportif.

Les hommes politiques ayant planifié ce centre sportif étaient des visionnaires, qui ont fait connaître Differdange au-delà des frontières. Cinquante ans plus tard, un assainissement s'impose. Erny Muller et monsieur Bertinelli ont contribué à la planification quand ils faisaient partie du collège échevinal. La présence d'infrastructures sportives a d'ailleurs joué un rôle non négligeable dans la décision d'implanter la SportFabrick à Oberkorn.

Il y a six ans, la commune a fait réaliser une étude pour savoir si un assainissement valait le coup par rapport à une nouvelle construction. Le devis se montait à 13 millions d'euros. Mais à l'époque, le collège échevinal ne prévoyait ni de construire une structure sur le site de l'entrée ni de refaire le toit. C'est ce qui explique pourquoi le projet est plus cher. En tout cas, les socialistes sont d'avis qu'il faut conserver le bâti, y compris du côté de la SportFabrick.

Le collège échevinal a pris la décision de raccorder le centre sportif au LIHPS. La commission des finances s'est plainte de ne pas disposer des informations nécessaires.

Lors de la planification du centre sportif, on a tenu compte du LIHPS. Monsieur Ulveling a parlé de la nouvelle entrée, qui permet aussi d'accéder directement au parc de stationnement et au nouveau hall polyvalent, le Hall O.

2a. Centre sportif Oberkorn

La buvette du LIHPS offrira une vue directe sur la salle de sport grâce à de grandes fenêtres. Une porte coulissante permet d'accéder à la salle de réunion et aux bureaux. Une partie de ces bureaux sera réservée à des clubs comme les Red Boys, le karaté ou le judo. Lors de la planification, le collège échevinal pensait que tout l'étage appartierait à la commune, mais entretemps, le ministère des Sports a décidé de financer intégralement le LIHPS, ce qui permet à la commune d'économiser trois ou quatre millions d'euros.

L'utilisation de la buvette par les clubs est-elle assurée à travers une convention avec le ministère des Sports? Les clubs disposeront-ils d'un bureau de façon permanente? Car de nos jours, pour pouvoir travailler de manière professionnelle, un bureau séparé est nécessaire. Parfois, les clubs ont même du personnel.

L'avant-projet de 2016 prévoyait une tribune en face de la tribune principale. Des plans avaient même été réalisés. Mais le nouveau collège échevinal a abandonné l'idée pour ne pas devoir refaire les piliers portant la construction principale. Entretemps, il a été décidé de remplacer les piliers par un mur en béton. Cette deuxième tribune aurait pu accueillir 150 à 200 spectateurs ainsi qu'une partie des places assises qui doivent être supprimées de la tribune principale pour des raisons de sécurité. Au lieu de cette tribune, il est désormais question d'une tribune mobile de quarante places. Les socialistes exhortent le collège échevinal à discuter avec les clubs de handball et de futsal. Car une telle tribune n'est peut-être pas pertinente.

La tribune principale ne disposera plus que de 640 places assises et 50 places debout contre 800 actuellement. La surface du centre sportif augmente. Les vestiaires seront plus grands et adaptés aux personnes à mobilité réduite. Le bâtiment sera mis en conformité pour ce qui est de la protection contre les incendies.

Les socialistes ne voient pas l'intérêt de permettre à 1142 personnes d'accéder au terrain. Avant, on pouvait combiner la tribune de 800

Terrain d'urgence par de grandes fenêtres, mais cela est planifié.

Véiertens, op deem selwechte Stack si Bürosraim a méi ee grouse Versammlungsraum duerch eng Porte coulissante vun der Buvette getrennt. Een Deel vun de Büroe soll de Veräiner, déi fest an der Sportshal etabléiert si wéi zum Beispill den Handball Red Boys oder Karate a Judo, fir nëmmen déi ze nennen, e méi professionellt an der haiteger Zäit ugepasstent Schaffen erméiglechen. An eiser deemoleger Iddi sollt dës Stack komplett der Stad Déifferdeng gehéieren. Elo huet awer de Sportsministère decidéiert, fir dee Projet LIHPS integral ze finanzéieren. Wat fir d'Stad Déifferdeng e Virdeel respektiv en Erspuernis vun zirka 3 bis 4 Milliounen ausmécht.

Heizou stelle mir direkt eis éischt Fro: Ass d'Benotzung vun der Buvette vun deenen Déifferdenger Veräiner duerch eng Konventioun mam Sportsministère assuréiert? An eng zweet Fro: Wéi gedenkt de Schäfferot virzegoen, fir de genannte Veräiner e permanente Büro zur Verfügung ze stellen? Am Projet vun der Halsanéierung, wat mer haut virgeluecht kréien, si keng esou Säll virgesinn ausser engem Konferenzraum. Mee ech mengen, haut verlaangt e professionellt Schaffe vun engem Veräin, dass en e getrennte Büro huet, well en och eng Partie administrativ Saache muss an deem Büro ënnerkréien. An och haut hunn d'Veräiner deels souguer Personal beschäftegt, dat se dann och musse kënnen an engem separate Büro empfänken.

Mäi fënnefte Punkt: Am Avant-projet 2016 hate mir eng Géigentribün zu der aktueller Haapttribün virgesinn. Heifir sollt en Ausbau am ieweschten Beräich vun der Hal a Längsrichtung, parallel zu der Avenue Parc des Sports, virgesi ginn. Eng Zeechnung wéi dat Ganzt sollt ausgesinn, kënn dir souguer nach an Ärem Dossier, op der éischter Säit vum Dossier Goblet Lavandier & Associés erkennen. Wann Der dat am Dossier kuckt, gesitt Der op der éischter Säit, wéi dat ausgesinn hätt. Dës Projet ass awer leider vun deem neie Schäfferot fale gelooss ginn ënner dem Pretext vun der Statik, well soss déi Sainen, déi d'Haaptkonstruktioun droen, missten erneiert ginn. An dat wär e ganz héije Käschtepunkt ginn. Elo awer géifen déi

Sainen definitiv aus Sécherheetsgrënn ewechgeholl. Amplaz gëtt eng Bëtongsmauer iwwert déi ganz Längt gebaut.

Et war also eng Géigentribün virgesi vun 150 bis 200 Plazen, och mat engem Deel vu Sätzplazen, fir déi, déi op der Haapttribün ewechgefall si bedéngt duerch d'ITM a Brandschutzmoossnamen, ze kompenséieren. Amplaz ass eng kleng Bästestribün vun zirka 40 Plaze geplangt, wou awer elo ee vum Spillfeld onofhängegen Accès säitens der fréierer Entrée geplangt ass.

Mir recommandéieren dem Schäfferot dréngend mat de Veräiner Handball a Futsal ze schwätzen, ob esou eng amovibel Tribün iwwerhaupt nach opportunt ass. Well mir hunn héieren, dass dat kéint de Spillbetrib stéieren. Duerfir wär et awer vläicht wichteg, sech doriwwer nach eng Kéier mat hinnen ze ënnerhalen. Heifir gëtt da jo och d'Haaptspillfeld Richtung Haapttribün deplacéiert, fir Plaz ze schafen, fir kënnen déi Tribün ze maachen.

Sechstens zum Gesamtkonzept: Dir, Här Ulveling, hutt de Projet a senger Gesamtheit virgestallt. Ech wëll dofir net méi am Detail drop agoen.

Op der Haapttribün bleiwen nach 640 Sätzplazen, wéi Dir gesot hutt, a 50 Stehplazen. Bei der jëtzege Hal waren et der ëmmerhin 800. D'Gesamtzuel vun de Sportssäll geet an d'Luucht an d'Vestiäre ginn och méi grouss a PMR-gerecht ausgefouert. Eng komplett Mise en conformité, speziell och wat de Feierschutz an d'Evakuéierung ubelaangt, an doduerch bedéngt e komplett neien Daach um Niveau vun der Haapthal, gëtt duerchgefouert.

Mir gesi keen direkten Interêt fir déi 1.142 Persounen, déi um Niveau vum Spillfeld zougelooss ginn. Dofir muss awer d'Haapttribün dann dee Moment zou bleiwen. De Charme an d'Notze vun der fréierer Hal war, dass konnten 800 Sätzplazen op der Tribün kombinéiert gi mat 500 Sätzplazen um Niveau vum Spillfeld. Dat schéngt awer elo definitiv eriwier ze sinn. Dat wär natierlech eppes, iwwert dat ee sech nach eng Kéier sollt Gedanke maachen. Ob een dat net awer nach kéint realiséieren.

2a. Centre sportif Oberkorn

Siwentens: Zum fréieren Entrées-beräich gëtt eng Entrée secondaire amenagéiert mat engem Lift. Hei entstinn eng Partie nei Sportsraum. Dovun ee méi grouse fir Gymnastique rythmique an aner sougenannte Salles polyvalentes. Och ass zousätzleche Stockage geplangt. Des Weideren Toiletten, zwee Vestiäre fir d'Arbitter an ee kleng Konferenzsall. An dësem Beräich, deem nei gebaut gëtt, ass den Niveau un den Agang vum Spillfeld ugepasst ginn, wéi Der och scho gesot hutt a sinn och Zougäng zu der Haapttribün.

Käschtepunkt: Hei gesi mer nach eng Kéier d'Renovatioun vun der Sportshal selwer, 13 Milliounen opgeronnt. Ech mengen, do kënnst een e bëssen op déi 13 Milliounen, déi ech och scho gesot hat an där éischter Analys. Dann d'Extensioun, ronn 7 Milliounen, deem neien Deel. Coûts supplémentaires: Do weess ech zwar elo net grad, wat gemengt ass, 318.000 Euro. Honorairen ass och ee Punkt, dee vun der Finanzkommissioun erwäant gëtt. 2.500.000. Dat sinn 10,87 %. Dat schéngt mer awer an der Norm ze sinn. Leider, mengen ech, muss ee soen. Mee et muss een awer och soen, datt dat hei e bësse méi e komplexe Projet ass, souwuel fir den Hauptarchitekt wéi och fir déi technesch Beräicher an alles, wat dat ubelaangt. Dat ass méi käschtenintensiv. An dann Imprévis 400.000. Soudass mer op déi 23 Milliounen kommen.

Déi komplett Gebäudeausrichtung: zirka 4 Milliounen. Ventilatiounen, Heizungsberäicher, dee ganzen technische Beräich, Sanitärberäich, 4 Milliounen. De Gros oeuvre ass mat ronn 8 Milliounen veranschlaagt.

Eis Konklusiounen als LSAP: D'LSAP begréisst d'Erneuerung vum Centre sportif Uewerkuer an och den Ausbau, dee sécherlech am Interêt vun de Veräiner an de Sportler ass. Och déi nei Fassad mat deene Keramik-Plättercher a Rasterform – doriwwer kann ee gedeelter Meenung sinn, Här Ulveling – mécht e gudde Gesamtandrock a gëtt där neier Hal een neien erfrëschende Look. Den Architekt huet eis jo gewise wéi een domadder spille kann an déi Fassad och eventuell e bësse méi variabel gestalten, wéi wann dat alles nëmmen esou geometresch ass.

Mir bedauern allerdéngs de feelende Courage vum aktuelle Schäfferot, fir hei ee Projet ze realiséieren vum nationalem oder regionalem Charakter. Mir hätten doduerch sécherlech eiser Sportshal méi een héije Stelleväert ginn. An d'Augmentatioun vum Subsid vu 35 % op 50 % voire 70 % hätt sécherlech dee méi héije Käschtepunkt vun där ufanks geplangter Géigentribün kompenséiert. Dëst hätt och zu engem Plus un nationale Sportseventementer an eiser neier Hal gefouert. Den Här Bertinelli wäert nach eppes zu dësem Punkt soen. Et ass emol net versicht ginn, eng Machbarkeitsstudie duerchzeféieren, nodeems bekannt war, dass d'Pilieren ewechfalen.

Ech si schonn am Virfeld op eng Partie Punkten agaangen, wollt awer nach e puer net esou wichteg Saachen – obwuel alles wichteg ass – nach erwähnen. En Espace presse hu mer net gesinn. Mir hunn och net deem Dopingkontrollraum gesinn. Mee Dir hutt jo gesot, dee wär awer virgesinn. Dee soll jo um Niveau vun de Garderobë kommen. Déi zwou Saache sinn op jidde Fall vun internationale Gremien am Sport virgeschriwwen.

Da wär et och néideg, drun ze denken, dass d'Verankerunge fir d'Turngeräter erëm all an de Buedem kommen. Wéi dat och virdrun de Fall war. Dass an Zukunft kënnen Turnveranstaltungen um internationale Plang nach stattfannen.

Alles an allem ass dat net de Projet vum engem Centre sportif John Scheuren, wéi d'LSAP sech e virgestallt huet. Mer kënnen grouss Deeler vum dësem Projet matdroen. Mee well deem neie Projet, an der weesentlecher Ausrichtung, net eise Virstellungen entsprécht, wäerte mer eis als LSAP beim Vott enthalten. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Här Liesch, wannechgelift.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Buergermeeschter, fir d'Wuert. D'Positioun vum deene Grén-

places aux 500 places assises au niveau du terrain.

Une entrée secondaire avec un ascenseur est prévue. Elle permet d'accéder aux nouvelles salles de sport, dont celle pour la gymnastique rythmique. Erny Muller mentionne ensuite l'espace de stockage, les toilettes, les vestiaires et une petite salle de conférence. L'entrée du nouveau bâtiment se situe au même niveau que le terrain de jeu. Un accès vers la tribune principale est prévu.

La rénovation de la salle de sport coutera 13 millions d'euros et l'extension 7 millions d'euros. Des coûts supplémentaires de 318 000 € sont aussi prévus. Les honoraires se chiffrent à 2 500 000 €, c'est-à-dire 10,87 % des frais, ce qui est dans la norme. Par ailleurs, ce projet est complexe. Quatre-cent-mille euros sont destinés à des imprévus. On atteint donc la somme de 23 millions d'euros.

Le LSAP salue les travaux prévus au centre sportif. La nouvelle façade fait bonne impression et l'architecte est en mesure de lui donner une dimension plus ludique.

En revanche, les socialistes regrettent le manque de courage du collège échevinal, qui n'a pas voulu réaliser un projet à caractère national. Les subsides plus importants auraient permis de compenser les frais. Et Differdange aurait pu accueillir des événements sportifs nationaux. Le collège échevinal n'a même pas réalisé d'étude de faisabilité. Il manque aussi un espace presse et un local pour les contrôles antidopage. Or ces deux éléments sont nécessaires pour organiser des compétitions internationales.

Il est important de fixer l'équipement de gymnastique au sol pour permettre l'organisation de compétitions internationales.

En définitive, ce projet ne représente pas le centre sportif John Scheuren que les socialistes auraient voulu. Même s'ils peuvent accepter une large partie des travaux, ils s'abstiendront lors du vote.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) voit les choses différemment.

2a. Centre sportif Oberkorn

Il ne peut que s'associer à l'histoire fait par monsieur Muller même si'il se souvient d'autres manifestations que James Last.

(Interruption de M. Muller)

Georges Liesch ne nie pas leur importance, mais préfère Dire Straits, Status Quo ou Europe.

(Interruption)

Georges Liesch a oublié Frank Zappa.

ERNY MULLER (LSAP) *plaisante sur le fait que James Last est plus « historique ».*

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *en convient.*

Le centre sportif a eu une vie mouvementée et n'a pas accueilli que des manifestations sportives. Il s'agit d'un hall sportif pouvant être utilisé de manière polyvalente.

Monsieur Muller a raison de dire que ce projet n'est pas nouveau. Mais l'ancien collègue échevinal avait décidé de ne pas commencer les travaux tant qu'il n'y aurait pas un autre centre sportif pour accueillir les clubs. C'est pourquoi le centre sportif de Niederkorn a été construit au préalable. Une fois celui-ci inauguré, les travaux ont pu commencer à Oberkorn.

Le nouveau complexe a été planifié par l'ancien collègue échevinal. Il ne s'agit pas d'un simple centre sportif avec un stade, mais un véritable site dédié au sport. Le LIHPS représente en effet une plus-value conséquente pour Differdange sur le plan international. Il ne faut pas oublier non plus la piscine. En plus, le centre sportif est bien desservi par les transports en commun. Il y a aussi un parc de stationnement. C'est pourquoi, pour les écologistes, le centre sportif est au bon endroit.

Les clubs sportifs mettent les responsables de la commune sous pression parce qu'ils ont besoin d'infrastructures pour leurs enfants et leurs jeunes. En soi, c'est une bonne chose. En d'autres termes, la commune a eu raison, il y a 10 ou 15 ans, d'attendre qu'il y ait un centre sportif de Niederkorn avant de commencer les travaux à Oberkorn. Mais la commune est aussi victime de son succès, car Georges Liesch se dit convaincu que les

gen ass e bëssen aneschters. Dem Historique vum Här Muller kann ech mech nëmmen uschléissen. Vläch mam Ënnerscheed, dass ech aner Gruppen an Erënnerung hu wéi James Last. Mee déi waren awer och do, Här Muller. Dir hutt absolutt Recht.

(Ënnerbriechung vum Erny Muller)

Si waren och wichteg. Et war éischter d'Dire Straits, Status Quo an net ze vergiessen, wär ech Europe kucke gaangen, wa se dann hätten dierfe spillen.

(Ënnerbreichung)

Jo, richtig, Frank Zappa hunn ech nach vergiess. Ech gesinn, hei sinn nach Leit, déi och no James Last...

ERNY MULLER (LSAP):

Et ass méi historesch.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Richtig. Jo. Eis Sportshal huet jiddefalls e beweegtend Liewe gehat an deene 50 Joer. A si huet, an dat hutt Der gutt erkläert, net nëmmen dem Sport gedéngt. Déi Sportshal war ëmmer eng polyvalent Hal. Si huet also villen Zwecker gedéngt. An dat ass och fir eis elo e wichtige Punkt an deem Dossier, dass et eng Sportshal ass natierlech, awer eeben eng Sportshal, déi polyvalent ka genotzt ginn. Dorobber ginn ech nach e bësse méi genau an.

Dir hutt gesot gehat, dass scho laang un deem Projet geschafft ginn ass. Dat ass ganz richtig. De virege Schäfferot huet effektiv dorunner geschafft. An eng vun den Decisiounen, déi am virege Schäfferot scho geholl ginn ass, ass, dass mer mat de Renovéierungen eréischt kënnen ufänken, wa mer eng Alternativ fir d'Sportsveräiner hunn, fir dass déi net müssen an d'Nopeschgemeinde fueren. An deemools hate mer am Schäfferot decidéiert, dass mir zu Nidderkuer eng Sportshal bauen, déi jo souwisou wichteg wär fir Nidderkuer, mee déi eis awer erlaabt huet, wéinstens während der Phas, wou elo hei geschafft gëtt, eng ganz Rei sportlech Aktivitéiten op Nidderkuer auszelageren. An eréischt wéi zu Nidderkuer de Bau fäerdeg a Betrib geholl ginn ass, ass

gesot ginn, dass mer hei, als Konsequenz am Fong dovunner, un d'Renovéierung vun der Sportshal ginn.

De gesamte Komplex, dee mer elo hei hunn, ass vum virege Schäfferot eigentlech scho mat duerchduecht ginn. Dat heescht, mir hunn elo net nëmmen eng Sportshal, wéi mer se fréier hate mam Stadion a mam Fussballterrain, mee et bleift eigentlech an deem Geescht vun deem Sportsareal. Mir hunn nach ëmmer de Fussballterrain, mir hunn elo déi Sportshal, mir hunn de LIHPS, deen heihinner kënn, mengen ech, dee fir eis Déifferdenger eng ganz grouss Plus-value wäert bréngen op internationaler Bün och. An net ze vergiessen, mir hunn direkt eng Schwemm nach dobäi, déi wierklech och den Numm Schwemm verdéngt.

Alles dat mécht dese ganzen Areal hei extreem attraktiv. Et gëtt eng gutt Ubannung un den ëffentlechen Transport. Mir hunn e Parking hei. Dat heescht, mir hunn am Fong alles op deem Site, deen et berecht, fir ze soen, hei gehéiert déi Sportshal hin. Hätt een déi Sportshal net vläch iergendwou aneschters, op der grénger Wiss vläch, kënnen nei bauen? Do si mer als Gréng kloer der Meenung: Nee. Déi gehéiert heihinner. Dat, aus historesche Grënn, awer och, well einfach alles aneschters passt.

Mir kréien och matgedeelt, dass vill Veräiner immensen Drock – an dat ass eigentlech gutt – op d'Gemengereponsabel maachen, well se soen, dass si e groussen Zoulaf hunn u Kanner a Jugendlechen an dass se Infrastrukture brauchen. D'Veräiner wëllen natierlech net de Kanner an de Jugendleche soen, si kéinte se net ophuelen, well se keng Plaz hätte fir Training.

Dat heescht, mat eiser Iddi, déi mer virun 10 oder 15 Joer haten, zu Nidderkuer eng Sportshal ze bauen, déi als Auswee gëllt fir Uewerkuer, wa mer déi sanéieren, gi mer vun eise eegene Succès e bëssen iwwerrannt. Well wann Uewerkuer elo heimat fäerdeg ass, wäerte mer souwuel Uewerkuer wéi Nidderkuer gutt gefëllt kréie mat Veräinsaktivitéiten. Wat eng ganz gutt Saach ass. Ech mengen, all Euro, deen eng Gemeng investéiert a Sportsveräiner, wou Kanner a Jugendlecher

2a. Centre sportif Oberkorn

kënnen zesumme Sport maachen, si gutt Euroen, déi ausgi ginn.

Mir hunn also hei mat dësem Projet ee komplexe Projet virun eis leien. Et geet hei ëm d'Mise en conformité. Déi Hal huet 50 Joer. Natierlech ass ëmmer erëm dru geschafft ginn. An awer gëtt et eng Partie Saachen, déi haut net méi ganz konform sinn. Dat heescht, et hätt also missen egal wéi nach eng Kéier massiv investéiert ginn. Och wann een elo keng Kärsanéierung gemaach hätt.

Energetesch ass déi Hal natierlech och 50 Joer al. Haut géif ee vun enger energetescher Katastroph schwätzen. Mee déi Zäit war et awer State of the art. Déi Zäit war et e Bau, wéi der am Land keng zéng ze fanne waren. An iwwer Energie huet een an där Zäit nach net esou vill geschwat wéi haut. Dat heescht, energietechnesch gesinn, ass déi Hal absolutt sanéierungsbedierfteg. Wat sech dann herno am Budget wäert bemierkbar maachen. Wann d'Hal bis a Betrib geet, wäerten déi lafend Käschte sécher däitlech manner sinn, wéi wat mer haut hunn.

Wann ee scho seet, mir maachen eng Kärsanéierung, muss een och kucken: Wat feelt an enger Hal, déi 50 Joer huet? Wat ass viru 50 Joer ugeduecht ginn? Wat feelt haut? An doraus resultéiert, dass d'Extenssioun koum. A wéi den Här Ulveling och gesot huet, d'Decisioun fir den Entréesberäich, deen, mengen ech, awer elo net esou super sexy war, dann och nei ze gestalten. An och aus anere Grënn, wéi den Här Ulveling scho gesot huet, war et déi richteg Decisioun, fir den Entréesberäich nei ze denken, nei ze plangen, dass et och an dee ganze Kader e bësse passt.

Ech erspueren Iech den Descriptif vun der Hal. Ech mengen, den Här Ulveling huet all d'Detailer ginn – ënner anerem, dass mer do zéng Sportssäll kréien. Mir kréien also eigentlech vill méi wéi dat, wat mer virdrun haten. Ausser – dat ass natierlech e Bemoll, effektiv – bei den Tribünen. Wou ee virdru méi eng grouss Tribün hat, huet een elo méi eng kleng. Mir sinn awer nach ëmmer der Meenung, dass eng mobil Tribün schonn eng gutt Léisung ass. Déi een also opstelle kann, wa se gebraucht gëtt. Well net ëmmer sinn d'Sportsmat-cher esou besicht, dass een d'Hal voll

huet. Natierlech kënn dat vir, a mir hoffe fir eis Sportsveräiner, dass et oft virkënn, dass esou Matcher gespillt ginn, wou esou vill Leit dann och e Match kucke kommen, mee dat wäert sech awer trotzdeem am Ramen halen, dass mer dat net esou oft wäerte brauchen. Dass mer dat net esou vermessen, dass do vläicht dann 150 Plaze manner wäerte sinn.

Ech wëll ervirsträichen, dass déi ganz Gebailechkeeten an der Classe énergétique BBA gebaut ginn. Mir schwätze jo hei vun enger Kärsanéierung, vun enger Renovéierung. Dat ass dann awer en immensen Effort, fir op dësen Niveau ze kommen. An dat huet natierlech och seng Repercussiounen am Budget.

Dann e Punkt, deen eis awer och wichtig ass, wat ech uganks gesot hunn. Ech mengen, do hat ech den Här Muller vläicht och falsch verstanen. Mir si jiddefalls der Meenung, dass déi Hal soll polyvalent genotzt ginn an dass déi 1.100 Leit, déi dann och elo an den Terrain passen, scho wichtig sinn. Ech denken nëmmen un d'Expo wéi den Urban Living, déi mer hei maachen oder aner Expoen, wou mer d'Hal gebrauchen, fir eebe kulturell oder aner Manifestatiounen ze maachen, déi net direkt onbedéngt mat Sport ze dinn hunn. Fir eis ass et kloer, dass et eng Sportshal ass, déi prioritairement fir de Sport gebraucht gëtt. Mee et mussen awer Méiglechkeete gi fir esou exzeptionell grouss Saachen. Ech denken u Concerten, wéi Dir och gesot hutt. Dat wär jo dann och eng vun dësen net-sportlechen Aktivitéiten. Ech denken u gréisser Kongresser vu Veräiner. Dat muss awer machbar sinn an esou enger Hal. An duerfir si mer frou, dass dat hei esou geléist ginn ass.

Ech wollt och nach eng Klammer opmaachen. Et ass oft geschwat ginn hei vum Handball a vum Futsal. Ech wëll awer betounen, dass mer an der Sportshal ganz vill Veräiner hunn. Ganz grousser, natierlech Handball, Fussball, dat sinn déi grouss Veräiner, déi traditionell Veräiner, déi mer hei an der Hal hunn. Mir hunn awer och nach eng ganz Partie aner Veräiner. Ech ziele se net all op, well ech der sécher ver- giessen. Mee Dir kennt se: Mir hunn Turnen, mir hunn de Karate an all déi Sportsveräiner, déi och scho ganz laang do sinn.

deux centres sportifs seront remplis.

Le projet est complexe, car il faut mettre en conformité un bâtiment de cinquante ans. Des investissements massifs étaient inévitables, même sans assainissement. Le centre sportif a été réalisé dans les règles de l'art de l'époque, mais aujourd'hui, on parlerait de catastrophe énergétique. Il y a cinquante ans, on ne parlait pas beaucoup d'énergie. Mais désormais, des investissements importants sont nécessaires. En revanche, les frais de fonctionnement vont baisser.

Quels sont les manquements d'un bâtiment de cinquante ans? C'est de la réponse à cette question que découle la décision de construire une extension et de refaire l'entrée. Comme l'a dit monsieur Ulveling, la nouvelle entrée permet aussi d'adapter cette partie au cadre.

Le nouveau centre comprendra dix salles de sport. Une des tribunes sera, en revanche, plus petite. Mais pour les écologistes, une tribune mobile reste la bonne solution, car le centre sportif ne sera pas plein pour toutes les rencontres. Georges Liesch espère que ce sera souvent le cas, mais en fin de compte, cela n'arrivera pas tout le temps. Les 150 places en moins ne devraient pas trop manquer.

Le bâtiment a une classe énergétique BBA. Arriver à tel résultat à travers une rénovation n'a rien d'évident. Et cela coute cher.

Georges Liesch trouve important que le centre sportif reste polyvalent et que le terrain puisse accueillir 1100 personnes – par exemple pour des événements comme Urban Living ou des expositions. Le site sera prioritairement consacré au sport, mais il devra pouvoir accueillir d'autres activités ponctuellement.

On a beaucoup parlé de handball et de futsal, mais Georges Liesch tient à rappeler que de nombreux clubs sportifs utilisent le centre. Bien sûr, le handball et le football font partie des plus grands. Mais il y en a d'autres. Georges Liesch ne veut pas énumérer tout, mais il mentionne le club de gymnastique et de karaté.

Étant donné que pour lui, le centre sportif doit rester polyvalent, il ne

2a. Centre sportif Oberkorn

pense pas qu'il faille accorder des bureaux fixes à certains clubs. Les associations doivent pouvoir se réunir et s'organiser. Mais il ne sert à rien de mettre des surfaces à la disposition de certains clubs, car elles resteront vides 4/5 du mois.

Pour ce qui est des finances, il est question de 13 millions d'euros pour la rénovation, 6,7 millions d'euros pour l'extension et les honoraires. Le ministère devrait subventionner le projet à hauteur de 35 %, c'est-à-dire huit-millions d'euros. Il reste donc 15 millions d'euros à charge de la commune. Cependant, Georges Liesch ne dirait pas que le projet est trop cher, contrairement à la commission des finances. Ces dernières années, aucune structure de cette envergure n'a été construite au Luxembourg. Le centre sportif René-Hartmann à Dudelange remonte à 2013-2014. Les prix sont donc difficiles à comparer. Georges Liesch ne peut baser son opinion quant au prix que sur un ressenti.

La commission des finances s'exprime en faveur d'un plafonnement des honoraires. C'est juste. Des imprévus ou de nouvelles demandes peuvent entraîner une augmentation des honoraires. Mais l'augmentation du prix du bois par exemple ne change en rien le travail que réalise un architecte. Les écologistes soutiennent un plafonnement quand cela est justifié.

Georges Liesch répète qu'il ne sait pas si le projet est cher ou pas. Mais l'indice de construction a augmenté de 5,2 % en un an. C'est énorme.

Comme l'a expliqué monsieur Ulveling, le toit doit être refait. Or d'après le Statec, les prix de la charpente ont augmenté de 15 % en un an. Cela représente des frais supplémentaires importants pour la commune. Tout le monde a pu constater que les ressources et les matériaux sont devenus extrêmement chers.

Les exigences en matière de sécurité, de conformité et d'énergie sont de plus en plus importantes. On ne peut plus construire des bâtiments de classe énergétique C. Il faut des bassins de rétention. Georges Liesch rappelle d'ailleurs qu'il y a un an, la commune aurait eu besoin d'un bassin supplémentaire.

An ech mengen, eng Sportshal muss polyvalent kënnen genotzt ginn. Duerfir gesinn ech zum Beispill och net, wéi een dat kéint léise fir Büroen, wou een da seet, wie kritt e Büro a wien net. Ech mengen schonn, dass et gutt ass, dass Méiglechkeeten do sinn, fir Versammlungen ofzehalen, fir sech ze organiséieren. Mee déi sollten dann och polyvalent genotzt ginn. Et mécht kee Sënn, iergendengem Veräin do Surfacen, privatiséiert zur Verfügung ze stellen, déi dann eigentlech awer 4/5 vum Mount wäerten eidel stoen.

Zu de Finanzen ass och schonn eng ganz Partie gesot ginn. Jo, et ass e stolze Präis, wann ee kuckt déi ganz Renovierung, mat 13 Milliounen TTC, déi Extensioun mat 6,7 Milliounen, d'Honorairen, déi nach dobäi kommen. Wa mer dann déi 35 %, déi an d'Fenster gestallt ginn, vum Ministère des Sports kréien, sinn dat ronn 8 Milliounen, déi mer da kréien. Da bleiwen trotzdeem nach 15 Milliounen vum der Gemeng ze finanzéieren. Dat ass natierlech e Pak Geld.

Ech wëll awer net soen, dass et ze deier ass. Wat ech aus dem Avis vum der Finanzkommissioun erausgelies hunn, ass, et wier deier. Wann ech mer d'Fro stellen, ob et deier ass, géif ech gär wëssen, mat wat ech dat vergläichen. An ech hunn e bësse Recherche gemaach. Ech fannen awer näischt, wat an där Gréisst, vum där mer hei elo schwätzen, hei am Land an deene leschte rezente Jore gebaut ginn ass. Dat Lescht, wat ech fonnt hunn, ass zu Diddeleng den Hartmann. Mee dat ass ewell 2013/2014. An ech mengen, dat kann een elo net onbedéngt méi vergläiche mat haut. Dat ass dann awer schonn e bëssen ze wäit hier. Duerfir hunn ech do elo keen direkte Verglach fonnt, fir ze soen, datt et deier ass. Ausser mäi Bauchgefühl, wat mer einfach seet: „Ass et deier“? Et ass natierlech emol ganz sécher eng stolz Zomm.

Dann, aus dem Avis vum der Finanzkommissioun liest een och, dass se sech – an deem kënnen mer eis nëmme ralliéieren – zum Deel fir eng Deckelung vum den Honorairen ausschwätzt. Dat fanne mer absolutt richtig. Et gëtt sécher Augmentatiounen bei den Honorairen. Déi mussen bezuelt ginn. Zemoools wann Imprevuë sinn. Respektiv wann Demandé vum Bauhär

kommen, déi net berécksiichtegt wäeren, ass et ganz kloer fir eis, dass och d'Honorairé fir déi Aarbechte mussen bezuelt ginn. Wat natierlech net kloer ass a wat fir eis iwwerhaupt net geet, ass, wann den Holzpräis an d'Luucht geet oder de Meterkibb Bëtongspräis an d'Luucht geet. Domadder huet en Architekt keng zwou Sekonnen méi Aarbecht. An do gëtt et fir mech och kee Grond, fir méi Honorairen ze bezuelen. Dat heescht, déi Deckelung kënnen mer ënnerstëtzen do, wou se gerechtfäerdigt ass.

Jo, leider deier, hat ech mer heihinner geschriwwen. Mat Fragezeichen. Ass et dat? Ass et dat net? Ech kommen zur Konklusioun, dass, wann ech dann nach de Bauindex kucke bei der Statec, gesäit een, dass eleng fir d'lescht Joer de Bauindex ëm 5,2 % an d'Luucht gaangen ass. An engem Joer! Dat ass net weening. 5,2 %, bei där Zomm, mécht schonn immens aus.

Dozou kënnt nach, wéi den Här Ulveling gesot huet, dass den Daach komplett wäert erneiert ginn no enger laanger intensiver Diskussioun. Wou ech och mat op de Wee ginn, fir dat ze maachen. Wann een all déi Argumenter, déi den Här Ulveling hei ubruecht huet, héieren huet, mengen ech, kënnt een net do derlaanscht. Wann een dann awer weess, dass bei der Statec genau op deem Punkt, bei der Charpente, d'Präisentwécklung genau 15 % war innerhalb vum engem Joer an et ass jo net grad ee klengen Daach, wou mer hei maache loosse, kënnt natierlech do och ee Pak Geld Supplement op d'Gemeng duer. An ech mengen, jiddwereen huet dobause matkritt, dass verschidde Ressourcen a Materialien einfach extreem deier gi sinn.

Natierlech huet een Ufuerderungen un eng Gemeng fir en ëffentleche Bau. Déi sinn och eropgaangen. Souwuel wat d'Sécherheetsmoossnamen ugeet, d'Konformitéit, och am Beräich Energie. Ech mengen, haut kann een net méi eppes bauen, wat eng Energieklass C hätt. An natierlech och Ufuerderung, wat den Ennvironnement ugeet, wéi zum Beispill Réckhaltebecken an all déi Saachen, déi mer brauchen. Ech brauch jo net drun ze erënneren, dass mer viru knapp engem Joer, mol net, nach esou e Réckhaltebecken nach séier gebraucht hätten.

Wat wären also d'Optiounen, wann ee géif elo soen, dat wier ze deier. Wat hätt een als Optioun? D'Optioun wär natierlech een Neibau gewiescht. Dat gëtt ee jo och am Avis vun der Finanzkommissioun gefrot. Mee ech mengen, den Här Muller huet et virdrun erkläert. Mir haten effektiv déi Berechnung scho gemaach am leschte Schäfferot. Déi éischt Fro, déi mer eis gestallt haten: „Wat kascht en Neibau ongeféier? Wat kascht eng Renovéierung? A mir waren do zur Konklusioun komm – an ech mengen, dass dat hei am Gemengerot och schonn diskutéiert gi war – op de Wee ze goe vun der Renovéierung aus historesche Grënn an aus ekologesche Grënn. Awer och fir de Cachet vun där Hal oprechtzëerhalen, déi mer awer hei scho laang zu Uewerkuer hunn.

Déi nächst Optioun, wär och keng Optioun. Dat wär fir einfach ze soen, mir brauche guer keng Sportshal a mir baue se iwwerhaupt net. Ech mengen, et ass keen heibannen deen déi Optioun géif wëllen.

Also bleift eigentlech just d'Optioun, dat heiten ze maachen an dem Schäfferot mat op de Wee ze ginn, d'Prioritéiten an d'Investier an deenen nächste Joren nach eng Kéier ze iwwerdenken an ze iwwerkucken. Wann ee weess, wéi d'Präisdeierecht vu verschiddene Saachen am Moment sinn, ass et gescheit, all eis Projeten nei ze iwwerdenken an eventuell eng Stafflung oder eng Prioritéitelëscht opzestellen.

Et ass och ugeschwat ginn, fir e regionaalt Konzept ze maachen. Dat wär natierlech eng Optioun gewiescht, wou ee méi Suen erakritt hätt vum Staat. Wann een e regionalen Zenter baut, kritt ee gemenkerhand jo méi Subsidien, wéi wann et lokal ass.

Et kënnt awer och e Revers mat där Medail, nämlech eng zousätzlech Occupatioun vun der Hal. Wann ee regional seet, muss een och regional am Alldag plangen. Dat heescht, déi Hal wär net nëmme fir d'Veräiner vun der Gemeng Déifferdeng, mee se misst dann och e regionale Charakter hunn. Also misst d'Gemeng déi och zur Verfügung stelle fir d'Regioun, fir eeben och aner Veräiner aus anere Gemengen, déi vläicht keng Plaz hunn, hei opzehuelen.

Mir sinn eis net sécher, ob dat Erspuerenis, dass mer méi Subside kréien, eis net awer domat blockéiert am Alldag, wa mer dann eis Hal net méi esou kënne benotzen, wéi mer se elo benotzen. Wëssend wat d'Veräiner eis ëmmer op de Generalversammlung soen, an zwar, datt se nach vill méi Plaz brauchen. Ass et da wierklech gescheit, fir ze soen, fir méi Milliounen vum Staat ze kréien, gi mer och nach Plaz eventuell hier. Ech mengen, dass mer besser bedéngt sinn, eng lokal Sportshal ze bauen an eeben dann och Här a Meeschter sinn iwwert d'Occupatiounen vun där Sportshal.

Eis Konklusioun ass eng aner. Eis Konklusioun ass, dass dee Projet hei éischstens emol an der sportlecher Strategie vun der Gemeng Déifferdeng d'Finalitéit hei zu Uewerkuer duerstellt. Et ass fir eis eng logesch Konklusioun, déi bekannt war, dass mer dës Sportshal wäerte renovéieren. Eis Konklusioun ass, dass de Präis zwar eis Keess wäert beläschten, mee et trotzdem derwäert ass, dësen Invest hei ze maachen. An duerfir kënne mir dës Projet nëmmen ënnerstëtzen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Liesch. Här Meisch.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Merci fir d'Wuert, Dir Dammen an Dir Härën aus dem Schaffen- a Gemengerot. Punkto Historique kéint ech nach bäifügen, datt och hei ganz grouss Foirë vum Geschäftsverband stattfonnt hunn an der Sportshal. Souguer och am gastronomesche Beräich. Do ware mer hei zu Déifferdeng absolutt Virreider. A wéi den Här Liesch gesot huet, hoffen ech och, datt an Zukunft déi Hal nach ka polyvalent genotzt ginn. Well et awer eppes anescht ass wéi hei am Hall O, haaptsächlech duerch déi Tribünen, déi et do gëtt.

Et ass definitiv un der Zäit, dass eis Uewerkuerer Sportshal kärsanéiert gëtt. D'Hal soll EHF-konform ginn. Also verschidde Krittäre vun der europäescher Handballfederatioun erfëllen. D'Buvette herno am LIHPS-Gebai soll endlech zäitgeméis ginn. Wéi och dee

La commission des finances est d'avis qu'une nouvelle construction aurait coûté moins cher. Le collège échevinal avait abordé cette question dès le départ. Mais pour des raisons historiques et écologiques, il a finalement préconisé une rénovation. Il s'agissait aussi de conserver le cachet du centre sportif.

La commune aurait aussi pu décider de fermer le centre sportif. Mais ce n'est pas une vraie option.

Bref, le collège échevinal n'avait pas vraiment le choix. Il devra réfléchir aux investissements à opérer au cours des prochaines années. Vu l'augmentation des prix actuelle, il faudra fixer une liste des priorités.

Il est vrai que la commune aurait touché un subside plus important si elle avait opté pour un centre régional. Mais le revers de la médaille aurait été une occupation plus importante du centre sportif, car il aurait été utilisé aussi par des clubs d'autres villes. C'est pourquoi Georges Liesch n'est pas convaincu que les subsides supplémentaires auraient vraiment été à l'avantage des Differdangeois, car les clubs se plaignent en permanence du manque de place. Il vaut mieux disposer d'infrastructures locales que l'on contrôle entièrement.

Pour les écologistes, le projet du centre sportif d'Oberkorn s'inscrit dans la lignée de la stratégie de la commune. Le résultat était attendu. Les dépenses sont conséquentes, mais nécessaires. Les écologistes approuveront le projet.

FRANÇOIS MEISCH (DP) revient sur l'historique et ajoute que de grandes foires de l'Association des commerçants ont eu lieu dans le centre sportif. Comme monsieur Liesch, il espère que le centre restera polyvalent à l'avenir. Il se distingue du Hall O par exemple grâce à ses tribunes.

Il était temps que le centre sportif d'Oberkorn soit assaini. La salle de sport répond aux normes de la Fédération européenne de handball.

La buvette dans le bâtiment du LIHPS sera rénovée, tout comme les sanitaires. C'est ce que François Meisch avait déjà demandé le 1^{er} juillet 2020. Il avait aussi abordé les questions de l'étanchéité et du désamiantage.

2a. Centre sportif Oberkorn

Le projet va couter 23 millions d'euros sans compter l'aménagement extérieur. Des travaux étaient nécessaires, mais n'aurait-il pas mieux valu construire un nouveau bâtiment? François Meisch regrette l'absence d'une simulation complète. Un débat aurait été intéressant.

Le dossier des conseillers communaux ne comprend pas non plus l'accord de subside, mais il est question de sept-millions d'euros.

Normalement, à la fin d'une période législative, on conclut ses projets. Ici, le collège échevinal investit 23 millions d'euros. Soixante-dix-millions d'euros sont prévus pour le service technique. L'agrandissement de l'hôtel de ville va couter 31 millions d'euros, l'école du Bock 41,3 millions d'euros et Gravity 50 millions d'euros. Les finances sont hypothéquées pour les prochaines équipes politiques.

Malgré tout, les démocrates sont contents que le centre sportif d'Oberkorn soit refait. François Meisch ajoute que le dossier ne parle ni d'une tribune pour la presse ni du matériel technique. Il déplore aussi l'absence d'une véritable deuxième tribune. Mais compte tenu des besoins, le DP approuvera le projet.

JERRY HARTUNG (CSV) *va se montrer bref. Tout a été dit concernant l'histoire. La région compte beaucoup d'infrastructures sportives. C'est pourquoi il est important que le nouveau centre sportif d'Oberkorn soit réussi.*

Les chrétiens sociaux saluent la rénovation et l'assainissement du centre sportif, qui a accueilli de nombreux événements sportifs, mais aussi des événements culturels. La rénovation va permettre de poursuivre sur cette voie.

Les plans démontrent que l'espace a été exploité de manière optimale. Les dix salles de sport et les autres locaux devraient permettre de couvrir la demande des associations.

Jerry Hartung mentionne ensuite la mise en conformité du site et l'amélioration des caractéristiques énergétiques du hall.

ganze Sanitär. Dat sinn déi wichtegst Punkten, déi eis bei enger Sanéierung um Häerz leien. Dat waren och meng Wieder hei den 1. Juli 2020, wou mer deen éischten Devis an dësem Kontext gestëmmt hunn. Haaptsächlech betreffend de Problem mat der Etancheitéit an awer och den éischten Etüden an dem Desamiantage.

Zu deenen 1,2 Milliounen sollen dann elo nach viraussichtlech iwwer 23 Milliounen dobäi kommen. Dat souguer, et ass scho gesot ginn, ouni den Aménagement extérieur. Dass eppes huet musse geschéien, war kloer. Dach bei esou enorme substantielle Montante stellt sech d'Fro, ob een Neibau net vu Virdeel gewiescht wier. Do feelt eis eng Simulatioun am Dossier, déi ofweid tëscht engem kompletten Neibau an enger Kärsanéierung. Et ass jo och scho vun anere Virriedner ugeschwat ginn, datt dat awer trotzdem ee Gedanke Wäert gewiescht wär.

Een Accord de Subside ass och net am Dossier. Do hu mer virdrun héieren, datt 7 Milliounen Euro am Raum stinn.

Normalerweis, um Schluss vun enger Legislaturperiod schléisst ee seng Projekten of. Hei ass dat elo e bëssi anescht. Hei ginn dann elo nach eng Kéier 23 Milliounen plus dat, wat scho virduwar an dat wat sécherlech nach wäert nokommen, ausginn. Een neie Site, respektiv Gebaier fir eise Service Technique vu bal 70 Milliounen Euro, si geplangt. Den Ausbau an d'Renovatioun vun der Gemeng vun iwwer 31 Milliounen stinn am Raum. D'Bockschoul: 41,3 Milliounen. Gravity: 50 Milliounen. Ouni mol un d'Inflatioun op de Matières premières an déi üblech Supplémenter par rapport zum Devis ze denken. Deemno eng schwéier finanziell Hypothék fir déi nächst politesch Ekipp an annerhallwem Joer!

D'Deckelung vun den Honorairen ass ugeschwat ginn och vun der Finanzkommissioun. Do si mer absolutt derbäi.

A punkto Sportshal wäert et sécherlech e bëssen en Hin an Hier gi fir déi betraffe Veräiner an eis Servicer. Mir hoffen, dass d'Resultat awer an hirem Sënn an Interêt wäert sinn. Trotz allem freeë mir eis drop wann d'Uewerkuerer

Sportshal an neiem Glanz wäert erstrahlen.

Eng Notiz nach: Am Dossier hu mer näischt fonnt iwwert d'Pressetribune. Dat gëtt meeschtens vergiess. An och punkto Toun a Luucht kritt ee ganz gären zum Schluss Iwwerraschungen.

Dat sollt een och, à ce stade, scho mat undenken.

Mir bedauern, dass eng richtig Gégentribün, wat eng ganz aner Ambiance gi wär, net geplangt ass, an dass ee gudd Batz Sätzplazen ewechfalen. Mat eis hätt dee Projet ganz liicht anescht ersausginn. Trotzdem ass et dréngend. An de Besoin ass sécherlech do. Dofir stëmme mir deen Devis hei mat. Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Meisch. Här Hartung.

JERRY HARTUNG (CSV):

Madamm Buergermeeschtesch, léif alleguer, et ass elo scho vill geschwat ginn. Duerfir erlaben ech mer, mech e bësse méi kuerz ze faassen. Zum Historique ass scho vill gesot ginn. Et gëtt immens vill sportlech Infrastrukturen hei ronderëm. Dofir ass et an eiser Vue immens wichtig, datt déi Sportshal hei um Site eng uerdentlech Sportshal ass, wéi elo grad gesot ginn ass, déi dann och herno am neie Glanz erstraalt.

Als Verrieder vun der Déifferdenger CSV begréissen ech dës Renovatioun, respektiv d'Sanéierung vum Centre sportif John-Scheuren. Hei hu vill grouss verschidde sportlech Evenementer stattfonnt an driwwer eraus, wéi mer och grad héieren hunn. A fir datt dëst och an Zukunft ka sinn, ass et gutt, datt mer de Centre sportif renovéieren, sanéieren an deelweis ausbauen.

Wann een d'Pläng esou kuckt, gesäit een, datt d'Plaz optimal genotzt gouf. D'Hal war jo och bis elo scho méi wéi ausgebucht. Mat zéng Sportssäll a ville weidere Funktiounsraum, wäerte mer den Ufuerderungen an den Demandé fir Trainingen, Matcher an Events, déi ons Veräiner brauchen, hoffentlech Satis-

2a. Centre sportif Oberkorn

faktioun ginn. Zu deem gëtt alles méi sécherheetskonnform.

Barrièrefräien Accès gëtt assuréiert an och energetesch gëtt d'Hal opgebessert. Mir gesinn dës Sportshal haaptsächlech als Hauptstanduert fir deen een oder anere Veräin, awer och sporadesch fir all déi aner Sportsveräiner. Natierlech schléisst mer aner Organisatiounen net aus. Jo, natierlech soll polyvalent geduecht ginn. An dat ass jo och hei méiglech. Et muss een dann awer och bemierken, dass mam Hall O eng weider Hal fir Events hei geschaf gouf, fir eeben de Centre sportif ze entlaaschten, fir eeben deene sellegen Demanden an Disponibilitäten, déi eis Sportsveräiner brauchen, méi Rechnung ka gedroe ginn.

Ons Konklusioun ass, dass dës Projéit esou ass, wéi mer en hei brauchen a stëmmen dësen Devis mat. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Hartung. Här Ruckert.

ALI RUCKERT (KPL):

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn hei eng Sportshal, déi viru 50 Joer gebaut ginn ass. Et ass kloer, wann eppes esou laang besteet, dass op d'mannst eng Sanéierung noutwendeg ass op alle Gebidder, well d'Welt jo an deene 50 Joer net stoe bliwwen ass an d'Bausubstanz jo net besser ginn ass. An iwwerhaapt fir esou eng Hal ze bauen, un der Bauweis huet sech vill verännert an et ass eeben noutwendeg gewiescht, fir op dee Wee ze goen.

Wat een natierlech méi laang an der Zäit driwwer diskutéiert a sech de Kapp zerbrécht, ob elo een Neibau gemaach soll ginn oder ob et renovéiert soll ginn, all Joer, wou dat geschitt ass, ass natierlech dee Projéit ëm esou vill méi deier ginn. Dat kann een e bësse bedauern, dass dat an der Zäit esou laang gedauert huet.

Et seet een normalerweis och: „Viele Köche verderben den Brei“. Dass also verschidde Schäfferéit un deem Projéit geschaff hunn. Dat konnt also net an

enger Legislaturperiod ofgeschloss ginn. Wat och net onbedéngt virdeelhaft ass bei esou engem Projéit. Mee elo hu mer eppes virleien. An ech mengen, trotz deene kleng Mängel, déi jo elo deen een oder deen aneren hei opgezielt huet, schéngt dat awer elo déi Saach ze sinn, dass elo eng Renovéierung gemaach gëtt, wat sech ganz positiv op dee Bau wäert auswirken.

Et bleift nëmmen ze hoffen, dass dat séier kann ëmgesat ginn, fir dass vill Veräiner dovun kënne profitéieren. Well et misst jo och kloer sinn, wa mer déi Hal do maachen, dass et net fir ee Veräin ass. Et ass net fir zwéi Veräiner. Mee méiglech vill Veräiner sollen hiert Heem an där Hal fannen. An do mussen dann och déi Ustrengunge gemaach ginn, dass dat an der Praxis herno esou eriwierkënn.

Et kann een natierlech d'Fro stellen: Ass dat net ze deier, wann een elo 23 Milliounen Euro dofir ausgëtt. Et ass kloer: Dat ass nach net de Fin Mot vun der Saach. Do kommen nach Suen derbäi, mee ass dat dann elo net ze deier? Ech géif soen: Et ass net ze deier. Och wa mer natierlech a Kaf hu mussen huelen, dass de Bauindex an de leschte Joren esou geklommen ass, huet d'Gemeng awer keen Afloss drop. Et ass net ze deier, wann ech et vergläichen, net mat enger anerer Sportshal, well et gëtt der net esou vill, déi an der kuerzer Vergaangenheet gebaut gi sinn, mee wann ech et vergläiche mat anere Projéiten, déi am Land realiséiert ginn. 23 Milliounen Euro. Wann ech nëmme kucken, dee Militärsatellit, dee kee Mënsch brauch hei am Land, kascht sechs- siwen- aachtmol méi wéi eis Sportshal hei zu Déifferdeng. Domat kéinten 8 Sportshale gebaut oder renovéiert ginn. An do hätt d'Bevëlkerung eppes dervun. An do hu mer absolutt näischt dervun. Ausser, dass mer eis vläicht bäischläime bei groussen internationale Puissancen, mee soss hu mer absolutt näischt dervun.

Dofir géif ech soen: Dat ass net ze deier, dat hei. Dat ass gutt ugeluechtend Geld. A wat mer méi séier schaffen, wat et besser ass a wat d'Veräiner éischter dru kommen.

Et ass hei gesot ginn: Dat si vill Suen, 7 Milliounen, fir den Aganksberäich nei ze maachen. Dat sinn och, fannen ech, vill Suen. Also, do hätt ee sech vläicht

Bien entendu, le centre sportif doit rester polyvalent, mais le Hall O a été créé précisément pour soulager le centre de manière à répondre aux besoins des clubs de sport.

Pour le CSV, ce projet correspond à ce dont a besoin Differdange. Les chrétiens sociaux l'approuveront.

ALI RUCKERT (KPL) rappelle que le centre sportif a été construit il y a cinquante ans. Il est évident qu'un assainissement est devenu nécessaire, car le monde a évolué et la bâtisse a vieilli.

Bien entendu, plus longtemps on discute d'une éventuelle rénovation, plus les prix finissent par grimper. Ali Ruckert regrette qu'il ait fallu tout ce temps pour prendre une décision. Il ne faut pas oublier non plus que plusieurs collègues échevinaux ont travaillé sur ce projet, qui n'a pas pu être terminé en une période législative. Malgré tout, un projet est finalement présenté au conseil communal. Certes, il y a quelques petits manquements, mais dans l'ensemble, la rénovation est à voir d'un œil positif. Ali Ruckert espère que les travaux avanceront vite et que les clubs pourront bientôt profiter du nouveau centre. Il se réjouit du fait que celui-ci ne sera pas réservé à deux clubs, mais à un maximum d'associations.

Le projet coûte-t-il trop cher? Certes, d'autres frais vont venir s'ajouter aux 23 millions d'euros déjà prévus, mais pour Ali Ruckert le prix est acceptable. La commune n'a pas d'influence sur l'évolution de l'indice de construction. En plus, si l'on compare ce projet à d'autres projets nationaux, celui-ci n'est pas cher. Pour le prix d'un satellite militaire ne servant à rien, le gouvernement aurait pu construire huit centres sportifs profitant aux citoyens. Le satellite ne sert qu'à frimer auprès des grandes puissances internationales. Pour Ali Ruckert, les 23 millions d'euros sont bien investis. Plus vite les travaux avanceront, plus vite les clubs pourront en profiter.

Certains se sont plaints des sept millions d'euros prévus pour l'entrée. Peut-être aurait-il été possible de faire des économies sur ce point, car il n'a rien à voir avec le sport.

2a. Centre sportif Oberkorn

Tout à l'heure, on a dressé un historique du site. Ali Ruckert tient à rappeler que la première manifestation ayant eu lieu dans le centre sportif a été le vingtième congrès du parti communiste.

(Rires)

Ali Ruckert annonce que les communistes soutiennent ce projet et espèrent qu'il avancera vite.

FRED BERTINELLI (LSAP) *est content et triste à la fois. Il a fait du sport pendant cinquante ans dans le centre sportif et a été responsable d'un grand club. Il regrette que la commune n'ait pas eu le courage d'en faire un centre sportif régional ou national.*

L'ancien collègue échevinal avait prévu de dépenser 16 millions d'euros et refusait catégoriquement de dépasser cette somme. Des entrevues ont eu lieu avec le ministère des Sports, qui avait parlé de subside pouvant se monter à 70 % pour un projet régional. Un tel projet n'aurait pas coûté beaucoup plus cher que celui présenté aujourd'hui. Fred Bertinelli répète qu'il regrette ce manque de courage, ce d'autant plus que des promesses avaient été faites pour obtenir le label de « City of Sport ».

En tant qu'ancien échevin au sport, il se souvient à quel point il a été difficile d'obtenir le LIHPS face à Luxembourg-ville. Ce fut une véritable bataille. La Ville de Differdange a reçu les soutiens nécessaires en montrant ce qui était prévu dans le domaine du sport. LU-NEX, par exemple, a joué un rôle important. Et voilà que la commune ne tient plus ses promesses.

Les travaux nécessaires pour réaliser un centre sportif international sont minimaux. C'est une question de millimètres. Le ministère des Sports cherchait une alternative à la Coque pour accueillir des finales de basket ou de handball. Il ne manque que quelques millimètres. Planifier le nouveau centre sportif a nécessité des heures et des heures de travail avec les associations et les bureaux d'experts. Certaines modifications apportées sont bonnes.

awer kennen iwwerleeën, ob dat net mat manner Suen hätt kënne gemaach ginn. Well dat huet jo am Fong net direkt eppes mat Sport ze dinn. Et ass jo keng Sportsanlag. D'Sportsanlag ass niewendrun. Mee en Aganksberäich muss een net mat Marber ausleeën iwwerall, wann dat esou passéiert.

Ech wëll nach drun erënneren, well elo den Historique hei gemaach ginn ass – do si jo vill Saache gesot ginn –, datt déi éischt grouss Veranstaltung, déi an där Sportshal war, den 20. Kongress vun der Kommunistescher Partei war.

(Gelaachs)

Da wësst Der dat och, wann Der dat vergiess hutt.

Dat alles gesot, wëll ech als Vertrieeder vun der Kommunistescher Partei soen, dass ech dee Projet ënnerstëtzen an dass ech hoffen, dass déi Aarbechten zügeg virukommen, dass d'Sportsveräiner dat dann och sou séier wéi méiglech kennen notzen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Här Bertinelli.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Dir Dammen an Dir Hären, ech gesinn dat heite mat engem laachenden a mat engem kräischenden A. Natierlech sinn ech frou. Als een, dee 50 Joer an déi Sportshal do Sport maache gaangen ass an nom Sport maache responsabel fir e grouse Veräin an där Sportshal war, sinn ech natierlech frou, datt mer déi Sportshal renovéieren.

Op där anerer Säit sinn ech awer traureg, datt mer net op de Wee gaange sinn, net de Courage haten, wat mer eis op de Fändel geschriwwen haten, fir aus där Hal eng regional an eng bis zu national gemaach hunn.

Wann ee gesinn huet, wat den deemolege Schäfferot sech op de Schiirm geschriwwen hat, wat et dierft kaschten, ware mer bei 16 Milliounen ukomm. Wou gesot ginn ass, do driwwer dierft et absolut net goen. Dat war dat, wat dee virege Schäfferot gesot

huet. Do muss Stopp sinn. An no deene ville Besich, wou mer beim Sportsministère waren, wou mer d'Leit iwwerzeegt kritt hunn, fir mat op de Wee ze goen, fir e regionale Projet draus ze maachen, hätt mer, wéi den Här Muller et scho gesot huet, bis zu 70 % dofir kritt, wann d'Sportfederatioun mat op de Wee gaange wieren. Dat wier, menger Meenung no, net vill méi deier ginn, wéi wat se eis haut kascht.

Dat bedauere mer, dass mer do net méi Courage haten, fir dat iwwert deen dote Wee ze maachen. Vu datt mer versprach haten an deem Label, dee mer ausgefëllt hate fir City of sport, dat iwwert deen dote Wee ze maachen. Mir wollten net nëmme sportlech, mee och ekonomesch eis Stad no vir bréngen. An dofir hunn och ganz vill Leit Déifferdeng ënnerstëtzt. Ech kann Iech zielen, als deemolege Sportschäffen, datt et keen einfache Match géint d'Stad Lëtzebuerg war, fir dee LIHPS hei op Déifferdeng ze kréien. Dat war eng laang Schluecht. Well d'Stad Lëtzebuerg wollt deen an der Stad hunn.

An déi Leit hunn eis awer hei ënnerstëtzt, well se gesinn hunn op wat fir ee Wee mer am Sport wéilt goen, fir datt ee sollt op Déifferdeng kommen, och wéinst der LU:NEX hu mer de LIHPS hei op Déifferdeng kritt. An et si verschidde Versprechungen, déi mer awer och hei net anhalen.

Wéi den Här Muller et scho richtig gesot huet, mussen déi Putteren erausgeholl ginn. Et si Millimeter, firwat mer dat dann net maachen, op en internationale Wee ze goen. Well och de Sportsministère wollt, datt mer op de Wee ginn, well dat eng Alternativ zu der Coque gewiescht wär. D'Coque ass déi eenzeg Plaz, wou esou grouss Manifestatiounen kënne stattfannen. Da wier nach eng am Land gewiescht. Dat wier Déifferdeng, wou eng Finall am Handball oder eng Finall am Basket hätt kennen hei stattfannen. Also et si Millimeter, wou mer ewech si vun enger regionaler an enger nationaler Hal, wéi dat, wat mer elo hei stoen hunn.

Mir hu Stonnen a Stonne mat de Veräiner a mat de Büroen eis d'Aarbecht gemaach, fir dat do hinzekréien. Et hu verschidde Saache changéiert, déi ech och ganz gutt fannen. Verschidde Saa-chen, déi ech net esou gutt fannen.

2a. Centre sportif Oberkorn

Den Här Liesch huet gesot, hie wier net esou begeeschtert op regional Sportarten, wat mer scho laang maachen. Här Liesch, ech wëll Iech drun erënneren, datt mer dat dote scho jorelaang mam Schwammclub maachen, datt mer dat dote scho jorelaang mam Basket maachen, an datt mer dat scho jorelaang mat der Liichtathletik maachen, datt mer iwwerregional mat anere Gemenzen zesumme Sportarte bedreiwen. An dat hei wär och net vill anescht gewiescht. An och un enger regionaler Sportshal hätt dat net vill geännert.

Ech wëll och un de Liichtathletikterrain erënneren, dee mer geplangt hunn. An natierlech déi Schoul, wou se begeeschtert waren um Sportsministère, fir do eng Sportsschoul op deem Niveau wéi déi grouss Sportschoul, déi an der Stad ass, ze kreéieren. Mee dat sinn alles Theemen, duerch déi mer de Label City of Sports kritt hunn. Dat hei ass elo deem éischten Dénge, wou mer net op de Wee ginn, fir eng regional oder national Hal ze hunn.

Wéi gesot, ech hunn e laachend an e kräischend A. Ech sinn awer frou, datt déi Renovatioun gemaach gëtt, fir all eis Veräiner, virun allem fir de Benevolat, fir alleguerten déi Leit, déi sech dagdeeglech fir d'Veräiner asetzen a kucken, datt de Betrib weidergeet. Well dat gëtt och ëmmer méi rar. Ech wëll net drun denken, wat de Gemenge passéiert, wann dat eng Kéier net méi esou ass an d'Gemenge sech erëm müssen ëm de Benevolat an ëm d'Fonctionnement vun de Veräiner këmmen. Da musse mer mol eng Kéier de Präis dovun rechnen, wat eis dat da kaschte wäert, wann d'Gemeng dat muss geréieren. D'Veräiner an de Benevolat an all déi Aarbecht, déi do gratis vun deene Leit gemaach gëtt.

Wéi gesot, ech si frou, datt d'Renovatioun gemaach gëtt. Op där anerer Säit ass et awer schued, fir e puer Millimeter keng regional oder national Hal hei ze bauen.

Ech hat e puer Froen, déi awer zum Deel beäntwert gi waren. Et bleift nach déi vun de Büroen, déi ech immens wichteg fannen, well dat déi Fro war, déi d'Veräiner vum éischten Dag un haten. Déi Leit, déi fréier an de Veräiner tätég waren, wëssen, datt all Veräin säi Stammlokal hat, wou e seng Schief a

seng Büroen hat. Dat gëtt et praktesch an eiser Gemeng net méi. An déi Büroen, déi virgesi waren an der Buvette fir d'Veräiner, muss een elo kucken. Ech weess elo net wéi wäit dat ka benotzt gi vu Veräiner. Well mir schwätzen hei vu méi grouss Veräiner wéi dem Handball zum Beispill, deen andauernd esou eppes brauch. Also, et ass elo net eppes, wat een eemol de Mount brauch, mee dat ass eppes, wat fir e Veräin enorm wichteg ass.

Ech ralliéiere mech un dat, wat eise Fraktiounssprecher gesot huet. An ech soen: Ëm e Millimeter hätte mer hei wierklech eppes ganz Grousses kënnen maachen an eis Stad no vir bréngen. Hei hate mer de Courage net. An dat deet mer leed. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Bertinelli. Här Ulveling.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Wa keng aner Wuertmeldunge méi do sinn, wollt ech...

(Ënnerbriechung vum Här Aguiar)

De Paulo wollt nach eppes soen.

SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Jo. Duerno.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Okay. Ech wollt zu verschiddene Punkten, déi hei ugeschwat si ginn, awer Stellung huelen.

Ech wëll fir d'éischt bemierken, dass mer éischtmoleg, géif ech soen, de Fraktiounen zweemol ee ganze Saz vu Pläng zoukomme gelooss hunn an Zäit vun ongeféier engem Joer, fir hinnen ze weisen, wou mer mat der Planung dru wäeren a wou se zu jidder Zäit d'Méiglechkeet haten, fir sech zu Wuert ze mellen an ze soen: Do an do felt eppes. Dat misst een anescht maachen. Ech krut do leider kee Feedback.

Monsieur Liesch a dit ne pas être enthousiaste à l'idée de réaliser un centre régional. Fred Bertinelli tient à lui rappeler que les clubs de natation, de basket et d'athlétisme travaillent de manière régionale depuis des années. Cela n'a rien de nouveau.

Fred Bertinelli mentionne aussi le stade d'athlétisme et l'école du sport, qui avait tant enthousiasmé le ministère. Tous ces projets ont permis d'obtenir le label de « City of Sport ».

Le conseiller communal répète qu'il est à la fois content et triste. Il se dit content que les rénovations soient faites pour les associations et les bénévoles. Il préfère ne pas imaginer ce qui arriverait si la commune devait reprendre le travail des bénévoles. Il faudrait en calculer le prix. En plus, il est dommage de ne pas créer un centre régional pour une question de millimètres.

La question des bureaux a été posée par les associations dès le premier jour. Jadis, les associations disposaient toutes de locaux fixes. Aujourd'hui, Differdange ne dispose plus de tels bureaux. Or, dans le cas du centre sportif, il est tout de même question de clubs importants comme le handball. Ils en ont besoin en permanence et pas une fois par mois.

Fred Bertinelli répète que l'on aurait pu construire quelque chose de grand, mais le collège échevinal n'en a pas eu le courage pour une question de millimètres.

TOM ULVELING (CSV) souhaite revenir sur certains points.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG) ajoute qu'il prendra la parole ensuite.

TOM ULVELING (CSV) rappelle qu'en l'espace d'un an, le collège échevinal a envoyé deux jeux de plans complets aux conseillers communaux. Ceux-ci auraient donc très bien pu lui faire savoir qu'ils n'étaient pas satisfaits avec tel ou tel point. Or il n'a reçu aucun feedback.

2a. Centre sportif Oberkorn

Le Hall O juste à côté est d'abord pensé pour les festivités culturelles et ne comprend donc pas de tribune. Le centre sportif accueillera surtout des manifestations sportives même si l'organisation de grands événements, où une tribune est nécessaire, reste possible.

Les discussions concernant l'assainissement ou la démolition de l'ancien centre sportif sont inutiles. À partir du moment où la Ville de Differdange a décidé de mettre l'ancienne piscine à disposition de LUNEX et d'accueillir le LIHPS, il était clair qu'il faudrait conserver la bâtisse. Le collège échevinal a décidé d'agrandir légèrement le centre. La commune avait besoin d'une solution pour les clubs sportifs pendant les travaux. C'est pourquoi elle a décidé de terminer le centre sportif de Niederkorn avant de commencer les travaux à Oberkorn.

Les contraintes ont forcé le collège échevinal à développer un certain type de projet. Autrement, il aurait fallu construire un nouveau centre sur une prairie.

Tom Ulveling a mené de nombreuses discussions avec monsieur Aguiar concernant les salles de sport et les locaux. Ils en ont conclu qu'il ne servirait à rien de prévoir cinq bureaux, qui seraient occupés trois heures par semaine, au lieu de deux salles de sport supplémentaires. De toute façon, le Hall O dispose de salles de conférence et le centre sportif disposera d'une grande salle à côté de la buvette. Monsieur Muller a raison de dire qu'il faudra en fixer l'utilisation dans une convention avec l'État. En tout cas, il est évident que la commune ne peut plus mettre à disposition des associations une salle chauffée jour et nuit utilisée deux heures par mois.

Pour ce qui est des tribunes, le club de handball, où monsieur John Scheuren était actif, avait communiqué au collège échevinal qu'une deuxième tribune était nécessaire pour tenir des rencontres internationales. En revanche, il n'y a pas de taille minimale.

Pour ce qui est d'un centre régional ou national, les subsides auraient peut-être été plus élevés, mais les contraintes aussi puisque davan-

Ech mengen, et muss een och gesinn, dass mer dat Ganzt elo op engem Site hunn, wou mer op där enger Sait den Hall O hunn, dee jo éischter fir kulturell Festivitéite geduecht ass, bewusst ouni Tribün. An op där anerer Sait hu mer eng Sportshal, déi haaptsächlech fir Sport geduecht ass. Mee wou et awer och méiglech ka sinn oder sollt sinn, fir mol e gréissert Evenement ze maachen, wou een dann eng Tribün brauch.

Ech wëll soen, dass mer eis déi Diskussioun, déi mer elo hei gefouert hunn iwwer Neibau, ofrappen oder net, kënne spueren, well vun deem Dag un, wou mer gesot hunn, dass mer der LU:NEX géifen déi al Schwemm zur Verfügung stellen a vun deem Dag un, wou mer gesot hunn, mir wélten de LIHPS heihinner, ware mer praktesch mat eiser Sportshal agekesselt. Dunn hu mer nëmmen e gewëssene Volumen zur Verfügung gehat, dee mer konnte verbauen oder bebauen. A mer hunn eis eeben entscheet, fir dee Volumen, deem do ass, e bësse méi grouss ze maachen. Mee dat awer praktesch an der Kontinuitéit ze halen.

Et war natierlech kloer, wann een d'Decisioun geholl huet a wa mer net an där Zwéckmillchen do gewiescht wären, dass mer op där enger Sait jo och musse kucken, dass déi ganz Sportsaktivitéite während der ganzer Planungsphas kënne weidergefouert ginn. Dofir hu mer jo fir d'éischt mussen déi Nidderkuerer Hal fäerdegstellen, ier mer heimat ugefaangen hunn.

Jee, et waren e ganze Koup Constrainten do, déi eis praktesch keng aner Méiglechkeet gelooss hunn, fir dat do elo esou ze maachen. Et ass kloer, wa mer op d'gréng Wiss hätte kënne goen, wär et natierlech ee ganz anere Bau ginn. Da wäeren et aner Säll ginn. Et wär alles anescht ginn. Mee hei hu mer e Kader, dee gesat war an deem hu mer eebe versicht optimal ze notzen.

A mir waren och an der Diskussioun mam Sportsservice, mam Här Aguiar, wou mer jo och gekuckt hunn, wie wat fir ee Sall kéint kréien, wéi grouss deem een an deem anere Sall misst sinn. Do hate mer vill Gespréicher. Natierlech hu mer de Besoin erkannt, dass mer vill Plaz brauchen, fir d'Trainingseenheeten ënnerzekeréien. Dofir si mer op de Wee

gaangen, fir ze soen, et géif kee Sënn elo maachen, fënnef Büroen dohinner ze setzen, déi dann eemol an der Woch vläicht während dräi Stonne benotzt ginn an dofir vläicht een oder zwee Trainingssäll manner ze hunn. Dofir hu mer bewusst gesot, mir géifen op de Wee goen, fir just dee grouse Sall do ze maachen.

Sachant, dass mer hei an deem Raum, am Hall O, jo och nach Konferenzsäll hunn, déi kënne benotzt ginn. Sachant, dass mer dee grouse Konferenzsäll hanner der Buvette oder nieft der Buvette vum LIHPS hunn, wat mer natierlech konventionell nach musse mam Staat regléieren. Do ginn ech Iech Recht, Här Muller. Dat wäerte mer och hikeréien. Mir hunn e Sall do an do kënne mer Schief opriichten, fir deem een oder deem anere Veräin. An dee kann een och op Reservatioun hin dann engem Veräin zur Verfügung stellen. Mee ech mengen, mir sinn eis all kloer heibannen, dass déi Zäit eriwwer ass, wou ee Veräin ee Sall iergendwou hat, dee gehëtzt gouf Dag an Nuecht a wou dee Veräin dann eemol oder zweemol am Mount während zwou Stonnen sech opgehalen huet. Ech mengen, dat ass net méi zäitgeméiss.

Déi zweet Tribün ass och ugeschwat ginn. Sécher, déi hu mer elo gemaach, well mer gesot kritt hu vun de Veräiner, haaptsächlech vum Handball – sengerzäit war jo och de John Scheuren nach ganz aktiv an der Planung mat dran –, dass mer missten eng zweet Tribün hunn. An déi ass awer anscheinend fir international Matcher. An et ass awer anscheinend net spezifizéiert, wéi grouss esou eng zweet Tribün muss sinn. Soudass mer eis heimat d'Méiglechkeet ginn, international Matcher, well mer dann eng soi-disant zweet Tribün hunn, kënnen hei ofzehalen.

Ech wëll och soen, dass ech dem Här Liesch seng Meenung ganz deelen. Regional, lokal, national. Effektiv, mir hätte vläicht e puer Su méi erakritt. Mee mir hätten awer vill Constraintë gehat, wann dat regional oder national wier, fir dann eis Veräiner nach kënnen zefriddenzestelle mat hiren Trainingseenheeten, well jo dann nach vill méi Leit vu baussen erakomm wieren.

2a. Centre sportif Oberkorn

An op dëser Plaz wëll ech dem Här Zens, dem Direkter vum EIDE, villmools Merci soen, dass hien eis seng Installatioun vu Sportshalen zur Verfügung stellt, ouni vill Gedeessesems, kann ee soen, no der Schoulaktivitéit, wou dann do awer verschidde Veräiner kënnen hire Sport maachen. Dat ass och net vun der Hand ze weisen. An dofir hu mer och, grâce à lui a grâce där Hal, déi mer zu Nidderkuer gebaut hunn, et fäerdegbruecht, dass mer net ze vill Aschränkungen hu fir d'Veräiner, fir dass se hir normal Aktivitéit, vläicht op enger anerer Plaz, mee trotzdeem kënnen duerchféieren.

Den Espace presse ass ugeschwat ginn. Do hat ech Gespräicher. Déi eng soen, dat géif duergoen. Déi Reporter wëlle gär bei de Leit sinn. Déi wëlle gär d'Ambiance matspieren. Dofir geet et duer, wann een iergendwou e puer Prisen op den Tribüne mécht, wou se kënnen hire Laptop uschléissen.

Dat anert, wat ech mer och geduecht hunn, ass, dass een awer effektiv kann, vu dass ee jo eng flott Vue op d'Spillefeld huet, wann eng Kéier gréisser Manifestatioun wäeren, an deem soi-disant VIP-Raum Dëscher opriichten. Dat kéint een nach kucken. Ech weess net, ob et opportun ass, elo do esou Kajüttecher ze bauen, wou dann och eemol am Joer een dran ass. Ech weess net. Mee dat kann een awer nach beschwätzen. Ech mengen, deem verschléissen ech mech net.

D'Honorairë vum OAI. Kloer, et ass deier. Mee de Problem ass, dass mir eis do mat den Architekten un déi OAI-Bestëmmungen ze halen hunn. Wann een dat am Kader vun der OAI mécht, muss een dat natierlech anhalen. Soudass ee schwierig elo ka vun Deckelung schwätzen. Et kéint ee mol vläicht mat engem en Arrangement fannen. Et kann ee jo mol probéieren. Mee schwéier wäert et ginn, well déi dann natierlech drop pochen. Well wat am OAI-Kontrakt steet, gëllt.

Ech mengen, ech hätt elo alles. Ech kucken nach schnell, ob ech op alles geäntwert hunn. Ech menge schonn. Dat wier dat, wat ech derzou ze soen hätt.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Ech ginn d'Wuert dann nach weider un den Här Krecké.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Ech wollt just eng kleng Zousazremark maachen, dass jiddereen an aller Sachkenntnis herno säi Votum kann huelen.

Et ass vill vun deene Subside geschwat ginn, vu regionalem Subsid, vu lokalem Subsid. Net méi spéit wéi dës Méindeg war ech perséinlech mat eiser Delegation am Sportsministère. Et ass net méi grad alles esou, wéi et nach vläicht viru Joren ausgesinn huet. Ganz kloer, an dozou stinn ech ënner mengem Eed, Déifferdeng ass net méi an der Diskussioun fir e regionale Subsid. Ech war nach extra mat.

Ech géif och gär betounen, dass mer dat solle Sportsfabrick nennen. Well de LIHPS, wann ee gär de LIHPS kucke geet, muss een an d'Coque fueren. Den High Performance ass an der Coque. An och nëmmen an der Coque, wat den Training ubelaangt.

Ech sinn extra mat deem Gedanken an de Ministère gaangen, fir ze soen, wa mer elo déi Laboen, déi Miesstationen an déi Sprintpist hätten, kéint et jo mol sinn, dass, sief et Ekippen, sief et eenzel Sportler, wa se dann hei zu Uewerkuer sinn, vläicht kéinten hei ugedockt bleiwe fir hir Trainingseenheeten. Dat ass guer keng Diskussioun gewiescht. Ech sinn extra matgaangen.

Och am Ufank war ni vu 50 % rieds. Et war ee Momentchen 40 % ugeduecht ënner dem Rob Thillens. Dat war nach de fréiere Schäfferot. Dat wëssen déi Leit, déi deemools dobäi waren. A mir si bei 35 %. An dat bougéiert net.

Et muss een awer och fairerweis dobäi soen, datt mir an dee Bäibau hei gaange si vun der Sportsfabrick, wou et 70/30 am Ufank war. Do hate mir 30 % op den Dësch geluecht. Déi sinn net méi do. Mir kréien 100 %. A wann ech elo dee Projet vu 15,5 Milliounen huelen, do sinn 3,5 Milliounen premiers équipements. Dann ass nach ee Bau do vun 12 Milliounen. Wann ech do 30 % huelen, hätt d'Stad Déifferdeng 3,5 bis 4 Mil-

tage de clubs auraient utilisé le centre sportif. Tom Ulveling en profite pour remercier monsieur Zens, le directeur de l'EIDE, pour avoir mis à disposition de la commune ses infrastructures sportives avec les heures d'école. Avec le centre sportif de Niederkorn, c'est ce qui permet aux clubs de maintenir une activité normale pendant les travaux à Oberkorn.

Pour ce qui est de l'espace presse, les journalistes veulent se trouver à proximité des joueurs et des spectateurs. C'est pourquoi il suffit de prévoir des prises à côté des tribunes. On pourrait aussi installer des tables dans le local VIP, car la vue sur le terrain y est bonne. Car Tom Ulveling n'est pas convaincu qu'il vaille la peine de construire un local pour la presse qui serait occupé une fois par an.

Les honoraires sont élevés. Mais les architectes doivent se tenir aux conditions de l'OAI. C'est pourquoi il est difficile d'instaurer un plafond.

Tom Ulveling croit avoir répondu à toutes les questions.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)

souhaite apporter quelques précisions pour que les conseillers communaux puissent voter en connaissance de cause.

Lundi, il s'est rendu avec une délégation au ministère des Sports pour discuter des subsides. Il peut assurer au conseil communal que Differdange n'est plus prise en considération pour un subsid régional. Il tient aussi à préciser qu'il faut parler de SportFabrick et non de LIHPS, car le LIHPS se trouve à la Coque.

Il a aussi demandé au ministère si des sportifs ou des équipes pouvaient recourir aux laboratoires et à l'équipement de la SportFabrick pendant leurs entraînements et la réponse est oui.

En ce qui concerne les subsides, il n'a jamais été question de 50 %, mais de 40 %. Entretemps, le subsid a été fixé à 35 %. Mais au départ, la Ville de Differdange était censée financer 30 % de la SportFabrick alors que, désormais, le ministère prend tout à sa charge. La construction coute 12 millions d'euros et l'équipement 3,5 millions

2b. Chemin forestier Lasauvage-Saulnes

d'euros. Lors des discussions, il n'a pas été question de centre régional. Henri Krecké tenait à le préciser avant le vote. Il n'y a rien d'autre à dire à ce sujet.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

passé à la réfection des chemins ruraux et plus précisément le chemin entre Saulnes et Lasauvage.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)

ajoute que c'est le chemin entre le terrain de pétanque à Lasauvage et les hangars à Saulnes. Ces hangars, dont la commune est propriétaire, doivent être accessibles facilement. Le chemin va devenir carrossable et sera utilisé uniquement par les véhicules de la commune et les randonneurs.

Le devis s'élève à 67 000 €. Cet argent était prévu pour d'autres travaux que l'entrepreneur ne peut pas réaliser. C'est ce qui permet de refaire ce chemin.

GUY ALTMEISCH (LSAP)

se demande quelle part du chemin se trouve en France. Les hangars se trouvent-ils en France? À quoi vont-ils servir? Guy Altmeisch salue la présence d'un plan, mais signale qu'il ne permet pas de voir où se trouve le chemin, car il manque les frontières entre la France et le Luxembourg. En plus, si le chemin se trouve en France, il faudra l'autorisation des autorités françaises.

Ce chemin fait-il partie d'un parcours autopédestre? Qui l'utilise encore?

liounen och un de Bäibau mussen hanken. Wat elo net méi de Fall ass.

D'Sportshal ass 35 %. Ech war wéi gesot dobäi. Ech mengen, ech gi jo hei elo näischt flunkeren. Do war net vu regional ze schwätzen. Ech wëll, dass der dat all wësst, wann Der Äre Votum huet. Méi wëll ech dozou net gesot hunn. Dat ass déi leschte Spuer. An dat ass e Méindeg ganz kloer esou um INS och vum Sportsministère nach eng Kéier confirméiert ginn. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Krecké. Ech denken da komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide avec 15 voix oui et 3 abstentions d'approuver les plans et devis de la phase 2 de la rénovation et de l'assainissement du centre sportif d'Oberkorn.

Merci. Da géife mer zum Punkt 2b) kommen zu der Réfection des chemins ruraux. Do geet et ëm en Devis, fir e Wee frësch ze maachen tëscht Zounen an der Zowaasch. An ech géif d'Wuert dofir un d'Madamm Pregno weiderginn.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci. Et geet hei ëm de Wee tëscht der Zowaasch an dem Petanque-Terrain, dee bis bei d'Hangaren, also d'Halen zu Zounen féiert. Vun deenen Hangaren ass d'Gemeng Déiferdeng Proprietär ginn am Kader vun der Acquisitioun vun Terrainen a Frankräich. Ech denken, dass et wichteg ass, dass mer Zougang zu deenen Hangaren hunn iwwer e carrossabelen a relativ schnelle Wee. Dee Wee gëtt carrossabel an engem gewësse Mooss, natierlech just fir Gemengegefeerer. Et soll keng Strooss ginn. E gëtt zougemaach mat enger Barriär, mee ass awer fir Foussgänger, déi wëlle vun de schéine Bëscher do profitéieren, natierlech zougänglech.

Den Devis ass ronn 67.000 Euro. A war u sech net virgesinn. Den Entrepreneur huet awer elo d'Méiglechkeet, dat ze maachen, well aner Weeër net gemaach goufen. Duerch aner Schwierigkeeten hu mer u sech dovunner profitéiert, fir dann déi Suen ëmzebuchen an dëse Wee ze maachen. Dofir froe mer Är Ënnerstëtzung. Villmools merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Pregno. Här Altmeisch.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn déi Erklärungen elo héieren. Wat mer net ganz kloer ass, ass, wivill Prozent vun deem Wee op franséischem Terrain läit. Déi Hangaren, déi duerch dee Wee accessibel gemaach ginn, leien déi op franséischem Terrain? A wat gëtt stockéiert an deenen Hangaren?

D'autant plus wëll ech bemierken, dass dee Plang, deen derbäi ass, gudde Wëlle weist. Mee mir, trotzdeem, dass ech uertskenntlech sinn, huet en net richtig ausgewisen, wou dat ass. An et ass e komesche Moossstaf. Ech si scho frou, dass d'Pläng derbäi leien, mee et wier vläicht besser, en anere Moossstaf ze huelen. Da wär dat méi explizitt an et géif ee sech besser erëmfanne mat de Grenze vum Ländchen a vu Frankräich. D'autant plus muss mer eis bewosst sinn, dass wann dat a Frankräich ass, mer jo och warscheinlech eng Autorisation de bâtir bei deene franséischen Autoritéite mussen ufroen. Ech hoffen, dass dorunner geduecht gëtt!

Eng aner Fro ass: Ass dee Wee en Deel vun engem Autopédestre? A wéi eng Leit profitéieren nach vun deem Wee, ausser deenen, déi Zougang zum Hangar hunn? Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Altmeisch. Här Tempels.

2b. Chemin forestier Lasauvage-Saulnes

GUY TEMPELS (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Hären, et ass sënnvoll, dee Wee hei ze maachen, dee mer elo un déi Gebaier uschlëssen, déi der Gemeng gehéieren. Ech hunn eigentlech nëmmen zwou Froen zu där ganzer Geschicht: Wat ass virgesinn an deene Gebaier do ze maachen, déi der Gemeng gehéieren? Oder ginn déi scho genotzt?

An déi zweet Saach. Ech mengen, mir hu schonn zwee Joer an eise Budgete stoen, dass mer mat der ASTA solle Bëschweeër oder Feldweeër maachen. Do ass jo bis ewell nach näischt geschitt. Wou sinn déi Projeten drun? Well do ware jo awer Saache virgesinn. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Tempels. Den Här Schwachtgen.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch, léif Frënn, léif Kollegen aus dem Gemengerot, léif Press, ech probéiere sou gutt wéi méiglech derduerch ze kommen haut, well ech e bëssen erkaalt sinn. E bësse vill erkaalt sinn.

Den Här Altmeisch huet e puer Froe gestallt. Dat ass elo keng beabsichtigt Ried hei. Ech äntwere vläicht implizitt op déi Froe schonn e bësse mat, well dat hei a mengem klengen Virtrag ass, deen ech awer wollt derzou halen.

D'Fro nom Territoire: C'est en République française, wou dat alles läit. Wann Der gär mat mer spadséiere gitt, invitéieren ech Iech oder een deen nach Loscht huet matzgoen.

Dir gitt beim Boulén-Terrain zu Lasauvage erof. An hannen am Eck vum Boulén-Terrain gesitt Der e Grenzsteen. De Moment steet och e Schëldchen do, dass Der a Frankräich erakommt. An et ass eng Autorisatioun do vum der Gemeng Zounen, fir dee Wee ze maachen. En ass och net begehbar, soulaang déi Aarbechten do sinn.

Et ass en neie Bëschwee am Fong op Zounen. Wat awer en ale Minièreswee war zwëschen dem Carreau de la mine vum Zounen an dem Carreau de la mine vu Lasauvage. Deen ass elo fräi geschnidden. Et sinn nëmmen 350 m ongeféier. E ganz pittoreske Wee, bien ensoleillé, wann een esou ka soen, am Mueren an am Nomëtten. An dee féiert dann an déi Mine à ciel ouvert, wou iwwregens och d'Galerië waren am Zounener Eck, op deem Territoire, dee mer am Kader vum eise Beméiunge fir mat de Fransousen deen Territoire Naturel Transfrontalier ze maachen, eebe konnte kafen.

Dir wësst, firwat dee kaaft ginn ass. Zu engem groussen Deel, fir déi Terrainen do ze notzen am Sënn vum engem gesonden Naturschutz, fir d'Agrarflächen uewen ze exploitéieren a fir déi Bëscher, déi mer och do kaaft hu vum Rodanger Klopp bis quasi erof op Longlaville, dann och enger Gestiou zouzeféieren, déi eis dann zegutt kënnt, respektiv an enger Kooperatioun mat deene franséische Gemenge vum TNT ze exploitéieren.

Mer hunn, doduerch dass mer déi Terrainen hunn, eng Securisatioun vum deenen Terraine gemaach. Déi Tagebauebidder ware jo e bësse verwëldert an derzou agelueden hunn, all méiglech aner Aktivitéiten op eemol ze implantéieren bis hin zu Dechargen. Dir wësst, d'SLR hat e ganz groussen Projet, fir do am Fong hir Residuen ofzeluede während 30 oder 40 Joer. Dat heescht, dat ass elo Déifferdenger Territoire a Frankräich. An d'Propriétéit ass Déifferdeng. Mer sinn natierlech an der franséischer Gesetzgebung. Do ginn ech Iech Recht. Ech mengen, do musse mer all Méiglechkeete kucken, dass mer déi Terrainen esou securiséiert kréien am Interêt vum de franséische Gesetzger, awer och am Interêt vum Propriétaire, wat mir jo da sinn.

Et gëtt iwwregens ganz vill Gemengen, och a Frankräich, déi zum Beispill Terrainen an anere Gemengen hunn oder méi wäit ewech. Dat ass keng Ausnam. Mer mussen eben déi Terrainen enger gudder Gestiou zouféieren.

Deemno mussen eis administrativ Organer, déi op där enger Säit vum der Grenz an déi op där anerer Säit, gutt zesummeschaffen. Wat awer, mengen

GUY TEMPELS (CSV) salue la réfection de ce chemin permettant d'accéder à des bâtiments appartenant à la commune.

À quoi ces hangars vont-ils servir? La commune y stocke-t-elle déjà du matériel?

Depuis deux ans, le budget prévoit des fonds pour la réalisation de chemins forestiers avec l'ASTA. Où en sont ces projets?

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

va faire de son mieux, mais il est enrhumé. Il va répondre de manière implicite à un certain nombre de questions.

Le terrain se trouve en France. Frenz Schwachtgen propose aux conseillers communaux d'y faire une promenade. Derrière le terrain de pétanque de Lasauvage se situe un panneau indiquant que l'on se trouve en France. La commune de Saulnes a autorisé les travaux. On ne pourra pas emprunter le chemin pendant la durée du chantier.

Frenz Schwachtgen ajoute que le chemin servait à relier le carreau de la mine de Saulnes au carreau de la mine de Lasauvage. Il fait 350 m de long. Il s'agit d'un chemin pittoresque permettant d'accéder aux terrains que la Ville de Differdange a achetés en France dans le cadre du Territoire naturel transfrontalier. La commune les a achetés pour exploiter les surfaces agricoles et effectuer une gestion écologique des forêts de Rodange à Longlaville en partenariat avec les communes françaises du TNT.

La commune a sécurisé les terrains, qui étaient sauvages et que certains voulaient transformer en décharges. Désormais, ces terrains français appartiennent à Differdange, qui doit respecter la législation française. Les terrains doivent être sécurisés dans l'intérêt des autorités françaises, mais aussi de Differdange.

De nombreuses communes françaises possèdent par ailleurs des terrains dans d'autres municipalités. Cela n'a rien d'exceptionnel. Ce qui importe, c'est de gérer ces terrains convenablement. Les différentes administrations devront collaborer. Le partenariat avec Saulnes se passe en tout cas bien.

2b. Chemin forestier Lasauvage-Saulnes

Frenz Schwachtgen répète que la France est donc accessible à travers ce chemin derrière le terrain de pétanque à Lasauvage. Il se situe à vingt mètres de la Minièresbunn menant à Saulnes.

Depuis l'acquisition des terrains, les services communaux se sont débarrassés de beaucoup de déchets. Désormais, ils sont propres. La faune et la flore sont riches.

Pour ce qui est des hangars, Frenz Schwachtgen ne sait pas encore ce qu'on va en faire, mais il imagine que la commune pourrait y stocker la déneigeuse, dont elle n'a pas besoin en été. Les hangars sont en bon état comme ceux du Thillenberg.

Le chemin restera accessible aux piétons et aux cyclistes, mais pas aux véhicules particuliers. Autrement, les frontaliers risqueraient de l'emprunter régulièrement, ce qu'il fait éviter.

Il existe un deuxième accès: un chemin privé sous le viaduc. Il est étonnant qu'on ait vendu un chemin à des particuliers et que ceux-ci puissent décider de l'accès à Saulnes.

Frenz Schwachtgen mentionne aussi un chouette chemin de plusieurs kilomètres menant de Hussigny à Cons-la-Grandville le long d'une ancienne voie ferrée.

La réfection du chemin dont il est question aujourd'hui valorise les hangars, mais aussi les chemins de randonnée jusqu'au Klopp à Rodange, ce qui promet un beau partenariat avec la France. La Minièresbunn va, elle aussi, être valorisée. Du côté de Saulnes, elle est en mauvais état, mais Frenz Schwachtgen imagine un chouette aller-retour.

Les écologistes voient de nombreux avantages à ces travaux. Il espère que la population profitera de ce chemin, qui devrait contribuer à un rapprochement avec les voisins français.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)

constate que monsieur Schwachtgen a répondu à plusieurs questions. En ce qui concerne les hangars, le service écologique a du mal à trouver de l'espace de stockage – par exemple pour les plantes en hiver.

ech, mat der Gemeng Zounen kee Problem ass, well se eis an all deene Projekten do ënnerstëtzen.

Wéi gesot, déi Surfrance, wéi dat am Volleksmond zu Lasauvage heescht, ass elo eng nei Accessibilitéit op der Säit vum Boulou-Terrain Déifferdeng. Dee Wee läit just iwwert der Minièresbunn, déi op Zounen fiert. Vläch 20 Meter méi héich. An e kënnt och op der Minièresbunn eraus, wou et da weidergeet op Zounen.

Den Achat huet scho mol dozou bäigedroen, dass eis Gemengendéngschter mat Hëllef och vun de Fransousen ganz vill Decheten erausgeholl hunn. Dat gesäit elo ganz propper aus. Dat heescht, d'Natur ass erëm eleng. Flora a Fauna si ganz räich dohannen am Eck. An et geet net nëmmen drëm, dass déi Hale lues a lues exploitéiert ginn. Ech weess d'Destinatioun elo nach net genee, mee et ka Stockage dra gemaach ginn. Zum Beispill de Schnéiplou, dee mir dee ganze Summer net brauchen, kënne mer do ënner Daach stellen. An ech weess net wat nach. Dat sinn einfach elo mol Guillemeten. Huet dat elo net wuertwäertlech.

Déi Hale sinn no enger gewësser Renovatioun a Securisatioun an engem gudden Zoustand, grad esou wéi déi verschidden Halen um Thillebiérg a kéinten dann engem Zweck, vläch och transfrontalier, zougefouert ginn.

Deen neien Zougang zu Frankräich ass natierlech fir Spadséiergänger a fir d'Vëlofuerer tiptopp praktikabel. Et ass jo gesot ginn, dat géif net opgemaach fir de Privatverkéier. Soss hätt mer jo dee ganze franséischen Trafic, deen d'Héisinger Strooss erofkënnt, zum Deel duerch Lasauvage an dann d'Hiel erof oder op Rodange eriwier. An dat wëlle mer jo natierlech net.

Deen aneren Accès, ass e Privatwee, deen ënnen am Dall ënner dem Viaduc duerchgeet. Dat ass e Privatwee, wou eng Firma, Casola, am Fong och d'Schlüsselrecht huet zu deem Wee. Komescherweis sinn deemools d'Weeër verkaaft ginn an de Privatmann kann am Fong iwwert den Haaptaccès zu Zounen decidéieren, wéi e wëll.

Wat mer nach hunn, ech wëll dat zielen, well vill Leit dat net wëssen, ass dee

formidabel neien a flotte Wee vun Héising bis op Cons-la-Grandville, hanner Lonkech, Réhan... Dat ass e Vëloswee an e Spadséierwee, deen eng jett Kilometer laang ass laanscht déi al Zuchlinn leeft a Frankräich. Also hu mer eng, zwou oder dräi Méiglechkeeten, fir elo eis Kontakter och mat der Gemeng Zounen, Herserange, Boulaine a weider op Lonkech ze verbesseren. A wéi gesot, et ass e Spadséiergang wäert!

Also op där enger Säit kréie mer eng Mise en valeur vun eisen Hangaren. Awer mer kréien natierlech och eng Extenssioun vun eise Spadséierweeër bis hannen op de Klopp, op Rodange, op de Plateau vum Rouden Haff... Mer hunn also do all Méiglechkeete mat de Fransousen zesummen, ganz flott Saachen ze maachen.

Et kann awer och derzou bäidroen, dass mer eng Revalorisatioun vun der Linn vun der Minièresbunn kréien, déi jo zimmlech brooch läit op Zounen hin. Mee hei kéint ee sech e flotten Aller-Retour virstellen, deen och elo vill méi flott ausgebaut ass.

Wéi gesot, dat sinn am Fong e puer Grënn, firwat, dass dat do eng ganz gutt Saach ass an eisen Aen an an den Ae vun eiser Koalitioun. Ech hoffen, dass dat deementspriedend vun der Bevëlkerung genotzt gëtt. A finalement dréit et och derzou bidden ze deem Rapprochement Transfrontalier, dee mer jo wëllen ustrieue mat eise franséischen Noperen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci, Här Schwachtgen. Ech géif d'Wuert un d'Madamm Pregné ginn, fir ze äntweren.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci. Merci, Här Schwachtgen. Dir hutt schoen op eng ganz Rei Froen geäntwert. Vläch nach just zum Stockage. Do si méttlerweil eng ganz Rei Iddien opkomm, well mer ëmmer erëm Problemer hunn, Saachen och vum Service écologique ze stockéieren. Ënner anerem eng ganz Rei Planzen, déi mer mussen eranhuelen, fir ze iwwerwanteren.

3a. Impôt commercial / 3b. Impôt foncier

An da kënne déi Hangaren och am Kader vum europäesche Projet FUSILLI genotzt ginn, wa mol Ateliere sollte gemaach ginn. Einfach duerch d'Proximitéit mat den Nopeschge-
menge vum TNT an natierlech och den Terrainen, déi dann och eng Plattform kënne sinn an deem Projet FUSILLI.

Fir op déi Fro vum Här Tempels zréck-
zekommen, also et ass esou, dass effek-
tiv zwee Feldweeër, soen ech elo mol,
nach sollten am Kader vun der ASTA
gemaach ginn. Dee Wee bei der Kondel
soll nach dëst Joer gemaach ginn. Mir
waarden do op den Depart. Deen
zweete Wee gëtt sécherlech net méi dëst
Joer gemaach. Do gëtt et intern Proble-
mer bei der ASTA mat Kompensa-
tionsmoossnamen. Do kënne mir
leider näischt dofir. Villmools Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Pregno. Da komme
mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unani-
mité d'approuver le devis pour le re-
nouvellement d'un chemin forestier
entre Lasauvage et Saulnes.*

Ech soen Iech villmools Merci. Da géife
mer zum drëtte Punkt kommen. Deen
ass opgedeelt an de Punkt a) an an de
Punkt b). Da maache mer et och mat
zwee Votten. Dat eent geet ëm den
Impôt commercial. Dee muss jo fixéiert
gi fir 2022. Dat hat ech schonn iergend-
wou gesot, dee loosse mer sinn, dee
bleift tel quel wéi en ass, bei 350 %.
Ech denken, da kënne mer do vläicht
direkt zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unani-
mité de fixer le taux de l'impôt com-
mercial pour l'exercice 2022.*

Villmools Merci. Da komme mer zum
Punkt 3b). Do geet et ëm d'Grondsteier.
Mir hunn en fin de compte no laangen
Diskussiounen decidéiert, d'Gronds-

teier esou ze loosse wéi se ass. Dat
heescht am Moment bei 600 % fir de
B6. Fir alles, wat net gebaut/bebaut ass.

Mir haten awer am Schäfferot laang
Diskussiounen, ob mer eng Erhéijung
maache vun der Grondsteier oder net.
Et gëtt zwee Grënn, firwat mer bei där
Decisioun bliwwe sinn, fir et sinn ze
loossen, wéi et elo ass. Op där enger
Säit, dass mer net nach déi dräi Wisen,
déi mer hunn hei zu Déifferdeng,
forcéieren, dass drop gebaut gëtt, ouni
dass mer dat elo esou direkt wëllen.
Well mer jo soen – op jidde Fall de
momentane Schäfferot –, dass mer ier-
gendwéi e bësse Rou hei an der
Gemeng brauchen, fir iwwerhaapt dat
emol ze absorbéieren, wat an deene
leschte Joren hei geschitt ass. Am
Gudden. Mee mir mussen de Leit a sou-
guer den Infrastrukturen och d'Chance
ginn, fir dat iwwerhaapt opzefänken.

An deen anere Grond ass, dass op na-
tionalem Plang Reforme fir déi Grond-
steier ustinn an dass mer denken, dass
mer do elo net solle virun de Won lafen.

Dat sinn d'Explikatiounen firwat mer
bei deene 600, also bei deem näm-
lechten Taux bliwwe si wéi d'lescht
Joer.

Här Weirich.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):

Merci, Madamm Buergermeeschter, léif
Kolleginnen a Kollegen, ech si frou,
dass op d'mannst d'Diskussioun statt-
fonnt huet am Schäfferot, fir de B6 ze
erhéijen.

Ech verstinn déi Argumenter, fir déi
Entwécklung emol sacken ze loosse.
Déi Neibauten, déi an de leschte Jore
stattfonnt hunn. Mir sinn effektiv e
gutt Stéck gewuess iwwert déi lescht
Joren. Dat verstinn ech. Mee vum
Moment u bis op en neie Bauterrain
eppes gebaut gëtt, wat wierklech en
Impakt mat sech bréngt, zéie Joren an
d'Land bis een do d'Auswierkungen ze
spiere kritt. An deem Sënn fannen ech
et schued, dass mer net profitéieren, fir
de B6 signifikant eropzesetzen an
iwwert dee Wee awer trotzdem ze
forcéieren, datt erschlossen Terraine
bebaut ginn.

*Les hangars pourraient aussi être
utiles dans le cadre du projet euro-
péen Fusilli, car ils se trouvent à
proximité des communes du TNT.
Laura Pregno revient sur les pro-
pos de monsieur Tempels. Deux
chemins seront refaits avec l'Asta.
Le chemin du Kondel sera rénové
cette année et l'autre chemin plus
tard. L'Asta rencontre des pro-
blèmes concernant les mesures de
compensation.*

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

*passé au point 3a, l'impôt commer-
cial. Le collège échevinal a décidé
de le maintenir à 350 %.*

(Vote)

*Christiane Brassel-Rausch passe à
l'impôt foncier. Ici aussi, le collège
échevinal a décidé de le maintenir à
600 %. De longues discussions ont
eu lieu. Mais le collège échevinal ne
veut pas forcer la viabilisation des
trois prairies qu'il reste à Differ-
dange. La commune a besoin de
calme afin d'absorber le développe-
ment des dernières années.*

*En outre, le gouvernement planifie
une réforme de l'impôt foncier. La
commune ne veut pas mettre la
charrue avant les bœufs, d'où la
proposition de conserver le taux à
600 %.*

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK) est

*content d'apprendre que des discus-
sions ont eu lieu. Il comprend l'ar-
gument selon lequel il faut absorber
les nouvelles constructions de ces
dernières années. Cependant, au
Luxembourg, il faut des années
pour ressentir les conséquences de
la décision de construire une bâtisse
sur un terrain. C'est pourquoi il est
dommage de ne pas augmenter sen-
siblement le taux du point B6.*

*Le point B6 concerne des terrains
de construction que le propriétaire
laisse en friche. Il n'y en a proba-
blement pas beaucoup. Tout le
monde dans le pays parle de la crise
du logement. L'approche de la Ville
de Differdange pour créer des loge-
ments spécifiques et abordables est
louable.*

3b. Impôt foncier

En augmentant le taux de l'impôt B6, elle se montrerait cohérente, car elle forcerait les propriétaires à viabiliser des terrains constructibles.

Eric Weirich rappelle que la commune de Diekirch a multiplié le taux par vingt il y a deux ans. Pour un terrain, le propriétaire paye désormais 3000 € par an au lieu de 150 €. Compte tenu de la crise du logement, il serait logique d'augmenter le B6.

ERNY MULLER (LSAP) soutient entièrement la proposition du collège échevinal. Il ne faut pas forcer les gens à construire, car Differdange exploserait. La situation est déjà suffisamment délicate.

Erny Muller pense aussi qu'il faut attendre ce qui va être fait dans le pays même si monsieur Weirich a raison de dire que les choses avancent tout doucement. Il espère que le gouvernement présentera rapidement un concept pour la gestion des terrains constructibles.

Il insiste sur le fait que la commune a autant de problèmes avec les nouveaux projets qu'avec les logements vides. Si elle augmente le B6 massivement, elle devra réfléchir aux modalités. Car on ne peut pas taxer quelqu'un qui conserve un terrain pour des besoins privés de la même façon que quelqu'un qui cherche à faire des bénéfices importants. Pour toutes ces raisons, les socialistes veulent maintenir le taux de l'année dernière.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) s'associe aux paroles de monsieur Muller. Certes, le Luxembourg a un problème avec le logement. Mais Georges Liesch ne pense pas qu'un impôt aurait un grand impact à Differdange. Car si on introduit une telle taxe, il faudra veiller à cibler les bonnes personnes. Or Differdange ne compte pas beaucoup de terrains libres. La commune veut-elle vraiment les viabiliser tous ?

Hei geet et jo haaptsächlech beim B6 ëm erschlosse Bauterrainen, déi deementspriedend ausgewise sinn an déi einfach net bebaut ginn. Ech mengen, dat ass och keng Onmass vun Terrainen. Ech mengen, mëttlerweil schwätzt all Partei am ganze Land, egal ob um Niveau vun de Gemengen oder national, vu Logementskris. All Mënsch ass sech deem Problem bewosst. Mir sinn och als Gemeng eigentlech relativ gutt ënnerwee mat eiser Approche zur Logementspolitik, fir op eise Niveau vun der Gemeng och Wunnraum ze schafen. Spezifesch Wunnraum, abordabel Wunnraum, haaptsächlech fir Leit, déi keen Accès op de Logementsmarché hunn. An ech mengen, et wär nëmme koherent, wa mer als Gemeng Déifferdeng de B6 géifen an d'Luucht setzen, justement fir ze forcéieren, dass Bauterrainen, déi bestinn, an déi haut broochleien, bebaut ginn.

Ech denken do un aner Gemenge wéi zum Beispill Dikrech, déi dat gemaach hu virun zwee Joer. Déi hunn de B6 20 Mol eropgesat. Da schwätze mer vun haut lächerlechen, loosse mer soen, 150 Euro d'Joer fir e broochleien Bauterrain op 3.000 Euro d'Joer. Wat awer dann, mengen ech, relativ wéi deet engem Proprietär, wann e muss amplaz 150 Euro 3.000 Euro d'Joer bezuele fir e Bauterrain, deen en einfach net entwéckelt. Aus wéi engem Grond och ëmmer.

Wéi gesot, am Sënn vun der Logementskris, wär et nëmme ubruecht, wa mer de B6 géifen eropsetzen. An dowéinst kann ech dee Punkt hei leider net matstëmmen. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Weirich. Här Muller.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, fir d'Wuert. Ech wëll hei zum Ausdrock bréngen, dass mir als LSAP Déifferdeng Är Propositionen, wéi Der se hei gesot hutt, komplett ënnerstëtzen. Ech hunn och déi Jore virdru schonn erwänt gehat, dass mer, op jidde Fall wat elo den Terrain ube-laangt, mussen oppassen – wéi Dir sot

–, dass mer elo net d'Leit forcéieren, onbedéngt bauen ze loosse. Dann explodéiere mer hei komplett. Well mer sinn elo schonn an enger ganz delikater Situatioun. Dat ass dat Éischt.

Dat Zweet ass, dass mer awer och ëmmer gesot hunn, mir sollten ofwaarden, wat um nationale Plang geschitt. Et muss een awer och allerdéngs soen – an do muss ech vläicht dem Här Weirich e bësse Recht ginn –, dass et absolut ganz lues virugeet. Ech ginn awer dovun aus, dass et deemnächst wäert méi rapid zu engem nationale Konzept kommen, wat d'Bauterrainen ube-laangt.

Dir hutt jo selwer gesot, mir hätte fir d'Logementer eng aner Léisung. Ech géif souguer soen, dass grad esou vill Problemer si mat leerstehende Wunnengen, wou Wunnraum verluer geet, wéi mat deenen neie Projeten. A wa mer elo massiv eropgi mam B6, musse mer allerdéngs och eis Gedanke maachen iwwert d'Ausféierungsbestimmungen. Well ech mengen, do kann een och net ee wéi deen aneren taxéieren. Deen ee behält den Terrain fir de private Gebrauch, een anere wëllt domadder grouss Beneficer maachen. Do muss ee kucken, ob een déi Leit an een Dëppe gehäit oder net. Ech mengen, dee Moment stelle sech nach aner Froen.

Op jidde Fall, mir ënnerstëtzen dat, wat Der gesot hutt: Mir bleiwe bei deem Taux. 100 %. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Här Liesch.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Merci, fir d'Wuert. Mir kënnen eis deem ralliéieren, wat den Här Muller elo grad gesot huet. Natierlech si mer eis bewosst, dass mer e Logementsproblem hei zu Lëtzebuerg hunn. Ech denken awer net, dass mer mat deem Impôt, op jidde Fall hei zu Déifferdeng, ee groussen Impakt hunn op de Logementsproblem. Wa mer schonn eppes maachen, hätte mer jo gär, dass et och zilgerecht ass an dass et och eppes bewierkt. A mir hunn hei zu Déifferdeng net méi vill fräi Terrainen. Do

stellt sech scho mol éischtens d'Fro: Wëlle mer déi iwwerhaapt nach alleguerte bebauen? Ass et net awer och wichteg an enger Stad wéi Déifferdeng, fräi Terrainen ze hunn? Sief et public oder privat. Dat ass dann nach ze kucken.

An op där anerer Säit, wéi den Här Muller gesot huet, muss een natierlech och kucken: Firwat stinn déi Terrainen eidel? Wann een do e Gaart huet, deen op der Strooss läit, deen also bebaubar wär, gi mer deem dann elo duerch eng erhéichten Tax, säi Gaart esou miesgrübeg maachen, dass e seet, elo gëtt mäi Gaart esou deier, dass ech dee muss verkafen, fir dass do ka gebaut ginn? Dann hu mer zwar op där enger Säit vläicht ee Logement, deen dann entstanen ass. Op där anerer Säit hu mer awer och als Stad do en Terrain verluer, wou wierklech eppes passéiert ass. Ech mengen, dass mer dat wuel iwwerluecht sollte maachen. Et ass natierlech e Moyen, fir ze reagéieren. Mee et ass awer sécher hei zu Déifferdeng, mengen ech, net dee richtegen.

Mir empfangen och éischter, dass et besser wär, wéi den Här Muller och elo gesot huet, mol eng Analys ze maache vum fräie Bestand, deen do ass. Gebaute Wunnraum, deen eeben eidel steet. Wëssend, dass mer och do nach ëmmer keng legal Moyenen hunn, fir eng Tax anzeféieren. Mee dat soll jo da kommen. Mee et wär awer scho mol gutt ze wëssen vu wat mer schwätzen. Deen Impakt, mengen ech, wär vill méi grouss. Well dat ass dann eppes, dat gebaut ass, dat kéint bewunnt ginn an dat net bewunnt gëtt, eeben aus verschiddenen Ursaachen. An do muss een och erëm eng Kéier d'Ursaachen analyséieren: Firwat steet eng Wunneng eidel? Ass et, well engem seng Eltere vläicht an eng Seniorewunneng gaange sinn? An dat eeben temporär nach ass. Gëtt een do engem Zäit? Oder ass et aus Spekulation? An dat gëtt et leider och, wou ee seet, datt eng eidelstoend Wunneng vill méi wéi Sue bréngt um Spuerbuch an ech loossen déi einfach eidel stoen. Da gëtt se och net ofgenotzt an ech kann déi an zéng Joer mam duebele Präis verkafen? Dat ass d'Realitéit hei zu Lëtzebuerg.

Mir mengen also, dass et aner Hiewele gëtt, fir dat dote besser ze maachen. En plus, wat d'Madamm Buergermeesch-

ter och elo gesot huet, et ass richtig, et geet ganz lues virun, an do ginn ech dem Här Muller och Recht. Also mir hätten eis och gewënscht, dass hei vill méi eng grouss Vitesse de croisière wär. Mee et ginn awer elo Diskussiounen gefouert. An alles, wat een elo héiert – leider hunn ech nach net vill ze liese kritt – geet op jidde Fall fir eis emol an déi richtig Richtung. Ob et elo en fin de compte, wann et bis verschrëftlecht ass, wäit genuch geet, kënne mer natierlech dann erëm gedeelter Meenung sinn. Do wäerte mer och gedeelter Meenung sinn, mee et geet awer elo mol an déi richtig Richtung.

An ech mengen och als Gemeng Déifferdeng sollt een ofwaarden, wat schlussendlech accouchéiert gëtt op nationaler Säit, ier mer eis elo hei mat engem klengen Prozentsaz, dee mer eropsetzen, och nach vläicht déi falsch Leit geroden. An, wéi d'Madamm Buergermeeschter gesot huet: Wëlle mer dat doten? Ech fannen, déi Fro muss ee sech awer och stellen.

Duerfir bleiwe mir och gäre bei deem Prozentsaz.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Liesch. Här Ruckert.

ALI RUCKERT (KPL):

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, am Fong geet et jo net nëmmen ëm déi Tax elo vu 600 %. Et geet drëm, datt elo gesot gëtt, mer waarden drop, wat op nationalem Plang geschitt. Ech wëll drun erënneren: Zéng Joer laang ass näischt op nationalem Plang geschitt.

Lescht Woch ass nach eng parlamentaresch Ufro an der Chamber gewiescht, wou d'Inneministesch drop geäntwert huet, si wësst nach ëmmer net, wat fir een Taux soll geholl ginn. Also dat ass dach awer mat der Kierbiischt geschafft. An et kann nach laang daueren, bis do iwwerhaapt eppes erauskënnt.

Ech mengen och, dass dat just als Virwand geholl gëtt, fir eeben net op nationalem Plang iwwer eng Spekula-

En outre, comme l'a dit monsieur Muller, il faut se demander pourquoi ces terrains ne sont pas construits. Va-t-on par exemple forcer un habitant à vendre un jardin côté route ou à y construire des logements? La Ville de Differdange se retrouverait avec une habitation supplémentaire, mais elle perdrait un terrain, qui était vraiment utilisé. Le collège échevinal doit procéder de manière réfléchie. Une taxe constitue un moyen, mais peut-être pas le bon à Differdange.

Pour Georges Liesch, il faut d'abord analyser le nombre de logements libres, mais non habités, même si légalement, la commune ne peut pas les taxer. L'impact serait plus important que pour les terrains, car il s'agirait alors d'immeubles existants, mais vides. Bien entendu, il faudra évaluer la situation au cas par cas, car une habitation peut rester vide temporairement parce que quelqu'un est parti en maison de retraite. Or c'est la spéculation qu'il faut viser. Car un logement représente plus qu'un revenu régulier parce qu'on peut le revendre quelques années plus tard au double du prix.

Monsieur Muller a raison de dire que les choses avancent trop lentement au niveau national. Mais ce que l'on entend va dans la bonne direction même s'il est probable que tous les partis ne seront pas satisfaits. En tout cas, la Ville de Differdange devrait attendre les mesures du gouvernement avant d'augmenter une taxe qui risquerait d'atteindre les mauvaises personnes.

ALI RUCKERT (KPL) estime que la discussion ne porte pas seulement sur le taux de 600 %. La commune veut attendre le gouvernement, qui ne fait rien depuis dix ans. La semaine dernière, la ministre de l'Intérieur a admis à la Chambre qu'elle ne savait pas quel taux adopter. Bref, cela va encore prendre beaucoup de temps.

De toute façon, Ali Ruckert pense qu'il s'agit d'excuses pour ne pas discuter d'une taxe sur la spéculation frappant les terrains non utilisés. Le gouvernement préfère ne pas en parler.

Ali Ruckert rappelle qu'il a proposé au collège échevinal d'introduire une telle taxe. Sa motion a été rejetée. Le collège échevinal mentionne une telle taxe dans son programme, mais ne fait rien. En attendant, les propriétaires de ces terrains s'enrichissent.

Le collège échevinal sait-il combien il y a de ces terrains à Differdange? Car pour mener des discussions, il faut savoir de quoi on parle.

Ali Ruckert avait aussi proposé une taxe sur les logements vides. Existe-t-il des chiffres? Le conseiller communal a entendu parler de 500 logements. Y a-t-il un cadastre? Ou bien le collège échevinal parle-t-il au hasard?

De toute façon, même une augmentation du taux ne changerait pas grand-chose à la spéculation. Car le Luxembourg ne compte pas seulement cinquante grands spéculateurs, mais des milliers de petits spéculateurs. Le seul moyen serait d'introduire une taxe reflétant l'augmentation de la valeur du sol. La taxe doit être très élevée. Une commune peut le faire, mais elle n'obtiendra pas forcément les autorisations nécessaires. Le gouvernement a par exemple empêché Esch de taxer ArcelorMittal. C'est pour quoi une taxe sur la spéculation nationale serait plus efficace, mais les partis au pouvoir ne semblent pas y être favorables.

Ali Ruckert ne cautionne pas ces pratiques et votera contre le maintien du taux.

JERRY HARTUNG (CSV) rappelle que la discussion porte sur des terrains constructibles non utilisés. Il serait effectivement intéressant de savoir de combien de terrains on parle. Au cours des dernières années, les projets de construction ont été nombreux et Differdange a besoin d'une période d'accalmie.

Les chrétiens sociaux auraient tendance à augmenter le taux B6. Mais la question se pose alors de savoir quel taux adopter et qui taxer. Car il s'agit de cibler les spéculateurs et non des particuliers gardant un terrain pour leurs enfants.

tiounssteier op Bauland, dat net genotzt gëtt, ze schwätzen. Well dat ass jo och esou ee Problem, dass dat einfach ënner den Dësch gekiert gëtt.

Hei zu Déifferdeng war et jo d'selwecht. Ech hat hei am Gemengerot de Virschlag gemaach, fir esou eng Tax anzeféieren. Deen ass verworfen ginn. An der Tëschenzäit huet de Schäfferot dat souguer a sengem Programm. Mee et passéiert awer näischt. Et passéiert näischt. Dat heescht, et bleift alles wéi et ass. An déi Leit, déi esou Terrainen hunn, verdénge sech eng gëllen Nues.

Vläicht kënnst Der eis och soen, wa mer grad bei deem Taux hei si vu 600 %, wivill Bauland et dann nach zu Déifferdeng gëtt, dee kéint direkt erschloss ginn. Hutt Der do genau Zuelen? Well wa mer déi Diskussioun féieren, wär et jo awer wichteg, do eng Zuel ze hunn, dass ee weess, iwwer wat ee schwätzt.

Dat selwecht an deem Zesummenhang kann ee jo och soe mat deenen Haiser, déi eidel stinn. Och do hat ech e Virschlag gemaach, eng Tax ze maachen op Haiser an op Wunnengen, déi iwwer laang Zäit eidel stinn. Gëtt et do Zuelen? Ech hunn emol héieren, et wäere bis 500 Wunnengen, déi an der Gemeng géifen eidel stoen. Mee gëtt et do e Kadaster, wou een dat ka gesinn, wat eidel steet. Oder schwätze mer do an d'Blannt eran? Och do misst een natierlech wëssen, ongeféier iwwer wat ee schwätzt.

Mee et dierf een net mengen, och wann elo op nationalem Plang esou en Taux festgeluecht gëtt, dass een domat d'Spekulatioun kéint seriö bekämpfen. An et ass och net, dass esou vill Suen dann erakommen. Et misst ee vläicht drun erënneren, dass et just eng Moossnam gëtt, fir d'Spekulatioun ze bekämpfen, an déi derzou féiert, dass se ganz ausgedréchent gëtt. De Problem ass: Zu Lëtzebuerg gëtt jo net nëmme 50 grouss Spekulanten. Et gëtt e puer Dausend kleng Spekulanten och, déi mat Wunnenge spekuléieren. Dat ass just méiglech, wann een eng Tax aféiert, déi dem Buedemwäertzouwuess entsprécht. Dat heescht, et muss eng ganz héich Tax sinn. Soss gëtt awer ëmmer weider spekuléiert.

Dat kann ee versichen op lokalem Plang ze maachen, wou et awer net

sécher ass, ob een dann iwwerhaapt d'Geneemegung kritt, esou Taxen anzeféieren. Et gëtt Beispiller an der Vergaangenheet, wou d'Regierung erfollegräich verhënnert huet, zum Beispill wéi d'lénks Koalitioun zu Esch wollt eng sanitär Tax aféiere fir d'ARBED deemools. Dat muss een also kucken. Mee et wär natierlech vill besser, et géif op nationalem Plang esou eng Spekulationstax agefouert ginn. Mee do schéngt et, wéi wa keng vun deenen dräi Parteien, och net Är Partei, Madamm Buergermeeschter, déi gréng och net, wéilten op dee Wee goen.

Mee duerch déi ganz Situatioun do, wëll ech awer soen, datt ech awer hei dat net cautionéiere wëll an ech wëll dofir géint dat stëmmen, wat hei proposéiert gëtt.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Här Hartung.

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci. Wéi elo gesot, geet et just ëm déi eidel Terrainen, déi awer schonn erschloss als Bauterrain sinn. An do stellt sech effektiv d'Fro och vun der Zuel. Do wär et effektiv gutt, wann een eng Kéier kéint Zuelen hannendru setzen, ëm wivill mer hei zu Déifferdeng schwätzen. Well, wéi scho gesot gouf, gouf an de leschte Joren effektiv massiv hei gebaut. An eng kleng Rouzäit deet och der Stad net schlecht.

An eiser Fraktioun hu mer vill diskutéiert bezüglech dem B6. Och mir haten e bëssen d'Tendenz, fir dat endlech eropzesetzen. Do stellt sech awer dann hannendrun déi grouss Fro, wat jo och elo schonn hei ugeschwat gouf: Ëm wéi vill an ab wéi vill Terrain? Well u sech wëll ee jo de Spekulant treffen an net den eenzelne Privaten, deen zum Beispill nach muss spueren, fir kënnen ze bauen oder vläicht en Terrain fir säi Kand hält.

All dës Iwwerleeunge lafe jo och op nationalem Plang. An an der Ried zur Lag vun der Natioun gouf jo och matgedeelt, datt eeben eng Spekulationstax op de Wunnraum soll kommen.

Natierlech hëlt dëst erëm e bëssen Zäit. Fir déi ganz Spekulation op den Terrainen ze ënnerbannen, brauch et jo och vläicht nach aner, méi spezifesch an differenzéiert Mesurë wéi just d'Grundsteier. A leider wësse mer als Gemeng jo nach guer net, wéi dës Regelungen um nationale Plang duerno wäerten ausgesinn. Dofir soll ee sech elo op kommunalem Plang nach dës Zäit ginn an dann hei eppes Deementsprechendes a Wueliwwerluechtes ausschaffen, wat passt, an zesumme mat den nationale Richtlinnen da Sënn mécht. Deementsprechend denke mir, sinn Ännerunge just à court terme hei elo net ubruecht a stëmmen och dat wat hei am Dossier ass, mat.

Mir wollten awer och nach drop agoen, wat elo scho gesot gouf. Effektiv, ee Problem, dee mer méi grouss gesinn, ass den eidele Wunnraum, dee scho besteet. Also déi eidel Wunnengen. Virun e puer Joer hate mer d'AISK haapt-sächlech ënner Déifferdenger Initiativ an d'Liewe geruff, fir eeben, well et jo verschidde Grënn gëtt, firwat esou Wunnengen eidel stinn, dergéint virzegoen. De Leit Alternativen ze weisen, wa se sech net selwer kënnen drëm këmmen, datt dann d'AISK dat géif verwalten. An ech mengen, et misst ee sech effektiv mol eng Kéier d'Fro stellen, wéi een do wéilt weidergoen. Mee bon. Elo si mer awer bei der Grundsteier. An déi stëmmen mer elo esou mat, wéi se hei ass. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Hartung. Här Mangel.

SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):

Ech wollt just e puer Informatiounen ginn. Den Här Minister Kox war gëschter hei bei der Aweiung zu Nidderkuer an ass e bëssen op déi Problematik agaangen. Ech mengen, do sinn awer Saachen, déi lafen. A wann dat duerchgesat gëtt, gesäit dat positiv aus. Ënner anerem besteet nach kee Gesetzesrame fir eidelsteeënd Wunnengen. Si sinn amgang, dat ëmzeänneren. Do musse mir dann als Gemeng an als Staat zesummeschaffen, fir e Vertikal-Kadaster opzesetzen. An et ass och virgesinn, fir Lëschten ze féiere vu Leit, déi Wun-

nengen sichen, a vun eidelsteeënd Wunnengen, an datt déi Leit dann zesummegefuert ginn.

Den Här Kox hat do geschwat, datt dat um Lafe wier an eventuell d'nächst Joer géif duerchkommen. Ech géif dat als positiv op jidde Fall bewäerten, wa mer e gesetzleche Rame kréichen, datt mer déi Wunnengen, déi eidel stinn, kënnen ophuelen an dann och Hëllef kréien, fir déi vermëttelt ze kréien.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Mangel. Ier mer zum Vott kommen, wëll ech Iech soen, datt eise Service Urbanisme Iech am Nachhinein, wéi Der et elo scho gewinnt sidd, d'Zuele vun den Terrainen wäert matdelen. Et sinn der net ganz vill. Ech hu se am Büro. Ech hu se awer elo wierklech net am Kapp.

Op där anerer Säit, fir d'Logementer wäert den Här Ricciardelli Iech eng Äntwert ginn. Mee mir hunn als Gemeng de facto am Moment keng direkt Handhab, fir ze kucken, wat fir Wunnengen eidel stinn. Et gëtt Moyenen. Mee dat sinn awer keng offiziell Aart-a-Weisen, fir gewuer ze ginn, wivill Wunnengen hei eidel stinn. Mee Dir wäert déi Äntwerten nodréiglech vun eise Servicer zougestallt kréien.

Da kéinte mer zum Vott kommen.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Ech soe vläicht och just, well d'AISK gefall ass, datt mir fir den Déifferdenger Raum ee Filtrage gemaach haten. Well et ass jo méiglech: Du kenns deng Proprietären iwwert den Impôt foncier. An du gesäis am Biergeramt dann och, ob de Proprietär dra wunnt oder ob et locativ beschäftegt ass.

Dat heescht: Mir hu schonn e groussen Deel Vertikal-Kadaster an där Hisiicht, wat do vun der Regierung wäert gefrot gi vun alle Gemengen. Do si mir schonn zimmlech wäit fortgeschratt als Stad Déifferdeng. Mir hunn dee Filtrage gemaach. Zweek Joer oder dräi Joer hier, hate mer all déi Proprietären ugeschriwwen. Ech muss Iech soen, dass mer immens enttäuscht waren.

Dans le discours sur l'état de la nation, une taxe nationale sur la spéculation a été annoncée. Mais il faut du temps et des mesures plus efficaces que l'impôt foncier. Or la Ville de Differdange ne sait pas quelles mesures le gouvernement va adopter. C'est pourquoi elle fait bien d'attendre et de mettre ensuite en place un concept réfléchi et adapté. Des modifications à court terme ne serviraient à rien.

Pour Jerry Hartung, le problème des logements vides est bien plus important. Il rappelle que Differdange a mis en place l'AISK pour montrer aux propriétaires qu'ils n'ont pas forcément à s'occuper d'un logement qu'ils louent.

En tout cas, les chrétiens sociaux approuveront l'impôt foncier tel que proposé.

ROBERT MANGEN (CSV) signale que le ministre Kox a abordé cette question hier à Niederkorn. Il a l'impression que les mesures prévues seront positives. Actuellement, il n'existe par exemple pas de loi-cadre relative aux habitations vides. Mais cela va changer. La commune et l'État doivent collaborer pour réaliser un cadastre vertical. Il est également prévu de dresser des listes d'appartements vides et de gens cherchant un logement. La loi devrait être approuvée l'année prochaine. Pour Robert Mangel, il serait important de disposer d'un tel cadre.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) ajoute que le service urbanisme fournira le nombre de terrains aux conseillers communaux. Elle n'a plus les chiffres en tête.

Pour ce qui est des logements, monsieur Ricciardelli peut fournir quelques réponses. Mais il n'existe pas de moyens officiels de savoir combien de logements sont vides.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL) précise qu'il est possible de connaître le nombre de propriétaires à travers l'impôt foncier. Le Biergeramt peut vérifier ensuite si le propriétaire vit dans le logement ou s'il le loue. La Ville de Differdange dispose donc déjà d'une sorte de cadastre vertical. Il y a deux ou trois ans, la commune a écrit à tous

4. Déifferdeng, eng Stad hëlleft

les propriétaires dans le cadre de l'AIKS. Henri Krecké a été déçu du résultat.

Le Luxembourg compte quelque 240 000 logements, dont 5 % sont inhabités. Il y a donc plus de logements inhabités que ce que le gouvernement prévoit de construire dans son plan quinquennal. Les propriétaires ont droit à un abattement fiscal s'ils louent leurs logements à travers l'AIKS, mais peu ont réagi. La commune a même contacté les maisons de retraite et les maisons de soin. L'AIKS gère actuellement cent logements dans la vallée de la Chiers. Or on estime le nombre de logements non habités à 1200. C'est dommage.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) passe à Déifferdeng, eng Stad hëlleft.

ROBERT MANGEN (CSV) annonce que la Ville de Differdange alloue une nouvelle fois 0,25 % de son budget à l'aide humanitaire. Cela représente 308 000 €.

La répartition de l'aide a été décidée par messieurs Hobscheit, Weirich et Hartung. Monsieur Mangen les en remercie. Il félicite aussi madame Romaine Regenwetter, qui a rassemblé les demandes et a participé aux discussions.

Le conseil communal dispose de trois tableaux. Le premier reprend les principaux projets représentant 298 000 €. Il s'agit avant tout de projets éducatifs, sanitaires, agricoles et écologiques soutenant les femmes et les enfants. Les ONG aidées sont reconnues par l'État, qui les subventionne à son tour.

Le deuxième tableau reprend les associations touchant une centaine d'euros. Les noms figurent sur la liste. En tout, cette aide se monte à 4500 €.

Les associations ayant déjà été soutenues dans le passé, mais n'ayant plus introduit de demande ainsi que les associations plus politiques se trouvent dans le troisième tableau. Le collège échevinal préfère ne pas les soutenir.

A wéi den Här Ruckert sot, gëtt et jo esou Donkelzuelen, ob et elo 5 %-Punkte sinn op deem ganzen Espace Logement vum Land. Wann ee bei 240.000 Wunnenge 5 % eraus-schiet vum net bewunnt, gesäit ee jo séier wou ee lant. Dann hu mer méi onbewunnt wéi dat, wat am Fënnef-Joresplang elo wäert vum der Regierung geschaf ginn. Déi 8.000 an eppes ginn nach eng Kéier 50 % gehéicht. A mir haten déi Aktioun gemaach hei zu Déifferdeng mat der Erklärung vum fis-kalen Abatement vu 50%. An d'Resultat war erschreckend niddreg, wat schued ass.

Mir sinn och schonn an d'Fleegeheimer an an d'Altersheimer gaangen. Hei eng Campagne, do eng Campagne. Mir sinn elo momentan bei ronn 100 Wunnenge fir de Kordall. Wann een nëmmen am Kordall den „Non habité“ esou op där 5 %-Theorie hält, huet de Kordall eleng schonn iwwer 1.200 net bewunnte Logementer. A mir hunn der dovunner knapp 100. Wat e wéineg schued ass. Mee wat solle mer dozou soen. Mir kënnen dat och net änneren.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Krecké. Da komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide avec 15 voix oui, 1 voix non et 1 abstention de fixer le taux de l'impôt foncier pour l'exercice 2022.

Merci, Messieurs, Dames. Da komme mer zum Punkt 4. Déifferdeng: Eng Stad hëlleft. An ech denken, dass den Här Mangen eis dat virstellt.

SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch, och dëst Joer gi mir 0,25 % vum onsem ordinäre Budget aus u finanzieller Hëllef fir Projete mat Drëttlänner. Dëst mécht insgesamt 308.000 Euro aus.

Wéi dës Hëllef verdeelt ginn, ass vu follgende Membere vum Gemengerot

entscheet ginn. An zwar vun den Häre Pierre Hobscheit, Eric Weirich a Jerry Hartung. Hinnen ee grouse Merci, fir mir bei der Auswiel vun de Projete Rot an Hëllef ginn ze hunn. Ferner e grouse Luef un d'Madamm Romaine Regenwetter, déi déi ganz Demanden, déi iwwert d'Joer erakomm sinn, gesammelt huet an ons bei de Gespréicher ënnerstëtzt huet. Wat net ëmmer einfach war bei där eesäiteger Paritéit: Eng Fra géint véier Männer.

Dir hutt an Ären Ënnerlagen dräi Tabloe virleien. Am Éischte sinn déi gréisser Projeten opgezielt, déi e Chiffer vun insgesamt 298.000 Euro ausmaachen. Ech ginn elo net op all Projet an. Si ginn all an onsem Magasinn virgestallt. Mir sinn awer onser Linn trei bliwwen. Et sinn haaptsächlech Projeten, déi Fraen a Kanner ënnerstëtzen. Sief et am edukativen, gesondheetlechen, Mikrofinanzberäich, nohalteng Hëllef oder ekologescher a landwirtschaftlecher Natur. Déi Ënnerstëtzung fir ONGen an Associatiounen si staatelech unerkannt a kënnen vum Lëtzebuerger Staat bis zu 75 % erhéicht ginn.

An deem zweeten Tablo geet et 500 méi kleng Montante vun ongeféier 100 Euro. Dat sinn déi Demanden, déi mir op d'Gemeng kréie vu Veräiner, déi hei zu Lëtzebuerg sinn. Ech wëll elo keng speziell hei ervirsträichen. Dir gesitt d'Nimm jo op der Lëscht. A wou mer dann e bësse méi kleng Montanten ausbezuelen. Dat ass insgesamt e Montant vun ongeféier 4.500 Euro.

Am drëtten Tablo ginn Associatiounen opgezielt, déi schonn Hëllef kruten. Déi awer elo keng Demande méi gemaach hunn. An och verschidden Associatiounen, déi elo vläicht politesch net ganz neutral sinn. Wou mer Ofstand geholl hunn, fir déi ze ënnerstëtzen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschten.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Mangen. D'Madamm Saeul.

4. Déifferdeng, eng Stad hëlleft

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch, Madamm, Dir Hären aus dem Schäfferot, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Déifferdeng: Eng Stad hëlleft. Den Här Mangeln huet mech elo an eng ganz grouss Situatioun bruecht. En huet alles gesot, wat ech eigentlech och wollt soen. Mee hien ass jo och den eigentlech zoustännege Schäffen. Ech kann nëmme widderhuelen, dass de Budget 0,25 % ass vum Budget ordinaire, den dëst Joer virgesinn ass, fir Associatiounen, déi eng Demande gemaach hu fir Projeten an Aktiounen vun Déifferdeng: Eng Stad hëlleft ënnerstëtzt ze ginn. An erausgesicht a proposéiert sinn dës vum Komitee Déifferdeng: Eng Stad hëlleft. Am Fong geholl wollt ech soen, dass mer och frou wäeren, wa mer këinten dobäi sinn.

Theeme vu verschiddenen Demandé ginn an all Deeler vun dëser Welt fir Mënschen ze hëllefen, wou Nout ass oder Fraen a Kanner sollen ënnerstëtzt ginn.

Ech soe Merci, fir d'Nolauschteren a mir stëmmen dës Punkt.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Madamm Saeul, dee Gremium war ni zou. Et brauch ee sech just ze mellen. An da sidd Der derbäi.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Mir sinn näischt gewuer ginn.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Gelift?

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Mir woussten dat net.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Dat ass awer d'lescht Joer decidéiert ginn. Also nach virum Confinement.

Well mir souzen nach douewen op der Gemeng. Et ass awer esou dass, déi Leit, déi wëilten, sech sollte mellen.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Madamm Buergermeeschter.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Also d'Dier steet op. Dir braucht Iech just beim Här Mangeln ze mellen oder bei der Madamm Regenwetter.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Mir hunn eis jo gemellt.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Ruckert.

ALI RUCKERT (KPL):

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, generell kann ech d'accord si mat deem, wat hei virgeschloë gëtt. Ech bedauern allerdéngs, dass déi Organisatioun Comité pour une Paix Juste au Proche-Orient, net ënnerstëtzt gëtt. Well dat ass eng Organisatioun parteipolitesch neutral, déi eng grouss Hëllef fir d'Fraen an d'Kanner a Palestina leescht. An et schéngt mer awer schonn hei eng politesch Decisioun ze si géint déi Organisatioun, déi hei geholl ginn ass.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Da komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les projets et actions soutenus en 2021 dans le cadre de Déifferdeng eng Stad hëlleft.

CHRISTIANE SAEUL (DP) constate que monsieur Mangeln a déjà dit tout ce qu'elle voulait dire, ce qui est normal, car il est l'échevin responsable du projet. Elle répète que 0,25 % du budget est alloué à Déifferdeng, eng Stad hëlleft.

Christiane Saeul signale qu'elle aurait bien voulu faire partie du comité de sélection.

Les projets concernent différentes parties du monde, où l'on vient en aide aux femmes et aux enfants.

Les démocrates approuveront ce point.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) précise que pour faire partie du comité, il suffit d'en faire la demande.

FRANÇOIS MEISCH (DP) réplique que les démocrates n'en savaient rien.

CHRISTIANE SAEUL (DP) confirme les propos de monsieur Meisch.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) rappelle que la décision a été prise l'année dernière. Tous ceux qui le souhaitent peuvent faire partie du comité. Il suffit d'en faire la demande à monsieur Mangeln ou à madame Regenwetter.

FRANÇOIS MEISCH (DP) réplique qu'ils l'ont fait.

ALI RUCKERT (KPL) est d'accord avec ce qui a été dit. Il regrette cependant que le Comité pour une paix juste au Proche-Orient ne soit pas soutenu. Cette association ne fait pas de politique et aide les femmes et les enfants en Palestine. Ali Ruckert craint que le collège échevinal ait pris une décision politique.
(Vote)

5a. LASEP / 5b. Indemnités remplaçants

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

*annonce une pause de dix minutes.
(Pause)*

Christiane Brassel-Rausch passe à une décharge pour les séances d'entraînement régulières de la Lasep.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)

souligne l'importance de l'exercice physique pour les enfants.

Il faut que les enfants puissent faire du sport dès l'école primaire sans pour autant se spécialiser ou se sentir sous pression. L'obésité représente un risque conséquent pour les enfants et avec la pandémie, ceux-ci n'ont pas pu faire beaucoup d'exercice cette dernière année. La commune doit contribuer à faire en sorte que les enfants aient envie de faire du sport.

Nicole Wohl remercie tous ceux qui s'engagent auprès de la Lasep. La Ville de Differdange les soutient depuis des années.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

passé au point 5 b, une décision de principe. Il est question des personnes remplaçant les employés des maisons relais. Pour ce qui est de la rémunération, elles touchent actuellement ce qui est prévu pour le 1^{er} échelon, c'est-à-dire 140 points dans la carrière C.

Trois années de postprimaire sont nécessaires pour entrer dans la carrière C. Mais la commune ne dispose pas toujours d'un certificat d'études prouvant que les remplaçants ont suivi trois ans de lycée. De ce fait, le ministère de l'Intérieur n'approuve pas les dossiers.

C'est pourquoi le collège échevinal propose au conseil communal de prendre la décision de principe d'accorder systématiquement ces 140 points sans tenir compte du contrat collectif. De cette façon, les remplaçants touchent ce à quoi ils ont droit sans que le service du personnel ait à gérer les certificats d'études.

(Vote)

Christiane Brassel-Rausch passe à l'organisation définitive 2021-2022 de l'école de musique.

Villmools Merci. Et ass elo 10:05 Auer. Um véierel op zéng fuere mer da virun. Villmools Merci.

(Paus)

(Technesche Problem beim Ophuelen)

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

...déi sech ëm d'Lasep bekëmmere. Et sinn der nach dobäi komm. An déi sinn elo hei am Gemengerot fir d'Approbatoun.

Dat sinn d'Stonnen, elo mol all, wéi se am SCOLARIA stoungen a mat deenen neien, déi dobäi komm sinn.

Madamm Wohl.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

D'Madamm Buergermeeschter huet dat elo grad gesot. Mee ech wollt just nach eng Kéier drop opmierksam maachen, wéi wichteg et ass, dass d'Kanner sech beweegen, dass se sech beweegen léieren oder léiere sech ze beweegen, wéi een et da wëll huelen. Et ass ganz wichteg, dass d'Kanner an der Primärschoul kënnen Sport maachen, ouni sech ze fréi ze spezialiséieren an eeben och ouni Drock. D'Pandemie huet eis gewisen, wéi wichteg et ass, wann een och nëmme kuckt, dass d'Obesitéit e grouse Risikofacteur ass, wat d'schwéier Verleef ubelaangt an d'Kanner hunn am leschte Joer wierklech de Kierzere gezunn. An ech mengen, et ass immens wichteg, dass dat hei ënnerstëtzt gëtt, dass se nees Freed un der Beweegung hunn.

An ech wëll all deene Merci soen, déi sech engagéieren am Kader vun der Lasep. D'Lasep ka jo op eng laangjäreg Ënnerstëtzung säitens der Déifferdenger Gemeng zrëckkucken. Ech soen Iech Merci, fir d'Wuert.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Wohl. Wann et keng weider Wuertmeldung méi gëtt, komme mer direkt zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la demande de décharges pour les séances d'entraînement régulières 2021-2022 de la LASEP.

Villmools Merci. Am Punkt 5b) geet et drëm, hei am Gemengerot eng Décision de principe ze huelen. Dat heescht, et ass eng Proposition. An et geet ëm déi Leit, déi an den SEAen, also an eise Maison-relais, d'Agents éducatifs remplacéieren. Et geet drëm: Wéi bezuele mer déi? Well mir bezuelen de Leit am Moment den éischten Echelon. Dat heescht 140 Punkte vun der Karriär C2 am SAS-Kollektivvertrag.

D'Konditiounen, fir den C2 ze kréien, sinn dräi Joer Postprimär. Well mir awer elo net ëmmer vun de Leit, déi mir als Remplaçant astellen, de Certificat d'études hunn, dee beleet, dass se dräi Joer Lycée hanneru sech hunn, hu mir permanent Problemer mam Interieur fir d'Dossieren duerchzekréien.

Elo ass d'Propos, dass eng Léisung wär, net allkéiers déi Certificaten ze liwweren, mee dass mir hei am Gemengerot eng Décision de principe huelen, dass mer deene Leit 140 Punkte mam Punktwäert vum SAS-Kollektivvertrag bezuelen an eis dann dofir net méi op de Kollektivvertrag musse beruffen. Dat heescht, mir ginn am Fong de Leit d'office déi 140 Punkten an dat, wat se dann dofir zegutt hunn. A si sinn net méi obligéiert e Certificat ofzeginn. Et ass a sech eng Vereinfachung fir eise Personalbüro. Et geet drëm, ob mer deen Accord de principe kënnen ginn hei am Gemengerot.

Wa keng Wuertmeldung ass, komme mer direkt zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité de fixer l'indemnité à payer aux agents éducatifs remplaçants pour le service éducation accueil.

Da soen ech Iech villmools Merci. Am Punkt 6 geet et ëm d'Organisation définitive vun der Musekschoul fir

6. École de musique / 7a. Gestion de l'eau

2021-2022. An dofir géif ech d'Wuert un den Här Mangen weidergin.

SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Ganz kuerz. D'Musekschoul hat ech Iech scho virgestallt. Dat hei sinn dann déi endgültig Coursen, déi d'Joer ofgehalen ginn. Déi verschidden Dokumenter leien Iech vir.

Et sinn ongeféier 1196 Schüler, déi an 3 grouss Kategorien agedeelt sinn. Dat sinn 553 Cours collectifs, 117 fir Musique de chambre oder Ensembles a 526 individuell Coursen. Déi verschidden Coursen sinn opgezielt mat hiren Titulieren.

Et wäert dee leschte Schoulufank sinn, wou dat esou virgestallt gëtt. Fir de Joergang 2022-2023 ass en neit Musekschoulgesetz virgesinn an dat wäert dann e bëssen anescht oflafen. Mä doriwwer wäert ech Iech an absehbare Zäit informéieren. Ech soen Iech Merci fir d'Ofstëmme vun dëser Museksorganisatioun.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Mangen. Da komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'organisation scolaire définitive 2021-2022.

Deen nächste Punkt, den Nummer 7, ass d'Gestion des eaux. An do ginn ech d'Wuert un den Här Ulveling.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Jo, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen an Dir Hären. E ganz schwierigen Dossier. Et geet ëm eng europäesch Direktiv iwwer d'Waasser, déi a Lëtzebuerger Recht ëmgeschriwwen ginn ass a wou da sollen déi verschidden Länner opgeruff ginn, aktiv matzeschaffen, fir déi Kaderdirektiv all sechs Joer nei ze iwwerschaan. An dann dat

bäizefügen, wat vläicht verluer gaangen ass oder wat nei ass. Et geet drëm – ech liesen dat vir:

„La gestion et la protection des eaux en vue d'atteindre le bon état des eaux tel que défini par ladite directive alors que le programme définit des mesures concrètes visant à minimiser les pressions s'exerçant sur les différentes masses d'eau.“

Am Kader vum SIACH hu mer jo déi flott Flosspartnerschaft virun 2 Joer an d'Wecch geluet. An do hu mer dann den Avis vun der responsabel Ingenieurin. Si sollt en Avis ausschaffe fir déi dräi Gemengen. Ech mengen, ech géif Iech elo virlesen, wat haaptsächlech fir eis elo wichteg wier. Do steet zum Beispill dran, datt ee soll déi folgend Mesuren nach dobäisetzen:

Dat heescht, d'„Création d'une zone d'expansion des crues entre la source et la rue des Champs à Oberkorn et végétalisation et revitalisation de la partie en amont de la Chiers“. Et soll eng „Régénération et végétalisation des berges du ruisseau Schomett à Oberkorn“ kommen, d'„création d'une zone d'expansion des crues en partie basse“ an d'„Réalisation d'une clôture d'abreuvoir et de passage à bétail vers la vallée de la Schomett“. D'„Mise à ciel de la Kalekerbaach“ ass och gesot ginn, dass een déi sollt dobäi setzen. „Création d'une zone d'expansion de crue ou d'une plaine alluviale entre les sources de la Chiers et de la rue des Champs à Oberkorn“.

Weider steet do „Prolongement des axes d'eaux fluviales et pour eaux claires à Differdange“. Dat hate mer schonn eng Kéier hei diskutéiert, mengen ech. Dat ass ënnert der Rue de l'Hôpital an der Rue de Hussigny an och zu Nidderkuer an der Avenue de la Liberté.

An da sollen natierlech verschidden Sachen, déi net méiglech sinn am Kader vun der Direktiv, eng Derogatioun kréien. Notamment ass eng Derogatioun gefrot fir „une mise à ciel ouvert des 2300 mètres de la Chiers canalisés sous les voies de circulation et l'usine de métallurgie“. Dat heescht, et ass kloer, dass een am Wierk selwer d'Chiers net kann oppe lafe loossen. Dat selwecht: „mise à ciel de la Chiers

ROBERT MANGEN (CSV) présente les cours définitifs. Le conseil communal dispose des documents détaillés.

Mille-cent-quatre-vingt-six élèves sont inscrits à l'école: cinq-cent-cinquante-trois dans les cours collectifs, cent-dix-sept dans les ensembles et cinq-cent-vingt-six dans les cours individuels.

En 2022-2023, une nouvelle loi entrera en vigueur. L'organisation sera donc légèrement différente.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) passe à la gestion des eaux.

TOM ULVELING (CSV) explique que la directive européenne sur l'eau a été retranscrite en droit luxembourgeois. Elle doit être adaptée tous les six ans à la situation sur le terrain. Concrètement, il s'agit de gérer et protéger les eaux tel que défini par la directive.

Il y a deux ans, la Ville de Differdange a mis en place un partenariat des fleuves dans le cadre du SIACH. L'ingénieure responsable a rédigé un avis pour les trois communes. Elle énumère plusieurs mesures et notamment la création d'une zone d'expansion des crues entre la source et la rue des Champs à Oberkorn, la revitalisation et la végétalisation des berges du ruisseau Schomett à Oberkorn, la réalisation d'une clôture d'abreuvoir et de passage à bétail vers la vallée de la Schomett, la mise à ciel ouvert de la Kalekerbaach, le prolongement des axes d'eaux fluviales et pour eaux claires à Differdange...

La Ville de Differdange peut obtenir une dérogation pour ce qui n'est pas faisable – par exemple pour la mise à ciel ouvert des 2300 m de la Chiers canalisée sous les voies de circulation et l'usine, et la mise à ciel ouvert de la Chiers dans l'avenue du Parc-des-Sports.

L'aménagement d'un déversoir dans la zone industrielle Haneboesch est prévu pour 2022.

Le raccordement du site touristique Fond-de-Gras au réseau d'assainissement n'est pas une priorité. Les frais seraient énormes pour raccorder deux maisons.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

ajoute que la directive européenne exige des plans hydrauliques partout en Europe.

Il y a encore vingt ans, personne ne s'intéressait à l'état de la Chiers. Mais depuis plusieurs années, les plans hydrauliques permettent de recenser non seulement le fleuve principal, mais tous les ruisseaux et toutes les sources avec leurs débits et leurs freins. À Marbourg, en Allemagne, on a pu constater que de petits ruisseaux peuvent entraîner des inondations énormes et causer des morts. Frenz Schwachtgen préfère parler de contrats de rivière au lieu de plans hydrauliques.

Il estime que les cours d'eau doivent être renaturés. Car jadis, la nature veillait à élargir les ruisseaux quand il pleuvait beaucoup. Mais les interventions humaines occasionnent des bouchons – y compris à Differdange. L'enquête pour définir les causes des inondations récentes n'est d'ailleurs pas encore terminée. Il peut s'agir d'un problème chez Arcelor ou un problème de canalisations. Les plans hydrauliques doivent tenir compte de tous ces éléments. C'est-à-dire de la renaturation des cours d'eau, mais aussi de zones à risque et des mesures préventives.

Parallèlement aux mesures préventives, il faut aussi réfléchir à la façon de procéder après les inondations. Que peuvent faire la commune et les particuliers? La réponse à ces questions doit être réévaluée tous les six ans dans les plans hydrauliques afin d'abandonner les mesures inefficaces et d'en prendre de nouvelles. Le programme durera jusqu'en 2039, mais Frenz Schwachtgen doute que le climat permette d'attendre aussi longtemps.

dans l'Avenue du Parcs des sports“. Do kënne mer se natierlech och net duerch d'Strooss lafe loossen. Dat wären also d'Mesuren hei um Déifferdenger Territoire.

Dann d'„Mesures concernant la protection de la Chiers“. Do ass: „ajouter les mesures suivantes: aménagement d'un déversoir dans la zone industrielle Haneboesch“. Dee Projet ass schonn engagéiert. 2022 soll deen a service goen.

„Raccordement au réseau d'assainissement du site touristique Fond-de-Gras – proposition pour les communes de Differdange et de Pétange“. Do hu mer allerdéngs d'leschte Kéier diskutéiert a gesot, dat wär elo fir eis net déi iewescht Prioritéit, well dat e risege Käschtepunkt hätt, fir just zwee Haiser unzeschléissen. Dat misst een dann nach kucken.

Dat sinn am Fong haaptsächlech déi Saachen, déi hei virgesi sinn an där Proposition, déi mer solle maachen. Da kënne mer driwwer ofstëmmen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Schwachtgen, wannechgelift.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Ech probéieren eng kleng Ajoute ze maachen, Här Ulveling, wann Der erlaabt.

Am Resumé interprétéieren ech och déi Plan-hydrauliquen. Déi si vun Europa jo endlech a Gott sei Dank gefuerdert gi fir all Regioun an Europa. Wann ech den Historique kucken: Virun 20,30 oder 40 Joer huet kee sech Gedanke gemaach iwwert den Zoustand vun der Kor oder vum Bassin de la Chiers. Wou mer haut vill méi wäit kucken. Well wann elo iwwer Plan-hydraulique geschwat gëtt a wat zënter zweemol sechs Joer elo scho mol Realitéit ass, dass net nëmmen den Haaptfloss gekuckt gëtt, mee dass all Baach, déi eraleeft, all Quell, déi enzwousch erauskënnt, erfaasst muss gi mat hirem Debit, mat hirem Naturzoustand a mat hire Bremsen.

Aus deem Grond ass eis jo dramatesch elo gewise ginn an Däitschland, zu Marburg, dass déi vill kleng Baachen op eemol eng riseg Iwwerschwemmung kënnen ausléisen, wou et Doudeger gëtt a wou ganz Uertschafte ravagéiert ginn. An ech mengen, an deem Sënn ass déi Denominatioun Plan hydraulique schwierig. Mee ech soen einfach Flossvertrag, Contrat de rivière, derfir.

An et geet drëms, fir den Zoustand vun eise Gewässer esou naturno wéi méiglech ze gestalten. Well d'Natur huet selwer an der Zäit derfir gesuergt, dass d'Baach sech ausgebreit huet wa vill Ree komm ass. A se huet sech erëm zesummegezunn an hiert Bett, wann net vill Reen do war. Duerch eis Mesuren, déi de Mënsch geholl huet, mat Anengen, mat Grief zéien an esou virun, ass et eeben dozou komm, dass Stauungen opkommen, wéi mer se och leider zu Déifferdeng haten. Wou och nach, mengen ech, déi Enquête net fäerdeg ass, wat déi richteg Ursaache waren. Et gëtt jo gemunkelt, et hätt kënnen an der Arcelor sinn. Et gëtt gesot, et hätt kënnen un de Réier geleeën hunn, déi net grouss dimensionéiert wären.

All déi Saache ginn an esou Plan-hydraulique berécksiichtegt oder solle berécksiichtegt ginn. Dat heescht engersäits den Naturzoustand vun der Baach esou wäit wéi méiglech rekonstituieren. Anerersäits sinn awer zwee Punkte ganz wichteg. Dat ass, fir ze kucken: Wou sinn d'Risques d'inondation an Zukunft, wa mer sou staarke Ree kréien? A wat maache mer dergéint? Dat heescht preventiv Moossnamen.

An zweetens: Wann et awer passéiert, well et wäert eis an Zukunft op Plaze passéieren, wéi gi mer dermat ëm? Wat sinn d'Rettungsmoossnamen? Wat sinn déi baulech Moossnamen, déi de Private kann huelen, déi eng Gemeng kann huelen, fir esou gutt wéi méiglech ze hëllefen herno? Dat soll alles an deene Plan-hydrauliquen all sechs Joer erëm op de Leescht geholl ginn, wou Mesuren, déi net wierksam waren, abandonéiert ginn, awer wou nei Schrëtt solle geplangt gi fir déi nächst sechs Joer. An dee Programm soll bis 2039 lafen. Am grouss Ganzen. Fir dann erëm alles zimmlech an der Rei ze hunn. Mee ech mengen, d'Klima wäert

7a. Gestion de l'eau

net domadder d'accord sinn, dass mer esou laang Zäit hunn, fir all déi Mesuren ëmzesetzen.

Deen Dossier ass ganz komplex. Et si vill méi Dokumenter do, déi elo leider net an deem Dossier waren. Mee ech denken, eis Servicer musse sech do zesummesetzen an och méi Informatiounen nach kënnen erausgi virun allem och un de Gemengerot an un d'Parteien, dass jiddweree kann un deem selwechte Strang zéien.

Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Schwachtgen. Här Muller.

ERNY MULLER (LSAP):

Ech wollt do e bëssen enchainéieren, wat den Här Schwachtgen elo scho gesot huet. Ech mengen awer, mir ënnerscheeden eis an zwou Saachen. Eng Kéier de Plan hydraulique an d'Gestion des risques. Do komme mer nach drop zréck. Dir sidd schonn deelweis dorop agaangen. Mee ech wollt och dozou nach eppes soen. Mee dat soen ech dann herno.

Hei sinn zwee Punkten, déi mech interesséieren. Dat Éischt, hutt Der gesot, dat ass dee Kanal Fond-de-Gras Richtung Rodange. Ech mengen, wann et och nëmmen zwee Haiser sinn, ass dat e Point d'intérêt, wou zimmlech vill Visiteure sinn a wou der ëmmer solle méi kommen. Do ass keng anstänneg Evakuatioun als Kläranlag. Also et ass näischt do. A fir dass dee Site eng Kéier richteg exploitéiert ka ginn, och no den Normes hygiéniques, wéi dat haut soll sinn, muss dee Kanal fréier oder spéider – léiwer fréier wéi spéider – gemaach ginn.

Déi Diskussioun sinn och mam Centre de rencontre, mat eisem Besucherzentrum, gefouert ginn. Den Här Mangen huet déi och nach weidergefouert, mee mir hu se sengerzäit op jidde Fall och gefouert. Dat ass eppes, wou mer net derlaanscht kommen. Et misst ee kucken, vu dass dat jo en Interêt national huet, ob mer kéinten do vläicht aner staatlech Instanze materanhuelen,

dass dat net nëmmen um Niveau vun der Gemeng geet. Well dat gëtt jo haaptsächlech gemaach wéinst de Visiteuren, wéi Der richteg gesot hutt.

(Ënnerbriechung)

Et si jo effektiv nëmmen zwee kleng Gebaier. Mee et sinn awer vläicht 30.000 Visiteuren an nach méi, wa mer alles kucken. De Blues Express, déi normal Aktivitéiten am Park... De Steampunk gëtt ëmmer méi grouss. Also komme mer awer op eng gewëssen Unzuel herno u Visiteuren, wou mer awer musse valabel hygiesch Ekipeementer hunn.

Dat Zweet, wat mer suerge mécht, ass, datt hei einfach gesot gëtt, datt d'Chiers elo duerch e Rouer duerch d'Schmelz leeft. An dann interesséiert eis net, wat do geschitt. Well mir schwätze jo hei vu Renaturatiounen. An och, dass d'Better sollen esou sinn, dass d'Flëss oder d'Baache sech kënnen ausdeen an och kleng Leef kënnen do Problemer schafen, wéi Der och gesot hutt, Här Schwachtgen. An hei gi mer hin a mir ginn an eng Situatioun eran, déi fir eis eng Black Box ass. Mee do kann eppes dra virkommen, dann hu mer d'Katastroph. Dat hutt Der jo och gesot. An ech mengen, do misste mer méi e speziell A drop halen. Do misst gekuckt ginn, wat do lass ass. Wat kann een do maachen? Et mussen och Risiko-Analyse gemaach ginn, wat do geschitt an deem engen oder deem anere Fall. Wat ass e Risiko? Kann eppes geschéien, dass et zu engem Debordement kënnt? A wann en Debordement usteet, geschitt en net bannendran, mee baussen. An dann hu mer baussen eng Katastroph.

Um Plan de gestion ass dat vläicht net esou attraktiv, well et op eemol an e Lach verschwënnt, mee et ass awer immens wichteg fir d'Bierger an déi, déi herno d'Konsequenze mussen droe vun engem eventuelle Virfall an deem Waasserlaf, deem een da guer net gesäit.

Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller.

Les documents sont plus complexes que ce que le dossier des conseillers communaux laisse deviner. Les services communaux feraient bien de donner plus d'informations au conseil communal et aux partis politiques.

ERNY MULLER (LSAP) constate que monsieur Schwachtgen a abordé la question des plans hydrauliques et de la gestion des risques. Il reviendra sur ces deux points tout à l'heure.

Le canal du Fond-de-Gras en direction de Rodange l'intéresse particulièrement. Même s'il ne s'agit que de deux maisons, le site attire de nombreux visiteurs. Or il n'est pas raccordé à la station d'épuration. Si l'on veut exploiter le Fond-de-Gras comme il faut, un canal est nécessaire. Il en a été question lors des débats sur le centre pour les visiteurs. Comme le site a un intérêt national, il sera peut-être possible d'embarquer les instances étatiques.

(Interruption)

Erny Muller admet qu'il ne s'agit que de deux petits bâtiments, mais il ne faut pas oublier les 30 000 visiteurs. Il mentionne le Blues Express, les activités touristiques du parc, le Steampunk...

Pour ce qui est de la Chiers, elle passe par un tuyau à travers l'usine. Monsieur Schwachtgen a parlé de renaturations et du fait que les ruisseaux devraient s'élargir naturellement en cas de pluies fortes. Mais sur le terrain de l'usine, ce n'est pas possible et le moindre problème peut entraîner une catastrophe. Pour Erny Muller, la Ville de Differdange doit effectuer une analyse des risques de débordement. Alors certes, l'eau rentre dans un trou et on ne la voit plus. Mais en cas d'inondations, les conséquences sont bien réelles pour la population.

7b. Gestion des inondations

TOM ULVELING (CSV) donne raison à monsieur Muller. Les plans prévoient une mise à ciel ouvert des rivières. Mais dans ce cas-ci, ce n'est manifestement pas possible.

Pour ce qui est du Fond-de-Gras, Tom Ulveling rappelle que Differdange, Pétange et l'État se partageraient les frais. Pour raccorder le site, le devis se monte à deux millions d'euros. Vaut-il vraiment la peine d'installer des kilomètres de conduites d'eau à travers la forêt pour raccorder deux ou trois maisons? La commune de Pétange se pose la même question. L'intervention serait moindre si l'on recourait à une fosse septique.

Il reste à définir quand les travaux seront réalisés.

(Vote)

Tom Ulveling passe au plan 2021-2027 de gestion du risque d'inondations. Il y a quelques mois, la rue Émile-Mark a été inondée. Ces inondations n'ont pas été provoquées par le débordement d'un cours d'eau parce qu'il aurait neigé ou plu. Le problème provenait d'un ruisseau où un bouchon s'est créé. Et comme il a plu quelque cinquante millilitres par heure, la rue Émile-Mark et la rue du Gaz ont été inondées. Les dommages pour les riverains et pour la commune ont été conséquents.

Le plan de gestion des risques d'inondation doit tenir compte de ce type de phénomènes. Car il n'y a pas que des fleuves comme la Moselle, qui déborde. Le problème dont il est question ici est purement local. Un comité s'est réuni en septembre avec le SIACH, l'AGE, ArcelorMittal et la commune pour analyser la situation.

Un des problèmes se situe là, où se trouvait l'ancien parking de la rue Émile-Mark, et d'autres plus haut dans les prairies. Le comité a finalement décidé de faire réaliser une étude indépendante de tous ces problèmes. L'AGE va financer cette étude. Mais il s'agit d'un processus à long terme.

Actuellement, la commune est en train de dresser une liste de tout ce qui doit être analysé. Ensuite, elle remettra cette liste à l'AGE pour validation. L'étude sera lancée en janvier ou février au plus tôt. C'est un bureau étranger qui devrait être

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech wëll nach eppes soen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Jo. Här Ulveling, Dir hutt d'Wuert.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech ginn Iech Recht, Här Muller. Mee et stoung drop, dass een d'Flëss misst à ciel ouvert loossen. An dat geet awer manifestement net am Dénge.

Dat anert, dat beschwätze mer an deem nächste Punkt.

Ech kennen déi Geschicht mam Fond-de-Gras a mat Péiteng. Do sinn zwou Gemenge plus de Staat an do géif jiddwereen 1/3 vun de Käschten iwwerhuelen. Ech hunn en Iwwerschlag gemaach kritt, et géif iwwer zwou Milliounen kaschten. D'Fro ass just, ob deen Agrëff an d'Natur – déi Kilometer Réier, déi do mussen duerch de Bësch an esou geluecht ginn – derwäert ass, fir nëmmen zwee oder dräi Haiser maximal do drunzehänken.

An do sinn och Bedenke bei der Gemeng Péiteng. Dat kann ech och soen. A mir hunn déi selwecht, fir ze soen, et misst een ofschätzen, ob een net mat enger Fosse septique manner futti mécht wéi mat deem aneren. Mee bon, dat muss ee kucken. Et steet elo mol dran. An da muss mer eis eng Kéier eens ginn, ob mer dat elo direkt maachen oder méi spéit maachen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Da komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'émettre un avis favorable quant au troisième plan de gestion des parties luxembourgeoises des districts hydrographiques internationaux du Rhin et de la Meuse.

Ech ginn d'Wuert direkt erëm weider un den Här Ulveling.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Hei geet et ëm den Hochwasserrisikomanagement vun 2021 bis 2027. Dozou muss mer och en Avis ofginn. Dat ass och fir en Update vun der ganzer Gestiou ze maachen.

Virun e puer Méint hate mer hei eng Iwwerschwemmung, haaptsächlech an der rue Emile Mark. Dat ass net Gewässerhochwaasser, dat elo duerch Schnéi oder Dauerreen iwwergelaf wär. Mir hunn hei eng Baach, déi leeft. An déi huet op enger Plaz op eemol gestaut. Doduerch sinn déi ganz rue Emile Mark an nach e puer aner Stroossen – d'Rue du Gaz – iwwerschwemmt ginn, well eebe Reen erofkomm ass an enger 50 ml pro Stonn ongeféier. Dunn ass et natierlech zu Schied komm bei de Leit an och bei der Gemeng.

An eisem Avis seet, dass een déi Staarken-Erreegnesser och misst berécksiichtegen an esou engem Hochwasserrisikomanagementsplang, well et jo net nëmmen zur Iwwerschwemmung kënnt duerch zum Beispill eng Musel, déi iwwerleef, oder vun uewen erof Schnéi oder Reen. Dat hei ass jo wierklech e lokalen Dénge. Dat geet eréischt bei eis un.

De Gremium ass zesummekomm eng éischte Kéier am September, nodeems all Mënsch aus der Vakanz erëm war. An et ass eng Analys gemaach ginn. Et ass mam S.I.A.CH. gekuckt ginn. D'AGE war dobäi, ArcelorMittal war dobäi, eis Leit waren dobäi. Do sinn e puer Problemer opgezeechent ginn, déi mir d'ailleurs och scho selwer erausfonnt haten. Et war eeben ee Stau, dee mer do gebaut hu bei der ArcelorMittal, do, wou fréier de Parking war an der rue Emile Mark. An dann och, dass Problemer waren uewen an der Chiers, an deene Wisen. Wou mer virun hei gesot hunn, dass dat misst elo gekuckt ginn. An do ass dann decidéiert ginn, dass mer géifen eng onofhängeg Etüd maache loossen iwwer déi ganz Problematik. An d'AGE geet mat op de Wee, fir déi Etüd komplett ze finanzéieren. Et ass zwar e laangwierige Prozess. Wa si eppes bezuelen, muss een eebe verschidde Formen anhalen.

Mir sinn elo amgaangen, e Katalog opzestelle vun all deene Saachen, déi solle gekuckt ginn. Da musse mer der AGE dat weiderginn. An da muss d'AGE an hirem Conseil decidéieren, ob se dat dann eebe validéiert. Fréistens Januar/Februar kéint déi Etüd lancéiert ginn, wou mer eis och dofir ausgesprach hunn, dass dat vläicht net grad ee Bureau sollt sinn, deen hei zu Lëtzebuerg déi ganz Kanalisatioun baut, mee vläicht en auslännesche Bureau, deen e bësse méi Neutralitéit do erakritt. Beschtefalls hätte mer am Juni oder Juli d'Konklusioun vun där Etüd an da kéinte mer déi néideg Moossnamen aleeden.

Et ass also kee Prozess, wéi mir geduecht haten, dass mer dat elo an engem oder zwee Méint kéinte léisen. Mee et ass e Prozess, dee leider eebe méi laang dauert. Op där anerer Säit kréie mer en awer komplett finanzéiert vun der AGE, wat jo och warscheinlech keng negligeabel Depense wäert sinn.

All déi Saache sinn ugeschwat gi vu Krinn oder esou, déi bei der Arcelor zougespaart si ginn oder opgemaach si ginn. Dat ass nogekuckt ginn. Dat schéngt net de Fall gewiescht ze sinn. Dat ass och praktesch onméiglech. Allerdéngs kënnt am Arcelor-Circuit, do, wou et an eis al Kläranlag geet, ee klunge Rouer an e bësse méi e grouse Rouer an a méi e klunge Rouer eran. Dat kéint natierlech zu Réckstaue féieren. Dat kéint erklären, dass et réckgestaut huet.

Kleng Mesuren, déi mer kënnen huelen, wäerte mer undiskutéieren, notament och fir eventuell an déi Staumauer e puer Lächer ze bueren, fir dass et sech iwwert dee ganze Parking eventuell vun der Arcelor kéint ausdeenen, wéi dat ëmmer an der Zäit war. Respektiv an hir Weieren. Dat musse mer natierlech mat deene responsabele Leit beschwätzen, ob se dermat d'accord sinn.

Dat ass e bëssen den Update elo vun deem, wat mer de Leit versprach haten, dass mer géife relativ schnell kucken, fir dat ze behiewen. Well mer jo och wëssen, dass deen nächste Summer jo sécher wäert kommen. A mir hoffen, dass mer bis dohinner awer trotzdeem kënnen iergendwéi verschidde Mesuren ergräifen.

Da steet nach an eisem Avis, dass een an Zukunft och misst esou e Staarkreen-Regëster hunn, dass dat misst an der Meteolux iergendwou festgehalen ginn, dass een dat och kann novollzéien. Well elo kënne mer eis nëmmen drop verloossen, wat d'Leit gesot hunn 1962. Also et war schonn eng Kéier, mee kee weess wéini et genau war a kee weess wivill do erfokomm ass. An dofir wär et eebe gutt, wann een esou ee Regëster hätt, wou dat genau géif gemooss ginn. An dann och iergendwou op enger staatlecher Stell festgehalen ginn, wat erfokomm ass a wat eventuell d'Iwwerschwemmungen oder d'Schied waren, fir dass een dat ka verfollegen.

An dann, wéi gesot, de S.I.A.CH. ass amgaangen, do Virschléi ze maachen, a Moossnamen auszuschaffen, fir d'Schied, déi duerch déi Staarkreen-Ereegnesser komm sinn, ze minimiséieren. Mee ech mengen, et muss een ëmmer soen, géint d'Force de la nature, wéi een et deemools gesinn huet hei zu Déifferdeng, ass natierlech schwéier eppes ze maachen. Et huet net direkt eppes mat Déifferdeng oder mat eisem Kanalsystem ze dinn. Kee Kanalsystem kann esou Massen an esou kuerzer Zäit ophuelen. Soudass ee sech ni 100 %eg sécher ka sinn. Mee et kann ee sécherlech awer Mesuren ergräifen, fir wann esou eppes virkënnt, dass d'Schied esou mann wéi méiglech wäerte sinn.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Här Muller.

ERNY MULLER (LSAP):

Ech wollt nach kuerz eppes dozou soen, wann Der erlaabt. Ech wollt den Här Ulveling froen, ob en Aktiounsplang opgesat ginn ass vu Mesuren, wou Kontrolle musse reegelméisseg gemaach ginn. Ech wëll mech erklären. Zum Beispill, wou d'Chiers an d'Kanalisatioun leeft, net wäit vun der École internationale ewech, ass et wichteg, dass deen Alaf ëmmer propper ass vun all Bamstamm, vun all Aascht. Ech mengen, do ass et wichteg, en A drop ze behalen, dass do reegelméisseg gebotzt gëtt an dass déi Aleef ëmmer fräi sinn. Well dat reduzéiert jo och massiv den

chargé de cette étude et non un bureau luxembourgeois construisant les canalisations. Dans le meilleur des cas, les conclusions seront prêtes en juin ou juillet. La commune devra donc se montrer patiente, mais le tout sera financé par l'AGE.

Il sera question du site d'Arcelor-Mittal, car à proximité de l'ancienne station d'épuration se trouvent des conduites plus petites pouvant occasionner des bouchons. Des mesures plus petites seront aussi prises en considération – par exemple faire quelques trous dans la digue pour que l'eau puisse s'écouler en direction d'Arcelor-Mittal et dans leurs étangs. Il faudra en faire la demande aux personnes responsables.

Le collège échevinal avait promis de chercher des solutions rapidement, car l'été approche. Tom Ulveling espère que des mesures pourront être prises d'ici là.

Le collège échevinal propose aussi de tenir un registre des pluies fortes en partenariat avec Meteolux. Car actuellement, il faut se baser sur ce que les gens racontent de 1962. Apparemment, de telles inondations ont eu lieu, mais plus personne ne sait exactement quand et combien de pluie est tombée. C'est pourquoi il serait intéressant que les instances étatiques possèdent de telles données.

Le SIACH réfléchit aussi à des mesures pour limiter les dommages en cas de fortes pluies. Mais contre les forces de la nature, il est difficile de réagir. Cela n'a rien à voir avec les canalisations de Differdange et on ne peut pas éliminer les risques entièrement. On ne peut qu'essayer de limiter les dégâts.

ERNY MULLER (LSAP) demande si un plan des contrôles réguliers à effectuer a été réalisé. Il est par exemple important que l'endroit, où la Chiers pénètre dans le canal à proximité de l'école internationale reste propre. Il faut donc le nettoyer régulièrement. Une réduction du débit pourrait entraîner une catastrophe.

7b. Gestion des inondations

Erny Muller ne dit pas que c'est ce qui est arrivé la dernière fois. Mais un plan de la maintenance à effectuer serait important. En outre, ce type d'actions peut être pris par les services communaux sans attendre le résultat de grandes études. Erny Muller demande ensuite qui a rédigé le dossier.

TOM ULVELING (CSV) répond qu'il s'agit d'Elke Peterhänsel.

ERNY MULLER (LSAP) se dit étonné.

TOM ULVELING (CSV) ajoute qu'un conseiller technique du SIACH a participé à la rédaction.

ERNY MULLER (LSAP) se demande si le dossier est bien objectif. Il suppose que le collège échevinal a vérifié les documents.

TOM ULVELING (CSV) répond que oui.

Quand une averse est annoncée, les services communaux effectuent des contrôles et enlèvent tout ce qui pourrait bloquer le flux de l'eau. Tom Ulveling se demande cependant si le SIACH ne devrait pas proposer un service de maintenance des bassins de rétention à tous ses membres. En effet, tout le monde n'effectue pas ces travaux avec la même rigueur. Recourir au SIACH garantirait le bon déroulement de la maintenance. Tom Ulveling propose d'en discuter prochainement au sein du conseil communal.

ERNY MULLER (LSAP) a une dernière question. De nombreuses personnes se sont plaintes d'inondations dans leurs caves. Or l'eau ne provenait pas de l'extérieur, mais du canal. Le collège échevinal a-t-il discuté avec les habitants au sujet des clapets antiretours? Il faudrait trouver un moyen d'aider tous ceux dont les clapets sont défectueux ou qui n'en ont simplement pas. Cela permettrait d'éviter bien des problèmes.

Debit a kann och zu Katastrophe féieren.

Ech wëll elo net soen, dass dat d'Ur-saach war déi leschte Kéier. Mee wéi gesot, dass mer esou ee Kontrollplang opstellen, wou dann och drasteet, dass dat muss gemaach ginn a wie responsabel derfir ass. An dat, fir all déi kritesch Fäll, déi mer elo kennen, onofhängeg vun deene groussen Etüden, déi elo hannendru sinn. Dat si jo esou Saachen, déi mer mat eise Servicer ouni Problemer kënne maachen. Et ass just dat, wat ech nach wollt recommandéieren.

An och froen: Ass dat schonn en place gesat?

Da wollt ech nach froen: Dee Bericht hei, vu wem kënnt deen, dee mer am Dossier leien hunn? Deen ass jo och ganz gutt geschriwwen.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Elke Peterhänsel.

ERNY MULLER (LSAP):

Well et huet mech just gewonnert.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

An den technesche Beroder vum S.I.A.CH.

ERNY MULLER (LSAP):

Ass dat dann esou neutral dat Dokument? Ech huelen un, dat kënnt awer vum Schäfferot?

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Jo.

ERNY MULLER (LSAP):

Okay. Dann ass meng Fro beäntwert. Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech wëll dem Här Muller äntweren. Direkt wann ee Schluet ugesot ass, gi mer natierlech alles iwwerpräiwen, ob näischt dorëmmer läit. Aalt Holz oder esou, wat kéint derzou féieren, dass an der rue Emile Mark eppes géif blockéieren.

Mir hunn och Iwwerleeungen am SIACH – doriwwer musse mer warscheinlech hei eng Kéier diskutéieren –, fir ze soen, ob et net méi opportun wier, dass all d'Gemengen, déi am SIACH sinn, d'accord wäeren, dass de SIACH e Service géif ubidde fir all déi Réckhaltebecken. Déi musse jo gewartet ginn, déi musse jo gebotzt ginn. An déi eng maachen dat e bësse méi seriö, déi aner e bësse manner seriö. Mir kéinten hinnen den Optrag ginn, dat ze maachen. Si stellen dann eeben een oder zwee Leit an, fir dat ze maachen. An da brauche mir eis net méi drëm ze këmmen. Da wäere mer wéinstens sécher, éischtens, dass et ëmmer géif gemaach ginn. An zweetens, dass et och esou gemaach gëtt, wéi et muss gemaach ginn.

Ech mengen, dat wär keng schlecht Iddi. Dofir mengen ech, dass mer eng Kéier hei wäerten doriwwer musse befannen, ob mer d'accord sinn, fir esou en Dénge en place ze setzen.

ERNY MULLER (LSAP):

Ech hat nach eng aner Fro elo vergiess. Mir si jo séier fäerdeg. Et si jo vill Leit, déi gesot hunn, bei hinne wier d'Waasser duerch de Keller erakomm. Awer net vu baussen. Mee vun ënnen erop. Duerch de Kanal. Duerfir d'Fro vun de Réckschlagklappen. Mir haten dat jo och hei diskutéiert. Ass do eppes erauskomm an den Ëmfroe bei de Bierger? Wéi kéint een do virgoen, fir allgemeng vläicht de Leit ze hëllefen, fir esou eng Aktioun ze maachen, dass iwwerall, wou déi Réckschlagklappen net do wäeren oder defekt sinn, déi kéinten a Stand gesat ginn. Esou kéinten och vill Problemer vermidde ginn nëmmen eleng doduerch. Merci.

7b. Gestion des inondations

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Muller, ech erlabe mer Iech ze äntweren. Ech hunn am Ufank an de Kommunikatioun gesot, dass d'Leit e Bréif kritt hunn, wat se zegutt hunn – mat engem Plaffong vun 1.000 Euro an deene ganz Recommandatiounen, wat si kënne maachen a wat si solle maachen.

Et ass och esou, dass verschidde Leit vum Terrain bei verschidde Proprietäre waren. An et huet sech erausgestallt, dass de Problem op hirem Privatterrain läit. Ech kann den Här Ulveling do nëmmen ënnerstëtzen. Mir hu wat der Gemeng méiglech war op d'Bee gestallt. Wéi gesot, déi Wartung vu sämtleche Kanäl. De Service Écologique war mat agebonnen. D'Servicer waren alleguer zesummen. Elo war déi grouss Versammlung. Da kënnt jo en Avis vum Ministère. Dat dauert einfach. Mee ech denken, dass mir als Gemeng dat gemaach hunn, wat mir konnte maachen. An de Leit och Rot-schléi ginn. Mee wann de Problem op hirem Privatterrain ass, da musse si sech jo dann och berode loosse, ob se eng Rückschlagklappe brauchen oder net. Dat hunn eis Servicer hinnen och gesot. Mee dorëms musse si sech jo awer da selwer këmmen.

Also, ech denken, dass mer do wierklech an de Startlächer waren. Et häng natierlech dovun of, wat an deene Versammlungen erauskënnt. An ech mengen, mir sinn eis als Déifferdeng, egal wat fir eng Partei hei sëtzt, bewosst, dass dat doten dramatesch war, datt et nach vill méi dramatesch ka ginn an dass et am Interêt vu jiddwengem ass, virun allem awer vun de Bierger, dass mer déi Lücke gefëllt kréien an déi Problemer geléist kréien, wat mir als Gemeng kënne maachen. Ech mengen, deem si mer eis all bewosst.

Här Weirich.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Däerf ech nach komplettéieren, wat Der gesot hutt?

Do sinn nämlech an der rue Emile Mark, do, wou déi gréisste Schied

waren, ënne véier Haiser. Et ass net, dass all Haus eenzel un de Kanal ugebaut ass, mee do si véier Haiser un ee Kanal ugeschloss. An dee Kanal geet dann an dee grouse Kanal. An an deem Joint tëschen deene véier Haiser, ass de Kanal agefall. Dat war och eng Ursaach, firwat dann dee Réckschlag do kumm ass.

Mä et ass leider op Privatterrain. Dofir kënne mir als Gemeng net intervenéieren. Mee si mussen da kucken, dass si ënner véier Parteien dann eens gi fir d'Réier nei leeën ze loosse, fir dass dat erëm klappt. Dat ass fréier esou gemaach ginn. Ech mengen, zu Lasauvage hu mer och esou Situatiounen. Mee do kënne mir awer elo näischt maachen. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Den Här Weirich hat d'Wuert gefrot.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir hutt gesot, et wier dramatesch gewiescht. An ee Mount drop hate mer Iwwerschwemmungen, déi nach méi dramatesch waren. An déi nach vill méi grouss Deeler vum Land beträff hunn. Ech mengen, mat der Äerderwiermung a mam Klimawandel gëtt et net besser, mee éischer méi schlëmm.

Deen Avis hei ass absolutt begrëssenswäert, well e kuerz- a laangfristeg Mesur virgesäit, fir den Héichwaasserisikomanagement seriö an Ugrëff ze huelen. Och fir op pragmatesch an onkomplizéiert Aart-a-Weis schonn direkt kuerzfristeg Mesuren um Niveau vun der Gemeng ze huelen, wéi den Här Ulveling elo gesot huet. Zum Beispill Lächer an d'Staumauer ze bueren. Ech fannen et absolutt begrëssenswäert, dass mer Saache maachen, wou mer konkret kënnen als Gemeng agéieren. En attendant, dass déi Etüd, déi méi laangfristeg ausgeluecht ass, publizéiert gëtt, fir e bësse méi op de Grond vun den Ursaache vun den Iwwerschwemmungen ze goen.

Ech hätt just nach eng Fro un den Här Ulveling: Awéiwäit gëtt eisen neie PAG

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

rappelle que les personnes concernées ont reçu une lettre contenant le montant de l'aide à laquelle ils ont droit ainsi que des recommandations concernant d'éventuelles mesures à prendre.

Mais une partie des problèmes se situe sur des terrains privés. La Ville de Differdange fait ce qu'elle peut. Actuellement, le collège échelonal attend l'avis du ministère. Mais il ne peut que faire des suggestions aux gens. C'est ensuite au propriétaire de se faire conseiller pour savoir s'il lui faut des clapets antiretours.

Christiane Brassel-Rausch pense que ces inondations n'en sont qu'au début. Tous les partis politiques savent que les dernières inondations ont été dramatiques et que la situation risque d'empirer. Il est donc dans l'intérêt de tous de trouver des solutions.

TOM ULVELING (CSV) mentionne les quatre maisons dans la rue Émile-Mark, où d'importants dégâts ont eu lieu. Ces quatre maisons sont raccordées au même canal, qui est lui-même relié au canal principal. Or le canal s'est affaissé dans la jointure entre les maisons. C'est ce qui explique en partie les dommages. Mais il s'agit d'un terrain privé et la commune ne peut rien faire. Les propriétaires vont devoir se mettre d'accord pour effectuer les travaux nécessaires. Des cas semblables existent aussi à Lasauvage.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK) constate que la bourgmestre a parlé d'une situation dramatique. Un mois plus tard, d'autres inondations à travers le pays ont été bien plus graves. Et avec le changement climatique, les choses ne vont pas s'améliorer.

Eric Weirich salue l'avis dont il est question aujourd'hui, car il prévoit des mesures à court et à long termes. Il permet aussi à la commune de prendre des mesures simples immédiatement comme percer des trous dans la digue, en attendant que l'étude analysant les causes plus profondes des inondations soit publiée.

Le nouveau PAG prend-il en compte la gestion des crues? Mon-

sieur Ulveling a parlé d'un registre. Or un registre existe déjà sur le Géoportail et sur wasser.lu. On peut le consulter.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) précise que le Géoportail contient des plans des zones à risque. Mais ils ne sont pas parfaits, car localement, des phénomènes peuvent se produire qui n'ont pas été prévus. Tout le monde a été surpris par les inondations même si on sait bien que la situation ne va pas s'améliorer. Les cartes du Géoportail ne sont pas assez spécifiques.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG) regrette que cette procédure qui se veut publique soit en fait passée à côté du public.

Les documents ont été publiés. Mais les personnes qui s'y intéressaient ont dû être surprises de la complexité de la matière. Les consultations ont eu lieu à travers le pays.

L'avis de la commune va être évalué en même temps que les réclamations de particuliers. Sur la base de ces documents, il faudra mettre en place un plan allant de 2021 à 2027 reprenant les propositions de la commune et des particuliers.

En fait, il s'agit d'apporter des améliorations au dernier plan. En 2027, lorsque le prochain plan sera réalisé, il faudra penser à communiquer davantage avec le public.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) passe au point 8 a, un point que ses prédécesseurs au collège échevinal attendent depuis longtemps. Il s'agit d'un terrain autour du Thillenbergr de 495,15 a que la commune achète pour 1 million d'euros.

Christiane Brassel-Rausch préfère laisser la parole à ceux qui connaissent le dossier mieux qu'elle. En tous les cas, elle est contente que cet acte soit enfin à l'ordre du jour.

op de Leescht geholl am Sënn vum Héichwaassermanagement? Dir hat geschwat vun engem Regëster. Wann ech mech net ieren, gëtt et ee Regëster um Geoportail oder op waasser.lu. Kuerz no den Iwwerschwemmunge gouf een Héichwaasserrisikomanagement-Programm oder -Plang virgestallt. Wann ech mech net ieren, kann een dee kucken um Geoportail. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Weirich.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Um Geoportail sinn Héichwaasserrisikokaarten ze gesinn, déi een uklicke kann. Mee déi soen dat aus, wat se aussoen. Also déi si bei wäitem net perfekt. A loossen awer och op, dass och emol kënne lokal Saachen anescht geschéien, wéi se vläicht previsibel sinn. D'Inondatioun war jo e punktuellt Evenement, wou jiddereen immens iwwerrascht awer och war. Quitte dass mer eis mat esou Iwwerraschungen, déi definitiv net positiv sinn, mussen an Zukunft leider auserneesetzen. Mee esou Saache fënnt een an deene Kaarten net erëm. Well et wierklech ganz spezifesch dann op engem Punkt ass. An dat si méi Zonage-Kaarten u sech. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Pregno. Den Här Schwachtgen.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Ech wollt derzou soen, dass mer hei an engem Fall vun enger Procédure publique sinn – eng Consultation publique war déi ganz Affär hei –, déi awer relativ laanscht de Public gaangen ass a mengen Aen, well dat einfach ausgehaange gëtt a vill Leit, déi eventuell och betraff sinn dervun, sech der Komplexitéit vun der Matière héchstwahrscheinlech guer net bewosst sinn. Déi Consultation publique ass jo am ganze Land an alle Gemenge gefouert ginn.

Den Avis vun der Gemeng, dee mer haut stëmmen, geet jo zréck an déi Procédure publique an dee gëtt da betruecht mat eventuell private Reklamatiounen. An da gëtt e Plang opgestallt. Dat ass am Fong de Wee elo vun 2021 bis 2027, wou da gesot gëtt, de Privaten oder d'Gemeng hätt dat an dat gefuerdert. Baue mer dat an an eis national Interventionspläng oder Risikomanagementspläng? Dat ass jo den Zweck vun där heiter Saach gewiescht.

Dat heescht, do komme Korrektur par rapport zu deem Plang virdru fir déi nächst Joren. A vläicht muss een d'nächste Kéier kucken, wann déi Prozedur 2027 nach eng Kéier gemaach gëtt, dass dat vläicht nach méi public gëtt dobaussen. Dat ass eng Fro, déi sech stellt. Dat wäerten eis Successeuren eventuell musse maachen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Schwachtgen. Dann, denken ech, komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'émettre un avis favorable quant au deuxième plan de gestion des risques d'inondation

Villmoos Merci. Da komme mer zum Punkt 8a). Dat ass een, dee scho laang hei erwaart ginn ass am Schäfferot vu menge Virgänger. Dofir géif ech och d'Wuert éischter menge Virgänger loosse. Also deene Leit, déi scho méi laang derbäi sinn. Et geet em d'Terraine ronderëm den Thillebiereg vu 495,15 Ar. Ech mengen, mir sinn alleguer frou hei ronderëm den Dësch, dass mer déi Terrainen elo fir 1 Millioun kréien.

Ech loossen elo gären d'Bün fräi fir déi, déi sech laang doranner geknéit hunn an déi sécher méi wëssen iwwert déi Transaktioun wéi ech. Mee ech si ganz frou, dass ech se ka begrëssen an dass mer se haut am Gemengerot kënne guttheeschen. Hoffen ech op jiddwer Fall!

Här Liesch.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Ech hätt dem Här Muller de Virtrëtt awer gär gelooss. Merci fir d'Wuert.

Effektiv, e ganz flotten Akt, dee mer haut hei hunn. Et dréit sech alles ronderëm den Thillebiërg, dee ganz neien Areal vu 495 Ar. Dat ass scho substanzieell vun Terrain, wat mer hei kréien. De Präis ass och nach, gesinn ech, plus ou moins dee selwechte wéi deen, dee mer ausgehandelt haten am leschte Schafferot. Et sinn nach weider Terraine bäikomm, déi mer deemools net esou um Radar haten. Notamment an der Rue de l'Hôpital ënne laanscht sinn e puer Parzellen, déi der ArcelorMittal gehéieren, déi se eis dann och hei mat verkafen.

Et muss een natierlech wëssen, dass déi Terrainen hei alleguerten an der Zone verte leien. Dat heescht, et muss een da seng Illusiounen, wat een op deem Terrain alles ka maachen, direkt aschränken. Well ganz vill ass net méiglech. Ausser Saachen, déi eeben naturno sinn. An elo muss gekuckt ginn: Wat ass machbar op deem Terrain? Wat ass sënnavoll vun naturnoen Infrastrukturen? Well et sti jo och Infrastrukturen nach do, déi vläicht nach enger Verwendung kënnen zougewannt ginn, déi am Moment jo eidel sinn.

Trotzdem muss ee wëssen, dass mer hei ganz no bei Déifferdeng sinn an ee sech ka flott iwwerleeën, wat een doraus ka maachen. De Vëloswee, deen nach do laanscht geet, gëtt weider benotzt.

Jiddefalls si mir ganz frou, dass mer fir deen heite Präis dee ganzen Areal kréien. An dass Déifferdeng e gutt Stéck Terrain an e gutt Stéck Natur bäikritt.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci, Här Liesch. Ech géif dann elo dem Här Muller d'Wuert ginn.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci. Elo huet den Här Liesch scho bal alles gesot. Mee ech mengen, mir sinn do awer komplett op enger Linn.

Mir hunn zesumme gekämpft eng Zäit mat der ArcelorMittal. Hie gesäit meng kleng Verwandschaft nach ëmmer do un. Ech hunn déi och nach net vergiess, déi laang Aktivitéit, déi ech do hat. Mee elo komme mer zrëck zu där heiter Saach.

Ech fannen absolutt, dass mer e gudde Präis do hunn. Ech hunn nogekuckt, wat mer fir den Thillebiërg-Stadion selwer bezuelt hunn. Dat war e ganz anere Präis! Dat waren zwou Milliounen fir nëmmen 178 Ar. Dat waren 11.000 Euro den Ar. An hei hu mer elo 2.000 Euro den Ar. Wou mer awer, loosse mer soen, wéi Der och richteg gesot hutt, do net esou vill kënnen ufänke mat deem Terrain.

Deemools war et jo d'LSAP, déi dee Bauprojet gestoppt huet. Dat ware grouss Diskussiounen ginn am Gemen-gerot. Erënnert Iech drun, wat do alles geplangt war. A Gott sei Dank huet dat net stattfonnt. Et muss een och soen, do huet den deemolegen Ëmweltminister eis eng Hand mat ugepaakt. Dat war och ee vun der LSAP.

(Gelaachs)

Däerf ech awer mol eng Kéier soen.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Dat ass emol gutt gesot.

ERNY MULLER (LSAP):

Dat war awer elo gutt gesot, well ech mengen déi Zäiten hunn entretemps geännert. Do wäert wuel kee méi vun der LSAP esou séier erëm do zum Zoch kommen.

Voilà, dat gesot, begrëisse mer dat. An ech hu mer och Gedanke gemaach iwwert dat, wat alles do kéint entstoën. Allgemeng wësse mer jo: Net ze vill. Mee et kéint awer eppes entstoën an direkter Noperschaft zu eisem Stadzentrum. Wat fir d'Awunnerschaft eng wierklech flott Zone de récréation wär.

Et geet och drëm fir d'Entrée vun de Minnen, respektiv hei elo vun der Mine Thillebiërg, en évidence ze setzen. Dat soll awer eppes sinn, fir datt déi Leit, déi do hir Fräizäit verbréngen, och

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) rappelle que l'acte concerne le Thillebiërg et plus spécifiquement un terrain de 495 a. Le prix est à peu près le même que celui négocié par le dernier collègue échevinal. Il y a quelques parcelles en plus, par exemple dans la rue de l'Hôpital.

Le site se trouve dans une zone verte. Tout n'y sera pas permis. Il faudra donc réfléchir à quoi en faire et prévoir des infrastructures écologiques. Peut-être pourra-t-on réaffecter les bâtisses existantes.

En tout cas, l'endroit est intéressant, car il se trouve près de Differdange et qu'une piste cyclable y passe. Georges Liesch se réjouit de cet acte.

ERNY MULLER (LSAP) se souvient des discussions menées avec ArcelorMittal au sujet du Thillebiërg ensemble avec monsieur Liesch. Le prix des terrains est correct. À titre d'exemple, pour le stade, la Ville de Differdange a dû verser 2 millions d'euros pour 178 a. C'est-à-dire 11 000 € par are au lieu de 2000 € par are aujourd'hui. Cependant, les terrains seront plus difficiles à utiliser.

Erny Muller se souvient également que le LSAP avait stoppé un grand projet de construction. Des débats boueux avaient eu lieu au conseil communal. L'ancien ministre de l'Environnement était intervenu. Il faut dire que c'était un socialiste. (Rires)

GUY ALTMEISCH (LSAP) ajoute qu'il était important de le mentionner.

ERNY MULLER (LSAP) en conclut que les temps ont changé. Il est conscient du fait que la commune ne pourra pas aménager ce qu'elle veut sur ces terrains se trouvant à côté du centre-ville. Mais une chouette zone de récréation est possible.

Il s'agit aussi de mettre en évidence l'entrée de la mine du Thillebiërg. Les visiteurs devraient aussi pouvoir s'informer sur l'activité dans les mines grâce à des panneaux.

Il faudra aussi revaloriser le quatrième bâtiment de la mine du Thillebiërg. Erny Muller plaisante sur le fait que le nom que l'on donne à ce bâtiment dépend de la génération à laquelle on appartient. C'est comme avec les groupes de musique dont les conseillers communaux parlaient tout à l'heure. Les uns parlent de ZZ Top, les autres de la génération précédente. Dans le cas du quatrième bâtiment de la mine du Thillebiërg, la nouvelle génération parle du bâtiment Lux-hygiène. En tout cas, il devrait être possible d'en faire quelque chose d'intéressant.

Pour ce qui est des servitudes, l'eau du Thillebiërg est essentielle au refroidissement de l'usine. Sans elle, l'usine peut fermer ses portes. Mais de toute façon, personne n'entend y toucher. Il faudra juste veiller à conserver la servitude.

Pour le reste, les socialistes sont satisfaits de ce contrat.

FRANÇOIS MEISCH (DP) rappelle que le conseil communal a approuvé l'acquisition du stade du Thillebiërg pour 2 millions d'euros le 29 janvier 2020. Le terrain et les infrastructures dont il est question aujourd'hui sont en mauvais état. La même chose est vraie pour d'autres acquisitions récentes, ce qui signifie qu'il faudra investir à l'avenir.

En bon état, le site du Thillebiërg constitue une plus-value. Le carreau de la mine se trouve en pleine nature. Une partie est cependant classée zone BEP, ce qui devrait permettre des activités.

François Meisch espère que le potentiel de ce site sera exploité rapidement. Les démocrates approuveront l'acte.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK) ne connaît n'y l'histoire du site ni celui du stade. En revanche, il connaît bien le coin parce qu'il y fait de la course et du vélo. L'endroit est extrêmement beau et il se réjouit de l'acquisition de nouvelles parcelles.

Que va faire le collègue échevinal des bâtisses existantes? Il pense notamment au bâtiment que Lux-hygiène occupait encore il y a quelques années. Existe-t-il un concept global pour le site? Il ne faut pas oublier que le site est en pleine nature et

emol e Bléck geheie kéinten op d'Aktivitéit vun de Minnen deemools. Mat Panneauen an esou weider. Also, do gëtt et scho verschidde Méiglechkeeten, déi ee kann erschëpfen.

A wéi gesot, d'Revalorisatioun – an den Här Liesch huet et schonn ugeschnidden. Dat ass dat véiert Gebai vun der Mine Thillebiërg. Et ass zwar elo bei der neier Generatioun. Do geet et da wéi mat de Gruppen, wou mer virdru rieds haten. Déi eng ass ZZ Top, vun där Dir schwätzt. Ech hu vun anere geschwat. Déi sinn eng Generatioun vläicht virdru gewiescht oder eng hallef. Esou ass et hei och. An déi hei Generatioun, déi schwätzt vum Lux-hygiène-Gebai. Dat ass awer fir mech net esou positiv. Mee obwuel den Här Mangel...

(Ënnerbriechung)

Et war och den Här Mangel. Jo.

(Ënnerbriechung)

Fir de Rescht, mengen ech, dass mat deem Gebai och kann eppes Interessantes gemaach ginn.

An ech wollt nach ee Wuert soen zu de Servituden, déi mer mat iwwerholl hunn. D'Thillebiërg-Waasser ass ganz wichteg, fir iwwerhaupt dass d'Schmelz nach funktionéiert. Well dat Thillebiërg-Waasser gëtt fir Killzwecker op der Schmelz benotzt. Wa mer do de Krunn zoudréien, kann d'Schmelz definitiv hir Dieren zoumaachen. Soudass dat eng immens wichteg an och eng immens strateegesch Saach ass fir hire Prozess vun der Stolerzeugung.

Ech mengen, dat war jo och ëmmer zougängelech an et ass jo näischt geschitt. Do kënnt keen drun. Mee dat ass dann dat, wat se sech ausgehalen hunn, dass dat soll als Servitude bestoe bleiwen, wat een och muss verstoen.

Fir de Rescht, fanne mer, dass dat do e ganz gudde Kontrakt ass, deen eiser Gemeng wierklech viles ka bréngen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Här Meisch.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Merci, Dir Dammen an Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, den 29. Januar 2020 hu mer hei schonn dem Kaf vum geschichtsträchtegen Thillebiërg-Stadion zu engem Präis vun 2 Milliounen Euro zougestëmmt. Den Terrain an d'Infrastruktur ronderëm si bekanntlech säit längerem an engem ganz schlechten Zoustand. Säit där Acquisitioun ass leider ausser engem Container opstellen nach net vill do geschitt. Dat musse mer leider och feststellen bei enger Partie aneren Acquisitiounen, déi a leschter Zäit getäteg goufen. Dat bedeit, dass Investitiounen ustinn an Zukunft a finanziell Auswierkung wäerten hunn.

Dee ganze Site Thillebiërg an engem gudden Zoustand war eng Plus-value. Do derzou kommen elo déi 495 Ar direkt niewendrun um sougenannte Carreau de la Mine. Schéin am Grénge geleeën. Wann ech richtig gesinn, läit awer trotzdeem en Deel an enger BEP-Zone, enger Zone de bâtiments et d'équipements publics. Wat dann awer géif verschidden Aktivitéiten trotzdeem do erméiglechen.

Mir hoffen, dass zäitno eppes ënnerholl gëtt, well d'Potenzial vun deem ganze Site ass enorm. Doduerch stëmme mer deesen Akt gäre mat. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Meisch. Här Weirich.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Ech kenne leider den Historique net vum Site. Och vum Stade Thillebiërg net. Mee ech kennen awer deen Eck. Ech ginn oft do laanscht lafen. Ech fuere mam Vélo laanscht. Ech fannen deen Eck immens schéin. Et ass absolut begrëssenswäert a flott, dass mer als Gemeng Déifferdeng déi reschtlech Parzelle vun ArcelorMittal opkafen.

An deem Sënn hunn ech e puer Froen oder Bemierkungen, wat zum Beispill mat deene Gebaier geschitt, déi mer do kafen. Do ass jo ee relativ grousst Gebai, wou, ech mengen, d'Firma Lux-

hygiène nach bis virun e puer Joer mat dra war. Dat ass e grousst Gebai.

Wat geschitt mat deem Gebai? Respektiv: Gëtt et eng Aart Gesamtkonzept fir dee ganzen Eck? Vu dass mer de Stade d'lescht Joer kaf hunn an elo déi Rescht Parzellen och kafen. Gëtt et e Konzept, fir déi Gebailechkeeten ze benotzen, respektiv deen Eck méi ze erschléissen? Wuelwëssend, dass et Gréngzon ass an dass et eben naturno Aktivitéite solle sinn an och musse sinn a mengen Aen, dass do net ze vill an d'Natur agegraff gëtt. Well déi sech amgaangen ass, do zréckzekämpfen a sech dat erëm accapariert huet nodeems do laang déi Minn war.

Ech fannen et och absolutt begrëssenswäert, dass de Verkeefer, ArcelorMittal, den Terrain sanéiere muss. Also Dealer dovunner. Déi si jo deelweis verseucht vu fréiere Bensinnsstatiounen, deelweis nach Tänk, déi am Buedem leien. Soudass dat innerhalb vun deenen nächsten zwee Joer vun ArcelorMittal op hir Käschten nach sanéiert gëtt. Dat ass natierlech en absolute Plus och fir dee ganzen Eck.

Ech hunn och gesinn, op engem vun de Gebaier steet elo neierdénks e Schëld vun Diff-Mix dobäi. Dat ass jo ee vun eisen Esch 2022-Projeten. Am Moment ass dat Gebai vu bause relativ voll mat Graffiti besprayt. Wat natierlech och flott ass. Dat wëll ech elo net hei a Fro stellen. Mee ech gesinn, dass do awer och schonn eppes geplangt ass. Op d'mannst op der Fassad, fir deem Gebai en anere Look ze gi wéi déi Graffiti, déi grad drop sinn. Dat wär nach zu menger Fro zum Gesamtkonzept, wat mat deene Gebaier geschitt.

De Vëloswee ass ugeschwat ginn. Et wär flott, wann een dee Vëloswee géif e bësse méi wäit denken. Do huet een d'Potenzial, fir hanne bis op Uewerkuer oder Biele déi eng Säit ze fueren. Och iwwer fréier Sitte vun der Arcelor. Respektiv déi aner Säit, de Bierg erop, kann ee bis an de Fond-de-Gras fueren. Aktuell net iwwer Vëlosweeër, déi et nach net gëtt. Mee iwwer Bëschweeër kennt een do relativ wäit. Et wär flott, wa mer d'Geleeënheet géifen notzen, fir vläicht an deem Eck e bëssen eis Vëlosweeër fir d'Zukunft weiderzedenken. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Weirich. Här Tempels.

GUY TEMPELS (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Hären, ech faasse mech kuerz. Et ass scho villes gesot ginn. Natierlech begrësse mir de Kaf vun dësem Site. Wou ech den Dossier gekuckt hunn, wat mech e bëssen traureg gestëmmt huet, an do ginn ech dem Här Muller Recht, ass, dass mer trotzdem déi Aktivitéit, déi virdrun do war, net sollte vergiessen.

Wann ech déi Fotoen am Dossier gesinn, wéi déi Agäng komplett zougewuess sinn oder verfall sinn, sinn ech der Meenung, dass och hei eppes sollt gemaach ginn, fir un déi Aktivitéit, déi do virdru stattfonnt huet, ze erënneren.

Mat de Gebaier wäerte mer schonn déi néideg Destinatioun fannen, wat mer mat deene solle maachen. Mir soe Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Tempels. Här Schwachtgen.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Ech schloen an déi selwecht Klack wéi den Här Tempels elo. Hie war elo vir. Awer ech wollt dat och betounen. Et ass virun allem e Site, deen un eis Minnen erënnert. An déi gréisste Minn hei am Süde war effektiv den Thillebiërg. Wann ee sech d'Zeechnungen an d'Biller ukuckt, ass dat gewalteg gewiescht, wat alles ënner deem Bierg do passéiert ass op sechs oder siwe Couché mol dräi oder véier Meter héich. Wat och erklärt, firwat uewen um Bierg nach ëmmer vill Mouvement ass vun Abréch.

Déi al Minièresagäng, wéi den Här Tempels gesot huet, ass wierklech en Déifferdenger Patrimoine, e Süd-Patrimoine, zemools elo mam Unesco-Site. Dee muss onbedéngt séier restauréiert ginn a gehale gi fir d'Zukunft. Ech

que les activités devront être écologiques. La nature est en train de reprendre les terrains depuis la fermeture de la mine.

Eric Weirich salue le fait qu'ArcelorMittal s'engage à assainir les terrains. Après tout, il y avait des tanks d'essence. ArcelorMittal réalisera ces travaux au cours des deux prochaines années.

Devant un des bâtiments se trouve un panneau de DiffMix, un des projets differdangeois d'Esch2022. Ce bâtiment est recouvert de graffiti. C'est chouette, mais Eric Weirich suppose qu'autre chose est prévu pour la façade. Cela fait partie de sa question quant au concept global.

Pour ce qui est de la piste cyclable, il faudrait aller plus loin dans les réflexions. Car il serait possible de rejoindre Oberkorn ou Belvaux d'un côté et le Fond-de-Gras de l'autre. Il n'y a pas encore de pistes cyclables, mais il existe des chemins de promenade. Des pistes cyclables seraient les bienvenues.

GUY TEMPELS (CSV) salue à son tour l'acquisition de ce site. Comme monsieur Muller, il trouve important de ne pas oublier l'activité qui a longtemps eu lieu à cet endroit. Il ne doute cependant pas que la commune réussira à réaffecter les anciens bâtiments.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

est du même avis que monsieur Tempels. Ce site rappelle les mines de Differdange et celle du Thillebiërg était la plus grande du pays. Il est impressionnant de regarder des images et des illustrations de ce qui s'y passait sur six ou sept couches de trois ou quatre mètres. C'est ce qui explique aussi les fréquents mouvements de sol sur la montagne.

L'entrée de la mine est un vrai patrimoine du sud du pays. Il faudra la restaurer.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

pense que madame Pregno pourra répondre aux questions de monsieur Weirich. Le collège échevinal a beaucoup réfléchi à tout cela et fournira les réponses en temps voulu.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)

remercie les conseillers communaux pour leurs questions pertinentes. Le collège échevinal veut effectivement préserver le patrimoine. Début septembre, une entrée de la mine a été débroussaillée dans le cadre d'un projet d'Esch2022. L'école nature développe une application permettant de voir des images avant-après grâce à un code QR. Pour que cela fonctionne, il faut que l'entrée soit visible. En d'autres termes, le collège échevinal tient à conserver ce patrimoine important pour l'histoire de Differdange et du Luxembourg. Les remarques de monsieur Weirich sont pertinentes. Elle salue le fait qu'il se montre constructif.

Le collège échevinal a longtemps réfléchi à ce site et au bâtiment de Lux-hygiène. Laura Pregno rêve d'ouvrir une deuxième école en forêt, mais elle ne sait pas encore si ce rêve deviendra réalité. Elle espère avoir un début de réponse rapidement. Le problème est qu'il s'agit d'une zone verte et que les raccordements devront donc passer par cette zone. Or le ministère de l'Environnement n'avait que difficilement approuvé la crèche en forêt de Niederkorn. Laura Pregno pense que pour former des citoyens responsables, il faut leur apprendre à protéger l'environnement. La nature est l'endroit idéal pour cela.

Bien entendu, des travaux seront nécessaires, mais le bâtiment existe déjà et il pourrait accueillir une centaine d'enfants. On pourrait même y développer un cycle 2. Après tout, Differdange veut innover.

Mais tout cela n'est qu'un rêve pour le moment. Il est possible que le collège échevinal doive réfléchir à une autre affectation.

Laura Pregno a pris note de l'idée concernant les pistes cyclables. Monsieur Weirich ne doit pas hésiter à communiquer ses idées au collège échevinal.

(Vote)

mengen, dat ass immens wichteg. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Schwachtgen. Ech denken, dass d'Madamm Pregno déi richteg Persoun wär, Här Weirich, fir Är Froen ze beäntweren. Mir hunn eis am Schäferot scho vill Froe gestallt. Mee wa se méi prett sinn, kritt Der se. Ech ginn elo d'Wuert der Madamm Pregno.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci. Merci, fir all déi pertinent Remarken. Ech kommen op déi Minièresagäng zréck. Et ass definitiv am Sënn vun der Allgemengheet, dass mer dee Patrimoine erhalen a mol erëm wäertschätzen.

An deem Sënn ass uganks September eng Entrée, fräi geschnidde ginn, well am Kader vun Esch2022 d'Natureschoul e Projet mécht, wou se eng App entwéckelen, wou een avant-après ka Biller kucken. Dat heescht, et hält ee säin Handy – ech weess net genau, wéi et funktionéiert, ech sinn technesch net esou begaabt – virun engem QR-Code an da gesäit een um Handy d'Foto wéi de Patrimoine industriel original war a wéi en dann elo ass. Fir dass dat awer funktionéiert, muss een d'Entrée vun der Minn gesinn. Well soss gesäit ee just ganz vill Gréngs. Wat och schéi ka sinn. Mee halt net an d'Konzept vun deem Patrimoine industriel hänkt. Dat heescht, mir schaffe schonn do drop, dass mer dee Patrimoine erhalen. Et ass e wichtigen Deel vun der Geschicht vun Déifferdeng a souwisou vum ganze Land och.

Déi Remarque vum Här Weirich si fir mech total pertinent. Ech begréissen, wann Der mat esou konstruktiven Elementer an de Gemengerot kommt. Mir hunn eis effektiv, wéi d'Madamm Buergermeeschtesch sot, vill Gedanke gemaach, ënner anerem wat dat Gebai vun der Lux-hygiène ugeet.

Mir dreemen nach ëmmer vun engem zweete Standbee Bësch-Crèche/Bëschschoul. Ech weess aktuell nach ëmmer net ob et just en Dram bleift oder ob mer awer vläicht e Wee an d'Realitéit

fannen. Ech hoffen, dass ech de Mëtten op d'mannst e Minimum Wee kréien, ob dat éischter positiv wäert sinn oder negativ wäert sinn. Et ass halt de Problem, dass et an der Zone verte läit. An dass mer alles, wat d'Raccorden ugeet fir iwwerhaupt Uschlëss dohinner ze kréien, duerch déi Zone verte musse fueren.

Mer wëssen, dass den Ëmweltministère Schwieregkeete schonn hat, eis déi Bësch-Crèche zu Nidderkuer ze gestatten. Mir sinn der Meenung, wa mer gäre responsabel Bierger hunn, mussen déi och léieren, fir mat der Ëmwelt grouss ze ginn an déi ze schützen. A wou kann een dat besser léieren, wéi wann een dat sur place léiert?

Et ass natierlech ëmmer en Agrëff an d'Natur an en Agrëff an dat natierlecht Ëmfeld. À savoir dass hei schonn e Gebai existéiert. Dat Gebai kéint a priori bis zu 100 Kanner empfangen. Wat schonn immens vill ass. Et kann ee sech virstellen, dass et och interessant wär, e Cycle 2 do auszubauen. Wat et bis elo nach net gëtt. Mee why not? D'Déifferdenger sinn innovativ. A mir sinn ëmmer erëm dankbar, fir innovativ Projeten opzegraifen.

Mee dat sinn alles just Dreem an Utopien. A wie weess: Vlächtkomme mer dohinner. Et kann awer och sinn, dass mer relativ schnell de Rigel virgeluecht kréien. An da musse mer eis eppes anescht iwwerleeën, wat mir op där Plaz wëlle maachen.

Déi Iddi vun de Vëlosweeër huelen ech gäre mat. Definitiv gräife mer dat op. A wann Der esou Iddien hutt, kommt gären op eis zréck. Villmools Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Pregno. Ech denken, mer kënnen zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte notarié portant sur l'acquisition de terrains d'une superficie totale de 495,15 a en différents lieudits autour du Thillenbergr à Differdange.

8b. Auf der Heid / 8c. Pacte logement 2.0

Villmools Merci. Da komme mer zum 8b). Eng Konventioun vum Staat mat enger Mise à disposition vun enger Parzell. Et geet ëm eng Wiederstatioun. D'Madamm Pregno weess do méi am Detail Bescheed.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci fir d'Wuert. Et geet hei ëm eng Konventioun tëscht der Gemeng an dem Landwirtschaftsministère fir eng Parzell, déi „Auf der Heid“ heescht an déi uewen um Plateau beim Bache Jang läit. Et ass eng relativ grouss Parzell. Fir eng Meteostatioun brauch een allerdéngs just e Brochdeel vun där Parzell. Dohier eng ganz kleng Redevance vu 50 Euro d'Joer op zéng Joer. Eng Meteostatioun ass lokal immens interessant, well se Donnéeën ka recueillir, déi national kënnen ausgewäert ginn. Domat hu mir fir Déifferdeng e lokale Moossstanduert.

Firwat grad do? Meteostatioune mussen fräi stoen. Dofir ass esou eng Plaz, déi grouss ass an déi fräi steet, perfekt fir eng Meteostatioun. Villmools Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Pregno. Här Altmeisch.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären. Bei Gebrauch vu Flouernimm fir d'Opsetze vun engem Agrément, ass et ëmmer flott, wann een e Plang dobäi huet, deen explizitt ass. Leider muss ech feststellen, bei deem Plang hei muss ech op Är Erklärungen waarden. Ech kennen de Bierg gutt. Mee dee Kadasterplang, deen hei bäiläit, ass fir mech an och fir aner Leit, déi sech dorëm gekëmmert hunn, eppes ewéi e Sehtest. Och op Diff-Cloud ass et net besser ze gesi wéi hei op Pabeier. Ech wier frou, wa mer eng nächste Kéier bei Gebrauch vu Flouernimm e bësse méi en explizitte Plang géife bäigeluecht kréien. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Altmeisch. Da komme mer zur Ofstëmmung.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention avec l'État du Grand-duché de Luxembourg en relation avec la mise à disposition d'une partie d'une parcelle au lieu-dit Auf der Heid à Differdange en vue de l'installation d'une station météorologique.

Villmools Merci. Da si mer beim 8c). Do geet et ëm déi berüümte Convention initiale Pacte Logement 2.0. Nodeems de Pacte Logement 1.0 d'lescht Joer ausgelaf ass, wou mir als Gemeng vun Ufank un derbäi waren, proposéiere mir natierlech och beim Pacte Logement 2.0 matzemaachen.

Dir hutt sécher iwwert d'Press matkritt, dass d'Philosophie vum Pacte Logement 2.0 eng ganz aner ass wéi déi vum Pacte Logement 1.0. Am Pacte Logement 1.0 ass de Wuesstem vun der Populatioun gekuckt ginn a vun de Gemengen. Doropshin huet ee Suekritt. Mir haten do eng Participation financière par rapport zu eisem Wuesstem iwwert déi ganz Period vum Pacte Logement 1.0 vu 27.442.431 Euro. Wat net näischt ass.

Am Pacte Logement 2.0 gëtt gekuckt, wivill abordable Wunnraum op eisem Territoire gebaut gëtt, respektiv wivill Wunnengen an der Gestion locative sinn. D'Convention initiale, déi Iech elo hei virläit, ass néideg, fir am Pacte Logement 2.0 matzemaachen. Dëst ass déi éischt Etapp vun dräi Etappen.

An dëser Convention initiale decidéiert d'Gemeng, ob se en interne Conseiller logement wëll, dat heescht e Beamten aus dem eegene Gemengeservice, oder ob se op en externe Conseiller logement zréckgräift. Also eng Persoun, wéi mer am Pacte Climat hunn, en externe Klimaberoder. Mir als Schännerot hunn eis decidéiert, fir en interne Conseiller Logement ze huelen.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) passe à une convention avec l'État pour la mise à disposition d'une parcelle afin d'y installer une station météo.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) précise que la convention entre la Ville de Differdange et le ministère de l'Agriculture porte sur la parcelle Auf der Heid sur le plateau du Bache Jang. Comme la station ne prendra qu'une fraction du terrain, la redevance se monte à cinquante euros par an pour dix ans. Les données locales recueillies seront exploitées sur le plan national.

Ce site a été choisi parce que les stations météo doivent se trouver à un endroit grand et libre.

GUY ALTMEISCH (LSAP) trouve que le plan fourni aux conseillers communaux n'est pas explicite même s'il connaît bien l'endroit. Il a l'impression de passer un examen de la vision.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) passe à la convention initiale du Pacte logement 2.0 remplaçant le Pacte logement 1.0. La philosophie a complètement changé.

Le Pacte logement 1.0 permettait d'obtenir des subventions sur la base de l'augmentation de la population. Pour Differdange, cela a représenté une participation financière de 27 442 431 €.

Le Pacte logement 2.0 évalue la construction de logements abordables et le nombre d'appartements en location. La convention initiale dont il est question aujourd'hui permettra à la commune de participer. C'est aussi dans cette première convention que la commune décide si elle veut un conseiller interne ou externe. Le collège échevinal a opté pour un conseiller au logement interne.

Dans une deuxième étape, il faudra élaborer un programme d'action local, le PAL. Christiane Brassel-Rausch avoue avoir eu du mal à retenir ce nom.

Si le conseil communal approuve la convention, la Ville de Differdange touchera une dotation unique de 25 € par habitant plafonnée à 500 000 €.

Le PAL va définir la stratégie de la commune pour promouvoir le logement abordable. La Ville de Differdange a bien avancé en matière de politique du logement. Mais de toute façon, le vote d'aujourd'hui ne porte pas sur cette stratégie, qui sera élaborée au cours des prochains mois. Il reste à décider qui participera à l'élaboration du document. Christiane Brassel-Rausch mentionne les commissions et le conseil communal.

Une fois le PAL réalisé, il faudra passer à la convention de mise en œuvre. Le PAL et cette convention seront présentés dans le courant de 2022.

Il est clair que la Ville de Differdange ne résoudra pas seule le problème du logement. Mais elle peut apporter sa contribution. Christiane Brassel-Rausch rappelle que la commune a acheté 80 appartements de Gravity.

Bien entendu, il faudra garder à l'œil le volet financier. Le Pacte logement 2.0 va permettre de faire construire des appartements par des promoteurs privés. Ensuite, la commune devra décider si elle souhaite acquérir ces logements ou pas.

PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG) rappelle qu'il est question de la convention initiale sur le Pacte logement 2.0 entre la commune et le ministère du Logement. Le Pacte logement 1.0 est arrivé à terme l'année dernière. Il en fallait donc un nouveau.

Chaque commune signant la convention disposera pour 240 heures d'un conseiller pour élaborer le PAL. Le collègue échevinal privilégie un conseiller interne. En effet, un conseiller externe ne connaît pas forcément la politique communale, la situation financière et l'histoire du projet.

En nächste Schratt ass d'Ausarbechtung vum Programme d'action local logement. Dee berühmte PAL. Deen Numm wäert Der nach dräimol héieren. Ech hu laang gebraucht bis ech e verhalten hunn! PAL. Programme d'action local logement. Esou ee musse mer ausschaffen.

Duerch d'Approbatoun vun dëser Convention initiale, déi haut soll duerch de Gemengerot goen, also am beschte virum 31. Dezember, kann d'Gemeng Déifferdeng vun enger Dotation forfaitaire initiale unique profitéieren am Wäert vu 25 Euro pro Awunner. Si ass plafonéiert op e Maximum vu 500.000 Euro.

Déi zweet Etapp ass d'Opstellung vun deem berühmte PAL, vun deem Programme d'action local logement. An deem Dokument wäerte mir musse Strategien definéiere fir d'Promotioun vum Logement abordable. Ech mengen, dass mir als Gemeng Déifferdeng an deem Sënn schonn net schlecht opgestallt sinn. Respektiv iwver eis allgemeng Wunnengsbaupolitik.

D'Strategie musse mer nach definéieren. Déi steet haut nach net zum Vott, just fir ganz kloer ze sinn. Déi wäerte mer an deenen nächste Méint ausschaffen. An da muss ee kucken, wien een an déi Strategie do mat eranhëlt. Ob mer et esou maachen, wéi mer et mat eisen Appartementer gemaach hu mat de Kommissiounen, dem Gemengerot a wien do wëll matschaffen. Dat ass awer alles elo wéi gesot nach net ugeduecht.

Déi drëtt Etapp ass d'Festhale vun deem berühmte PAL. An da gi mer an d'Convention de mise en oeuvre. Et ass e bësse komplizéiert. Mee bon, et ass awer esou. An dat Ganzt gëtt dann och erëm an enger Konventioun festgehalten. De PAL an d'Convention de mise en oeuvre wäerte mer héchstwarscheinlech am Joer 2022 kënnen virstellen.

Mir wëssen, datt mir als Stad Déifferdeng de Wunnengsbauprobblem net eleng aus der Welt schafen. Dat ass ëmmer wichteg ze soen. Mee mir wëllen awer eisen Undeel bäidroen, wéi mer et bis elo an der Vergaangenheet och gemaach hunn. De Projet Gravity ass e flott Beispill heifir. Wou mir als Stad 80 Appartementer kaaft hunn. An 30 Wunnengen ënner verschiddene

Konditiounen zu engem ganz attraktive Präis weiderverkaaft hunn.

Wichteg ass och hei, wéi bei all Projet futur – et ass och schonn hei ugeklungen –, dass mer absolutt mussen d'Finanzen am A behalen. Well de Pacte Logement 2.0 wäert eis Méiglechkeete ginn, eng ganz Rei Wunnengen a verschidde PAPen duerch privat Promoteure bauen ze loossen. Dat ass méiglech. Duerno wäerte mer dann als Gemengerot eis d'Fro musse stellen, wien déi Wunnenge keeft. Ob mir se kafen oder ob mer se dem fräie Marché iwverloossen. Dat ass awer déi nächst Etapp. Hei geet et elo just ëm d'Convention initiale vum Pacte Logement 2.0. Villmools Merci.

Här De Sousa.

PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Hären aus dem Schäffchen- a Gemengerot, mir hunn hei déi Convention initiale tëschent der Stad Déifferdeng an dem Logementsministère, wat de Pacte Logement 2.0 ugeet. Wéi Der richtig gesot hutt, de Pacte Logement 1.0 ass d'lescht Joer ausgelaf. Et gouf héich Zäit fir een neien. Well de Pacte Logement 1.0 war just op Wuesstem ausgeriicht.

D'Stad Déifferdeng, wéi och all aner Gemeng, déi dës Konventioun ënnerschreift, kritt ee Beroder zur Verfügung gestallt, dee bis zu 240 Stonnen zur Verfügung steet, fir dee PAL, dee Programme d'action local, auszuschaffen. Eise Schäfferot huet decidéiert een interne Beroder ze huelen. Keen externen.

Dat sinn 240 Stonnen. Mee een Externen kennt vläicht net d'Gemegepolitik. Dee kennt d'Finanzen net. Dee kennt den Historique vun den Dossieren net. Och wéi de Schäfferot iwverleet an der Logementspolitik. Do ass een Internen definitiv vu Virdeel. Well en Externe muss begleet ginn. An do geet vill Zäit drop.

De PAL ass eng Ëmsetzung vun der kommunaler Wunnengsbaustrategie mat Objektiver a Visiounen vun der Gemeng. An déi Strategie entsteet just duerch Diskussiounen mam Schäfferot a

mat de Kommissiounen, an den Aarbechten a verschiddenen Aarbechtsgruppen. Wéi mer se och mam Service Logement an deene verschiddene Saachen erliewen.

De Pacte Logement 2.0 ass net wéi ee Bauprojet, deen no enger bestëmmter Zäit fäerdeg ass. Hei geet et ëm eng laangfristeg Planung. Och wann deen no zéng Joer ofleeft, ass awer déi Iddi fir abordabele Wunnraum ze schafen nach ëmmer do.

Ech vergläichen dat heiansdo mat der Iddi, déi een huet mat engem Informatiker, deen eng Software entwéckelt oder programméiert. Wann een en aneren Informatiker drop setzt, wéi mer am leschte Gemengerot d'Affär mam SIGI haten, gesäit deen net d'Iddien, déi deen Éischten hat. An hei ass et genau d'selwecht. Wa mer een externe Beroder géifen huelen, deen no deenen 240 Stonnen dann net méi do wier, an et géif een aneren dru schaffen, gesäit deen déi verschidden Iddien net dran. Vu datt mir ee Service Logement hunn, si mir gutt opgestallt – besser wéi eng kleng Gemeng, wou vläicht een externe Beroder eeben hëllef. Ech gesinn et richteg, datt mer een Internen huelen, dee ganz vill Kontakt mam Schäfferot a mat de Kommissiounen huet an déi ganz Gemengegeschicht kennt.

Well nom Opstelle vum PAL komme verschidden Tâchen op d'Gemeng duer. Wéi de Lien tëschent der Gemeng an dem Logementsministère, d'Ëmsetzung vun deem Programm, d'Encadrementer vun de Projeten, Gemengeprojete wéi och privater, wéi d'Madamm Buergermeeschtesch gesot huet, do hu mir d'Recht op verschidde Wunnengen oder Terrainen an deenen nächste PAPen. An do ass et da gutt, datt deejénigen, deen dat och ausgeschafft huet, nach weider kann dru schaffen. Dofir menge mir, datt et dee richteg Choix ass een Internen ze huelen. Mir stëmmen dës Konventioun mat Jo. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här De Sousa. Här Weirich.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Ech gi wéi Dir och net allze vill an den Detail vun der zukünftiger Logementspolitik. Dat maache mer, wa méi Detailler virleien. Et geet jo hei just ëm déi Convention initiale, déi mer elo mam Logementsministère ënnerschreiw.

Et ass gesot ginn, datt et héich Zäit gëtt, dass mer ukomme mat dem Pacte Logement 2.0, well den 1.0 war net esou dat, respektiv deen huet d'Zil verfeelt. Et gouf a Gemengeninfrastrukturen investéiert. Mee ech menge just 2 % oder 3 % vun deene Sue goufen effektiv an de Wunnengsbau investéiert. An dat ass jo mam Pacte Logement 2.0 elo absolutt anescht. Wat natierlech begrëssenswäert ass.

Ech hunn e puer Iwwerleeungen. Mir optéiere fir den interne Logementsberoder, wat absolutt Sënn mécht. Den Här De Sousa huet grad ganz gutt erkläert, wat dat vu Virdeeler fir eis huet.

Mee de PAL an déi Aufgaben, déi op d'Stad Déifferdeng duerkommen, fir wierklech eng lokal Logementspolitik an Zukunft ze maachen an ze gestalten, zéie natierlech e Méiopwand fir eise Service Logement mat sech. Deen ass jo och nach relativ frësch. Dee gëtt et elo säit zwee oder dräi Joer.

(Ënnerbriechung)

Zwee Joer, Merci! Mir sinn eng vun de weëne Gemengen am Land déi, sech e Service Logement gënnt. Wann een dat esou ausdrécke kann. Ech wär frou, wa mer an d'Iwwerleeunge vun der zukünftiger Logementspolitik an dem PAL och drun denken, fir de Logementsservice auszubauen. Dat wär mer ganz wichteg. Dass mer dat net vergiesen. Et sinn zwar just 240 Stonnen. Mir kréien déi Suen awer rembourséiert, well mer eeben en interne Beroder hunn. Dat wär emol ee Punkt.

An Dir hat, mengen ech, net gesot – oder ech hunn et verpasst – an der Presentatioun, mä en anere Volet oder Accent vum neie Pacte Logement 2.0 ass dee lokal bestoende Wunnraum ze benotzen an ze mobiliséieren.

Ech wär frou, wann dat seng Plaz géif fannen an eisem PAL a wann een och

Le PAL permettra de réaliser la stratégie, les objectifs et les visions de la commune en matière de construction de logements. Le collègue échevinal devra en discuter avec les commissions et les groupes de travail.

Le Pacte logement 2.0 n'est pas limité dans le temps. Car même s'il est question de dix ans, il faudra continuer à construire des logements abordables.

Pour ce qui est du conseiller, Paulo De Sousa le compare à un informaticien développant une application. Si on remplace cet informaticien par un autre, il ne connaîtra pas les idées du premier. La même chose est vraie pour un conseiller au logement externe. Lorsqu'après 240 heures, son travail sera repris par quelqu'un d'autre, celui-ci ne saura pas ce que pensait le premier. En plus, la Ville de Differdange dispose déjà d'un service logement. Sans oublier que le PAL va entraîner toute une série de tâches comme l'encadrement des projets, etc. Il est donc important que la personne chargée d'élaborer le PAL continue à travailler pour la commune après 240 heures.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK) ne va pas entrer dans les détails, car il ne s'agit que de la convention initiale avec le ministère du Logement. Mais il estime que le Pacte logement 1.0 a raté ses objectifs. Seuls 2 % ou 3 % de l'argent a été investi dans la construction de logements. Cela va changer avec le Pacte logement 2.0.

Pour Eric Weirich, choisir un conseiller interne est pertinent. Monsieur De Sousa a expliqué pourquoi.

Il faut tenir compte du fait que le PAL et les tâches qui en découlent vont engendrer du travail supplémentaire pour le service logement, qui existe depuis deux ans. Differdange est une des seules communes à disposer d'un tel service. Il serait important de l'intégrer aux discussions sur la politique du logement. Eric Weirich souligne aussi le fait que l'État remboursera les 240 heures de travail du conseiller interne.

Le Pacte logement 2.0 met aussi l'accent sur la mobilisation des lo-

gements existants. Comme l'a dit monsieur Hartung tout à l'heure au sujet de l'impôt foncier, il est important d'intégrer ce type de réflexions dans le PAL et de profiter des mesures que le gouvernement mettra en place pour exercer une certaine pression sur les propriétaires laissant leurs logements vides.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

remercie à son tour monsieur Weirich pour ses chouettes remarques. Il est clair que le service logement devra être renforcé.

Pour la bourgmestre, il est important que le PAL soit réalisé ensemble.

CHRISTIANE SAEUL (DP) constate que la population differdangeoise continue de croître et qu'elle est passée de 27 653 habitants en octobre 2020 à 28 450 habitants en octobre 2021. C'est une augmentation de 797 personnes.

La Ville de Differdange a besoin de logements abordables et subventionnés. Le Pacte logement 2.0 de l'État doit aider la commune dans cette tâche.

Pour Christiane Saeul, le problème des logements ne peut pas être résolu par la commune et l'État seuls. Ils ont besoin de l'aide des promoteurs.

Le Pacte logement 1.0 est arrivé à terme en décembre 2020 et est désormais remplacé par la version 2.0. La Ville de Differdange fait déjà beaucoup. Christiane Saeul mentionne le soutien aux projets de construction et l'acquisition de logements à Gravity par exemple. Elle espère que le conseil communal pourra participer à l'élaboration du PAL. Le DP approuvera la convention.

ERNY MULLER (LSAP) salue à son tour le choix d'un conseiller interne. La commune a besoin de personnel compétent.

Le Pacte logement 1.0 vient d'être critiqué. Erny Muller souhaite revenir sur les différences. Il pense que le Pacte logement 2.0 préconise le subventionnement direct des logements en construction. Sous certaines conditions, l'État rembour-

do géif mat lokalen Acteure wéi der Wunnengshëllef ASBL oder AISK géif schaffen. Dat war och virdru vum Här Hartung gesot ginn, wou mer iwwert de B6 geschwat hunn, dass een dat och direkt mat an de PAL abaut, fir eeben och an Zukunft op de Wee ze goen, fir méi bestoende Wunnraum ze mobiliséieren, vu dass um nationalen Niveau och Mesurë wäerte kommen, fir dass mer et als Gemengeresponsabel méi einfach hunn, fir Drock auszeüben op d'Leit, déi bewosst hir Wunnengen eidel stoe loossen.

Merci, fir d'Nolauschteren.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci, Här Weirich. Ech soe genau dat nämmlecht wéi d'Madamm Pregno: Merci, fir déi flott Inputten. An ech denken, dass Der Recht hutt. De Service Logement brauch nach Leit, wa mer elo op dee Wee ginn. Also dat ass keng Fro.

Op där anerer Säit ass et och flott, Är Meenungen ze kréien, wann de PAL bis amgaangen ass, fir ze kucken, wéi mer deen zesummen dann ausschaffen. Et geet mer einfach drëm, dass mer en zesummen ausschaffen. Merci.

D'Madamm Saeul. An dann den Här Muller.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Zum Pacte Logement 2.0 zwëschen dem Staat an de Gemenge fir méi abordable Wunnraum ze schafen. D'Awunnerzuel hei zu Déifferdeng wisst weider. Oktober 2020: 27.653. Am Oktober 2021 hate mer schonn 28.450 Awunner. Dat ass e Plus vu 797 Awunner. Do leie mer iwwert der Moyenne.

Mir brauchen zu engem groussen Deel abordabelen a subventionéierte Wunnraum. Dëse misst ugesiichts de klammende Präisser am Bau a Material e soziale Charakter hunn a bezuelbar sinn. De Wunnengsbaupakt mam Staat soll dobäi eng wäertvoll Hëllef sinn.

Net ze vergiessen, dass de Wunnengsbauproblem net eleng vum Staat an de Gemenge geléist ka ginn. Heifir brauche mer och d'Hëllef vun de private Promoteuren.

Dat éischt Ofkommen aus dem Joer 2008 ass am Dezember 2020 ofgelaf. Et gëtt weiderhin eng grouss Nofro vu Wunnraum. Dofir ass d'Ofkommen Pacte Logement 2.0 nei iwwerschafft ginn, wéi scho gesot, fir déi nächst zéng Joer. D'Stad Déifferdeng huet säin Deel dozou bäigedroen, géint de Wunnengsbauproblem virzegoen duerch d'Ennerstëtzung vu Bauprojekte respektiv duerch d'Kafe vu Wunnengen wéi dem Projet Gravity.

Et wier flott, wann de Gemengerot wéi virun e puer Méint mam PAG beim Ausschaffe vum Programme d'action local logement kéint matschaffen. Ech soe Merci fir d'Nolauschteren. D'DP stëmmt dëse Punkt.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci, Madamm Saeul. Här Muller.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci. Mir als LSAP begrëssen, dass mer op de Wee vun engem interne Berooder ginn. Fir eis ass dat eng natierlech Konsequenz, dass de Service ausgebaut gëtt. An och aus anere Grënn. Ech mengen, wa mer déi Logementsaarbecht wëlle seriö maachen, brauche mer och dee néidege Manpower. An och d'Kompetenz.

Ech wëll kuerz par rapport zu de Virriedner, wou jo allgemeng de Pacte Logement 1.0 kritiséiert ginn ass, op d'Differenz hiweisen, wéi ech se mol gesinn. Ech weess net, ob dat stëmmt. Et schéngt mer effektiv esou, dass elo am Pacte Logement 2.0 méi Wäert geluecht gëtt fir direkt d'Wunnengen, déi gebaut ginn, ze subventionéieren. Dat, andeem zum Beispill d'Gemengen – herno sollen dat jo och d'Privatleit kréien – 70 % remboursséiert kréien zu gewësse Konditiounen, ënner deenen ee baut.

Mam Gravity gi mer jo dee Wee. Mir ginn dat hoffentlech nach weider an dat kënne jo net nëmmen Appartementswunnenge sinn, mee och am Fong Haiser zu abordabele Konditiounen. Dann huet awer d'Gemeng herno d'Fraisen, sougenannte Follgekäschten. Mir schwätze jo haut vill vu Follgekäschten. D'Follgekäschten sinn d'Schoulen an alleguer déi Infrastrukturen, déi néideg sinn, dass d'Leit iwwerhaupt kënne flott an hirer Gemeng liewen. An déi Käschten hu mir eleng ze droen. Dat heescht: Mir dierfen net vergiessen, dass wa mer déi 70 % kréien, dat keen netto Benefice ass. Mee déi 70 %, déi mer dann do manner bezuelen, musse mer mat arechnen an d'Follgekäschten.

Ech gesinn een Ënnerscheid. Dat heescht, dat primäert Zil gëtt doduerch gestärkt, méi Wunnengen ze schafen, mee mir hunn awer net direkt eng Balance, eng Zomm dergéint, wéi fréier beim Pacte Logement, woumat mer kéinten d'Infrastrukturkäschten ausgläichen.

Fir de Rescht, mengen ech, dass et wichteg ass, dass all d'Partner, all d'politesch Acteuren an och d'Populatioun iwwert d'Tendenz vun der Wunnengsentwécklung an der Studentwécklung kënne matschwätzen. An déi ass jo och selbstverständlech plurianuell. Et kann een et op e puer Joer maachen. Ech mengen, minimum zéng Joer a méi laang, sollte mer do kucken, wou mer histeiere sollen. An dat sinn dann och d'Ziler vun engem Logementsservice oder esou engem Beroder. Ech mengen, dee muss jo awer och vun der Politik e bëssen Orientatioun kréien, wat d'Politik do wëllt. An da kucke mer, wat erauskënnt. Oder hie kënnt mat Propositionen an da musse mer eis politesch Decisiounen huelen, eis Responsabilitéit.

Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools Merci, fir déi flott Virschléi, Här Muller. Här Hartung.

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci. Et ass scho vill gesot ginn. Ech versiche mech kuerz ze faassen. Ech wëll awer just preziséieren, de Pacte Logement 2.0 effektiv eng ganz aner Approche ass. Woubäi mer awer elo net onbedéngt soe kënnen, dass déi am éischte schlecht war. Wéi lo grad gesot ginn ass, d'Gemeng war immens vill gefuerdert mam Wuesstem, fir eeben och d'Infrastrukture ronderëm ze schafen. Et geet net nëmmen duer, Wunnengen ze schafen, et muss een och kucken, dass d'Stroosseninfrastrukturen, d'Schoulen an d'Kanalisationen do sinn. An dat kascht eng Gemeng.

Am Pacte Logement 1 war virgesinn, dass d'Gemenge géifen ënnerstëtzt ginn, wa se direkt de Logement ënnerstëtzen. Hei am Pacte Logement 2.0 gëtt elo méi Wäert op d'Hëllef bei Wunnenge schafe geluecht. Wat u sech och net verkéiert ass. Ech mengen, d'Zäit ass jo och weidergaangen. Mir kënne alles esou ënnerstëtzen. Mir freeën eis drop, dee PAL zesummen auszeschaffen.

Haut geet et hei ëm d'Convention initiale, déi mer als Déifferdenger CSV natierlech och esou mat ënnerstëtzen. Am Koalitiounsprogramm ass dat jo och festgehalen ginn. Mee ech denken, dass schwätzt u sech fir allegueren d'Parteien, déi hei sëtzen, dass mer wëllen als Gemeng de sozialen an abordabele Wunnengsbau aktiv hei zu Déifferdeng férdere. Duerfir ass jo och de Service Logement geschaf ginn, deen, ënner anerem, och mat eise Kommisiounen e Gesamtkonzept fir Déifferdeng soll op d'Bee stellen, fir de sozialen an abordabele Wunnengsbau no vir ze driewen.

Datt elo hei am Kader vum Pacte Logement d'Gemeng een Internen hëlt, fir un dësem Konzept ze schaffen, mécht Sënn, well de PAL herno Bestanddeel ass vun deem Gesamtkonzept. Mer hu jo och nach vill aner Acteuren, déi am Wunnengsbau hei zu Déifferdeng aktiv sinn. An et ass jo u sech hire Rôle, dass dann alles zesummen ze bréngen, dass herno all déi Konzepter gutt openeen ofgestëmmt sinn. Dofir stëmme mer natierlech dat heite mat. Merci.

sera la commune – et plus tard les particuliers – à hauteur de 70 %. C'est ce que la commune fait déjà avec Gravity. Elle pourrait aussi acquérir des maisons. Il faut juste penser aux frais qui suivront. Car pour que plus de gens puissent vivre à Differdange, il faudra des écoles et d'autres infrastructures. La subvention de 70 % ne représente donc pas un bénéfice net. Bref, le Pacte logement 2.0 vise à renforcer l'objectif premier – la construction de logements –, mais contrairement au pacte précédent, la commune ne disposera pas directement d'une subvention pour la réalisation des infrastructures.

Pour Erny Muller, il est important que tous les acteurs puissent discuter du développement urbain. Il faut réfléchir à long terme. Ce sont également les objectifs du service logement et du conseiller, qui devra être orienté par le collège échevinal. Après qu'il aura fait ses propositions, le conseil communal prendra les décisions politiques.

JERRY HARTUNG (CSV) souligne à son tour l'approche différente du Pacte logement 2.0. Mais cela ne signifie pas que l'approche du Pacte logement 1.0 était mauvaise. La commune devait construire des infrastructures pour faire face à l'augmentation de la population. Car il ne suffit pas de construire des logements. Il faut aussi les routes, les écoles et les canalisations qui vont avec. Le Pacte logement 1.0 prévoyait une aide pour les communes si elles soutenaient le logement. Cette fois-ci, l'aide est couplée directement à la construction des logements. En soi, c'est une bonne chose.

Les chrétiens sociaux approuveront la convention initiale comme prévu dans le programme de coalition. Mais Jerry Hartung suppose que chaque parti souhaite promouvoir la construction de logements abordables. C'est pour cela que le service logement a été créé.

Que le collège échevinal choisisse un conseiller interne pour élaborer un concept est juste, car le PAL fera ensuite partie du concept global. Mais d'autres acteurs sont aussi actifs dans le domaine du logement à

Differdange. Il faudra veiller à créer des synergies.

ALI RUCKERT (KPL) se souvient de l'euphorie quand le Pacte logement 1.0 a été approuvé. On pensait qu'il permettrait de construire beaucoup plus d'habitations. En ce sens, l'échec est total. On n'a pratiquement pas construit d'appartements. Les communes ont utilisé l'argent pour réaliser des routes. C'est pourquoi Ali Ruckert préfère attendre les résultats avant de juger. Cependant, il approuvera la convention parce qu'il pense qu'il faut prendre des mesures. Mais il ne pense pas que la Pacte logement 2.0 permettra de résoudre le problème du manque de logements. C'est une goutte dans l'océan. Le Luxembourg a besoin de 30 000 à 50 000 appartements que l'État ne va pas créer en aidant un peu les communes. Il faudrait fonder une société de construction publique. On essaie de résoudre de grands problèmes avec des demi-mesures.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

ajoute que l'État et les communes tentent d'obtenir une mainmise sur le montant des loyers et des acquisitions. La différence entre le prix des appartements vendus à Gravity et les prix courants sont conséquents. Actuellement, le problème est que les logements publics sont vendus à des privés, qui réalisent d'importantes plus-values. Il faut que ces logements restent du domaine public.

(Vote)

Christiane Brassel-Rausch passe au Train 1900 et plus particulièrement à un nouvel emploi.

ROBERT MANGEN (CSV) explique que le Train 1900 a recruté une personne l'année dernière pour soutenir les bénévoles. Elle entretient le site, effectue des réparations et conduit la locomotive au besoin. La première année, cette personne a été payée par le Minett Park avant de passer au Train 1900. Juridiquement, l'affaire est douteuse, car une ASBL ne peut pas servir d'intermédiaire.

(Interruption)

Robert Mangen précise que le Minett Park a décidé de régulariser la

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci, Här Hartung. Här Ruckert.

ALI RUCKERT (KPL):

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, et ass elo vill hei iwwert de Pacte Logement 1.0 geschwat ginn. Ech erënnere mech, et war eng grouss Euphorie do, wéi dee gestëmmt ginn ass. Well gesot ginn ass, do géifen elo vill méi Wunnenge gebaut ginn. An där Optik ass deen absolutt kläglech gescheitert.

Et si keng Wunnenge gebaut ginn oder praktesch keng Wunnenge gebaut ginn. Et ass esou, dass déi meescht Gemen- gen déi Sue verbroden hunn, fir Stroossen ze bauen oder soss Saachen, mee Wunnenge keng. An dat war jo awer dat, wat gesot ginn ass, wat sollt geschéien. Dofir soen ech och hei: Pabeier ass gedëlleg. Ech kucken emol, wat derbäi erauskënnt.

Ech wäert dat als Verrieder vun der Kommunistescher Partei stëmmen, well ech mengen, dass awer Saache musse geschéien. An et ass och wichteg, dass mer e Beroder finanzéiert kréien. Mee ech ginn net dervun aus, wa mer dee Pacte Logement 2.0 do maachen, dass mer dann d'Wunnengsnout am Land besäitegt kréien. Et ass vläicht eng Drëps op e waarme Steen.

Et ginn tëschent 30.000 a 50.000 Mietwunnungen am Land gebraucht. Déi mécht een net, wann een duerch esou ee Pacte Logement d'Gemengen e bësse finanzéiert, mee déi mécht een nëmmen, wann een ëffentlech Baugesellschaft schaaft, wann ee Bauaarbechter astellt. Soss kritt een dat iwwerhaupt net verwierklecht. An dat ass de Problem, dass hei mat kleng Schrëtt soll e risege Problem bewältegt ginn. Dat ass einfach net dran.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci, Här Ruckert. Et ass keng weider Wuertmeldung méi do. Ech hänken drun: Ee ganz wichtige But vun deem Pacte Logement ass, dass

d'ëffentlech Hand, sief et de Staat wéi d'Gemengen, eng Mainmise op d'Loyeren an op d'Kafräisser kréien, fir dass déi net „ins Unermessliche steigen“, wéi et am Moment de Fall ass. An dat hu mir elo mam Gravity. Wann Der d'Präisser kuckt, wéi d'Gravity-Appartementer verkaaft gi par rapport, zum Maartpräis, si scho ganz grouss Ennerscheeder.

Well wat jo och geschitt ass, ass, dass Wunnungen aus der ëffentlecher Hand herno a Privathand verkaaft gi sinn an do dann immens Plus-valuen drop gemaach goufen. An de But vum Logement ass a mengen Aen, dass déi Wunnungen, ëm déi mir eis këmmen als Gemeng, als ëffentlech Instanz, och bei der Gemeng bleiwen an net op de Privatmarché kommen. Ech mengen, dat ass eng ganz wichteg Informatioun och wat d'Wunnungen ubelaangt.

Ech denken da kënne mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention initiale Pacte logement 2.0 avec l'État du Grand-duché de Luxembourg.

Villmools Merci. Da komme mer zum Punkt 8d). Do geet et ëm Péiteng/Déiferdeng, den Train 1900 an ëm e Collaborateur, dat heescht en Aarbechter. An ech géif d'Wuert dofir weiderginn un den Här Mangen.

SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Den Train 1900 hat dat lescht Joer eng Persoun agestallt, déi d'Benevolle vun der Associatioun ënnerstëtzt huet beim Ennerhale vum Site, bei der Reparatioun vun den Zich an och emol an der Woch agesprongen ass als Lokomotivchauffer. Dëse Salarie gouf bis dëst Joer vum Minett Park bezuelt an dann un den Train 1900 ausgeléint oder weiterverméttelt. Rechtlech ass dës Situatioun relativ zweifelhaft, well de Minett Park als ASBL keng Leit vermëttelle kann.

(Ennerbriechung)

Wéi et zum Wiessel kouw vum dësem Aarbechter-Posten, well dee viereg Aarbechter gekënnegt huet, hu mir am Conseil d'administration vum Minett Park entscheet, dës Situatioun rechtlech ze reegelen. Den Train 1900 bezilt elo säi Salarié an déi zwou Gemengen, Péiteng an Déifferdeng, rembourséieren dës Onkäschten, déi dann awer vum de Subsiden, déi déi jeeweileg Gemenge bezuelen, ofgehalen ginn.

Am Resümme: Um Terrain bleift alles d'selwecht. Just mir sti rechtlech richteg. Weeder déi finanziell Ënnerstëtzung vum de Gemengen nach de Profil vum Aarbechter vum Train 1900 hu sech verännert.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschten.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci, Här Mangel. Ech denken, da komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention entre les communes de Pétange et Differdange, et l'Association des musées et trains ferroviaires (AMTF Train 1900) portant sur la prise en charge communale de frais salariaux d'un collaborateur engagé par l'association.

Merci. Da komme mer zum nächste Punkt. A scho si mer erëm bei eise Service Logement. Ier ech et vergiessen, léif Kollegen aus dem Gemengerot, den État des lieux gëtt e Freideg den 29. Oktober gemaach an der Maison moderne an der rue Adolphe Krieps 21.

Do geet et ëm e miwweléiert Appartement um drëtten Stack. Dat huet eng Kichen, e Living, dräi Kummeren an e Buedzëmmer. Et handelt sech ëm plus ou moins 100 m². An et ass och nach e Keller derbäi. Mir géifen et un d'LU: NEX verlounen. Do sinn dräi Zëmmeren dran. De Kontrakt dauert sechs Méint. E géif elo den 1. November ufänken a géif goe bis den 30. Abrëll.

De Loyer mensuel ass 1.350 Euro hors TVA. Et dierf keen Zëmmer méi deier wéi 450 Euro verlount ginn. Et kommen awer nach 150 Euro Chärgen de Mount derbäi fir d'Heizung a fir d'Frais communs.

Ech denken, dat do ass e flott Beispill wéi mer kënnen virgoen. Et si wonnerschéi grouss Zëmmeren. Dir hutt eng schéi Vue. Also déi Studenten, déi do wunne kommen, kënnen sech an deem Sënn net beklounen.

Ech bieden Iech deem Contrat de bail hei zouzestëmmen. Wéi gesot, mir fänke kleng un. Mir probéieren eis lues a lues eranzeschaffen, fir dann och ze wëssen, wéi mer sou Saachen handele sollen an handele müssen.

Här Weirich.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Do sinn ech absolutt bei Iech, kleng unzefänken a mat klenger Schrëtt virzegoen, wat de Logement ugeet. Dat hei ass absolutt begrëssenswäert, dass déi Wunneng genotzt gëtt, en attendant dass ënnen an der Maison moderne de Rez-de-chaussée an den éischten Stack ëmgewandelt, nei geduecht an nei gestalt ginn. Ech fannen dat gutt, dass déi Wunneng, déi do besteet, déi mer hunn, a Gemengerhand ass, elo scho verlount gëtt an net einfach Wunnraum eidel stoe gelooss gëtt. Dowéinst droen ech dat heite gäre mat.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Weirich. Da komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail portant sur un logement pour étudiants avec la LUNEX International University of Health, Exercise and Sports au no 21, rue Adolphe-Krieps à Differdange.

situation. Le Train 1900 va payer ses salariés et les communes de Differdange et Pétange rembourseront les frais à travers les subsides. En d'autres termes, rien ne change sur le terrain.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

passer au service logement. Elle rappelle que l'état des lieux de la Maison moderne aura lieu le 29 octobre. Il s'agit d'un appartement meublé au troisième étage avec une cuisine, un séjour, trois chambres et une salle de bains. Le tout fait quelque cent mètres carrés.

Cet appartement sera loué à LUNEX du 1^{er} novembre 2021 au 30 avril 2022 pour un loyer de 1350 € hors TVA. Chaque chambre ne peut pas coûter plus que 450 €, auxquels s'ajoutent 150 € de charges.

Christiane Brassel-Rausch ajoute que ces chambres sont magnifiques et grandes. La vue y est belle. Les étudiants n'auront pas à se plaindre. Le bourgmestre demande aux conseillers communaux d'approuver le contrat. Elle est consciente que la commune commence petit pour voir comment gérer ce type de locations.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK) donne raison au collègue échevin de vouloir commencer petit. C'est une bonne chose de louer cet appartement en attendant que le rez-de-chaussée et le premier étage soient remodelés. De cette façon, le logement ne restera pas vide. Eric Weirich approuvera le contrat.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

passé à un contrat du 1535° concernant le Kesselbetrib Concept Store. Cinq personnes ont déposé leur candidature. Le comité de sélection a remis un avis. Leur choix s'est porté sur monsieur Mauro Fiermonte et monsieur Jacques Mossong.

Ces deux jeunes hommes sont très motivés. Ils sont spécialisés dans le café, mais aussi les jus et les sandwichs frais – bref de la petite grande gastronomie. Il pourrait s'agir d'une alternative à la Schräinerei. Mais le collège échevinal a surtout été séduit par l'engagement de ces deux personnes. C'est pourquoi il a décidé de leur accorder un loyer un peu plus bas que d'habitude pour qu'ils puissent commencer dans les meilleures conditions. Ils sont aussi en négociation avec le CIGL pour voir si celui-ci pourrait exposer ses meubles dans le concept store.

La surface fait 27 m². Christiane Brassel-Rausch demande au conseil communal d'approuver ce contrat.

GUY ALTMEISCH (LSAP) souligne que ce type de points peut être évacué rapidement lorsque le dossier est complet, ce que les socialistes demandent depuis longtemps. (Discussions)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) précise que les autres états des lieux suivront.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG) ajoute que le contrat porte sur trois ans et commencera le 1^{er} décembre. Le loyer s'élève à 1662 € par mois HTVA, c'est-à-dire 6 €/m². Il est question d'un «upcycling café». Les meubles sont de seconde main et remis en état avec un peu de fantaisie. Une architecte d'intérieur a aidé les gérants à aménager les lieux sur deux étages. Le café dispose de 50 places assises à l'intérieur et 16 à l'extérieur. Des manifestations pourront y être organisées. Le concept store vend du café. Les clients qui le souhaitent peuvent apporter leur propre café et le boire sur place. Ils pourront aussi acheter des tasses, des moulin à café ou des filtres.

Le café est intéressant, car il mettra en avant les produits de saison, les

Am nächste Punkt si mer beim 1535°. Do geet et em e Contrat de bail commercial fir de Kesselbetrib Concept Store. Fënnf Kandidaten hate sech gemellt. De Comité de sélection huet en Avis dozou ofginn. Déi zwee Hären, den Här Mauro Fiermonte an den Här Jacques Mossong, hunn am allerbeschten ofgeschnidden. Och fir de Schäfte-rot sinn dat déi Leit, déi op dee Site passen.

Et sinn zwee jonk Hären, déi extreem motivéiert sinn. Eng grouss Spezialitéit vun hinnen ass de Kaffi. Dat heescht, et gëtt vill verschidden Zorte Kaffi. Awer och frësch Jusen a kleng Sandwicher, well keng grouss Gastronomie do gemaach gëtt, awer mam Accent op frësch. Souwuel d'Uebst wéi d'Geméis. Mir hu fonnt, dass dat vläicht kéint eng flott Alternativ zu der Schräinerei sinn. Virun allem awer d'Engagement vun deene jonke Leit huet eis iwwerzeegt. An deem Sënn hu mer hei och de Schratt gemaach, dass se de Loyer ënner dem Präis hunn, fir hinnen den Einstieg elo an den Ufanksméint méi einfach ze maachen.

Et ass e Concept Store. Am Moment si se a Verhandlung mam CIGL, ob déi do hir Miwwele kéinten ausstellen. Mee dat ass nach alles a Verhandlung. Kucke mer wat do erauskënnt.

Et ass eng Surface vun 277 m². Mee ech mengen, Dir kennt de Kesselbetrib. Ech bieden Iech dese Contrat de bail commercial matzestëmmen.

Här Altmeisch.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. E klengt Wuert dozou. Do gesäit een, wann e Contrat de bail vervollstännegt ass mat engem État des lieux, mat engem Descriptif a mat Fotoen derbäi, wéi mir als LSAP dat scho méi laang froen, wéi séier a wéi zügeg dat iwwert d'Bün ka goen an ouni Diskussioun! Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Altmeisch. Da komme mer elo zum Vott.

Wéi gesot, déi aner État-de-lieux kommen dann no vum 29.

D'Madamm Wohl. Entschëllegt.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

Merci, fir d'Wuert. Ouni elo ze widderhuelen, wat d'Madamm Buergermeeschter gesot huet, wollt ech just drop hiweisen, dass dee Kontrakt fir dräi Joer ass an dass en den 1. Dezember ugeet. Am Ganzen, par rapport, zu de Quadratmeter, wat jo dann elo 6 Euro de Quadratmeter ass ouni TVA, gëtt dat 1.662 Euro de Mount. Dat Ganzt ass indexéiert. D'Frais-communen an d'Charge-individuelle kommen derbäi.

Am Kontrakt ass d'Aktivitéit op d'Buvette am Concept Store limitéiert. Et handelt sech hei em en Upcycling Café, wéi si et nennen, dee gutt an de Kader vum 1535° passt. Bannen a bausse sinn upcycled Miwwelen. Dat heescht: Si wëllen dat mat gebrauchte Miwwel maachen, déi dann an d'Rei gesat ginn a mat e bësse Fantasie interessant gemaach ginn.

Si hunn op eng Innenarchitektin zrëckgegraff, fir dat flott an agreabel ze gestalten. Dat Ganzt ass op zwou Etagen. Et si 50 Sëtzplazen. Bausse kënnen och nach 16 Cliente kommen. Et soll en Treffpunkt ginn. Et solle kulturell Veranstaltungen eventuell do gemaach ginn. Am Concept store soll natierlech dann och Kaffi verkaaft ginn a gliesen Dëppen. Respektiv kann de Client sech och seng eegen Tut oder seng eegen Dous matbréngen. Klassesch Kaffisaccessoire wéi Tasen, Kaffismillen a Filtertute solle verkaaft ginn. Téizorten, a selwer hiergestallte Siroppen.

Den Deel Café fannen ech besonnesch interessant, well et gëtt vill Wäert, wéi scho gesot, op gesond, frësch, saisonal Produite geluecht. A selwer gemaachte Jusen. Vill verschidde Kaffien. Mëllechen och. Eng kleng Kaart, déi reegelméisseg wiesselt, wouduerch esou mann wéi méiglech Iessen ewechgehait gëtt. D'Verpackunge solle reduzéiert ginn an nohalteg sinn. D'Cliente kënnen och hiren eegene Kaffisbecher matbréngen an doduerch eng Reduktioun um Präis kréien.

8f. 1535° Creative Hub

Ech begréissen, dass se Krunnewaasser wëlle gratis zur Verfügung stellen, wat ech ganz wichteg fannen. Ausserdeem luet de Café an, fir mam Vëlo dohinner ze kommen, well Vëlosparkplazze virdru solle kommen an eng Bike-Repair-Station virgesinn ass.

Fir dass e Quartier gutt funktionéiert, fannen ech, dass et wichteg ass, dass een d'Wiel huet. An et ass flott, wann do och bei deen aktuelle Restaurateur en aneren zousätzlech kënnt.

Ausserhalb de Veranstaltungen ass virgesinn, dass de Café tëschent 7 Auer an 19 Auer funktionéiert. Ech proposéieren Iech alleguerten, wann et am Dezember opgeet, dass Der alleguerten eng waarm Zopp dohinner probéiere gitt an Iech Äert eegent Bild kënnt maachen. Mir wënschen hinnen op jiddwer Fall ganz vill Succès fir hiren neie Betrib.

Da wollt ech nach just froen: Ginn déi aner Kontrakter eenzel gemaach?

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Jo.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

Da soen ech elo guer näischt méi. Da soen ech hinne just vill Succès a Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Wohl. Kënne mer iwwert dee Contrat de bail commercial ofstëmmen?

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail commercial pour le Kesselbetrieb Concept store au 1535° Creative Hub avec Estratto SARL.

Ech soen Iech Merci. Den nächste Punkt dréit och ëm de 1535°. Do geet et ëm e Kontrakt mam Här Philippe Lepage a seng Societéit Tiio SARL-S. Et

geet ëm genau 32 m² am Bâtiment C. De Kontrakt ass ofgeschloss fir ee Joer. Vum 1. Oktober 2021 bis den 30. September 2022.

Wann Der mech elo frot, wat dat fir eng Societéit ass, steet am Text, et wier User Experience Design Studio. Cool hein! Ech weess awer, wat et ass. Ech kann Iech et soen. Dat heescht den Här Lepage ass am Fong drop spezialiséiert, hie beréit all Zort vu Firmen, wéi se hir Kommunikatioun digital am beschte kënnen opsetzen. Dat ass de User Experience Design Studio. Dat ass deen ee Kontrakt.

Dann hutt Der och nach de Rapport vum Komitee. Do ass den Tiio dran, den Här Lepage.

An dann hu mer nach zwee Avenanten. Dat eent ass en Avenant vum Här Paul Kirps. Déi brauche méi Plaz, vu 46 m² op 60,50 m². An deen aneren Avenant ass och vun 23,5 op 52,5 m², well déi Leit einfach méi Plaz brauchen. Den Här Michele Bagnod an den Här Kirps brauchen einfach méi Plaz, méi grouss Studioen, fir ze schaffen.

Madamm Wohl, Dir wollt nach eppes soen.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

Jo. Ech wollt dat soen, wat Dir elo grad nach gesot hutt. Ech mengen, dat weist jo, dass dat e bëssen eng Erfollegsgeschicht ass an dass d'Leit wierklech frou sinn, do ze sinn a méi eng grouss Plaz hunn. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci. Kënne mer zum Vott iwwert d'Baile kommen? Okay.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les contrats de bail et avenants concernant des espaces de création au 1535° Creative Hub avec tiio SARLS, Kirps Paul et Michele Bagnod.

jus, les cafés et les laits. Le menu est petit, mais sera renouvelé régulièrement pour ne pas devoir jeter des aliments. Les emballages seront réduits au minimum. Les clients pourront apporter leurs propres gobelets. Nicole Wohl salue le fait que les propriétaires offriront de l'eau du robinet. Des emplacements pour vélo et une station de réparation sont prévus devant le café.

Pour qu'un quartier fonctionne bien, il faut qu'on y trouve plusieurs restaurateurs. Le nouveau café sera ouvert de 7 h à 19 h. Nicole Wohl propose aux conseillers communaux d'aller y déguster une soupe cet hiver.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

passé à un contrat avec monsieur Philippe Lepage et sa société Tiio SARL-S. Le local dans le bâtiment C fait 32 m². Le contrat va du 1^{er} octobre 2021 au 30 septembre 2022.

La société fait du « User experience design » et Christiane Brassel-Rausch sait même ce que c'est. Monsieur Lepage aide les entreprises à améliorer leur communication digitale. Les conseillers communaux disposent aussi du rapport du comité de sélection au sujet de Tiio et de monsieur Lepage.

Christiane Brassel-Rausch passe à des avenants. Le premier concerne monsieur Paul Kirps, qui a besoin de plus de place. Et le deuxième concerne monsieur Bagnod pour les mêmes raisons.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG) estime que ces avenants montrent que les deux entreprises fonctionnent bien. (Vote)

8g. Arcus / 8h. Presbytère Lasauvage /9. Taxes

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

ajoute que madame Demuth et madame Di Pinto ont résilié leurs contrats. La première a déménagé dans le Nord et l'autre s'est lancée dans un nouveau projet.

La bourgmestre passe à Arcus, qui a loué provisoirement deux bureaux dans le centre médicosocial. Il s'agit de 25,32 m² au cinquième étage. Arcus y restera jusqu'au 30 septembre 2022 pour un loyer de 6380,64 € charges comprises.

Christiane Brassel-Rausch constate que la situation dans les écoles est difficile – en partie à cause de la COVID-19. Arcus Familljenhaus souhaite pouvoir accueillir des gens ici à Differdange pour pouvoir intervenir le plus rapidement possible. L'objectif est de donner des conseils aux enfants et aux parents. Arcus dispose d'une antenne à Esch-sur-Alzette. Mais ici, les écoles et les maisons relais ont été incluses dans le projet dès le départ. Les présidents et les responsables des campus peuvent contacter Arcus quand ils constatent un problème. Christiane Brassel-Rausch pense que le conseil communal fait une bonne action en soutenant ce projet.

Les deux bureaux actuels constituent une solution temporaire. Arcus voulait commencer rapidement, mais ils auront besoin de plus de place pour accueillir les parents et les enfants. Il faudra que leurs prochains locaux soient accessibles facilement en voiture, bus, train ou vélo.

(Vote)

Christiane Brassel-Rausch passe au point 8h, l'avenant à un contrat. Les gérants du Presbytère à Lasauvage resteront neuf ans de plus.

(Vote)

Christiane Brassel-Rausch passe au point 9, les taxes et tarifs. Il est question de la location des salles communales. Les services communaux en ont profité pour mettre à jour tout le texte coordonné.

Le texte en question a déjà été présenté aux commissions l'année dernière. Leurs avis ont été pris en considération.

Le règlement a été adapté et clarifié. De nouveaux chapitres ont été ajoutés. Les adaptations concernent les parties culture, tourisme, loisirs

Villmoos Merci. Da wëll ech weinst der Transparenz soen, dass d'Madamm Demuth an d'Madamm Carmen di Pinto resiliéiert hunn. Déi eng Madamm, well se erop an den Norde geplënnert ass. An déi aner Madamm, well se op engem anere Projet schafft. Juste pour info.

Elo si mer beim Arcus. E Contrat de bail. Dat ass Arcus Kanner, Jugend a Famill. Déi hunn hire Projet Familljenhaus. Si hu provisoiresch zwee Büroen am Medico gelount. Dir gesitt, et ass net schrecklech grouss. Et ass um fënnefte Stack, 25,32 m². Si sinn zënter dem 1. Oktober do a bis den 30. September 2022. Si hunn e Loyer toutes charges comprises vu 6.380,64 Euro. Wat e Loyer vu 531,72 Euro ausmécht.

Wat ass Arcus Familljenhaus? Wann Der Iech gutt erënnert, hat ech gesot am Summer, dass mer an de Schoulen e Cri d'alarme hunn. Einfach, well d'Situatioun immens schwierig ass mat de Kanner. Ech mengen, de Covid ass och net ganz onschëlleg. Si wëllen en Haus hunn, wat hei zu Déifferdeng ass, wou se d'Leit kënnen opfänken. Wéi huet den Här Rotink gesot? Et geet net méi duer, well wa se bis am CIE sinn, wa se bis ugemellt sinn, dass se an dee ganze Rouage kommen, dass extra no hinne gekuckt gëtt, ass et relativ spéit. Dat hei ass elo de Versuch, d'Kanner scho vir-drin ofzehuelen. Net wann et zéng op zwielef ass. Mee wann et vläicht zwanzeg vir zwielef ass. Do gi souwuel d'Eltere wéi d'Kanner beroden.

Si hunn eng Antenn zu Esch. Mee wouriwwer si sech immens freeën, ass, datt mer direkt d'Maison-relais an d'Schoule matagebonnen hunn. Dat heescht, déi Madamm schafft och schonn do. An d'Responsabel vum Site, souwuel d'Presidente wéi d'Responsabel, kënnen direkt schonn d'Madamm uschreiwen, wa se mierken, datt iergendeng leeft, wéi et net soll sinn. An ech denken, dass dat fir eis Kanner awer och fir eis Elteren immens wichteg ass. An dass mer do wierklech eng BA maachen, wa mer dat ännerstëtzen.

Déi zwee Raim sinn eng Iwwergangsléiung. Well si wollten hei ufänken, dat war hinne wichteg. Mee si brauchen natierlech méi e grouse Raum, wou se dann och d'Eltere mat de Kanner fir Entrevuen a Gespräicher kënnen emp-

fänken. Et ass nach en Dénge fir eise Logement, dass mer déi sichen, wat ganz wichteg ass. Dat ass, dass se liicht accessibel sinn, do wou se sinn. Dat heescht, dass ee mat allem hikënn: Auto, Bus, Zuch, Vëlo. Dat heescht relativ zentral. Dat kucke mer. Dat ass deem nächste Schratt.

Dat ass Arcus Familljenhaus. Da komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail avec arcus Kanner, Jugend a Famill ASBL pour les besoins de son projet Familjenhaus au no 23 de la Grand-rue à Differdange.

Merci. De Punkt 8h) hu mer och séier duerch. Dat ass en Avenant zu engem Kontrakt. Si hu sech engagéiert, fir néng Joer am Presbytère op der Zowaasch ze bleiwen. Wat jo u sech wierklech eng gutt Noriicht ass. An deem Sënn komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'avenant au contrat de bail commercial concernant le Presbytère à Lasauvage.

Villmoos Merci. An da si mer beim Punkt 9. Dir gesitt et, et geet am Fong ëm d'Taxen an d'Tariffer. Ech probéiere mech dann elo ze erklären.

No verschiddene méi punktuellen Tarif-Adaptatiounen an de leschte Gemengeréit, ass an deser Seance elo haaptsächlech dee ganze Volet vun den Tariffer an den Taxe fir d'Verloune vun de Säll beträff. Well dëst sech iwwer e puer Kapitele gezunn huet an duerch d'Ännerungen och Verschibunge stattfonnt hunn, ass profitéiert ginn, dee ganzen Texte coordonné à jour ze setzen. Beträff sinn heivun awer just d'Form an d'Numerotatioun.

Dëse presentéierten Text gouf schonns d'lescht Joer un d'Kommissioun weidergereecht, wou déi verschidden Avisen duerno, sief et ganz oder sief et

zum Deel, a Consideratioun geholl gi sinn an op alle Fall mat an déi weider Reflexiounen, déi Der elo hei hutt, mat agefloss sinn.

Betreffend d'Tariffer vun eise Säll, hu missen Upassungen a virun allem Klari-fikatiounen stattfannen, grad wéi och nei Kapiteln hu musse bäigesat ginn. Dës Tariffer strecke sech vum Kapitel B1 bis hin zum Kapitel B6 aus der Partie culture, tourisme et loisirs grad wéi bis an d'Partie Sport et loisirs. En gros ass beschtméiglech probéiert ginn, eng Harmonisatioun vun den Tariffer ze kreéieren, déi sech baséiert op d'Gréisst engersäits an op den Notze vun de verschiddenen Elementer anerersäits. Mer hu probéiert dat esou hinzekréien.

Esou huet dann och all Sall eng identesch strukturéiert Grille tarifaire, wou e puer Punkten ervirzehiewe sinn. Wat d'Tariffer selwer ugeet, gesäit een, dass et vu bis geet. An dësem Kontext muss vläicht op déi méi héich Tariffer vun der neier Kierch higewise ginn, déi sech awer duerch den delikaten Objet erkläre loossen. Et gött kloer eng Differenz gemaach tëschent Manifestations sans droit d'entrée, respektiv mat droit d'entrée, wou de Präis dann och méi héich ass.

Weiderhin ass en Tarif préférentiel fir eis Residenten do. An deem ass och bestane bliwwen. Nei ass d'Afféiere vun den Associations à vocation locale et subsidiées, deene weiderhi soll erméiglecht ginn, beschtméiglech kënnen ze agéieren. An deem Kader gouf eng Rubrik Manifestations effectuées dans le cadre de l'activité principale de l'association agefouert, déi d'Iwwerleeung méi einfach mécht.

Ech soen Iech et. E Sport, deem ee kann hei spillen oder an enger Hal, brauch näischt ze bezuelen. De Kulturveräiner wëlle mer déi nammlechte Méiglechkeet ginn, dass déi och eemol am Joer gratis zum Beispill eng grouss Hal kënnen notzen, wann et am Kader vun hiren Aktivitéiten ass. Esou wäeren, en gros, d'Säll fir kulturell Aktivitéiten eemol pro Joer gratis notzbar. An de Centres sportifs ass dëst och weiderhi méiglech.

Eng weider Ännerung ass d'Bezuele vun enger Kautioun fir Déifferdenger Associatiounen, déi aus administrativer Simplificatioun fale gelooss ginn ass.

Déi diesbezüglich Bezuelungen, déi soss méi ontransparent an deelweis och eréischt ee Joer méi spéit vum Subsid ofgehalen gi sinn, ginn dann elo zäitno mat engem Dekont an enger Rechnung verschéckt.

E weidere standardiséierten Tarif fir all eis Säll ass dee vum Nettoyage supplémentaire, dee sech elo op 30 Euro pro Stonn a pro Agent bezitt, well dëst einfach méi gerecht an einfach ass, jee nodeem wéi d'Lokalitéite verlooss gi sinn. Natierlech trëtt dës just a Kraaft wann néideg Preuven, Photos à l'appui dobäi sinn, dass d'Lokalitéiten net propper an net deementspreechend hannerlooss gi sinn.

Jo, et si wuel Säll an Halen dobäi, déi momentan net kënnen benotzt ginn. An awer gi si et nees, wann et dann erëm méiglech ass. Dofir hu mer déi Tariffer och. Wann Der kuckt, fir „Im Mai“ steet en Tarif drop. Do ass awer elo eng Maison relais dran. Mee wann déi Maison relais bis eraus ass, kann dee Sall erëm verlount ginn. Esou ass et geduecht.

D'Kapitel B4, Mise à disposition de matériel. Hei ass en differenzéierten Tarif fir Residenten respektiv Non-résidents agefouert ginn. An eng Adaptatioun vun de Präisser, wat sech haaptsächlech duerch d'Aarbecht vun eise Servicer, also Transport, etc., erkläert. An den Tarif vun eisem Cup-System ass dann och emol afléisse gelooss ginn.

D'Kapitel B7, Bibliothèque et archives municipales. Hei ass den non-retour refakturéiert ginn au prix réel. Soss ass nach den Avis vun der Commission des Jeunes deelweis Rechnung gedroe gi mat der Introductioun vum Tarif réduit vu 50 % fir Élèves respektiv Étudiants vun Déifferdeng.

D'Kapitel E3, Déchets. Deen ass net esou onwichtig. Hei sinn eis bekanntlech Tariffer op déi reell Akafsfräise vun de Poubellen adaptéiert ginn. Dat heescht: Mir hu bis elo eis Poubellë méi bëlle verkaaft, wéi mir se akaaft hunn. An et hunn och Poubellë gefeelt. Déi si bäigesat ginn.

Ze erwäne bleift, wann e Kand op d'Welt kënnt, dass ee jo Plastikstute kritt fir den Déchet. Et kritt ee keng 25 méi, mee 30.

et sport. La commune a essayé d'harmoniser les tarifs en fonction de la taille et de l'utilisation des locaux. C'est pourquoi les tarifs varient grandement. La location de l'église par exemple coûte plus cher, mais l'objet est délicat. Une différence est faite entre les manifestations avec droit d'entrée et les manifestations sans droit d'entrée.

Les résidents jouissent d'un tarif préférentiel. Parmi les nouveautés figure la mention d'associations subsidiées à vocation locale et de la rubrique « manifestations effectuées dans le cadre de l'activité principale ».

Les clubs sportifs ne doivent rien payer pour leurs activités. Les associations culturelles ont, quant à elles, le droit d'utiliser gratuitement une grande salle une fois par an.

En raison d'une simplification administrative visant à rendre le tout plus transparent, la gestion des cautions a été modifiée. Elles seront facturées lors du décompte.

Le prix du nettoyage supplémentaire est fixé à trente euros par heure et par agent. Ce type de nettoyage ne sera effectué que photos à l'appui.

Certaines salles et halles figurant dans le règlement ne peuvent pas être utilisées en ce moment. Le bâtiment Im Mai par exemple est occupé par une maison relais. Mais il pourra être utilisé une fois que la maison relais aura quitté les lieux.

Le tarif de la location de matériel varie en fonction que l'on soit résident ou pas. Les prix ont été adaptés pour refléter le travail des services communaux, le transport, etc. Le tarif pour le système « Cup » a été inclus dans le règlement.

En ce qui concerne la bibliothèque et les archives, le non-retour est facturé au prix réel. Les élèves et les étudiants ont droit à un tarif réduit de 50 %.

Pour ce qui est des déchets, les tarifs des poubelles ont été adaptés aux frais réels.

Les parents des nouveau-nés ont droit à 30 sacs pour les déchets au lieu de 25.

Le chapitre G-2 porte sur les tarifs concernant le marché de Noël. L'objectif de ces adaptations est de rendre le règlement plus clair et structuré.

(Interruption)

Christiane Brassel-Rausch remercie monsieur Jean-François Leblond pour son travail.

JERRY HARTUNG (CSV) constate que le travail réalisé est conséquent. Cinq commissions ont remis un avis. Leurs suggestions ont été intégrées dans le document. Il était important de disposer d'un document aussi transparent et harmonisé.

L'objectif d'une commune ne doit pas être de rentrer systématiquement dans ses frais, mais de veiller à l'organisation d'événements chouettes. Ce règlement y contribue. Jerry Hartung salue aussi les réductions pour les jeunes, les étudiants et les seniors à l'Aalt Stadhaus.

Toutes les associations pourront profiter gratuitement d'un grand local une fois par an – en plus de leurs locaux quotidiens et de l'assemblée générale obligatoire. Ce genre de fêtes sont importantes dans la vie d'une association. C'est aussi une bonne réclame pour la ville. Pour l'association, une telle fête engendre des frais conséquents. C'est pourquoi le prix de la location joue un rôle considérable. Jerry Hartung se dit content que la commune soutienne ce type d'activités. Il est content de voir quelles fêtes les clubs organiseront.

Les chrétiens sociaux approuveront le règlement des taxes.

GUY ALTMEISCH (LSAP) s'étonne de la différence d'interprétation que l'on peut donner à un même texte. La page 28 présente les taxes pour la location de locaux et de matériel. S'agit-il d'augmentations ou de réductions? Difficile à dire, car les modifications ne sont pas explicites.

Kapitel G2, droit de place. Hei ass jeelech Introduktioun vun den Tariffer vum Marché de Noël.

Dat Ganzt ass, wéi gesot, am Sënn fir méi eng Kloecheet an eng Strukturierung eranzekreien. Dat war de Sënn vun der Übung, wat vill Aarbecht war. Ech soen Iech Merci.

(Ënnerbriechung)

Virun allem läit mer um Häerz, dem Här Jean-François Leblond Merci ze soen, dee sech Stonnen mat deenen Tariffer ëm d'Ouere geschloen huet.

Här Hartung.

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Als Vertrieeder vun der CSV kënnen mer dat just ënnerschreien, wat Dir elo alles gesot hutt. Hei um Dokument gouf immens vill geschafft. Dat gesäit ee jo och un den Avisen, déi schonn e bësse méi laang do sinn. Et waren u sech fënnf Kommissiounen, déi heizou en Avis gemaach hunn. Mir sinn immens frou, datt déi en gros esou an d'Dokument agefloss sinn. Esou ee kloert harmoniséiert Dokument ass wichteg, fir d'Transparenz an d'Gläichbehandlung vun de verschiddensten Acteure sécherzestellen.

Och muss een an dësem Kontext soen, et geet jo haaptsächlech ëm d'Suen, datt et net de Rôle vun der Gemeng ass, fir eppes käschtedeckend oder gewënnbréngend ze vermaarten. Mee ze kucken, datt flott Eventer hei stattfannen a Liewen an der Gemeng ass. Wat fir ons mat dësem Reglement dann och esou ginn ass.

Och si mer frou, datt weider de soziale Gedanke bei den Entréespräisser gëllt, wann een zum Beispill d'Reduktiounen bei de sëllege flotten Ugebueter am Ale Stadhaus fir Kanner, Jonker, Studenten a Seniore kuckt.

Eppes ass elo nei an dëser ganzer Taxereglementatioun. Eppes, wat ons ganz wichteg war. Elo kritt all Veräin aus der Gemeng, dee subsidéiert gëtt – also d'Déifferdenger Veräiner, sief et sportlecher, kultureller oder anerer Natur –, d'Méiglechkeet, nieft sengen alldeeglechen Aktivitéiten a sengem soi-disant

normale Lokal, deen e jo och da gratis huet, an nieft senger obligatorescher Generalversammlung, mat dësem neie Reglement eemol am Joer gratis eng vun deene groussen Hale vun der Gemeng ze lounen, fir hei eppes Gréisseres am Kader vu sengen Aktivitéiten ze organiséieren. Esou ee Fest ass wichteg fir e Veräin, fir sech lokal, national oder international ze weisen an deemno wéi sech eng Identitéit ze ginn. An et ass doriwwer eraus eng gutt Reklamm fir eis Stad. Dës Veräiner droe mat hire sëllegen Aktivitéiten immens vill zum soziale Liewen an onser Gemeng bäi.

Verschiddener hu schonn eemol am Joer esou eng gréisser Organisatioun. Hei schaffen da ganz vill Benevoller fir de Veräin, fir e flott Fest fir hir Membereen a fir d'Awunner vun Déifferdeng an doriwwer eraus. An eeben och fir ee flotten Image fir eis Gemeng, fir eng Stad, déi leeft. Nieft dem Personellen an Organisationellem, ass et an der Reegel och vum Finanziellen hier ee grouesse Kraaftakt fir de Veräin. Et bleift duerno, trotz dem groussen Engagement vun all de Benevollen, net vill an der Keess iwwreg. An do spillt de Loyer vun der Lokalitéit eng Roll. Dofir ass et wichteg, datt mir als Gemeng dës Organisatiounen an d'Veräiner, déi hei hannelndu stinn, ënnerstëtzen. Mir si frou, datt dës elo hei am Taxereglement esou virgesinn ass. An da kucke mer mol, wat fir flott Iddien a Fester d'Veräiner ons dann an Zukunft wäerte bréngen.

D'CSV stëmmt dës Taxereglementer esou mat. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Hartung. Här Altmeisch.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, et gesäit een awer, wat fir en Ënnerscheed zwëschen der Interpretatioun vu verschiddenen Texter ka leien, wann ech elo den Här Hartung héieren hunn.

Op 28 Säite ginn eis Gemengentaxe presentéiert fir Lokatiounen vu Säll, Halen a Material. Handelt et sech bei

dese Präisser ëm Reduktiounen oder Erhéijunge vun den Taxen? Dat ass schwéier soe vu d'Gréisst vum Dokument. Wann d'Ännerunge faarweg wieren, géif eng Analys méi einfach ausfallen.

Och komme Lokatiounen bäi vun neie Gebaier. Esou d'Église Sainte-Barbe zu Lasauvage. Mir schwätze vu 70 Sëtzplazen an 200 Stoppplazen. Keen Ënnerschied zwëschen Residenten an Net-Residenten. Bei enger Lokatioun fir e Banquet kascht dat 2.500 Euro respektiv 3.500 Euro fir e Privatfest. Bei enger Manifestatioun mat Droit d'entrée kascht dat fir d'Residente 750 Euro a fir d'non-résidents 1.000 Euro. Also bezilt den Organisateur vun engem Concert mat Sëtzplazen 10 Euro pro Billjee fir d'Lokatioun un d'Gemeng. Bei dësen zwee Beispiller fanne mir als LSAP de Präis vun der Lokatioun iwwerdréien.

Ech gi weider op d'Taxe fir d'Lokatioun vun der Hall O respektiv d'Lokatioun vu Material. Hall O, eng flott Hal, déi sech ubitt fir Baler, Concerten, Brocanten oder Ausstellungen ze organiséieren vun eise Veräiner. D'Organisatioun, ech erkläre mech, vun enger Brocante zum Beispill ass net d'Vocatioun vun engem Handballclub, ass awer eng Organisatioun vun engem Handballclub, déi da misst bezuelen, fir dat heien ze lounen. Dat gehéiert jo net zu der Vocatioun vun engem Handball an och net vun engem Fussball. Also muss dee Präis voll gedroe ginn. Virun der Pandemie war d'Lokatioun 850 Euro. No dem Vott vun haut gëtt d'Lokatioun 1.250 Euro. Eng Hausse vu bal 50 %. Ouni ersichtleche Grond. Leider kommen nach weider Fraisen op d'Veräiner duer. Orchester, Sécherheitsleit, Droits d'auteurs, Publicitéit, Botzen... Bei esou villen Ausgaben, sinn d'Organisatiounen kultureller, a sportlecher Natur fir eis Veräiner ganz schwéier.

Fir d'Lokatioun vum Material ass keng Präisspart virgesi fir lokal Veräiner. D'Präishaussé leien zwëschen 100 % an 200 %. Fir Organisatiounen müssen d'Veräiner oft op dese kommunale Service zréckgräifen. Bis dato war dee gratis a wëllkomm an der Veräinwelt. Zielt dat och zur Vergaangenheet? Grad elo leiden d'Veräiner finanziell ënner de Follege vun der Pandemie.

Eng Pandemie, déi nach net ausgestanen ass an also nach weider eng Belaaschtung fir eis Sports- a Kulturveräiner duerstellt. Ouni Aktivitéit wéi Concerten, Turngalaen, Turnéier am Sport kënnen d'Veräiner net iwwerliewen. Dës Einnahme fléissen zu 100 % an de Club zréck fir d'Jugendarbecht, d'Käschte vun den Ausbilder, den Trainere an esou weider ze bezuelen. Dës Einnahmen dierfen net duerch Erhéijung vun den Taxen an d'Gemeengekeess fléissen.

D'LSAP steet fir en aktiiv Veräinsliewen, ënnerstëtzt mat Gemeengegelder an net ënnerdréckt duerch Haussé vun den Taxen. Mir kënnen dëst Dokument net stëmmen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch. Da komme mer zum Vott.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Alles en bloc?

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Alles en bloc.

Le conseil communal décide avec 14 voix oui et 4 voix non d'adapter le chapitre B-1 Centre culturel régional Aalt Stadhaus du règlement des taxes, tarifs et prix.

Le conseil communal décide avec 14 voix oui et 4 voix non d'adapter le chapitre B-3 Autres structures communales du règlement des taxes, tarifs et prix.

L'église Sainte-Barbe dispose de 70 places assises et 200 places debout. La location pour un banquet coûte 2500 € et pour une fête privée 3500 €. Aucune différence n'est faite entre les résidents et les autres. L'organisation d'une manifestation avec droit d'entrée coûte 750 € pour les résidents et 1000 € pour les non-résidents – c'est-à-dire 10 € par billet. C'est exagéré.

Dans le Hall O, les associations peuvent organiser des bals, des concerts ou des brocantes. Or l'organisation de ces événements ne fait pas partie de la vocation d'un club de handball ou de football. Ils doivent donc payer la location de la salle, dont le prix passe de 850 € à 1250 €. C'est une augmentation de près de 50 % sans raison apparente. À ces frais s'ajoutent le prix de l'orchestre, la sécurité, la publicité...

La hausse des prix pour la location de matériel se situe entre 100 % et 200 %. Or les associations souffrent des suites financières de la pandémie, qui n'est d'ailleurs pas encore finie. Sans activités comme des concerts, des tournois ou des galas, les clubs ne peuvent pas survivre. Les revenus de ces activités appartiennent entièrement aux clubs, qui les investissent dans les jeunes, les entraîneurs, etc. Ils ne doivent pas servir à renflouer les caisses de la commune sous la forme de taxes.

(Votes)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

passé la parole à madame Pregno pour le point 9b.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)

explique qu'il est question des Diff primes. La commune doit se tenir à une directive européenne.

Actuellement, la Ville de Differdange subventionne des appareils électriques en fonction de leur classe énergétique. À la suite des progrès techniques, la classe A3+ devient la classe C. Le nouveau système va, en effet, de A à G. Le règlement des taxes doit donc être modifié.

Dans les magasins, la période de transition a déjà eu lieu. Les gens devraient donc connaître le nouveau système malgré la confusion initiale. Le nouveau système concerne les frigos, congélateurs, lave-vaisselles et machines à laver.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)

rappelle que les Diffprimes ont été adaptées l'année dernière après cinq ans. À titre d'exemple, quelqu'un qui achète un vélo ou un vélo électrique a droit à un subside communal se montant à 50 % du subside de l'État. Les vendeurs sont au courant et devraient en informer leurs clients. Une fois la subvention de l'État reçue, le client peut demander une Diffprime.

Le conseil communal décide avec 14 voix oui et 4 voix non d'approuver les modifications au chapitre B-4 Mise à disposition de matériel du règlement des taxes, tarifs et prix.

Le conseil communal décide avec 14 voix oui et 4 voix non d'adapter le chapitre B-5 1535° Creative Hub du règlement des taxes, tarifs et prix.

Le conseil communal décide avec 14 voix oui et 4 voix non d'adapter le chapitre B-6 Hall polyvalent Hall O du règlement des taxes, tarifs et prix.

Le conseil communal décide avec 14 voix oui et 4 voix non d'adapter le chapitre B-7 Bibliothèque et archives municipales du règlement des taxes, tarifs et prix.

Le conseil communal décide avec 14 voix oui et 4 voix non le chapitre F-2 Locations des centres sportifs, salle de sport et terrains sportifs en plein air du règlement des taxes, tarifs et prix.

Le conseil communal décide avec 14 voix oui et 4 voix non le chapitre G-2 Droits de place du règlement des taxes, tarifs et prix.

Ech soen Iech Merci. Fir de Punkt 9b) ginn ech d'Wuert un d'Madamm Pregno weider.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci. De Punkt 9b) handelt am Kader vun eisem Subsidekatalog, den Diff-Primmen. Mir mussen eis do

un eng EU-Direktiv halen, déi zënter Mäerz 2021 gëllt.

Et ass jo esou, dass mer verschidden elektresch Apparater subsidéieren, déi eng gewëssen Energieklass hunn. Am aktuelle System ware mer bei A3+ ukomm. Duerch den technesche Progrès ass A3+ elo den Equivalent zu engem neien C. Deen neie System fänkt bei G un a geet bis A. Dat heescht den Equivalent zu deem beschte Frigo mat A3+ ass dann elo den C.

Fir dass dat am Taxereglement dann zrëckkënnt am Subsidereglement, musse mer dat einfach ëmänneren. Et gouf eng Transitioonsperiod an de Geschäfte – déi war schonn –, wou d'Leit drop higewise goufen, dass dat esou ass. Et bestoung e bësse Konfusioun. Mee ech denken awer, dass d'Leit dat relativ schnell verstanen hunn. An dat betrëfft souwuel d'Frigoen, d'Tiefkühler wéi d'Spull- an d'Wäschmaschinen.

Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Pregno. Madamm Wohl.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

Merci, fir d'Wuert. D'lescht Joer hate mer hei am Conseil d'Adaptatioun vun den Diff-Primme gestëmmt. Dat war eng gréisser Upassung no fënnf Joer. Ech wëll elo a punkto Mobilité douce op de Vëlo hiweisen. Et kritt ee vun der Gemeng jo 50 % vum Subsid vum Staat bäigeluecht, wann een e Vëlo mat oder ouni Elektresch keeft. D'Demande gëtt fir d'éischt un de Staat gemaach. De Vëloshändler weist normalerweis drop hin, wéi ee sech do uleeë soll. Wann deen dann ausbezuelet ass, kann een d'Demande fir d'Diff-Primm op der Gemeng Déifferdeng maachen. Wann ee laang beim Staat muss waarden, bis den Dossier traitéiert ass, geet et mam Subsid vun der Gemeng bedeitend méi schnell.

Deen eréischt ee Joer ale System, wou d'Diff-Primm vum Staat ugepasst ass, huet de Virdeel, dass d'Gemeng keng

9b. Diff Primes / 9c. Règlements de circulation

Kontrolle maache muss an dass just plus/minus 1/10 vun der Zäit op der Gemeng gebraucht gëtt, fir den Dossier ze traitéieren. Als Informatioun wëll ech nach soen, dass vum Staat maximal 600 Euro bäigeluecht ginn. An och maximal d'Hallschent vum Präis vum Vëlo.

Am Beräich vun de Renovatioune vu Wunnengen, déi méi wéi zéng Joer al sinn, si Subside virgesinn, wann déi Renovatioune dann och hëllefen, Energie ze spueren. Wéi d'Isolatioun vum Daach, vun de Mauere bannen oder baussen oder duerch nei Fënsteren.

Ausserdeem si weiderhi Subside virgesi wéi zum Beispill d'Installatioun vu Solarpannoen, vu verschiddene Chaudières... Dofir mengen ech, dass et wichteg ass fir déi Déifferdenger Leit, sech fir d'éischt ze informéieren an duerno och déi jeeweileg Primmen unzufroen.

Ewéi d'Madamm Pregno virdu gesot huet, solle mer eis elo net duerjenes maache loosse vun deenen neien Normen, déi ab Mäerz 2021 gëllen. Mir hunn dann elo d'Méiglechkeet, en Apparat vun der Klass C (0:04:55.9) ze kafen.

Ech encouragéieren d'Leit sech nach eng Kéier ze ëmfroen an Demanden ze maachen an deem Fall, fir Energie spueren ze kënnen. Mir stëmmen dëse Punkt.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Wohl. Mir kommen zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le règlement communal ayant comme objet le subventionnement d'investissements dans le but d'une utilisation rationnelle de l'énergie et la promotion des énergies alternatives.

Schéin. Fir de Punkt 9), Règlements temporaires de circulation, géif ech

d'Wuert direkt weider un d'Madamm Pregno ginn.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci. Virewech, ier mer zu den Drénglechkeetsreglementer kommen, géif ech gär kuerz erklären, firwat de Weekend vill Stau um Woiwer war. Fir déi, déi dat matkritt hunn, d'Zolwer Bréck war gespaart, well do e Fuerschungsprojet vun der Uni.lu war, wat d'Belaaschtbarkeet vun der Bréck ugeet. Déi war vun 09.00 bis 14.00 Auer gespaart. A parallel dozou waren Aarbechten un eise Luuchten op der Woiwer Kräizung, déi hu mussen ersat ginn.

Mir woussten natierlech am Viraus, dass dat war. Mee mir leeë Wäert drop, dass d'Luuchten an der Woch funktionéieren, wou Schoulbetrib ass. Et ass eis immens wichteg d'Kanner geséichert an d'Schoul ze kréien. An do war en Accord mam Entrepreneur an nach natierlech mat de Luuchtefirmaen, fir vun 08.00 bis 10.00 Auer un de Luuchten ze schaffen, wat dann dee Moment zu Réckstau an der Zolwer respektiv an der Déifferdenger Strooss gefouert huet. Dat just virewech, dass Der dat wësst. Wann Der drop ugeschwat gi sidd oder nach vläicht gitt, hutt Der d'passend Erklärung dozou.

Wat d'Drénglechkeetsreglementer ugeet ass dës Kéier näischt schrecklech Spannendes dobäi. Et sinn, wéi ëmmer, eng gewësse Rei Bannen. Fassaden, déi renovéiert ginn. Steeën.

Vläicht eppes, wat eis méi laang wäert nach begleeden, ass de Chantier am Mathendahl, wou d'Route de Bascharage gespaart war fir den Dechargement vu Bëtongsösen ze maachen. Mir sinn do drun. Mir si ganz vill a Kontakt mat den Awunner aus dem Quartier. Mer wëssen, dass vill Problemer sinn, well mer eng nei Schoul an deem Quartier hunn a gläichzäiteg de Bau vu siwe Residenzen. Wat wierklech net esou angeneem ass. Et geet eis och dorëm, dass d'Kanner wierklech geséichert an d'Schoul kommen. Eis Agente sinn ëmmer erëm sur place, quasi all Dag, während de Schoulufanks- an de - Schlusszäiten, wou mer probéieren den Drock héich ze halen, dass mer wier-

Le traitement de la demande par la commune est rapide. Le fait que la Diffprime soit couplée à l'aide de l'État fait gagner un temps considérable. La subvention de l'État est plafonnée à 600 € ou 50 % du prix du vélo.

La rénovation de logements de plus de dix ans est aussi subventionnée à condition qu'elle contribue à réduire la consommation énergétique.

La commune subventionne aussi l'installation de panneaux solaires et de chaudières. Il est donc important que les Differdangeois se renseignent avant de demander leurs primes. Les écologistes approuveront les modifications.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

passer aux règlements temporaires de circulation.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) *souhaite expliquer les embouteillages de ce weekend au Woiwer.*

Le pont de Soleuvre était fermé de 9 h à 14 h à cause d'un projet de recherche de l'Université de Luxembourg. Parallèlement, des travaux ont été réalisés sur les feux tricolores du croisement du Woiwer.

Bien entendu, la Ville de Differdange était au courant. Mais elle ne voulait pas réaliser les travaux en semaine quand il y a école. C'est pourquoi l'entrepreneur a effectué les travaux de 8 h à 10 h. Ils ont engendré un embouteillage dans la route de Soleuvre et la route de Differdange.

Pour ce qui est des règlements d'urgence, il n'y a rien d'intéressant: des bennes, des façades, des échafaudages...

Laura Pregno mentionne encore le chantier du Mathendahl. La route de Bascharage a été bouclée pour la livraison de matériel.

Le collège échevinal sait que la situation n'est pas facile pour les riverains. Mais il faut que le chemin vers l'école soit sécurisé. Les agents municipaux sont là tous les jours.

GUY ALTMEISCH (LSAP) souhaite revenir sur le croisement du Woiwer le 23 octobre. Il est lui-même tombé dans le piège. Sanem avait annoncé quatre semaines plus tôt que la route de Soleuvre serait fermée. Les gens se rendant au Lidl se sont donc retrouvés dans un cul-de-sac et ont dû passer deux fois par le chantier. C'est ce qui explique les embouteillages.

Malheureusement, aucun détournement n'avait été mis en place. Les services communaux auraient peut-être pu choisir un autre samedi pour effectuer les travaux sur les feux tricolores que celui où la route de Soleuvre était barrée.

FRED BERTINELLI (LSAP) voudrait savoir ce qui se passe avec les stations de recharge pour Diffbus dans le centre, qui ne fonctionnent plus depuis trois jours.

Les chauffeurs doivent recharger leurs bus à Käerjeng. Cela a-t-il une incidence sur les trajets? Y a-t-il des retards? Quand le problème sera-t-il résolu? Les bus devront-ils être remplacés?

Pour ce qui est du chantier Bock, il y a avoir des excavatrices et des camions. L'entreprise va-t-elle nettoyer la rue de l'Eau et la rue Boettelchen le soir? Car actuellement, on y trouve dix centimètres de boue.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) signale que la station de recharge du Diffbus est régulièrement en panne. La commune a du mal à obtenir les pièces de rechange. Il y a quelques mois, il a même fallu recourir à des bus hybrides ou normaux. Laura Pregno espère que cela ira vite.

Elle n'est pas au courant de conséquences sur les bus, mais elle peut se tromper. Si monsieur Bertinelli en sait plus, il n'a qu'à le dire. En tout cas, elle regrette ces pannes. En ce qui concerne le Bock, elle demandera que les routes soient nettoyées.

klech e gereegelten Oflaf an dee Chantier kréien.

Dat war et vu menger Säit. Wann natierlech Froe sinn, ganz gären. Villmools Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Pregno. Här Altmeisch.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären. Ech muss nach eng Kéier op den 23.10. zrëckkommen, op d'Woiwer Kräizung, wou ech net vun de Leit aviséiert ginn, mee wou ech selwer zweemol Affer war vun där Fal.

Et war nämlech esou: D'Gemeng Suessem hat véier Woche virum 23. e Panneau opgestallt, dass den 23. d'Zolwer Strooss zou wier. Also hate mer do eng Sakgaass. Wat soe wëll: Déi Leit, déi an den Zolwer Eck akafe wollten, respektiv an dat anert Geschäft, de Lidl, sinn an eng Sakgaass eragefuer an hu missen zweemol duerch de Chantier fueren, wou et net gutt gaangen ass beim Berto. Eng Kéier fir dohinner an eng Kéier fir zeréck. Do koum et deelweis zu Réckstau bis bei den Zolwer Eck. An en ass ganz schwéierfällg ofgezunn.

Et war och keng aner Méiglechkeet do fir déi Leit, déi do wunnen. Respektiv déi Leit, déi an déi Geschäfte gaange sinn. Eng Auswäichméiglechkeet war net ginn. Et wier vläicht ubruecht vun eise Servicer, de Leit aus dem CID, déi ech gesinn hunn do schaffen un de Luuchten, fir en anere Samschdeg erauszesichen wéi grad deen Dag, wou d'Zolwer Strooss sans issue war. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Altmeisch.

Här Bertinelli.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech hätt eng Fro un d'Madamm Pregno. Ech wollt froen, wat mat de Luedestatiounen am Zentrum vun Déifferdeng fir d'Diff-Busse lass ass, datt déi elo schonn dräi Deeg net ginn. Datt ee muss op Käerjeng fueren, fir ze lueden. Huet dat eng Auswierkung op d'Busser? Kommen déi mat Retard un? Well dat ass jo vill méi wäit, wa se müssen op Käerjeng luede goen. A wéini ass dat behuewen? Ass dat eppes, wat méi laang dauert oder musse se do Busser ersetzen? Dat wär meng éischt Fro.

Meng zweet Fro ass, um Chantier Bock ze kucken, Madamm Pregno, wann elo ganz vill opgerappt gëtt a Pëil gesat gi mat deenen décke Baggeren a Camionen, déi eran- an erausfueren, datt ee vun deem Betrib owes duerch déi Stroosse fiert an der Rue de l'Eau an an der Rue Boettelchen, fir d'Stroosse propper ze maachen. Well et läit zéng Zentimeter Bulli de Moment. Merci.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

D'Luedestatioun vum Diffbus ass ëmmer erëm en panne. Mir hunn do Problemer mat de Stécker an natierlech mat de Filiëren, fir déi Stécker erbäizekréien. Virun e puer Méint war et schonn eng länger Zäit en panne, wou mer hu müssen op Hybrid, respektiv op normal Mottosbusser zrëckgräifen, well mer et net hikruten. Ech hoffen, dass et net ze laang dauert, bis dat reparéiert ass. An dass mer schnellstméiglech erëm kënne ganz elektresch fueren.

Momentan hunn ech weider keng Echoen héieren, dass et Auswierkungen hätt op de Busverkéier. Ech ka mech awer ieren. Wann Dir do eppes anescht héieren hutt, sot eis dat. Da kucke mer dat nach eng Kéier. Et ass natierlech ëmmer blöd, wann eng Statioun ausfällt oder et e Problem domadder gëtt. Dat impaktéiert de Verkéier.

Wat de Chantier Bock ugeet, ginn ech dat weider, dass do gebotzt gi soll. Mir schwätze mam Entrepreneur. Merci.

10. Commissions / 11. Questions de déi Lénk

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

An ech hänken drun, well mer Problemer och schonn heiansdo an anere Stroossen haten: Rufft einfach op d'Gemeng un. Da kënnt direkt een d'Stroosse botzen. Dat ass kee Problem.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Den Entrepreneur.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Jo.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Mee wann Der op d'Gemeng urufft, ginn déi et virun. Da komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.

De Punkt 10, Changement an der Kommissiounen. Do hutt Der an Ärem Dossier, dass fir déi gréng den Här Maxime Pantaleone duerch den Här Robert Pütz an der Jugendkommissioun ersat gëtt.

An der Integratiounskommissioun huet den Här Frédéric Humbel, Membre non politique, Mëtt September demissionéiert. 2020 hate se just zwou Plaze fräi. Et hate sech awer dräi Leit gemellt. Elo froe si en neien Appell ze maachen, ob se d'Madamm Ernestina Bini kéinten, déi als drëtt komm ass, an d'Integratiounskommissioun huelen amplaz vum Här Humbel. Ass dat OK?

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les changements au sein des commissions consultatives.

Da soen ech Iech Merci. Da kënne mer dat esou notéieren.

An da wiere mer beim Klimapakt?

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Mir hunn nach eng Motioun.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Do ass awer d'Motioun nach.

(Ënnerbriechung)

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Et ass egal. Du kanns och d'Motioun virhuelen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Kommt, mir huelen d'Motioun. Net d'Motioun, et si Froen am Fong zum Avis. Här Weirich, ech géif Iech d'Wuert ginn.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Et si Froen?

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Et si Froen zum Avis vum nationalen Aktiounsplang géint de Kaméidi.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Da beäntwere mer déi.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Beäntwere mer se. Wëllt Dir se nach eng Kéier virdroen?

(Ënnerbriechung duerch den Här Weirich)

Einfach kuerz resüméieren. Dir hutt jo alles an Ärem Dossier.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) ajoute que les conseillers communaux peuvent appeler la commune pour qu'elle vienne nettoyer.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) précise que c'est l'entrepreneur qui doit nettoyer.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) constate que la commune transmettra la demande à l'entreprise.

(Vote)

Christiane Brassel-Rausch passe aux commissions. Monsieur Maxime Pantaleone est remplacé par monsieur Robert Pütz dans la commission des jeunes. Dans la commission de l'intégration, monsieur Frédéric Humbel a démissionné de son poste de membre non politique. La commission voudrait demander à madame Ernestina Bini de le remplacer. Elle n'avait pas été choisie en 2020.

(Vote)

Christiane Brassel-Rausch passe à une motion.

(Interruption)

Christiane Brassel-Rausch constate qu'il s'agit en fait de questions concernant le plan national d'action contre le bruit.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL) propose d'y répondre.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) demande à monsieur Weirich s'il souhaite présenter ses questions. (Interruption de M. Weirich)

11. Questions écrites de déi Lénk

Christiane Brassel-Rausch lui suggère de les résumer. Ensuite, madame Pregno répondra.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK) rappelle qu'en janvier, le conseil communal avait approuvé le plan national d'action contre le bruit. Il voudrait savoir ce que la commune a fait depuis.

Il avoue que sa question n'est pas complètement innocente, car il vit dans le centre-ville depuis quelques mois et que le bruit y est fort tant en ce qui concerne les voitures que le bruit nocturne. Le plan énonçait diverses pistes – notamment pour calmer le trafic ou mesurer le bruit des voitures. Eric Weirich habite dans la rue Michel-Rodange, une zone 30. Avant, il habitait dans une autre zone 30 à Niederkorn. Il constate que les automobilistes ne respectent pas la limitation.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) va essayer de se montrer explicite.

Elle constate que généralement, la vitesse et le bruit vont de pair, sauf si les véhicules ont été « tunés ».

La commune reçoit régulièrement des réclamations.

Si plusieurs réclamations concernent la même rue, la Ville de Differdange fait le nécessaire pour mesurer la vitesse. Si plus de 20 % des automobilistes roulent trop vite, la commune contacte la police, qui confirme ensuite les excès. Cette procédure prend du temps, mais finalement, le collège échevinal prend des mesures. S'il s'agit d'une route communale, il est facile d'intervenir comme dans la rue Michel-Rodange. On peut rétrécir la chaussée, recourir à des arbres mobiles...

S'il s'agit d'une route nationale, les mesures doivent être prises en concertation avec les Ponts & chaussées. C'est par exemple le cas de la route de Pétange et de la rue de Hussigny. La commune a réalisé un avant-projet sommaire rassemblant les idées. Le dossier sera envoyé à l'Administration des ponts et chaussées. Celle-ci est en train de mettre en place des lignes directrices concernant la vitesse. Mais il faudra du temps.

La police grand-ducale ne possède pas d'équipement pour mesurer le bruit. Ce type de contrôles n'existe

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):

Jo, genau.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Datt mer wëssen ëm wat et geet, ier d'Madamm Pregno Iech dann äntwert.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):

Effektiv hate mer dat um Ordre du jour am Gemengerot am Januar, wou mer als Gemengerot deen Avis gestëmmt hatten zum nationalen Aktionsplang géint de Kaméidi. D'Iddi vu menge Froen ass ze kucken zéng Méint méi spéit, wat mer um Niveau vun der Gemeng gemaach hunn, respektiv ugeduecht ass gemaach ze ginn.

Ech muss dobäi soen, en toute transparence, datt e gewëssenen Eegenotzen ass bei deene Froen, well ech säit e puer Méint am Zentrum vun Déifferdeng wunnen an et do, wat de Kaméidi ugeet, relativ animéiert ass. Souwuel wat den Auto ugeet wéi de Kaméidi d'Nuecht duerch. An an deem Avis ware justement eng ganz Rëtsch Piste virginn, fir deene verschiddene Sourcë vum Kaméidi entgéintzewierken.

Notamment mat verkéiersberouegende Mesuren, mat Stéchprouwe vum Kaméidi, dee vun Autoen ausgeet, Kaméidisradar... Zum Beispill meng Strooss, d'Michel Rodange-Strooss, ass eng Zone 30. Virdrun hunn ech an der Lonkecher Strooss zu Nidderkuer gewunnt. Dat ass awer och eng Zone 30. Ech mengen, do gëtt dat net wierklech agehalen.

Dat war d'Iddi hannendrun, wat ugeduecht ass oder scho gemaach gouf allgemeng fir de Kaméidi an der Gemeng. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Weirich. Madamm Pregno.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmoools Merci fir déi ganz Rei Froen. Ech probéieren esou explizitt wéi méiglech drop ze äntweren.

Wat Är éischt Fro ugeet, d'verkéiersberouegend Moosnamen, et ass esou, dass jo meeschtens Vitesse a Kaméidi matenee ginn. Wat d'Vitess méi héich ass, wat de Kaméidi natierlech och méi héich ass. Ausser et huet ee Gefierer, déi, soen ech elo mol, getuned sinn entre guillemets, mee dofir si mir dann net méi zoustänneg. Dat ass jo dann en anert nationaalt Organ.

Mir kréien op der Gemeng ëmmer eng ganz Rei Reklamatiounen vum Awunner. Eng Prozedur, déi mer eis ginn hunn, wa mer méi Reklamatiounen aus där nämmlecher Strooss kréien, setze mer e Vitessmiesser vun der Gemeng dohinner. Dee bleift eng gewëssen Zäit stoen. An da liese mer deen aus. A wann 20 % vun de gemoosse Vitessen iwwerschrott ginn ass, gi mer dat Ganzt un d'Police. Da froe mer d'Police, dass se e Mesurage do maachen. Dat ass schonn eng ganz laangwiereg Prozedur, bis mer iwwerhaapt do sinn. Da kréie mer den Excès de vitesse vun der Police bestätegt oder och net. Mee meeschtens kréie mer e bestätegt. An da schaffe mer Mesuren aus.

Do musse mer dann den Ënnerscheed maachen: Ass et eng Pont & Chaussées-Strooss oder ass et eng Gemengestrooss? Wann et eng Gemengestrooss ass, kënnen mir relativ einfach als Gemeng intervenéieren. An da komme meeschtens esou Resultater wéi dann eeben an der Rue Michel Rodange. Déi Coussinen. Een, zwee oder méi, wann et muss sinn. D'Strooss verengen. Mir kënnen mobil Beem setzen oder eng ganz Rei aner Mesuren huelen.

Wann et eng Ponts & Chaussées-Strooss ass, hëlt dat en anert Ausmooss, well da muss en accord mat Ponts & Chaussées gekuckt ginn, wéi eng Mesuren ee kann ëmsetzen.

Dat hu mer elo zum Beispill fir de Péitenger Wee an d'Héisenger Strooss. Do si mer amgaangen, drun ze schaffen, well dat notament zwou Stroosse sinn, wou immens gerannt gëtt. An déi dann deementspriedend och immens lärmelästeg sinn. Do si mer um Stade

11. Questions écrites de déi Lénk

vum Avant-projet sommaire, wou mir eng ganz Rei Iddie gesammelt hunn an och scho fir all Strooss e Projet ausgeschafft hunn. Déi Dossiere wäerten elo gläich prett sinn, fir bei d'Ponts & Chaussées eragereecht ze ginn. À savoir dass Ponts & Chaussées selwer, vun hirer Säit, amgaangen ass, u Leitlinnen ze schaffen, fir d'Vitess erofzesetzen. Mee dat, wat ech esou matkréien, ass, dass et relativ lues a laangwierereg ass. Soudass ech mengen, dass mer, wa mer gemengenintern schaffen, do e bësse méi schnell drop sinn. Dat zu der éischter Fro.

An der zweeter Fro frot Der, ob et e Service bei der Police géif ginn, fir Kaméidi ze moossen. Eis lokal Police huet keen technesch Ekipement, fir Kaméidi ze moossen. Dat gëtt zu Déifferdeng net kontrolléiert oder ass net machbar.

Et ass och fir déi drëtt Fro am Moment nach keen Thema vu Kaméidisradaren. Hei zu Lëtzebuerg ass dat guer keen Thema anscheinend, dovunnet ze schwätzen. Dat gëtt jo am Ausland gemaach.

Dat, wat mir am Moment hunn, ass e Pilotprojet, deen awer nach relativ frësch ass. Dat ass e Projet, dee „propper Loft“ heescht, a Kollaboratioun mam Service City Management, mam Service écologique a mat der Mobilitéit, wou mer u sech mat kleng Boitiere fir Gemengegebaier wéi och fir Privatleit schaffen. Op verschidden Achse kann een esou e kleng Boitier an d'Fenster vum éischte Stack hänken, dee Wi-Fi-connectéiert ass an deen eng ganz Rei Mesuren hält. En heescht „propper Loft“, well en eng ganz Rei Mesuren ophëlt, déi d'Loft concernéieren. E moosst de Kaméidi, e moosst de Passage vu Piétonen, Véloen an Autoen, respektiv Camionen. Dat Ganzt natierlech ënner dem Sigel vum Dateschutz. Dat heescht, et gesäit ee kee Gesiicht. E moosst just d'Frequentatioun. En hält kee Video op.

Dat maache mir awer an Eegeregie. Mir bedeelegen eis do un engem Fuerschungsprojet. Dat kann een elo guer net vergläiche mat engem Kaméidisradar. Mee ech denken, et gëtt awer herno, wann de Projet bis fäerdeg ass, eng gewëssen interessant Opschlësslung, wat de Kaméidi a souwisou och

d'propper Loft hei zu Déifferdeng ugeet.

Dir schwätzt vun Incivilités als Sources vu Kaméidi. Mir sinn eis deem bewosst. D'Madamm Buergermeeschtesch an den Här Mangel schaffen ganz aktiv un deem Ressort. Et ass net mäi Ressort. Ech huele mer elo einfach d'Fräiheet, driwwer ze schwätzen. Einfachheetshalber. Et ass esou, dass mer d'Ekipp vun den Agent-municipaux wäerte verstärken. Mir wëssen awer och, dass hire Champ d'action nach ëmmer begrenzt ass. Si hunn eng ganz Rei Tâchen, déi se kënnen an déi se dierfen. An doriwwer eraus ass et ganz schwieereg, ze intervenéieren. Mir hunn d'Verspriechen op nationalem Niveau, dass eis Police verstärkt gëtt. An ech denken, dass déi zwou Mesurë scho mol um Terrain wäerten immens vill gräifen. Dat ass e bësse méi de repressive Volet.

Parallel dozou schaffen mer un der Preventioun, wou mer eis Streetwork-Ekip hunn, déi vill um Terrain ass. Virun zwou Wochen hate mer e Bilan presentéiert kritt, wéi si aktuell schaffen. Wivill Dossiere si hunn, wivill si frequentéiere ginn, wou si frequentéieren. Ënner anerem ass den Hotspot de Parc Gerlache. Bon, mëttlerweil hu mer en aneren, e bësse méi e kleng Hotspot. Dat ass d'Place des Alliés, wou éischter wierklech „harmlos“ Jugendliche sinn, déi an der Mëttestgass do e bësse Chaos maachen. Déi dann aus dem Lycée kommen an net richteg wëssen, wat se solle mat der Mëttestgass ufänken an dann do e bësse Vandale spillen. Do si mer amgaange mam Service Jeunesse a Kollaboratioun mat aneren Acteuren, dem Jugendhaus, dem Outreach Youthwork an dem CePAS aus dem LMA ze schaffen, fir ze kucken, dat an de Grëff ze kréien.

Mir wëssen, dass immens vill Sputt no uewen ass. Mir musse kontinuierlech drop schaffen. Mëttlerweil sinn eng ganz Zäit keng fräi Nuechte méi erausgi ginn. Natierlech och duerch d'Coronaepidemie. Mee dat huet eis awer och an d'Kaart gespillt, fir de Kaméidi e bessen ze drosselen am Stadkär. Mir mussen elo kucken, wéi mer do weiderginn. Well mir kënnen eis dem normale Commerce vun de fräien Nuechten net éiweg opposéieren. Mir mussen do e gutt Gläichgewicht

donc pas à Differdange. Pour ce qui est des radars mesurant le bruit, on en utilise à l'étranger, mais pas au Luxembourg.

En revanche, la Ville de Differdange a un projet pilote local: Propper Loft, géré par le city management, le service écologique et le service mobilité. De petits boîtiers sont installés aux fenêtres des premiers étages de bâtiments communaux ou privés. Ces boîtiers sont connectés au wifi et effectuent des mesures: la qualité de l'air, le bruit, le passage de piétons ou de véhicules... Mais il s'agit d'une initiative communale dans le cadre d'un projet de recherche. Ce n'est donc pas comparable à des radars. Les mesures peuvent cependant apporter un éclairage intéressant concernant le bruit et la qualité de l'air.

Le collège échevinal est aussi au courant des incivilités comme sources de bruit. C'est pourquoi l'équipe des agents municipaux sera renforcée même si leur champ d'action est limité. Le gouvernement a promis de renforcer la police. Laura Pregno suppose que ces deux mesures vont améliorer la situation.

Elle mentionne aussi l'équipe des éducateurs de rue, qui a présenté un premier bilan de son travail il y a deux semaines. Differdange compte deux hotspots: le parc Gerlache et la place des Alliés. La place des Alliés est fréquentée par des jeunes du lycée qui font du bruit pendant la pause de midi. Le service jeunesse, la maison des jeunes et le CePAS collaborent sur ce problème.

Le collège échevinal sait qu'il lui reste du pain sur la planche. Récemment, il n'a plus accordé de nuits blanches – notamment à cause de la pandémie. À l'avenir, il faudra trouver un équilibre entre la vie nocturne et le calme que demandent les riverains. La bourgmestre rencontre régulièrement les cafetiers pour les responsabiliser. Mais toutes ces actions prennent du temps et constituent probablement une goutte d'eau dans l'océan.

Le collège échevinal n'a rien à cacher, mais le dossier est complexe. Laura Pregno souligne que pendant longtemps, aucune mesure n'a

été prise. Les problèmes se sont propagés de manière tentaculaire. En ce qui concerne l'industrie, ArcelorMittal a mis en place un répondeur où les habitants peuvent réclamer. On peut aussi les contacter grâce à un formulaire sur le site de la commune. Ensuite, ArcelorMittal prend contact avec le citoyen et essaie de trouver une solution. Laura Pregno a entendu dire que cette mesure fonctionne plutôt bien. Les bruits provenant de l'usine sont récurrents et peuvent vraiment déranger les riverains la nuit. L'échevine est peut-être naïve, mais elle suppose qu'ArcelorMittal ne s'en rend même pas compte.

Deux ou trois maisons de la Cité O réclament, quant à elles, à cause de Kronospan. Il est probable que le bruit dépend du vent. Mais Kronospan ne se trouve pas à Differdange. L'Administration de l'environnement compte bien une division bruit, mais elle n'est pas chargée de la lutte contre le bruit.

Il existe un cadastre national, les cartes du bruit. Elles se trouvent sur le Géoportail et concernent avant tout le bruit provenant des trains et des véhicules. Elles ne prennent donc pas en compte les spécificités locales. Mais la Ville de Differdange dispose du projet Propper Loft pour cela. En recourant aux deux, on peut se faire une idée assez précise de la situation sonore.

Laura Pregno espère avoir répondu à toutes les questions.

ERNY MULLER (LSAP) fait partie de ceux qui ont demandé un registre lors de la réunion sur le bruit – principalement en ce qui concerne l'industrie et la circulation. L'étude ne portait pas vraiment sur le bruit industriel, qui est pourtant important pour Differdange. Les boîtiers de mesure qu'utilise la commune pourraient servir dans ce contexte. Mais il faudrait effectuer des mesures dans les différentes zones posant problème. La commune a-t-elle besoin d'un partenaire privé? Le bruit accable les personnes qui y sont soumises.

fannen tëschent Liewen am Quartier an engem gewëssene Commerce, deem dann eeben nuets, also Commerce, legale Commerce, deem natierlech an den Nuetsstonnen dann eebe stattfënnt. D'Madamm Rausch huet och ëmmer erëm Entrevuë mat Cafésbesëtzer oder wa Caféen opfalen, fir eng Mise au point ze maachen an d'Leit ze responsabiliséieren.

All déi Aktiounen sinn zäitintensiv a bréngen warscheinlech eng kleng Drëps op de waarme Steen. Vlächent ass et iergendwann awer dat, wat et da bréngt, fir dass et einfach besser geet.

Mir verheemlechen näischt. Et ass einfach e schwierigen Dossier. A mir müssen all zesummeschaffen, fir deem iergendwéi an de Grëff ze kréien, well et ass ganz laang ze wéineg geschitt. Et ass eng Situatioun, déi sech explosiounsaarteg an esou tentakelsméisseg e bësse verbreet huet. Virun allem fir d'Leit aus dem Quartier ass dat net flott.

Da géif ech zur fënnefter Fro kommen, wou et ëm de Kaméidi vun der Industrie geet. Et ass esou, dass et ëmmer erëm Aktiounen gëtt, wou d'Bierger sech kënnen beschwéieren. De Prozedere ass, datt et eng Telefonsnummer gëtt, fir sech bei ArcelorMittal ze beschwéieren op engem Repondeur. Oder et gëtt och e Formulaire, deem een um Site vun der Gemeng fënnt, fir direkt bei hinnen ze intervenéieren. An dann hëlt ArcelorMittal mat de Bierger Kontakt op, fir de Problem ze behiewen. Do hu mer relativ gutt Echoen an der Lescht awer kritt, dass dat relativ gutt klappt. Dass se sech Méi ginn, fir am Accord mam Bierger eng Léisung ze fannen. Well oft ass dat jo Kaméidi, deem esou redundant ass oder wierklech zu Nuetszäiten ass, deem immens stéiert. An oft ass d'Wierk sech deem, ech soen elo mol, net bewosst. Ech weess et net, et klénge vlächent naiv, mee bon, et ass halt wann ee schafft anescht, wéi wann ee vlächent schléift.

Rezent hu mer och Reklamatiounen vun Awunner aus der Cité O kritt, wat de Kaméidi vun der Kronospan ugeet. Dat sinn awer ganz eenzel Reklamatiounen vun zwee oder dräi Haiser. Soudass mer dovunner ausginn, dass dat esou an engem Loftkorridor ass. Deemno wéi d'Loft dann dréit, héieren déi zwee

oder dräi Haiser punktuell dee Kaméidi méi. Dat ass Kronospan. Dat ass net méi eisen Territoire. Mir sinn awer amgaangen, mat de Leit ze kucken, fir och do eng Prozedur ze fannen, wéi mer dat kënnen weiderginn. Op der Ëmweltverwaltung gëtt et eng Division Bruit. Mee déi ass awer net zoustänneg fir d'Lutte contre le bruit. Dat loosse ech dann emol esou stoen.

Zu Ärer leschter Fro, d'Fro sechs, ob et e Kaméidiskadaster gëtt. Et gëtt een op nationalem Plang. Dat sinn „les cartes du bruit“. Déi fannt Der um Geoportail. Am beschte gitt Der op Google an tippt cartes de bruit an. Da fannt Der de Geoportail. Well anescht ass de Geoportail relativ komplizéiert ze handhaben. Souguer eis beschte Leit op der Gemeng verléiere sech ëmmer erëm doranner. Do geet et awer virun allem ëm Zuch- a Stroossekaméidi respektiv Loftkaméidi. Dovu si mer och deels betraff. Dat sinn déi Plazen, wou Haaptstroosse sinn. Wou Zuchverkéier ass. Et gräift awer wéi bei den Inondatiounen déi kleng lokal Spezifizitéite net op. Mee dofir hu mer jo eise Projet „propper Loft“. Mat deem kënnen mer deem entgéintwierken. Aus deene kënnen mer déi zwou Kaarten herno iwwerenee leeën an dann hu mer e relativ enkmaschegt Netz. An ech mengen, e relativ gutt Bild, wat de Kaméidi ugeet.

Elo hoffen ech, dass ech alles beäntwert hunn. A wann net, mir sinn nach do. Villmools Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Pregno. Här Muller.

ERNY MULLER (LSAP):

Wann Der erlaabt. Ech wollt nach op e puer Froen agoen. Ech war ee vun deenen, déi gesot hunn, mir sollten esou ee Regëster kréien an där Sitzung, déi mer hate contre le bruit. Mir hate jo eng Sitzung am Gemengerot. An do hat ech proposéiert, esou ee Regëster hei an der Gemeng opzestellen, wann dat méiglech wär. Iwwert de Kaméidi. Haaptsächlech vun der Industrie, mee och vum Verkéier. Also deem Kaméidi, deem am Fong net erfaasst gëtt op nati-

12. Motion de déi gréng-CSV

onalem Plang. Well am Dossier ass dee komplett vernoléisst ginn. Déi Etüd oder déi ganz Approche, déi ass net op de Kaméidi agaangen. An dat ass awer ee Kaméidi, dee fir Déifferdeng immens relevant ass.

Ech weess elo net, no wat fir Krittären, dass Der déi Moossgeräter do elo astellt. Well mat deene Miessgeräter kéint een dat jo maachen. Mee da misst een awer déi verschidde Beräicher während enger gewësser Zäit ophuelen. Brauch een och vläicht privat Partner? Mee Dir kënnt et och vläicht anescht opstellen, iergendwéi mat engem Gerät, mat engem Stativ, iwwer eng gewësser Zäit mol. An duerno de Bilan maachen: Wéi gesäit dat aus an eiser Gemeng?

Well Kaméidi ass awer eppes, wat eis immens belaascht. Also et ass net, dass mer elo méi sensibel gi sinn. Mee et huet een awer d'Impressioun, dass dat déi lescht Zäit Iwwerhand geholl hätt. An ech kann Iech soen, ech war een, deen en faveur vun ArcelorMittal geschwat huet. Mee ech hu meng Meinung entretemps revidéiert. Si sinn op d'Leit zougange mat enger Campagne iwwer Biergerparticipatioun. Fir mech ass déi Participatioun säit de Covid opgetrueden ass, um Enn. Do ass guer näischt méi geschitt. Mir waren op d'Schmelz invitéiert. Ënner Pretext Corona, ass dat ofgeblose ginn. Et sinn elo schonn zwee Joer, wou näischt méi geschitt. An ech mierken, dass nei Kaméidisquellen optauchen.

Notamment déi lescht Zäit mécht déi sougenannte Grey-See – fir gewëssener heibannen ass dat e Begrëff, dat ass, wann d'Träger kal geschnidde ginn – en immense Kaméidi. Et ass eng Mesure geplangt déi Kabinen, wou déi Seeë sinn, vum Schall hier ofzesécheren. Mee ech hunn d'Impressioun, dass do all Dieren operappt ginn oder de Schallschutz ewechgeholl ginn ass, fir vläicht en aneren dohin ze maachen. Ech weess et net. Duerfir mengen ech, och do wär et néideg, wann Der am Gespréich sidd mat ArcelorMittal, dass all Initiativen, déi geholl ginn, déi kënnen eng Belaaschtung gi fir d'Bierger, public gemaach ginn. Dass mer dat och gewuer ginn. A wéi laang dauert deen Zoustand, wann do eppes geännert gëtt?

Ech hat e kuerzt Gespréich mam Här Schwachtgen. Hien ass nach ëmmer an deene Sitzungen dobäi. Ech war och emol déi eng oder déi aner Kéier dobäi an der Vergaangenheet. Do gesäit et aus, wéi wann alles esou positiv wär. Mee schwätzt mat de Leit. Déi wäerten Iech soen, dass dat guer net de Fall ass. Ech wär frou wa mer, op jidde Fall wat de Kaméidi ubelaangt, geschwé géifen e puer Schrëtt virukommen hei an der Gemeng. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Dann hu mer nach d'Motioun vun deene Gréngen a vun der CSV. An ech géif dem Här Liesch dofir d'Wuert ginn.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Merci. Jo, effektiv hu mer als zwou Parteien eng Motioun eraginn. D'Theema misst jiddwerengem heibanne bewosst sinn. Et ass kee Lëtzebuergesch Phenomen. Et ass e gréissert Phenomen. Net méi spéit wéi virun e puer Deeg war hei zu Lëtzebuerg eng grouss Versammlung vun den Zoustännege vun de verschidden europäesche Länner, fir zum Sujet vun de rezenten Energiepräisser ze beroden.

Mir hunn eng Motioun eraginn, fir drop opmierksam ze maachen, dass esou Augmentatiounen wéi de Moment natierlech ganz vill Leit direkt betrëfft. Virun allem Leit, déi kee grouse Revenu hunn an déi oft och net d'Moyenen hunn, fir hir Energiepräisser iergendwéi ze drosselen. An déi trifft et dann direkt och nach zweemol.

An der Motioun hu mer e puer Fuerderunge gestallt, déi mer dem Schäfferot wëlle mat op de Wee ginn, fir sech deene Fuerderungen unzehuelen. A well et elo, menge mer, dee richtegen Zäitpunkt wär, wou d'Budgetdiskussionen amgaange sinn, déi Saachen hei dann ze berécksiichtegen.

Déi éischt Fuerderung, déi mer stellen ass: „Augmenter la participation de l'allocation de solidarité dans le budget 2022“. Dat ass de Budget, dee mer jo all Joer hunn. Dee mer och scho substanzuell gehuewen hunn. Dat muss ee

Erny Muller ne pense pas que les riverains soient plus sensibles, mais le bruit a augmenté. Il a toujours soutenu ArcelorMittal, mais il a changé d'avis entretemps. Ils avaient proposé une campagne participative, mais Erny Muller a l'impression qu'elle a été abandonnée avec l'arrivée de la COVID-19. Depuis deux ans, plus rien n'a été entrepris alors que de nouvelles sources de bruit ont vu le jour.

Le conseiller communal mentionne la scie Grey, qui fait énormément de bruit. Des mesures antibruit ont été prises, mais il a l'impression que quelque chose a changé récemment. Le collègue échevinal ferait bien d'en discuter avec ArcelorMittal. ArcelorMittal doit rendre publiques les sources de bruit et avancer un délai pour y remédier.

Monsieur Schwachtgen participe aux réunions avec ArcelorMittal. Erny Muller y a assisté aussi de temps en temps. On a l'impression que tout est positif, mais les gens ne sont pas du même avis. Il est temps que la commune fasse un pas en avant concernant les nuisances sonores.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) passe à une motion de déi gréng et du CSV.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) explique que la motion ne porte pas sur un problème typiquement luxembourgeois, mais plus général: le prix de l'énergie. Les augmentations actuelles font mal aux gens, particulièrement ceux, dont les revenus sont faibles.

La motion exhorte le collège échevinal à prendre des mesures. Le moment y est propice, car les discussions budgétaires ont commencé.

La première proposition concerne l'augmentation de la participation de l'allocation de solidarité dans le budget 2022. Cet article a déjà augmenté considérablement, mais la commune pourrait faire un effort supplémentaire. Car plus de gens demanderont l'allocation de solidarité quand les prix de l'énergie augmenteront en janvier ou février.

Georges Liesch demande ensuite d'élaborer une large campagne d'information au sujet de la décarboni-

12. Motion de déi gréng-CSV

sation et de la réduction d'énergie. Les gens ne savent pas toujours combien d'énergie ils pourraient économiser. Le conseiller communal propose une campagne dans le DIFFMAG et un Urban Living centré sur ces questions. Cela permettrait aux gens de mieux connaître les mesures à disposition et de comprendre qu'ils peuvent aussi économiser de l'argent.

La motion exhorte ensuite le collègue échevinal à adapter les subside pour les efforts de décarbonisation et de réduction énergétique. Actuellement, la commune ajoute un subside aux subventions de l'État. Mais peut-être y a-t-il des points où la commune pourrait faire cavalier seul?

Georges Liesch propose ensuite d'élaborer un projet de préfinancement des investissements de décarbonisation et de réduction énergétique pour les gens dans le besoin. Car certains habitants veulent remplacer leurs chaudières ou réaliser des travaux importants, mais n'en ont pas les moyens financiers. La Ville de Differdange pourrait les y aider avec ou sans le soutien de l'État. Bien entendu, les sommes avancées devront être remboursées. Le gouvernement est aussi en train de discuter de certaines mesures, mais il n'y a encore rien de concret. C'est pourquoi la Ville de Differdange ferait bien de prendre ce sujet en considération étant donné que le budget est en train d'être réalisé.

Georges Liesch espère que le conseil communal approuvera la motion.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK) soutient la motion. Il remercie ses collègues de déi gréng et du CSV.

La motion propose des mesures à court et à long termes pour aider les gens dans le besoin à cause des prix de l'énergie. L'année dernière, la commune avait déjà augmenté l'allocation de vie chère et l'a maintenue élevée même quand l'État a fait machine arrière.

À moyen et à long termes, les mesures permettront la décarbonisation et la réduction de la consommation d'énergie. La meilleure façon est de consommer moins. C'est

jo soen. Dee Budget ass jo och scho ganz gutt. Mee mir denken, dass et wichtig wär, dës Budget nach e bëssen eropzesetzen. Mer kënnen eis virstellen, dass nach eng Partie Leit wäerten dobäi kommen, wann elo d'Energiepräisser nach eng Kéier gehuewe ginn. An et gesäit jo esou aus, wéi wann et eventuell am Januar Februar erëm kéint zu enger Hausse kommen.

Zweet Fuerderung: „D'élaborer une large campagne d'information au sujet de la décarbonisation et de la réduction d'énergie“. Well mer och der Meenung sinn, dass nach ëmmer vill Leit sech net bewusst sinn, wivill Sue se eigentlech ëmmer ausgi fir Energie, déi se net missen ausginn. An do wär et vläicht flott, eng gréisser Campagne ze starten iwwert den Diffmag. Mir kéinten eis och virstellen, dass zum Beispill en Urban Living vläicht eng Kéier genau ënner deem dote Sujet kéint organiséiert ginn: Wat kann een doheem maachen, fir seng Energiekäschten erofzedrécken? Wat fir Mesurë géifen, wat kaschten? Ech mengen, dass mer do nach ganz vill Opklärung kéinte maachen, fir de Leit éischters op de Sujet opmierksam ze maachen an zweetens se da wierklech och dozou ze kréien, Energie ze spueren. An domadder eeben och Suen ze spueren.

Een drëtte Punkt: „D'adapter les subside des communaux pour tous les efforts de décarbonisation et de réduction énergétique“. Mir haten haut um Ordre du jour jo schonn dee Punkt. Hei géif et also drëm goen, fir am nächste Budget ze kucken, wat fir Saache een als Gemeng eventuell nach subsidéiere kéint, wou d'Leit, wa se investéieren, och e Subsid vun der Gemeng géife kréien. Wëssend, dass mer eis jo op de Wee beginn hunn, eigentlech ëmmer alles ze subsidéieren, wat de Staat subsidéiert an eis do drun hänken. Well dat jo och administrativ méi einfach ass. Mee hei kéint een eventuell nach zousätzlech Mesurë fannen, déi vläicht vum Staat nach net subsidéiert ginn, wou mir als Gemeng da géifen dee Moment e Cavalier seul maachen.

Een anere Punkt, dee mer drop gesat hunn ass: „D'élaborer un projet de préfinancement au profit des citoyens nécessaires pour des investissements de décarbonisation et de réduction énergétique“. Dat ass och eppes, wou mer

schon d'riwwer geschwat hunn. Wat net einfach ass. Mee mir mengen awer, dass et wichtig wär, op dee Wee ze goen, fir genau deene Leit ze hëllefen, déi net d'finanziell Moyenen hunn, fir zum Beispill doheem hir Chaudière ze ersetzen oder gréisser Investissementer ze maachen, obwuel se vläicht wëssen, dass se domadder géifen Energie a Sue spueren, mee awer dat Kapital net zur Verfügung hunn. Mir mengen, dass et wichtig wär, do als Gemeng, mat oder ouni Staat, ze kucken, op e Wee ze kommen, fir Mesuren ze fannen, fir deene Leit ze hëllefen, fir dat Finanzement ze stemmen. An natierlech déi Suen och erëm eranzekréien. De Leit also d'Méiglechkeet ginn, dat iwwer Joren erëm an d'Gemeng eranzespillen.

Dat ass dee grouse Punkt vun eiser Motioun, déi mer eraginn hunn. Wëssend, dass op nationalem Niveau natierlech och eng Partie Mesuren nach diskutéiert ginn. Et héiert ee vill. Awer konkret hu mer nach näischt héieren. Mir sinn der Meenung, dass mir als Gemeng Déifferdeng eis scho sollte mat dës Sujete befaassen, elo, wou de Budget an der Elaboratioun ass. An net waarden an dann nodréiglech eppes noschéissen.

Ech hoffen Dir kënnt déi Motioun esou matdroen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Liesch. Här Weirich.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Als déi Lénk kann ech dat heiten definitiv matdroen. An ech soen och Merci de Kolleginnen a Kollege vun déi gréng an der CSV fir dës Motioun.

Ech ka se matdroen, well se kuerzfristeg a laangfristeg Mesurë virgesäit. Kuerzfristeg fir de Leit, déi wierklech an der Nout sinn oder an eng Noutlag geroden duerch déi klammend Energiepräisser, einfach a ganz onkomplizéiert finanziell Ënnerstëtzung wëllen zoukommen ze loosse. Genau wéi mer et d'lescht Joer gemaach hate mat der Allocation de vie chère, wou mer op lokalem Niveau vun der Gemeng nach

12. Motion de déi gréng-CSV

en Deel bäigeluecht hunn. Virun e puer Gemengeréit hate mer jo och eise lokalen Deel bäibehalen, obwuel de Staat säin Deel zrëckgefuer hat. Absolutt begrëssenswäert.

An och dass mëttel-, bis laangfristeg an déi Richtung geduecht gëtt vun Dekarboniséieren a manner Energie ze benotzen. Ech mengen, dee beschte Wee ass einfach manner Energie ze benotzen, fir eeben och seng Energierechnung ze bezuelen. Da ginn ech absolutt och gäre mat an d'Richtung, fir Opklärungsarbeit ze maachen, wéi ee säin Energieverbrauch reduzéiere kann.

A wat ech absolutt begrëssen, ass dee leschte Punkt, dass een, en attendant dass um Niveau vum Staat eppes geschitt, vun der Regierung eppes geschitt, als Gemeng seet, mir maachen eng Prefinanzéierung vun enger Chaudière, déi muss ersat ginn, respektiv och gréisser Renovatiounsarbeiten. Dass een dat virfinanziert a kuckt, wéi een déi Suen dann erëm erakritt. Dat ka ganz banal sinn: Einfach déi Suen, déi een do aspuert, déi een net ausgëtt fir d'Energie, dass een dee Montant hëlt, fir d'Scholden zrëckzebezuelen. Do hu mer als déi Lénk scho Modeller fir de Walprogramm 2018 an déi Richtung ausgeschafft.

Dat hei stëmmen ech ganz gäre mat.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Weirich. Här Hartung.

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci. Den Här Liesch an den Här Weirich hu quasi alles gesot. Ech wëll et awer trotzdeem nach eng Kéier op de Punkt bréngen. An de leschte Méint sinn d'Energiepräisser immens an d'Héicht geschoss. Energie brauche mer all. Mir kënnen net einfach emol esou drop verzichten. Dës extreem Hausse deet jiddwerengem wéi. Just kënnen grad déi, déi souwisou schonn an enger prekärer Situatioun liewen, déi finanziell schwach Stéit, déi virdru schonn um Enn vum Mount ze mann fir ze liewen haten, dës Surplus, deen duerch dës considerabel Hausse komm ass, net méi stemmen. Deementsprie-

chend kommen, leider, am Moment vill Ufroen, fir Hëllef bei eisem Service social eran. Dofir dës Motioun vun déi gréng an CSV, fir mat enger Erhéijung vun der Allocation de solidarité onsem Service social d'Moyene ginn, de Leit à court terme ze hëllefen.

Wéi et awer och elo richtig gesot gouf, geet et net nëmmen ëm de Court terme, mee och ëm de Long terme. Et muss ee sech bewusst sinn, datt grad Leit mat wéineg finanzieller Kafkraaft sech an der Reegel net déi energiespuerendst Saache kënnen ouni finanziell Hëllef uschaffen. Dofir dann och d'Fuerderungen 2, 3 a 4, wéi den Här Liesch se schonn opgezielt huet, déi sech, nieft der Sensibiliséierung, virun allem ëm méiglech Hëllef fir eng Uschafung dréien.

Den Long terme ass wëschenswäert doduerch: Wann de Verbrauch, duerch méi performant an energiespuerend Moossnamen erofgeet, ginn d'Ausgabe mat erof. Wat jo dann och eng nohalteg Approche ass. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Hartung. Här Muller.

ERNY MULLER (LSAP):

Am Numm vun der LSAP wëll ech dann och eppes soen. Erlaabt mer fir d'éischt deenen zwou Parteien net direkt Merci ze soen, mee awer ze soen, dass se hätte vläicht kënnen déi aner Parteie kontaktéieren. An hei figuréiert och de Schäfferot net drop. Mir hätte kënnen vläicht zesumme versichen, en Text auszeschaffe fir déi do Problematik. Bon, et ass zwar jiddwerengem säi gutt Recht. Mee mir hunn awer an änleche Fäll an der Vergaangenheet scho versicht zesummenzeschaffen.

Et ass e Problem fir jiddwereen. All Stot ass befaasst. Och de Mëttelstand ass warscheinlech staark betraff wéi jiddwereen. Ech mengen, et ass eeben esou, dass déi, déi manner Revenuen hunn, ëmmer am stäerkste betraff si vun allem.

Mee et ass awer och traureg op déi aner Manéier, dass mer erëm mussen op

pourquoi la sensibilisation est essentielle.

L'idée du préfinancement de certains travaux est excellente. Pour le remboursement des dettes, les personnes concernées pourraient utiliser l'argent provenant des économies d'énergie. Déi Lénk a déjà présenté des modèles en 2018.

Eric Weirich approuvera la motion.

JERRY HARTUNG (CSV) rappelle qu'au cours des derniers mois, les prix de l'énergie ont fortement augmenté. Ces augmentations font mal, car tout le monde a besoin d'énergie. Et les ménages ayant déjà du mal à joindre les deux bouts souffrent le plus. C'est pourquoi l'office social est submergé de demandes dernièrement. La motion du CSV et des écologistes permettra au service social d'aider les gens à court terme.

Cependant, aider à court terme ne suffit pas. Les gens dans le besoin ne peuvent pas se permettre d'acheter l'équipement le plus écologique. C'est pourquoi les points 2, 3 et 4 de la motion se concentrent surtout sur les aides concrètes et pas seulement sur la sensibilisation. Grâce aux mesures à long terme, la consommation d'énergie va baisser, et avec elle, les dépenses. C'est ce qu'on appelle une approche durable.

ERNY MULLER (LSAP) ne va pas remercier les deux partis à l'origine de leur motion, mais leur dire qu'ils auraient pu contacter l'opposition. Le texte aurait pu être réalisé ensemble. Dans le passé, les socialistes ont essayé de collaborer.

Tout le monde est concerné, y compris la classe moyenne. Mais les personnes aux petits revenus souffrent le plus.

Erny Muller regrette qu'il faille recourir à la prime de solidarité pour régler un problème national. D'autres pays agissent différemment. La politique doit intervenir rapidement. L'explosion des coûts est un véritable problème. Il est temps de trouver une solution nationale. C'est-à-dire, soit geler les prix ou introduire une compensation. D'un autre côté, l'Union européenne ne semble pas trouver de

12. Motion de déi gréng-CSV

solution, ce qui montre bien la complexité du problème.

Le terme «décarbonisation» est devenu moderne. Pour Erny Muller, la sensibilisation de la population doit venir de l'État. C'est d'ailleurs en train d'être fait. Sur le plan local, il est aussi nécessaire d'intervenir également, mais les lignes directrices doivent venir du gouvernement.

Pour ce qui est du préfinancement, l'office social aide déjà beaucoup de gens. Mais Erny Muller ne pense pas qu'on puisse demander à ceux qui veulent acheter une chaudière de se rendre à l'office social. Ce n'est pas une solution. Il ne saurait pas comment s'y prendre. Existe-t-il des problèmes juridiques? Faut-il en discuter avec le ministère de l'Intérieur? Une commune peut-elle prêter de l'argent à des particuliers?

Les socialistes sont d'accord avec les mesures proposées, même s'ils préféreraient une campagne d'information nationale. Il y a des raisons à l'augmentation des prix, mais si on arrivait à les baisser, le problème serait réglé de lui-même. Erny Muller n'est pas sûr.

Mais en tout cas, le LSAP approuvera la motion.

FRANÇOIS MEISCH (DP) *s'étonne du fait que déi gréng et le CSV doivent introduire une motion. Ne sont-ils pas en contact avec le collègue échelvin?*

Pour ce qui est du contenu, les démocrates l'approuveront.

ALI RUCKERT (KPL) *soutiendra la motion. Il ne comprend cependant pas pourquoi la majorité veut augmenter l'allocation de vie chère sans en parler avec les autres partis. Car l'année dernière, il a fait une série de propositions qu'il a finalement retirées pour que le conseil communal puisse avoir une position commune. Mais apparemment, il n'est plus nécessaire de travailler ensemble.*

d'Prime de solidarité zréckgräifen, fir e Problem ze léisen, deen am Fong op nationalem Plang komplett iwwerall elo optrëtt. Et gëtt Länner, déi versichen dat op eng aner Manéier ze maachen. Dir hutt jo selwer gesot, dass en EU-Sommet war an déi Richtung. Ech mengen, d'Politik muss sech do aschalten a ganz schnell. Da kréie mer och vläicht dee Problem ganz ënne geléist. Bei deenen, déi am häertste getraff ginn. Well et ass ee Problem, deen eis alleguer eppes ugeet. Virun allem d'Käschtenexplosioun ass e Problem. Mir mengen, dass misst eng national Léisung fonnt ginn, dass allgemeng misst e Mëttel elo fonnt ginn. Entweder d'Präisser anzefréieren oder eng Kompensatioun ze maachen. Mee Dir hutt Recht, wa schonn op EU-Niveau doriwwer debattéiert gëtt a mir fanne keng Léisung, schéngt dat net esou einfach ze sinn.

Decarbonisatioun. Deen Term ass e bëssen elo modern ginn déi lescht Zäit. Et muss een einfach soen, dat ass och hei e puermol erausgeklongen, dass dat e Sujet ass oder eng Approche ass, déi op nationalem Plang muss kommen. An déi ass jo och amgaangen. Ech mengen, op nationalem Plang geschitt scho ganz vill a punkto Sensibiliséierung. Dir sot jo och, mir sollten op lokalem Plang drop hiweisen, wou d'Problemer sinn. Mee ech mengen awer, dass dat eng national Guideline muss sinn, effektiv, dass do ganz staark drop agewierkt gëtt, fir d'Leit ze sensibiliséieren an déi do Richtung.

Prefinanzement. Oft hunn d'Leit geholf kritt vum Office social. Dat ass deene Leit bekannt, déi an deenen Officë sinn an iwwer esou Decisiounen decidéieren. Mee stellt Iech vir, d'Leit mussen, wa se eng Chaudière wëllen ersetzen, op den Office social goen. Dat ass jo och net d'Léisung. Mat Prefinanzementer kéint een dee Projet vläicht ugoen, well mer jo domat de Leit hëllefen. Ech weess awer elo net, wéi dat méiglech ass. Gëtt et do kee juristesche Problem? Ass dat mam Interieur ofgestëmmt? Ech weess elo net, wéi dat méiglech ass. Beim Office social ass dat kloer. Mee wéi eng Gemeng elo kann direkt intervenéieren, fir praktesch e Prêt ze ginn un d'Particulieren, weess ech net.

Mat deene Mesurë kënne mer d'accord sinn. Mir gesinn d'Informatiounscampagne zwar méi um nationale Plang. Mir wären als LSAP op jidde Fall méi frou driwwer, wa mer eng Léisung hätten um gesamte Plang fir all d'Leit, dass mer d'Präisser erëm géifen op een niddregen Niveau kréien. Ech mengen, dass se méi deier sinn, huet jo och seng Grënn, mee wa mer se géifen erëm op méi en niddregen Niveau kréien, géif sech de Problem vläicht vum selwe léisen! Ech sinn net esou sécher.

Fir de Rescht géife mer déi Motioun hei matdroe mat deene Remarken, déi ech gemaach hunn. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Den Här Meisch an dann den Här Ruckert.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Mir waren e bësse verwonnert an hunn eis d'Fro gestallt, ob Dir op där anerer Säit kee Kontakt mam Schäfferot hutt, datt Der musst iwwer de Wee vun enger Motioun fueren.

Wat den Inhalt vun der Motioun ugeet, kënne mer natierlech net dogéint sinn. Mir kënnen dat gäre matdroen. Dat war et schonn.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Meisch. Här Ruckert.

ALI RUCKERT (KPL):

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, als Verrieder vun der Kommunistescher Partei wäert ech déi Motioun ënnerstëtzen. Et huet mech allerdéngs e bëssen erstaunt, dass Der elo mat der Deierungszoulag do kommt, ouni mat anere Leit ze schwätzen. Ech hat d'lescht Joer d'Initiativ als Verrieder vun der KPL geholl, dass iwwerhaupt doriwwer geschwat ginn ass. An ech hat eng Rei Virschléi gemaach. Ech war souguer bereet dat zréckzezéien, fir dass mer gemeinsam kéinten eng Stellungnam dozou huelen.

12. Motion de déi gréng-CSV / Questions

Déi Gemeinsamkeet schéngt elo net méi ginn ze sinn, dass dat noutwendeg wär. Mee dat hënnert mech awer net drun, dat trotzdeem elo ze ënnerstëtzen.

Ech wëll awer och op e puer Widder-spréch hiweisen. Kierzlech hate se an der Chamber eng Debatt iwwert de Budget. Ech hunn näischt héieren, dass d'Regierung decidéiert hätt, zum Beispill d'Energiepräisser ze deckelen. Hei sëtze Verrieder vu Parteien, déi och an der Chamber sëtzen. Do hutt Der näischt natierlech dozou ze soen. D'Regierung hätt och kënnen higoen, zum Beispill d'Steiertabell erëm un d'Inflation unzepassen. Dat hätt och eppes zur Kafkraaft bäigedroen. Et kënnt elo den 1. Januar eng nei CO₂-Steier erëm op d'Leit zou. Also, do géifen et eng ganz Rëtsch Mesurë ginn, déi wierklech derzou bäidroen géifen, d'Kafkraaft eropzedrécken.

Ausserdeem kann een net ëmmer nëmme behaapten, d'Energiepräisser ginn an d'Luucht an net kucken, firwat se an d'Luucht ginn. Et ass net nëmme esou, dass dat duerch déi international Entwécklung ass. Et muss ee vläicht drun erënneren, dass jee no Energiezort 46 % an 51 % vum Präis vun de Bensinner a vun Diesel, Akzisen a Steiere sinn. Déi also an d'Staatskeess fléissen. Wann een dat also wëllt erofsetzen, wär et ganz einfach d'Akzisen erofzesetzen. Dann hätt een eppes gemaach fir déi Leit, déi wéineg Kafkraaft hunn.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Madamm Saeul.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Ech schlësse mech natierlech dem Här Meisch senge Wierder un. Wollt awer just nach bemierken: Wann d'Allocation de solidarité elo méi héich gesat gëtt fir d'Clienten, wäerte mer och e gréissere Budget dozou brauchen. Well zum normale Mëttelstand, duerch d'Augmentatioun vun deene ganze Prix d'énergie, kommen der nach dobäi, déi och d'Allocation de solidarité dann ufroen. Et muss ee kucken, dass een do e gréissere Budget virgesäit.

„Élaborer un projet de préfinancement“ ass e schwéiere Punkt fir d'Gemeng. Ech fannen och, dass d'Gemeng net dofir zoustänneg ass, ob et net méi einfach wär, vläicht fir Kontakt oder Zesummenaarbecht mam Office social zu deem Theema ze maachen. Ech soe Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Saeul. Da komme mer elo zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'adopter la motion suivante à l'égard de l'évolution des prix d'énergie déposée par les partis politiques déi gréng Déifferdeng et CSV Déifferdeng: Le conseil communal,

- *considérant l'augmentation substantielle des prix d'énergie (gaz, mazout...);*
- *considérant que l'allocation de vie chère de l'État sera adaptée vers le haut;*
- *Relevant que le système d'allocation de solidarité de la Ville de Differdange a bien démontré son efficacité,*

invite le collège des bourgmestre et échevins à:

- *augmenter la participation de l'allocation de solidarité dans le budget 2022;*
- *à adapter les subsides communaux pour tout effort de décarbonisation et de réduction énergétique;*
- *à élaborer un projet de préfinancement au profit des citoyens nécessaires pour des investissements de décarbonisation et de réduction énergétique.*

Villmools Merci. Elo wäere mer bei der Presentatioun vum Bilan Klimapakt.

(Ënnerbriechung)

Mee d'Froe kommen duerno.

(Diskussiounen)

Ali Ruckert tient à souligner quelques incohérences. Le gouvernement n'a pas décidé de plafonner les prix de l'énergie. Or les partis du conseil communal de Differdange sont les mêmes qu'à la Chambre des députés. Le gouvernement pourrait aussi adapter les impôts à l'inflation. Au lieu de cela, les gens vont être confrontés à une nouvelle taxe sur le CO₂.

Il faut aussi essayer de comprendre pourquoi les prix de l'énergie augmentent. Entre 46 % et 51 % du prix de l'essence sont composés d'accises et d'impôts. Il y aurait donc moyen de renforcer le pouvoir d'achat de la population.

CHRISTIANE SAEUL (DP) s'associe à ce qu'a dit monsieur Meisch. Elle constate par ailleurs que si l'allocation de solidarité augmente, il faudra revoir le budget. Car plus de gens vont faire des demandes d'allocation.

Élaborer un projet de préfinancement est difficile. Une commune n'est pas là pour accorder des prêts. Il faudrait peut-être en discuter avec l'office social.
(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) passe à la présentation du bilan du Pacte climat.

(Interruption)

Christiane Brassel-Rausch répond que les questions seront traitées à la fin.

(Discussions)

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) cède la parole à monsieur Thierry Schaack. Il accompagne le conseiller externe de la commune en matière de Pacte climat.

THIERRY SCHAACK rappelle qu'il a déjà présenté le Pacte climat 1.0 il y a un an. Aujourd'hui, il va présenter les modifications contenues dans le Pacte climat 2.0.

Le Pacte climat 2.0 est subdivisé en sept parties: la partie principale, le cadre national, les acteurs, les mesures, le processus, les indicateurs et le système de certification.

Le Pacte climat repose sur le PNEC, le plan national intégré en matière d'énergie et du climat. Celui-ci comprend la réduction des émissions de CO₂ de 55 %, l'augmentation de la part d'énergies renouvelables de 25 % et l'augmentation de l'efficacité énergétique de 44 %. Concrètement, il faudra donc développer les énergies renouvelables comme le vent, le soleil ou la géothermie, mais aussi réduire la circulation sur les routes et préconiser la mobilité électrique.

Pour y arriver, il faudra recourir à des solutions techniques, par exemple une nouvelle voiture consommant moins, une meilleure isolation des bâtiments, des véhicules électriques qui ne sont pas chargés à l'énergie fossile, le recours au biogaz, etc. Peut-on abolir la voiture et recourir à des voitures de location pour privilégier la mobilité douce?

En ce qui concerne les objectifs, le Pacte climat 2.0 permettra de mieux contrôler les communes – par exemple la consommation énergétique des bâtiments publics au mètre carré, etc. Jusqu'à présent, chaque commune vérifiait ces facteurs elle-même. Il était donc difficile de comparer les communes.

Le cadre de travail de myenergy va s'étendre. Les conseillers en climat comme Thierry Schaack disposent de plus d'heures. Il existe aussi des spécialistes en économie circulaire et en assainissement énergétique.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Ech wollt weider keng Intro maachen och einfach punkto Zäit. Ech mengen, mir ginn einfach d'Wuert direkt un den Här Schaack. Oder och net...

(Gelaachs)

Den Thierry Schaack ass eisen externe Klimaberoder, fir Iech dann hei duerch d'Presentatioun ze féieren. Merci.

THIERRY SCHAACK:

Gudde Mëtteg alleguerten. Villmools Merci fir d'Invitatioun. Virun engem knappe Joer hate mer schonn eng Kéier den Tour gemaach, respektiv hat ech de Stand vum Klimapakt 1.0 presentéiert. Mëttlerweil huet d'Gemeng de Klimapakt 2.0 ënnerschwien. Ech wëlt kuerz op de Klimapakt 2.0 agoen – wat sech do geännert huet – an dann op den aktuelle Stand an der Gemeng agoen a wat mer deemnächst wëlle hunn.

Dat Ganzt ass a siwen Deeler opgedeelt: den Haaptdeel Klimapakt 2.0, den nationale Kader, kuerz Klimapaktvertrag, d'Acteuren, de Moossnamekatalog, de Klimapaktprozess, d'Indicateuren, déi d'Gemeng muss festleeën an den Zertifizierungssystem. Virun engem Joer hat ech deelweis dat nämmlecht presentéiert. Dat war awer dunn nach alles, wéi et am Kader vum Klimapakt 1.0 organiséiert a gelaf ass.

D'Basis vun deem Ganzen ass de PNEC, de Plan national intégré en matière d'énergie et du climat, deen d'Regierung sech vun 2021 bis 2030 virgeholl huet. Dat heescht, d'Reduzierung vun den CO₂-Emissionen ëm 55 %, d'Steigerung vun den erneierbaren Energien, en Energie-Verbrauch vu 25 % an eng Steigerung vun der Energieeffizienz vu 44 %. Wéi komme mer laut PNEC dohinner?

Dat ass dann den Ausbau vun den erneierbaren Energien. Dat heescht duerch Wand, Solar a Geothermie. D'Steigerung vun der Energieeffizienz duerch fossilfräi Gebaier, d'energetesch Sanéierung, d'Wärmenetzer, déi mat erneierbaren Energie bedriwwen ginn, d'Vermeidung oder d'Reduzierung vum Verkéier, d'Steigerung vum effent-

leche Verkéier an den Ausbau vun der elektrescher Mobilitéit.

Wéi erreeche mer déi Klimaziler? Duerch effizient Steuerung. Dat heescht, duerch technesch Léisungen, zum Beispill en neien Auto, dee manner verbraucht. Dat muss dee Moment dann och wierklech méi e klengen Auto sinn. D'Gebaier dämmen, fir dass mer d'Heizkäschtchen an den Heizverbrauch reduzéiert kréien. D'Konsistenz aneschter maachen. Keen Elektroauto, dee mat fossilen Energien opgeluede gëtt, mee mat Wand- a Sonnenenergie. Gas BHKWen duerch Biogas ersetzen. Energie spueren. Dat heescht, muss ee wierklech en Auto méi kafen oder net vläicht en Auto, dee manner verbraucht? Kritt een et net hin, den Auto ofzeschaffen a vläicht deelweis op e Mietauto zrëckzegräifen, respektiv méi ze Fouss ze goen? Also allgemeng d'Mobilitéit douce ze steigern. Weider och d'Surface an d'Ausstattung vun neie Gebaier ze reduzéieren.

Wat si par rapport zum Klimapakt 1.0 déi zousätzlech Objektiv am neie Klimapakt? Do hu mer éischtens d'Verstärkung vun der quantitativer Approche. Dat heescht, d'Gemenge gi méi kontrolléiert, ob se elo wierklech hir Ziler och erreechen, respektiv d'Anhalen op Basis vun Indicateuren. De Waasserverbrauch pro Kapp, respektiv den Energieverbrauch vun deenen eenzelne Gemengegebaier op de Meterkaree gerechent, respektiv de produzierte Strom op d'PV-Anlagen. Soss war dat éischter Niewesaach, well et och keng zentral Virgab gouf vu myenergy. Allgemeng konnt a sollt een dat iergendwéi selwer kucken. Doduerch waren d'Gemengen ennerene méi schwéier vergläichbar. Jiddweree konnt sech e bëssen do derhanner verstoppen.

D'Gemenge kréien e besseren Aarbechtskader vu myenergy gebuede. Dat heescht Ausweidung a Spezialisatiounen vun hirer Offer. Ech als Klimapaktberoder krut zum Beispill méi Stonnen zur Verfügung gestallt. Et gëtt och spezialiséiert Beroder an der Kreeslafwirtschaft an an der energieetescher Sanéierung. Dat ass dann déi thematesch Erweiterung.

Drëttens d'Ennerstëtzung an d'Engagement vun der Gemeng vis-à-vis vun der Populatioun an den Entrepreneuren, wou

se duerch d'CELL, respektiv duerch aner ONGe solle méi ënnerstëtzt ginn.

Wat sinn déi zousätzlech Flichte vun der Gemeng am Kader vum Klimapakt 2.0 par rapport zum Klimapakt 1.0? Dat ass eng Kéier d'Bestëmmung vum Klimaschäffen. Zu Déifferdeng hu mer e Klimaschäffen. Mee a villen anere Gemenge war dat net de Fall. Soudass do e Klimateam ouni Klimaschäfte geschafft huet. Do huet een och gemierkt, dass et dann net grad esou séier weidergaangen ass.

Dann d'Definitiou vum Objektiver fir d'Haaptindicateuren. Ech wäert nach drop zrëckkommen, mee déi ginn haaptsächlech vu myenergy virginn. D'Virstellung vum IEA-Programm, also vum Klimapakt-Programm am Gemen-gerot eemol am Joer. Dann déi regional Zesummenaarbecht. Dat heescht, dass een och kuckt, méi mat den Nopesch-gemengen zesummenzeschaffen.

Wie sinn déi verschidden Acteure vum Klimapakt? Mir hunn eng Kéier den European Energy Award ganz lénks. Dat ass e Produkt, dat vu myenergy fir de Klimapakt genotzt gëtt zesumme mam Ministère fir nohalteg Entwécklung an an Zesummenaarbecht mat de Gemengen natierlech. Wou d'Gemen-gen dann e Klimapaktberoder zur Ver-fügung gestallt kréien. An Acteure wéi Facilitateurs techniques, de SIGI, deen och eng Plattform zur Verfügung stellt, fir déi ganz Aarbecht an d'Zesummen-aarbecht ze vereinfachen.

Riets hutt Der déi d'Acteuren, déi d'Biergerbedeelegung solle verbessern: Ëmweltberodung Lëtzebuerg, d'EBL, d'IMS, d'CELL a Klimabündnis Lëtze-buerg.

Dat Ganzt baséiert op deem Moossna-mekatalog vum EAA. Virun engem Joer war ech méi am Detail drop agaangen, wou ech déi verschidde Mesuren respektiv Projete virgestallt hat, déi dorënner falen. Déi sechs Haaptkapite-len hunn net geännert. Et ass just, dass se allgemeng vu myenergy iwwerschafft gi sinn. Dat heescht d'Iddi war, dass d'Gemengen, soen ech emol, méi gehol-lef solle kréien. De Katalog ass ugepasst ginn op Basis vun der Verännerung vum Klimapakt 1.0. Verschidden Theeme sinn och méi déif mat agefloss. Wéi zum Beispill d'Économie circulaire,

d'Adaptation au changement climati-que an d'Gouvernance vum Klimapakt.

Dat Ganzt ass dann och esou ficeléiert, dass et mam zukünftege Pakt Natur a Pacte Logement compatibel an openeen ofgestëmmt ass.

Wéi leeft de Klimapaktprozess of? D'Gemeng huet elo mat myenergy de Vertrag ënnerschriwwen fir déi nächst zéng Joer. D'Klimateam kënnt reegel-méisseg zesummen, wou d'Mesuren ausgeschafft ginn. Mir maachen och eng Energie-Kontabilitéit an der Gemeng, wou den energieetesche Ver-brauch vun all de Gemengegebaier ree-gelméisseg gekuckt gëtt. Enn dës Joers wäerte mer och den Audit ufroen. Doropshi ginn dann déi nei finanziell Hëllef fir dat nächst oder déi nächst zwee Joer festgeluecht.

Da géife mer elo zu den Indicateure kommen. Do gëtt d'Gemeng bewäert op d'Erfaasse vun deenen Indicateuren. Wann eng positiv Evaluatioun vun Indicateuren ass, gëtt et Punkten derbäi. Natierlech müssen déi festge-luechten Objektiver, op déi ech elo gläich kommen, erreecht ginn, fir Punk-ten ze kréien. Déi Haaptindicateure si vu myenergy zesumme mam Staat fest-geluecht ginn.

Do hu mer eemol de Waasserver-brauch. Do hunn d'Gemenge sech dozou verpflichtet, am Kader vum Klima-pakt, den deegleche Verbrauch pro Awunner op 120 l ze reduzéieren. Zu Déifferdeng si mer bei engem Ver-brauch vun 100 l den Dag. Dat ass e relativ ganz gudden Duerchschnëtt. Deen Duerchschnëtt ass awer ouni d'Industrie! Dat ass wichteg ze soen.

Dann hu mer déi erneierbar Energie a punkto Wäermt. Dat heescht, de Gemengewärmeverbrauch. Do muss ee bei ëm déi 30,5 % bis 2030 leien. D'Gemeng Déifferdeng ass bei engem Undeel vun 21 %. Dat heescht 21 % vun der Hëtzt vun de Gemengegebaier ass aus nohaltegen Energien.

De Wärmeverbrauch allgemeng muss tëschen 31 % an 41 % bis 2030 reduzéiert ginn. Am Moment hu mer en Duerchschnëttswärmeverbrauch bei de Gemengegebaier vun ongeféier 137 kWh de Meterkaree. Dee musse mer bis 2030 op 94 Kilowattstonn de Meterkaree

Les communes seront davantage soutenues par le CELL et d'autres ONG.

Parmi les devoirs des communes figure la nomination d'un échevin au climat. À Differdange, il y en a déjà un, mais ce n'est pas le cas partout. Myenergy se chargera de la définition des objectifs pour les indicateurs principaux. La commune devra aussi présenter son programme une fois par an et coopérer avec les communes voisines.

Thierry Schaack passe aux différents acteurs du Pacte climat. Myenergy utilise l'European Energy Award en partenariat avec le ministère du Développement durable et les communes afin de mettre des conseillers en Pacte climat à disposition. Le SIGI est un facilitateur technique. Ëmweltberodung Lëtzebuerg, EBL, IMS, CELL et Klimabündnis améliorent la participation citoyenne.

Le tout repose sur un catalogue de mesures de l'EAA. Thierry Schaack était entré dans les détails l'année dernière. Les chapitres principaux sont restés les mêmes, mais ils ont été adaptés par myenergy pour refléter les changements par rapport au Pacte climat 1.0. Le Pacte climat 2.0 est aussi ficelé pour être compatible avec le Pacte logement et le Pacte nature.

En ce qui concerne le processus, la commune a signé un contrat avec myenergy pour dix ans. Le Klimateam se réunit régulièrement pour élaborer des mesures. La commune analyse régulièrement la consommation énergétique de ses bâtiments. À la fin de l'année, elle demandera un audit.

Les indicateurs permettent à la commune d'obtenir des points à condition que les objectifs soient atteints. Les indicateurs principaux sont définis par l'État et myenergy. La consommation d'eau par exemple devra être réduite à 120 l par habitant. Differdange a une moyenne de cent litres par jour, mais sans compter l'industrie.

Pour ce qui est de la chaleur, la Ville de Differdange devra en tirer 30,5 % de sources renouvelables jusqu'en 2030. Actuellement, elle se situe à 21 %. La consommation de chaleur doit, quant à elle, être réduite de 31 % à 41 %. Les bâtiments com-

munaux devront donc passer de 137 kWh/m² à 94 kWh/m². La commune devra aussi revoir son concept énergétique et son concept de rénovation pour tenir compte des faiblesses des bâtiments communaux et réduire leur consommation.

Pour ce qui est de l'électricité, la réduction doit se situer entre 1 % et 13 % jusqu'à 2030. Actuellement, la commune consomme 66 kWh/m². Myenergy estime que 30,4 % de l'électricité consommée par Differdange devrait provenir d'énergies renouvelables. Or la commune se situe à peine à 2 %. Lors de l'audit, il faudra vérifier si toutes les installations photovoltaïques ont été prises en compte – par exemple les installations flottantes d'ArcelorMittal.

En 2030, le parc automobile de la commune devrait se composer à 49 % de véhicules électriques. Ce ne sera pas facile, car on ne remplace pas tous les véhicules au même moment.

La Ville de Differdange devra démontrer ses progrès lors du bilan annuel.

Pour ce qui est des conseils énergétiques, myenergy fixe le nombre à dix conseils par an pour mille habitants au lieu de deux. Mais c'est myenergy qui s'occupe de la publicité.

Thierry Schaack précise que les objectifs peuvent être diminués de 20 % à condition que les raisons soient documentées lors de l'audit. La commune ne pourra pas simplement dire que les objectifs sont trop difficiles à atteindre.

Les indicateurs principaux devront être débattus par le Klimateam. Les objectifs retenus devront être approuvés par le conseil communal.

Thierry Schaack passe à la certification, qui comprenait trois niveaux dans le Pacte climat 1.0: 40 %, 50 % ou 75 %. Un niveau intermédiaire a désormais été ajouté: 65 %. Il existe aussi des certifications thématiques comme l'économie circulaire, la qualité de l'air et les adaptations au changement climatique.

Les communes ont droit à 600 heures de conseil et à une prime unique de 10 000 €. À cette prime s'ajoute une prime en fonction de la certification calculée sur la base du nombre d'habitants. La Ville de

reduziert kréien. Do ass et och esou, dass mer am Kader vum Klimapakt och wäerten d'Energiekonzept vun der Gemeng mussen iwwerschaffen. An och en neit Renovéierungskonzept, fir d'Gebäuer ausschaffen, wou mer kucken: Wou leien d'Schwachpunkten? Oder a wéi eng Gebäuer lount et sech wierklech, weider ze investéieren fir den Duerchschnittsverbrauch ze reduziieren?

De Stroumverbrauch. Do si se allgemeng manner streng. Do muss eng Reduzéierung tëscht 1 % an 13 % bis 2030 erreecht ginn. Am Moment si mer bei 66 Kilowattstonn de Meterkaree. Déi installéiert PV-Leeschtung. Do huet myenergy fir Déifferdeng e Potenzial festgeluecht vun 30,4 %. Dat heescht, dass dee Stroum, deem aus erneierbarer Energie kéint hiergestallt gi par rapport zum normale Stroumverbrauch, op 30,4 % kéint steigen. Do si mer am Moment op 2 %. Do muss een dann awer kucken, wa mer den Audit hunn, wat do ka matagerechent ginn a wat net. Well déi Indicateure ginn och deelweis vu myenergy automatesch ausgerechent. Dat heescht, do muss een da kucken, wéi wäit déi Floating-Anlag vun ArcelorMittal berécksiichtegt gëtt. Respektiv vläicht och Projeten, déi mer op franséischem Terrain géife maachen.

Zum Undeel vun den Elektrogefierer am kommunale Fuerpark. Do ass d'Virstellung vu myenergy, dass ee fir 2030 bei 49 % kéint leien. Do muss ech soen, dass dat ass relativ erausfuerechend ass. Wuelwëssend, dass een zum Beispill e Camion mindestens zéng Joer hält an net op eemol all d'Gefierer op Elektro ëmstellt. Well dobäi geet och erëm vill Energie bei der Produktioun vun deene Gefierer drop.

D'Entwécklung an d'Zilerreechung am Kader vum Klimapakt. Do muss mer nowiesen, dass mer all Joer 1,5 Prozentpunkte méi derbäi kréie bei der järelecher Bilanz, déi mer maachen. Wou ech awer elo kee Problem gesinn.

D'Unzuel vun der Energieberodung, déi vu myenergy an der Gemeng gemaach gëtt. Do ass d'Zil vu myenergy, dass an der Gemeng all Joer pro Dausend Awunner zéng Berodunge gemaach ginn. Am Moment si mer bei 2 Berodungen. Do muss mer an Zukunft kucken, wéi mer dat mat myenergy verbessert kréien. Well do mécht am Fong

myenergy d'Reklamm. D'Gemeng hëlleft och bei der Reklamm. Mee ech mengen, dat Ganzt muss duerch myenergy selwer gepuscht ginn.

Dann hat ech och nach dobäi geschriwwen, dass déi Ziler kënne bis zu 20 Prozentpunkte reduziert ginn. Allerdéngs muss dat vu myenergy an den Auditten argumentéiert ginn. Dat heescht, et ass elo net, dass ee ka soen, dass dat héichgesaten Ziler sinn an dass d'Ëmsetzung awer schwéier ass. Mir ginn elo alles ëm 20 % kierzen. Esou wäert et leider net méiglech sinn.

Déi Haaptindicateuren ass d'Iddi vu myenergy, dass mer déi och am Klimateam beschwätzen. Déi Ziler dann eng Kéier festleeën. Respektiv vläicht och méi streng Ziler. Dat Ganzt muss dann uschléissend duerch de Gemengerot goen, fir ofgestëmmt ze ginn.

Da géife mer elo zu den neien Zertifikatiounen a Subside kommen am Kader vum Klimapakt 2.0. Am ale Klimapakt hate mer dräi Kategorië vun Zertifikatiounen: 40 %, 50 % a 75 %. Deemools ass allgemeng gemierkt ginn, dass et vu 50 % op 75 % en enorme Schratt ass fir d'Gemengen an dass oft d'Motivatioun da feelt. Dofir ass dunn eng Tëschenetapp vu 65 % agefouert ginn.

Des Weidere gëtt et thematesch Zertifikatiounen. Déi stinn ënnen. Dat sinn: Économie circulaire, Loftqualitéit an Adaptations au changement climatique.

Hei e kleng Resümmee, wéi déi staateleche Hëllef ausgesinn. D'Gemenge kënne maximal 600 Stonne Klimaberober kréien. Si kréien e Forfait, eng Prime unique vun 10.000 Euro. Jee no Joer, wou se een Zertifikatiounsgrad erreecht hunn, kréie se pro Awunner eng gewësse Prim. Déi awer op maximal 10.000 Awunner begrenzt ass. Eist Zil ass et Enn dëses Joer respektiv Ufank d'nächst Joer op d'mannst d'Zertifikatioun ze kréie vu 50 %.

Hei gesäit een déi Opdeelung vun de Klimapaktstonnen. E grouss Kuch gëtt do gewisen. Lénks sinn d'Stonne vum Klimapakt 1.0. Et gesäit een, dass par rapport zum Klimapakt 1.0 am Klimapakt 2.0 d'Stonnen insgesamt ëm 50 % erhéicht ginn. Woubäi een Deel vun de

Stonnen op e spezialiséierte Beroder zrëckfält. Dat heescht, e spezialiséierte Beroder an den Domäne Kreeslafwirtschaft an energiegesch Sanéierung.

Da géife mer zum Stand vun der Gemeng Déifferdeng 2021 kommen. Wou mer d'energiegesch Situatioun vun 2020 kucken. Déi vun 2021 kënne mer eréischt d'nächst Joer maachen. Hei gesitt Der den Indice chaleur. Dat ass de spezifeschen Energieverbrauch pro Quadratmeter am Joer pro Gebai. Am Moment si mer bei ongeféier 137 Kilowattstonn Meterkaree. Bis 2030 solle mer op 94 Kilowattstonn Meterkaree erofkommen. Wat natierlech eng Eerausfuorderung duerstellt!

Elo si mer beim Stroum. Am Moment hu mer en Energieverbrauch vu 66 Kilowattstonn de Meterkaree. Dee konnt dat lescht Joer konstant reduzéiert ginn. Déi Reduzéierung musse mer weiderféiere vun 1 % bis 13 % bis 2030. Wat kee Problem dierft sinn.

Hei gesitt Der den allgemenge Bilan vun de generéierten CO₂-Emissiounen vun de Gebaier vun der Gemeng Déifferdeng. Do si mer déi lescht Jore konstant erofgaangen. De Verbrauch konnt ëm bis zu 11 % reduzéiert ginn. Obwuel d'Gemeng, soen ech emol, ëmmer nei Gebaier baut, respektiv ginn al Gebaier ausser Betrib geholl. Mee d'Fläch insgesamt, déi steigt awer.

Wat ass 2021 geschafft ginn a punkto Klimapakt? D'Missioun vum Klimapakt 2.0 ass schlussendlech am Juli adjugéiert ginn. Do war jo de Problem, dass de Gesetzesprojet net esou schnell duerchgaangen ass. Och aus bekannten Ursaachen. Corona huet villes no hanne verschleeft. Sait Mee sinn ech all mëttwochs Mëtteg op der Gemeng zesumme mam Luc Arendt an dem Laura, wou mer de Punkt maachen.

Klimapaktteam-Treffen hate mer trotz, dass mer de Klimapakt 2.0 ugefaangen haten am Februar, am Juni an am Juli dëst Joer. Mir haten och en Treff mat der CELL. Wou mer gekuckt hunn: Wat kann ee vu Projete maachen? Respektiv eventuell e Kinoowend maachen an nach aner Iddien ausgetosch. Mir haten och intern Treff mat deene verschiddene Gemengeservicer, fir d'Bilanz ze maachen op Basis vun deem Klima-

paktkatalog, wou mer d'Kapitelen 1 bis 6 duerchgaange sinn. Wou ech dann elo amgaange sinn, de Katalog à jour ze setzen.

Wat ass elo geplangt? Dat nächst Klimapakt-Treffen ass den 10. November. Do wäerte mer d'Leitbild vun der Gemeng Déifferdeng nach ënnersichen a weiderentwéckelen. Am Ufank vum Klimapakt 1.0 war e Leitbild ausgeschafft ginn. An dëst Leitbild musse mer nach eng Kéier iwwerschaffen. Des Weidere gëtt den EA-Katalog à jour gesat. Geplangt ass en Audit Enn dës Joers unzefroen. Gläichzäiteg schaffe mer un der Mise à jour vum Energiekonzept vun der Gemeng Déifferdeng souwéi um Renovéierungskonzept vun de Gemengegebaier, fir do den Energieverbrauch reduzéiert ze kréien an d'Ziler ze erreechen. Zesumme mat de Servicer schaffe mer e Klimaanpassungskonzept an duerno eng Klimaanpassungsplanung aus.

Dat war et elo, fir de Klimapakt 2.0 ze erklären an den aktuelle Bilan ze maachen. Ech soen Iech Merci.

(Applaus)

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Mir soen Iech Merci. Gëtt et Froen? Här Weirich.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Net direkt eng Fro. Just e puer Wuert dozou. Merci, Här Schaack, fir Är Presentatioun. Dat war ganz spannend.

Ech muss soen, ech schaffe beim CELL, ee vun de véier Partner, déi am Pacte Climat 2.0 involvéiert sinn. Zemools fir de Volet Biergerbedeelegung.

Ech wär frou, wa mer dat als Gemeng deemtspriechend géifen honoréieren, fir déi Biergerbedeelegung effektiv zustane ze kréien. Well virun, wéi mer iwwert d'Motioun geschwat haten, war rieds vun „nationalen Niveau“ a „Sensibiliséierung“. An ech mengen, et geet net méi duer, just ze sensibiliséieren an alles op den nationalen Niveau ze schiben. Mir mussen um Niveau vun

Differdange veut obtenir la certification de 50 % à la fin de l'année. Par rapport au Pacte climat 1.0, le nombre d'heures de conseil augmente de 50 %. Une partie de ces heures concernent des conseils spécialisés dans les domaines de l'économie circulaire et l'assainissement énergétique.

Thierry Schaack passe à la situation énergétique de Differdange en 2020. Les bâtiments communaux consomment 137 kWh/m² de chaleur. La commune devra passer à 94 kWh/m² en 2030.

La consommation d'électricité se monte à 66 kWh/m². Elle devra baisser de 1 % à 13 %. Cela ne devrait pas représenter de problème.

Au cours des dernières années, les émissions de CO₂ ont baissé de manière constante malgré le fait que la commune construise des bâtiments. L'approbation du projet de loi portant sur le Pacte climat 2.0 a pris plus de temps que prévu à cause du coronavirus. Le Climateam s'est réuni régulièrement et a rencontré le CELL. Il a aussi rencontré les différents services communaux.

La prochaine réunion du Climateam aura lieu le 10 novembre. Il sera question du guide differdangeois, qu'il faudra développer. Le catalogue EA sera aussi mis à jour. Un audit aura lieu à la fin de l'année. Parallèlement, il faudra mettre à jour le concept énergétique et le concept de rénovation de la Ville de Differdange.

(Applaudissements)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

demande s'il y a des questions.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK) remercie monsieur Schaack pour sa présentation. Lui-même travaille pour le CELL, un des quatre partenaires du Pacte climat 2.0. Il s'occupe surtout du volet de la participation citoyenne.

Dans ce contexte, il demande à la commune d'honorer la participation. Tout à l'heure, il a été question de sensibilisation au niveau national. Mais la Differdange doit aussi prendre ses responsabilités tant pour ce qui est de la commune que des citoyens. Car entretemps, on parle de mesures d'adaptation

Questions

au climat. Il est trop tard pour arrêter le changement climatique. Le Pacte climat est un outil important permettant à la commune d'apporter sa contribution.

GUY TEMPELS (CSV) revient sur la consommation d'électricité de ces dernières années. Comment monsieur Schaack explique-t-il qu'elle ait augmenté d'un coup?

THIERRY SCHAACK explique qu'au début, tous les bâtiments communaux ne disposaient pas de compteurs. Certains étaient raccordés à un transformateur. Au cours des dernières années, la consommation a été analysée en détail. Dans d'autres communes, la consommation a augmenté aussi dans ce contexte, mais elles ont choisi de ne pas tenir compte des premières années. La Ville de Differdange a décidé de tout montrer.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) remercie monsieur Schaack. Elle le reverra l'année prochaine.

THIERRY SCHAACK précise que ce sera l'année prochaine au plus tard. (Discussions)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) passe aux questions.

der Gemeng Responsabilitéit iwwerhuelen. Souwuel d'Responsabel vun de Gemenge wéi d'Biergerinnen an d'Bierger abannen an de Kampf géint de Klimawandel. Mëttlerweil schwätze mer scho vu Klimaupassungsmesuren. Dat huet den Här Schaack elo ganz zum Schluss gesot. Wuelwëssend, dass et net méi duergeet fir de Klimawandel komplett ze stoppen oder ofzewenden. Mir schwätze mëttlerweil vu Klimaupassungsmesuren.

Dat heiten ass e ganz wichtegen Outil um Niveau vun der Gemeng, fir eisen Deel dozou bäizedroen. An ech si ganz frou, dass mer haut déi Presentatioun haten. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Weirich. Här Tempels.

GUY TEMPELS (CSV):

Ech hunn eigentlech just eng Fro. Dir hat virdrun e Slide gewisen iwwert de Stroumverbrauch aus de leschte Joren.

THIERRY SCHAACK (KLIMAPAKTBERODER):

Jo.

GUY TEMPELS (CSV):

Wéi ass dat ze erklären, dass deen esou séier, vun engem Moment op deen aneren, déi lescht puer Joren an d'Luucht gaangen ass?

THIERRY SCHAACK (KLIMAPAKTBERODER):

Ech mengen, dat léisst sech doduerch erklären: Am Ufank waren net all d'Gebaier mat eenzelne Compteuren ausgeriicht, respektiv si haten deelweis kee Compteur. Verschidde Gebaier waren deelweis direkt un den Traffo ugeschloss, wou dertëschent kee Compteur war. Dat ass dann direkt vum Traffo ofgerechent ginn. Wou och den Éclairage public drun houg an d'Ponts & Chaussées drun houg. Déi éischt Jore vum Klimapakt ass ganz vill Aarbecht

agefloss, fir dee Verbrauch auserneenzenäppen. An dat ass och bei anere Gemengen, dass de Verbrauch am Ufank an d'Luucht gaangen ass. Verschidde Gemengen hu sech et deelweis méi einfach gemaach an hunn dann, soen ech emol, déi éischt Joren einfach ausgeblent. Mee mir wollten awer hei alles weisen. Et huet ee jo och gesinn, dass déi lescht véier bis fënnef Joer de Verbrauch konstant konnt reduzéiert ginn.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Wa keng Froe méi do sinn, soe mer Iech Merci, Här Schaack.

THIERRY SCHAACK (KLIMAPAKTBERODER):

Merci och!

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

A bis d'nächst Joer, wéi ech d'Saach héieren hunn.

THIERRY SCHAACK (KLIMAPAKTBERODER):

Spéitstens!

(Diskussiounen)

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Hei waren elo nach Froen. Den Här Muller an den Här Bertinelli.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

An den Här Altmeisch.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

An den Här Altmeisch.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Meng éiweg Fro ass nach ëmmer déi selwecht. Dat ass déi: Wéini kréie mer e Bancomat op Uewerkuer? Dat kann dach net sinn. Et kann dach net sinn, datt mir et net fäerdeg bréngen, e Bancomat an de Quartier ze setzen. Ech hu méttlerweil schonn zwee Neier gesinn. Se si souguer ganz flott, déi baussen op der Strooss stinn. Wann Der ee wëllt gesinn, zu Zolwer op der Plaz steet méttlerweil e ganz neien. A firwat geet dat net zu Déifferdeng?

Mir sinn déi drëtt gréisst Stad aus dem Land. A mir hunn néierens e Bancomat stoen, wou mer de Leit entgéintkommen. Also et ass op dat, wou ech als Gemeengeconseiller ganz vill ugeschwat ginn, datt dat hei am Quartier feelt. Wannechgelift, kuckt emol, wat Der kënnt maachen, datt mer e Bancomat hei hikréien.

Dat Zweet ass eng Fro, déi ech un de Schäfferot stellen a soen ech och nach eng Kéier: Madamm Buergermeeschtesch, Dir kommt méi oft do laanscht, well Der net wäit ewech wunnt, mee wat fir eng Zoustänn hu mir hei op der Post zu Déifferdeng? Dat sinn dach keng Zoustänn fir eng Stad wéi Déifferdeng.

Wou all Dag Schlaangen a Schlaange vu Leit um Trottoir stinn, stonnelaang ze waarden, fir an déi Post eranzekommen. Zu Uewerkuer ass keng Post méi. Dat ass eng Katastroph, fannen ech. Do muss een intervenéiere bei der Post. Dat geet dach net. Mir sinn déi drëtt gréisst Stad hanner Timbuktu. Do funktionéiert d'Post besser wéi hei zu Déifferdeng. Dat ass dach net normal dat do. Et kann ee jo d'Leit net, elo wann de Wanter kënnt, dobausse stoe loossen, riskéieren, datt se rëtschen a stonnelaang musse waarden, fir op d'Post ze goen. Dat ass awer net méi tragbar. De Schäfferot muss awer intervenéieren, datt do eppes geschitt.

Ech mengen, si hu sech jo zréckgezunn hanner dem Auchan, fir d'Post net méi dohinner ze setzen. Mee do muss zwar awer elo eng Alternativ kommen. Mir kënnen dat do jo awer net esou weiderlaffe loossen. Dat ass jo en Hon fir eng Stad wéi Déifferdeng. Merci.

(Ënnerbriechung vum Här Liesch)

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Gelift?

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Ech géif dat mat der Gare zesummeleeën. Da sti se wéinstens alleguerten am Reen.

(Gelaachs)

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Mat der Gare?

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Et war e Witz.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Ech äntweren direkt op dem Här Bertinelli seng Froen. Här Bertinelli, wat de Bancomat ubelaangt, huet den Här Krecké hei schonn eng Kéier an dësem Raum erkläert, dass mer mat de Banken – hie perséinlech huet mat der Spuerkeess gekuckt – a Kontakt sinn. Mir sinn nach ëmmer drun, muss ech Iech soen. Mee wann d'Banke keen Interêt weisen, well hinnen den Invest ze grouss ass, kënnen mir d'Banke jo net forcéieren et ze maachen. Mir sinn drun.

(Ënnerbriechung)

Den Här Krecké war selwer mat de Leit vun de Banken ënnerwee.

(Ënnerbriechung vum Här Ulveling)

Wat d'Post ubelaangt, muss ech Iech soen, hunn ech, leider och eng Äntwert. Ech sinn nämlech schonn zënter e puer Méint an der Verbindung mat enger vun den Directricë vun hirem Conseil d'administration. Dir musst wëssen, dass éischtens coronabedéngt déi Schlaang schonn annerhaleft Joer do ass. Wëll ech Iech just soen. Ech gesi se all Dag. Mee et sinn awer Deeg, wou et net esou vill ass. Dat heescht si dierfen

FRED BERTINELLI (LSAP) voudrait savoir quand Oberkorn aura droit à un distributeur automatique de billets. Il est inadmissible que ce quartier n'en ait pas. Le collège échevinal devrait se rendre à Solleuvre pour voir un nouveau distributeur. Mais à Differdange, c'est impossible. Fred Bertinelli rappelle que c'est pourtant la troisième ville du pays. Les citoyens lui en parlent tout le temps.

La deuxième question concerne la poste de Differdange. La bourgmestre connaît bien la situation lamentable qui s'est créée, car elle habite à proximité. Tous les jours, des gens attendent des heures sur le trottoir pour pouvoir entrer dans le bureau de poste. C'est une catastrophe. Même à Tombouctou, la poste fonctionne mieux. En hiver, les gens ne peuvent tout de même pas attendre dehors pendant des heures et risquer de glisser. Le collège échevinal doit intervenir. La Poste ne va pas ouvrir de bureau derrière Auchan. Il faut donc une alternative. C'est un scandale.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) plaisante sur le fait que la poste devrait se trouver à côté de la gare. De cette façon, tout le monde attendrait sous la pluie.
(Rires)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) n'a pas compris.

TOM ULVELING (CSV) lui explique que c'était une blague.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) répond qu'en ce qui concerne le distributeur automatique de billets, monsieur Krecké a déjà fourni une réponse récemment. Le collège échevinal est en discussion avec les banques, mais il ne peut pas les forcer.
(Interruption)

Christiane Brassel-Rausch ajoute que monsieur Krecké s'est même rendu sur place avec les banques.
(Interruption de M. Ulveling)

Christiane Brassel-Rausch passe à la poste. Elle est en contact avec une des directrices du conseil d'administration. Les gens doivent attendre dehors depuis un an et demi à cause de la pandémie. Le nombre

de personnes pouvant entrer dans le bureau simultanément est limité. Le bureau de poste du centre de Differdange est un des trois seuls à rester ouvert.

(Interruption et rires)

Christiane Brassel-Rausch précise que beaucoup de Differdangeois se rendent au bureau de poste pour effectuer des transactions de manière traditionnelle. C'est pourquoi la Poste a conservé des guichets en ville.

ERNY MULLER (LSAP) va poser une question au nom de monsieur Hobscheit. Celui-ci constate chaque jour que le chemin menant à la crèche en forêt est dans un état lamentable. Le collègue échevinal peut-il intervenir?

La deuxième question concerne la lettre que le conseil communal a reçu d'un habitant de la rue Pierre-Gansen portant sur le PAG. Le collègue échevinal a-t-il reçu une réponse du ministère de l'Intérieur concernant le PAG? Erny Muller croit savoir qu'une réclamation a été introduite. Quelle est la position du collègue échevinal?

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) propose d'en discuter dans la séance non publique.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) est du même avis.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) précise qu'il s'agit d'un point controversé.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) ajoute que le collègue échevinal vérifie le chemin vers la crèche en forêt.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) précise que la commune est au courant.

GUY ALTMEISCH (LSAP) rappelle que tout à l'heure, il a été question de deux contrats portant sur la restauration.

Cela lui a rappelé que depuis huit mois, le restaurant Il Cavaliere sur la place du Marché est fermé. D'importants travaux ont été réalisés pendant un mois après la fermeture: le réseau électrique a été re-

némen esou vill Leit eraloosse wéinst dem Virus.

An dat Gebai do an eis Postfilial am Zentrum sinn eng vun deene wéinegen am Land, wou d'Leit iwwerhaupt nach an de Guichet kënnen goen. Mir sinn ënner deenen dräi leschten am Land, wou d'Leit iwwerhaupt nach an de Guichet kënnen goen.

(Ënnerbriechung a Gelaachs)

Mee virun allem d'Charakteristik vun der Déifferdenger Post ass, dass nach immens vill Trafic am Guichet ass an dass d'Transaktiounen nach no ganz traditioneller Aart a Weis gemaach ginn, dass se dofir och d'Guichete wëllen hei halen. Däers si se sech ganz bewusst. A mir kucken elo, wou se bleiwen a wou se ginn. Mee mir sinn drun.

ERNY MULLER (LSAP):

Ech fueren dann direkt virun, dass mer Zäit gewannen, wann dat geet. Meng éischt Fro stellen ech am Numm vum Här Hobscheit, well hien déi haut gestallt hätt, wann en hei wär. All Dag ass hie geschiedegt um Wee, wann hie säi kleng Charel an d'Bësch-Crèche op Nidderkuer féiert. Déi Strooss wär an engem lamentabelen Zoustand. Kënnt Der do vläicht eppes ënnerhuelen?

Meng perséinlech Fro behandelt en Theema, wou mer elo ugeschriwwen gi sinn alleguer d'Conseillere heibanne vun engem Bierger aus der rue Pierre Gansen am ënneschten Deel. Et geet ëm de PAG. Do ass de Schäfferot och scho sollicitéiert ginn. Dozou zwou Froen. Éischtens: Hu mir schonn e Retour vum Interieur vum PAG? Wéi ass dorop reagiert ginn? Well souwäit meng Informatiounen ginn, ass jo hei eng Reklamatioun agereecht ginn. Zweetens: De Schäfferot, wéi stellt Dir Iech där Situatioun mat där Reklamatioun? Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Ech géif d'Fro weiderginn un d'Madamm Pregno.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Ech weess net, ech wollt just froen: Solle mer dat net an d'Non-publique huelen?

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Genau.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Wann dat okay ass fir jiddereen. Well dat ass jo awer e bësse méi kontrovers, soen ech elo mol esou.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

An de Wee bis an d'Bësch-Crèche kucke mer dann och.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Jo.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Dat huele mer mat.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Mir huelen dat mat. Mir hunn dat och um Radar. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Altmeisch.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Ech fläisse mech. Ech weess, dass jiddereen no bäi ass. Mee et läit mer awer um Häerz, déi Fro hei ze stellen.

Mir hunn haut iwwer zwéi nei Kontrakter geschwat betreffend d'Restaurationsbetreiber.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Jo.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Wéi ech mer dës Kontrakter ugekuckt hunn, si meng Gedanken op eiser Maartplaz gelant. Follgend Iwwerleeungen hu sech mir do opgedrängt: Säit aacht Méint ass de Restaurant Il Cavaliere op der Maartplaz zou. No der Faillite huet eng privat Firma während zwou Wochen geschafft, vill Aarbechte sinn och vun eise Leit vum CID gemaach ginn. D'Elektresch gouf ersat, d'Plättercher, al Frigoen ausgebaut an duerch neier ersat. Déi ganz Aarbechten hunn zirka ee Mount gedauert. Iwwert d'Käschten ass ni geschwat ginn.

Haut, no siwe Méint, ass d'Adress nach ëmmer däischter. E Verloscht vu siwe Méint Loyer a siwe Méint Chargen, déi vun der Gemeng gedroe gi sinn. Méi schro wéi dee finanziellen Aspekt ass dat trauregt Bild, dat am Alldag eis Maartplaz ofgëtt: E Casino wäit ewech vu senger initialer Missioun an en Ikuvium, wou d'Luuchte säit aacht Méint aus sinn. Eng Situatioun, déi net tragbar ass an den Ae vun der LSAP Déiferdeng. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ma ech soe Merci fir d'Fro, Här Altmeisch. Ech ginn Iech Recht. Et ass en

trauregt Bild elo iwwer laang Zäit gewiescht. Ganz traureg. Mee mir si ganz optimistes, dass dat wäert änneren. An ech wëll et just net an dësem Gremium beschwätzen, bis mer d'Ënnerschrëft hunn. Souwuel fir déi eng Lokatioun wéi fir déi aner. Mee do si mer ganz optimistes.

(Diskussiounen)

Et geschitt scho laang eppes, mee virun allem ass et och esou, dass ee vun deenen Interessente ganz kloer net wollt, elo viru Chrëschttag opmaachen. Well e seet, wann hien eppes opmécht, wou e Chrëschtmaart virdu steet, mécht him dat d'Saach net méi liicht. A mir hunn deem Här eisen Accord ginn, dass e kéint waarden.

A soubal et sécher ass, kritt Der alles heihinner. Mee et lafe Saache fir déi zwee Gebaier.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Et gesäit gutt aus.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

An et gesäit gutt aus. Ma ech soe Merci.

Okay. Gi mer elo an déi Non-publique.

fait, le carrelage et les frigos ont été remplacés...

Le collègue échevinal n'a jamais parlé des frais, mais la commune a perdu sept mois de loyer et de charges. En plus, l'image que donne la place du Marché est bien triste. Le casino ne remplit plus sa mission initiale et l'Ikuvium est fermé. Pour le LSAP, c'est inacceptable.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

donne raison à monsieur Altmeisch. Mais elle est optimiste pour l'avenir. Elle ne veut cependant pas fournir de détails avant que les contrats aient été signés.

(Discussions)

Christiane Brassel-Rausch explique qu'une des personnes intéressées ne veut pas ouvrir avant le marché de Noël. Le collègue échevinal a accepté d'attendre. Quand il en saura plus, le conseil communal en sera informé.

TOM ULVELING (CSV) *se dit lui aussi optimiste.*

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

passé à la séance non publique.

ARCHIVES DE LA VILLE DE DIFFERDANGE

La Ville de Differdange vient de mettre en ligne un site dédié à ses archives. Ce site permet de découvrir une partie des archives historiques, et donc de valoriser le patrimoine de notre ville. Il sera mis à jour régulièrement — au fur et à mesure que d'ultérieurs documents seront numérisés. Le site est accessible à l'adresse : <https://archives.differdange.lu>.

Actuellement, le site internet permet d'accéder aux registres des délibérations du conseil communal de la Ville de Differdange de 1826 à 2005, aux tableaux des conscrits de la garde communale de 1789 à 1879 et aux registres de la police des étrangers jusqu'en 1921.

À propos des archives

Les archives communales de la Ville de Differdange ont une triple mission :

- Collecter, trier, classer, inventorier et conserver les documents produits par la Ville de Differdange ou ayant un rapport avec son évolution historique ; à ce titre, elles sont également dépositaires de documents privés remis à titre onéreux ou gratuit, temporaire ou définitif ;
- Communiquer aux services communaux ainsi qu'aux citoyens les fonds constitués dans le respect des durées de communicabilité ;
- Valoriser les archives au travers d'expositions, de publications afin d'assurer la sauvegarde du patrimoine communal.



Simplifier l'accès aux archives pour mieux les révéler

Le nouveau site des Archives communales de Differdange vous ouvre ses portes !

Mots-clés de la recherche  [→ RECHERCHE AVANCÉE](#)



Nos archives communales prennent forme

Passionnés d'Histoire, chercheurs, particuliers curieux, scolaires... tout le monde est le bienvenu aux archives communales de Differdange !

...

[> DÉCOUVRIR](#)



Fonds numérisés

Accès direct aux Fonds déjà numérisés

- > [Registres de délibérations](#)
- > [Tableaux des conscrits](#)
- > [Police des étrangers](#)

Un bloc de billets au lieu d'argent liquide !

Disponible auprès du Service client

Fahrkartenblock statt Bargeld!

Erhältlich beim Kundendienst



NEW

À partir du 15 mars 2022
Ab dem 15. März 2022

dinola
Ruffbus

ÉCOLE DE MUSIQUE

DIFFERDANGE

Inscriptions ouvertes 2022-2023

ANCIENS élèves à partir du 25 avril 2022
NOUVEAUX élèves à partir du 16 mai 2022

Plus d'informations sur :
www.edmdifferdange.lu
ou tél.: 58 77 1-1932